La directive 2013/13/UE du Conseil de l'Union européenne du 13 mai 2013 (J.O. L 141/30 du 28 mai 2013) a modifié certaines directives dans le domaine de la fiscalité directe et indirecte, en raison de l'adhésion de la République de Croatie à l'Union européenne. La directive aurait dû être transposée dans notre droit interne au plus tard à la date d'adhésion de la République de Croatie, à savoir le 1er juillet 2013.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 20.09.2013

Rapportrice: Mme Viviane Loschetter

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président: M. Marc Hansen):

25.02.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

11.03.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 19.03.2014

Loi du 2 avril 2014

Mémorial A: 2014, n°52, page 586

Accord UE - Amérique centrale

6617 - Projet de loi portant approbation de l'Accord établissant une association entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Amérique centrale, d'autre part, signé à Tegucigalpa (Honduras), le 29 juin 2012

Lors du sommet Union européenne - Amérique latine et Caraïbes, qui s'est tenu à Vienne les 12 et 13 mai 2006, les chefs d'État ou de gouvernement de l'Union européenne et de certaines républiques d'Amérique centrale ont décidé de lancer des négociations en vue de la conclusion d'un accord d'association entre les deux régions, y compris l'établissement d'un accord de libre-échange. Les négociations ont été officiellement ouvertes en octobre 2007. Le Panama, qui avait suivi les négociations en qualité d'observateur, a demandé à s'y joindre en janvier 2010. Les négociations ont été conclues avec succès en mai 2010 et, après une phase d'analyse juridique, le texte de l'accord a été paraphé le 22 mars 2011 et signé le 29 juin 2012.

L'accord sous rubrique, qui repose sur trois piliers, à savoir le dialogue politique, la coopération et le commerce, constituera le cadre juridique régissant tous les aspects des relations entre l'UE et l'Amérique centrale.

Les auteurs du projet de loi précisent que l'accord fait partie d'un processus de consolidation des relations entre les deux régions et qu'il constitue un important précédent dans la mesure où il s'agit du premier accord d'association birégional conclu par l'UE depuis l'entrée en vigueur du Traité de Lisbonne.

L'accord met, en outre, en exergue son volet commercial, qui vise à élargir et à diversifier les relations économiques et commerciales entre les deux régions, conformément aux normes fixées par l'Organisation mondiale du commerce (OMC), en promouvant le commerce des biens, des services et des investissements. L'accord s'inscrit dans le cadre de la politique commerciale extérieure de l'UE et dans la lignée des orientations de la stratégie «Europe 2020» et de la communication de la Commission européenne de 2010, intitulée «Commerce, croissance et affaires mondiales». Il s'emploie à renforcer les relations bilatérales avec les partenaires tiers de l'UE à travers les échanges commerciaux, le développement durable et les liens économiques, dans le respect de la cohérence avec les autres politiques de l'Union.

Cet accord revêt une grande importance pour les deux régions concernées et témoigne de l'engagement pris par l'UE pour renforcer les liens avec l'Amérique latine. Il facilitera durablement le développement commercial, économique, politique et social, en relançant le processus d'intégration entre les deux régions et à l'intérieur de chacune d'elles.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 23.09.2013

Rapporteur: M. Marc Angel

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

(Président: M. Marc Angel):

16.12.2013 Désignation d'un rapporteur

03.03.2014 Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

10.03.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 01.04.2014

Loi du 30 avril 2014

Mémorial A: 2014, n°75, page 1093

Accord UE – Colombie / Pérou

6618 - Projet de loi portant approbation de l'Accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, signé à Bruxelles, le 26 juin 2012

L'objectif de l'Accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, signé à Bruxelles, le 26 juin 2012, est d'améliorer l'accès aux marchés des parties contractantes, grâce à l'élimination de droits de douane pour les exportateurs. La Commission européenne souligne dans un communiqué de presse du 28 février 2013 que le principal avantage du nouveau régime prévu par cet accord réside dans l'établissement de meilleures conditions de commerce et d'investissement, lesquelles instaurent un environnement commercial à la fois stable, transparent, prévisible et mieux réglementé. Elle ajoute que cette évolution devrait ouvrir de nombreuses perspectives aux entreprises et aux consommateurs de part et d'autre.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 23.09.2013

Rapporteur: M. Marc Angel

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

(Président: M. Marc Angel):

16.12.2013 Désignation d'un rapporteur

03.03.2014 Présentation du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

10.03.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 01.04.2014

Loi du 30 avril 2014

Mémorial A: 2014, n°75, page 1094

Partenariat UE-ACP

6638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord interne entre les Représentants des Gouvernements des États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif au financement de l'aide de l'Union européenne au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020 conformément à l'Accord de partenariat ACP-UE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, fait à Luxembourg et à Bruxelles, respectivement les 24 et 26 juin 2013

L'Accord interne sur le 11e Fonds européen de développement (FED)

Le Conseil européen des 7 et 8 février 2013 a défini le mécanisme de financement (11e Fonds européen de développement) et a également décidé de la période exacte à couvrir (2014-2020), du montant à allouer à ce mécanisme (30.506 millions d'euros en prix courants) ainsi que de la clé de contribution entre les États membres.

Le Conseil des ministres ACP-UE a, lors de sa réunion à Bruxelles des 6 et 7 juin 2013, adopté le protocole financier contenant les nouvelles dispositions financières en vue de la mise en place du 11e FED qui a été annexé à l'Accord de Cotonou.

La signature de l'Accord interne du 11e FED à Luxembourg et à Bruxelles a lancé le processus des ratifications nationales de ce document par les États membres de l'Union européenne. Étant donné que le FED devrait être opérationnel en 2014, il est primordial que la ratification se fasse le plus rapidement possible.

L'Accord interne du 11e FED porte cette fois-ci sur une durée de sept ans au lieu de cinq afin qu'il expire en même temps que l'Accord de Cotonou [accord de partenariat signé entre l'Union européenne et les États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique (États ACP) le 23 juin 2000, conclu pour vingt ans et révisé tous les cinq ans].

Contrairement au budget général européen, le FED n'a pas subi de coupes dans le cadre des négociations sur le cadre financier pluriannuel 2014-2020, ce qui montre l'importance que l'Union européenne porte toujours à l'accord de partenariat UE-ACP.

Le montant de 30.506 millions d'euros est mis à disposition à compter de l'entrée en vigueur du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020.

Dans le prolongement des principes fondamentaux énoncés dans l'accord de partenariat UE-ACP, les objectifs poursuivis par le 11e FED sont les suivants: l'éradication de la pauvreté, le développement durable et l'intégration progressive des États ACP dans l'économie mondiale. Il y a lieu d'accorder un traitement particulier aux pays les moins avancés (PMA).

Afin de renforcer la coopération socio-économique entre les régions ultrapériphériques de l'Union européenne et les États ACP, ainsi qu'avec les PTOM, dans les Caraïbes, en Afrique de l'Ouest et dans l'océan Indien, les règlements relatifs au Fonds européen de développement régional et à la coopération territoriale européenne devraient prévoir un renforcement des allocations pour la période 2014-2020 en faveur de ladite coopération entre eux.

En raison de l'adhésion de la Croatie à l'Union européenne, la quote-part du Luxembourg est fixée à 0,25509% pour le 11e FED, contre 0,27% lors du 10e FED. Ceci représente un engagement financier de 77.817.755 euros pour la durée des sept ans du 11e FED. Les auteurs du projet de loi tiennent cependant à préciser qu'il ne s'agit pas d'une dépense nouvelle ou additionnelle, mais qu'elle est d'ores et déjà prévue et incluse dans le budget de la Coopération au développement.

Dépôt par M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 20.12.2013

Rapporteur: M. Alex Bodry

Travaux de la Commission des Finances et du Budget

(Président: M. Eugène Berger):

14.03.2014 Désignation d'un rapporteur
Présentation du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État

25.03.2014 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 01.04.2014

Loi du 30 avril 2014

Mémorial A: 2014, n°76, page 1096

SÉANCE 13

MERCREDI,
2 AVRIL 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
   - *M. le Président*
2. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
   - *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
3. Dépôt d'un projet de loi
   - *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
4. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (suite)
   - *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

M. le Président.- Eis Sëtzung ass op.

1. Ouverture de la séance publique

E schéine gudde Mëtteg. Éischt Fro: Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Eng laang!

(Hilarité)

M. le Président.- Ech huelen dovun Akt. Dir Dammen an Dir Hären, mir héieren haut de Mëtten d'Deklaratioun vum Premier- a Statsminister, dem Här Xavier Bettel, zur Lag vun der Natioun. Här Premierminister, Dir hutt direkt d'Wuert.

2. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee gären hätt, dass eppes geléngt, da muss d'Loscht op de Succès méi grouss sinn ewéi d'Angscht virum Échec.

Wann ech haut virun Iech stinn, dann als Premier vun enger Regierung, vun enger Équipe, déi enorm Loscht op Succès huet. Déi dräi Parteien, déi sech no de Wahle vum 20. Oktober op eng Koalitioun gëeenegt hunn, sinn zu enger eenzeger Équipe zesummegewuess. Dräi gläichberechtegt Partner mat enger gemeinsamer Iwwerzeegung: Dat Bescht erreeche fir Lëtzebuerg!

D'Erausfuerderunge si grouss, mä d'Motivatioun, fir zesumme Positives ze bewierken, ass op d'mannst geneesou grouss. Et ass vill ze maachen a vill ze veränneren. D'Regierung ass prett, huet sech an de leschte Wochen an d'Dossieren erageschafft, huet éischt Akzenter gesat a gewisen, dass een net nëmme moderniséiere wëllt, mä och moderniséiere wäert.

Wa mir eis mat deene meeschte Länner op der Welt vergläichen, hu mer kee Grond, fir eis ze bekloen. Deene meeschte Leit zu Lëtzebuerg geet et jo net schlecht. Dat geet awer net duer, well et däerf ee sech awer net eleng op dat konzentréieren, wat ass, mä och op dat, wat kënnt.

Villes vun deem, wat mer hunn, steet op engem wackelege Fundament, an dofir muss d'Gewiicht vun deem, wat dropsteet, reduzéiert ginn.

Zejoert louch d'Statsschold bei iwwer eelef Milliarden Euro. Jo, eelef Milliarden Euro am Joer 2013! Wa sech näischt ännert, klëmmt déi Schold op 15 Milliarden am Joer 2016. Ech ginn net midd, ze widderhuelen, wat dat heescht: Dat ass zéngmol méi wéi nach am Joer 2003.

Et ass eng Ierfschaft, déi mer eise Kanner net kënnen an net dierfen hannerloossen. Am Budget vum nächste Joer wäerten eis eleng ronn 800 Milliounen Euro duerch d'Ewechfale vum Commerce électronique feelen an de Stat huet néierens eng Mouk, fir dat kënnen opzefänken.

D'Statsschold beweegt sech op déi 30% vum PIB, en Taux, dee mer zu Lëtzebuerg virdrun ni kannt hunn. Esou eng Statsschold matschleefen, heescht eng enorm Hypothéik opzehuelen op d'Käschte vun eiser Zukunft, op d'Käschte vun eise Kanner.

Dat ass eis Ausgangssituatioun: Eng Statsschold, déi an de leschte Joren explodéiert ass, e previsibelen Abroch bei der TVA, wann d'Regelen um Commerce électronique änneren, an, wéi gesot, keng Reserven, fir d'Situatioun ze entschäerfen.

De Chômagetaux bäisst sech fest um héijen Niveau vun iwwer 7% - dat ass och nei fir Lëtzebuerg. De Chômage bei deene Jonke beweegt sech souguer ronderëm 20%, an all aachte Bierger vun eisem Land muss als aarm agestuuft ginn oder riskéiert, an eng prekär Situatioun ze kommen.

Eis Populatioun wiisst, dat ass och gutt esou, mä de Wunnengsbau huet an deene leschte Joren net Schrëtt gehalen. Eis Populatioun gëtt méi villfälteg, wat engersäits en Atout ass, eis awer och virun nei Erausfuerderunge stellt.

Eise Schoulsystem ass nach net definitiv adaptéiert un déi nei Realitéiten, dass bal zwee Drëttel vun de Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg op d'Welt kommen, eng aner Sprooch wéi Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn.

Och dat ass Lëtzebuerg. E Land mat vill Potenzial a mat groussen Aufgabe fir d'Zukunft.

Dës Regierung wëllt och d'Responsabilitéiten iwwerhuelen, fir deene Leit, déi hei liewen a schaffen, sécher Zukunftsperspektiven ze ginn. Dat gëllt virun allem och fir all déi, déi hei liewen, awer nach net schaffen, well se nach an der Schoul sinn.

D'Schüler an d'Studente sinn haut zu Lëtzebuerg mat engem Gefill konfrontéiert, dat hir Eltere guer net kannt hunn an hir grouss Geschwëster zum gréissten Deel och net kannt hunn: Si hu reell Bedenken, ob si no hirer Ausbildung iwwerhaapt eng Aarbecht wäerte fannen. Onofhängeg dovun, wéi vill si sech druginn a wéi gutt se duerch hir Exame komm sinn. Wat fréier mat Selbstverständlechkeet verbonne war, huet haut fir vill Jonker eng Notioun vun Onsécherheet, souguer vun Angscht. Dat kënne mer net akzeptéieren. An dofir musse mer reagéieren. Wou haut Angscht ass, muss muer Hoffnung sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn lech et virun de Wahle gesot a mir soen lech et och haut: Mir mussen dat Land hei reforméieren. Mir mussen de Stat reorganiséieren, d'Administratioune méi effizient maachen, de Privatsecteur ënnerstëtzen an entlaaschten, den Entreprisen d'Méiglechkeete ginn, Opportunitéiten ze notzen, a mir mussen d'Statsfinanzen endlech erëm an den Équiliber bréngen.

Dat ass eng Evidenz, an et wier irresponsabel, iergendeppes de Leit haut de Mëtteg hei ze erzielen. D'Bierger vun dësem Land hu verdéngt, dass mir éierlech mat hinne sinn a soen, wéi déi tatsächlech Situatioun vun eisem Land ass a wat mer maachen, fir eis Zukunft ofzesécheren.

D'Éierlechkeet vis-à-vis vun eis selwer a vis-à-vis vun de Bierger loossen eis einfach keen anere Choix. Net méi an net manner versprécht déi nei Regierung. An dee Prinzip gëllt och, wann et op Käschte vun der perséinlecher Beléiftheet an de Sondagë geet. D'Regierung brauch kee Plus am nächste Politbarometer an u Sympathiewäerter, mir brauchen e Minus an de Prozenter vum Chômage. Wann dat eent dat anert ausschléisst, da kann ech gutt domadder liewen a meng Regierungskolleegen och.

D'Wourecht ass, dass mer zënter Joren ze vill Suen ausgi par rapport zu deem, wat erakënnt. D'Wourecht ass, dass d'Statsschold esou héich ass wéi se nach ni virdru war. D'Wourecht ass, dass eist Land an de leschte Joren u Kompetitivitéit verluer huet. D'Wourecht ass, dass de wichtegste Secteur, de Finanzsecteur, staark ënner Beschoss steet. D'Wourecht ass och, dass mer ze vill onqualifizéiert Leit am Chômage hunn, ze vill Jonker bei der ADEM ageschriwwe sinn, ze vill Eeler ze fréi an d'Pensioun gedréckt ginn, awer och ze vill qualifizéiert Leit keng Aarbecht fannen, well se net déi Kompetenzen hunn, déi gesicht sinn.

Op där anerer Säit ass et awer och wouer, dass eis Sozialleeschtungen op engem ganz héijen Niveau sinn, an dat dacks, ouni dass gekuckt gëtt, ob déi Leit, déi Ënnerstëtzung kréien, se och wierklech brauchen. Mir hunn deen déifsten TVA-Taux an Europa an och déi indirekt Steiere si méi niddreg wéi d'Moyenne an der EU a vill méi niddreg wéi bei eisen Nopeschlänner.

D'Regierung wëllt dëst Land nei opstellen - ekonomesch, politesch a gesellschaftlech. D'Erausfuerderunge sinn enorm an d'Äntwerten op déi vill Froe kënnen dofir net simplistesch sinn.

„Gouverner, c'est prévoir." Et muss een no vir kucken, wann een eist Land wëllt dauerhaft krisefest maachen, wäit no vir - op jidde Fall méi wäit wéi déi nächst Emfroen oder wéi déi nächst Wahlen. Mir kënnen eis et net leeschten, fir haut eppes ze décidéieren, wat eis an noer oder wäiter Zukunft an eng nei Kris géif setzen, just well net richteg geplangt gouf oder Problemer verdrängt gi sinn. Déi blo-rout-gréng Koalitioun plangt, an zwar nohalteg, dat heescht iwwerluecht a responsabel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht véier Méint huet d'Regierung intensiv geschafft, geplangt, gerechent a mat villen Acteure geschwat. Déi eenzel Ministeren a Statssekretären hu mat hire Leit an den Administratiounen an an de Servicer diskutéiert an hinnen och nogelauschtert. Mir hunn nei Energië fräigesat, a wat sech bewährt huet, hu mer och bäibehalen.

Déi vill Fonctionnairen, déi zënter Jore mat vill Engagement an hirer Matière schaffen, sinn Experten an hirem Fach. Si engagéiere sech mat Élan, fir eist Land virzebereeden op d'Erausfuerderungen, déi virun eis leien. Mir hu mat den Acteuren um Terrain, mat den Interessegruppen, mat externe Beroder a mat den direkte Betraffene geschwat, fir gewuer ze ginn, wou de Schung dréckt a wat ee muss maachen, fir Bloderen ze évitéieren.

Dobäi geet de Stat och weider de Wee, fir fir d'Éischt bei sech selwer ze spuere respektiv no neie Recetten ze sichen. Ee Beispill, wat ech erausgräifen, sinn d'Déngschtwunnengen. De Stat huet ronn 800 Wunnengen a sengem Besëtz a verlount déi zu ganz avantagéise Konditioune weider. Et ass geplangt, dëse Mechanismus ze iwwerpréiwen. Den Ament gi ganz vill Suen och nach investéiert fir den Ënnerhalt an d'Renovatioun vun dëse Logementer. Dat muss een och eng Kéier iwwerdenken.

Bei de Statsfinanze sti mir um Ufank vun enger neier Politik. Dës éischt Etapp huet ugefaange mat Akzenter, déi mer am Budget vun dësem Joer gesat hunn. Et goufen 231 Milliounen agespuert, d'Fonctionnementskäschte sinn ëm 8,5% gedréckt ginn. Dat sinn iwwer 50 Milliounen Euro, déi de Stat dëst Joer manner ausgëtt fir Konsum a Fonctionnement. Dee kollektiven Effort, dee mir alleguer zesumme musse maachen, gräift deemno, wéi versprach, fir d'Éischt emol beim Stat selwer.

De Budget fir dëst Joer ass en Iwwerganksbudget, dee bannent dräi Méint huet missen opgestallt ginn. Dee Budget brénkt keng déif gräifend Verännerungen a baséiert sech och net op eng nei Method. Mir hunn de Projet vun der viregter Regierung geholl an iwwerschafft. D'Budgetsnorm gouf erëm agefouert, soudass d'Ausgabe manner séier wuesse wéi d'Recetten. Dat war zënter 2008 net méi de Fall hei zu Lëtzebuerg!

Dat huet och den Avantage, dass dëse Budget de Kritäre vum Stabilitéitspakt entsprécht - en net onwichtege Facteur, wann et drëms geet, déi Stabilitéit ofzesécheren, op där mir eist Land wëlle laangfristeg opbauen. An ech muss lech soen, dass d'Ausso vum Eurogroup-Chef vun haut a gëscht an der Press mer selbstverständlech dofir och ganz vill Freed gemaach huet. Eng kleng an oppen Ekonomie wéi eis kann an däerf keng Scholdewirtschaft sinn.

Et ass beim Stat net aneschters, wéi bei eis doheem. Et kann een dauerhaft net iwwer seng Moyene liewen. Mir kënnen net méi Suen ausginn, wéi mer der erakréien.

D'Dépensë beim Stat wuessen dëst Joer nëmmen ëm 3,5% a ginn domadder méi lues erop wéi d'Recetten. Dat féiert dozou, dass d'Statsschold dëst Joer relativ stabel bleift. Domadder gouf eng éischt Konsolidéierung vum Budget erreecht. Den noutwendege Spuereffort geet beim Budget 2015 weider. De Stat gëtt méi effizient, d'Dépensë méi sozial gerecht an eng ëmfaassend Steierreform gëtt 2016 parallell dozou preparéiert.

De Finanzminister Pierre Gramegna huet elo de Changement vun der Methodologie bei der Budgetsopstellung an Ugréff geholl - eng Reform, déi laang iwwerfälleg war. 19 Aarbechtsgruppe schaffen un engem Budget vun der neier Generatioun. Ee Grupp pro Ministère plus véier horizontaler, also interministeriell Équipë goufe forméiert. Si schaffe bis Juni konkret Propositiounen aus, wéi ee mat manner Sue méi effizient och ka schaffen.

Dës Gruppe ginn alleguerte presidéiert a koordinéiert vu Fonctionnairen aus de jeeweilegen Administratiounen. Si kënnen do, wou et och gewënscht a gefrot ass, och vun externe Beroder ënnerstëtzt ginn. Dat ass näischt, wou ee sech muss verstoppen, oder näischt, woufir ee sech muss schummen. Wann de Stat eng Strooss fléckt, maachen dat d'Servicer vun de Ponts & Chaussées. Wann de Stat eng nei Strooss baut, da gëtt eng Entreprise domadder chargéiert. Mir bauen eng komplett nei Zort vu Budget a mir maachen dat mat Support vun Experten, déi déi néideg Experienz hunn, wa mer se brauchen.

Déi eenzel Aarbechtsgruppen hu virun e puer Deeg hir Lettres de mission vum Finanzminister kritt a sinn den Ament mat engem komplette Screening vun deenen Dépensë beschäftegt. Si solle méiglech Weeër ausschaffen, fir d'Ausgaben ze drécken an d'Aufgaben ze stäerken: méi mat manner, an zwar an alle Beräicher.

D'Froen, déi all Grupp sech muss stellen, sinn déiselwecht: Wat ass den Objektiv vun där Politik hannert der Dépense? Wat ass dobäi den Intérêt vum Bierger? Wat ass d'Marge de manœuvre bei den Ausgaben? Wat sinn d'Resultater, déi mat der Dépense kënnen erreecht ginn? Wat kann de Kofinanzement vu privater Säit bréngen?

Esou en Exercice, fir eng Radiographie bei der Statskeess ze maachen, ass en Novum hei am Land. E wäert natierlech net einfach esou laanscht d'Éffentlechkeet, laanscht d'Chamber, laanscht d'Gemengen a laanscht d'Sozialpartner goen.

Mir sinn eis bewosst, dass mer dat schwéiert Schëff vum Budget nëmmen an de sécheren Hafe kréien, wa jiddwereen hëlleft zéien, an am beschten och um nämlechte Seel.

D'Regierung hat scho Consultatioune mat de Gewerkschaften a mam Patronat. Dësen Dialog gëtt konsequent weidergefouert an och ausgebaut, wa sech ofzeechent, wéi eng prezis Mesuren d'Regierung wëllt zréckbehalen.

Eent ass awer elo schonns sécher: D'nächst Joer geet et op der Recettësäit fir d'Éischt emol ganz séier an de Keller. D'Damoklesschwäert vum E-Commerce, wat zënter aacht Joer - net gëschter, aacht Joer - iwwert dem Statsbudget hänkt, fält d'nächst Joer an domadder feele ronn 800 Milliounen Euro.

Deen integrale Montant kréie mer net opgefaangen, mä de Coup muss ofgefiedert ginn. Mir kommen net laanscht eng Hausse vun der TVA, an dofir wäert den Taux op den 1. Januar 2015 ëm zwee Prozentpunkte klammen. Dat gëllt fir de Regeltaux, dee vu 15 op 17% klëmmt, dat gëllt fir d'Tëschentauxen, déi vun 12 op 14% oder vu 6 op 8% an d'Luucht ginn.

Mat engem Regeltaux vu 17% huet Lëtzebuerg nach däitlech déi niddregst TVA an der EU an

ass och an der Regioun bäi Wäitem am attraktiivsten. An Däitschland läit den Taux bei 19, a Frankräich bei 20, an der Belsch, d'selwecht wéi an Holland, bei 21.

Dat ass awer nëmmen d'Halschent vun der Realitéit. Den Taux super-réduit vun 3% bleift onverännert op sengem ënneschten Niveau. Dat ass wichteg an et muss kloer sinn, wat dat bedeit! Zwee Drëttel vun all de Produiten, déi een an engem Supermarché ze kafe kritt, sinn net vun dëser TVA-Hausse betraff. Virun allem natierlech alles, wat am Frigo an am Kicheschaf seng Plaz huet, mä och Kannergezei a Kannerschong. Bicher an all aner gedréckte Publikatioune falen ënnert den Taux super-réduit vun 3%. Och iwwregens all Entréesbilljee fir Musée, Theater a Kino. A virun allem och am Wunnengsbau a bei Renovatiounsaarbechte bleift d'TVA am Fräibetrag bei 3%.

Beim niddregen TVA-Taux am Logement huet d'Regierung awer e Changement décidéiert. Den Taux vun 3% wäert sech an Zukunft nach just op den Haaptwunnsëtz bezéien. Jiddwereen, deen eng Wunneng fir sech a seng Famill keeft oder renovéiert, profitéiert weider vun engem Taux super-réduit. Fir d'Acquisitioun oder d'Aarbechten un engem zweete Wunnsëtz oder engem Logement, dee soll verlount ginn, wäert den niddregen TVA-Taux awer net méi kënnen applizéiert ginn.

Et gëtt ëmmer gesot, d'TVA wier eng ongerecht, well et eng onsozial Steier wier. Jiddwereen ass d'nämlecht betraff, egal wéi vill e verdéngt oder wéi déi perséinlech Liewenssituatioun ass. Dat ass richteg.

Et ass awer och richteg, dass et duerchaus sozial ass, wann ee grad de Logement bewosst minimal besteiert a Familljen, déi sech en éischt Doheem leeschten, vun enger Adaptatioun ausklammert. Et ass och sozial gerecht, wann een d'Artikele vum deegleche Gebrauch weider bewosst minimal an um niddregsten Taux an der EU besteiert.

D'Regierung wëllt dernieft eng weider Inkohärenz bei der TVA ofschafen, an déi betrëfft eng Rei alkoholescht Gedrénks, déi am Horesca-Secteur verkaaft ginn. Op verschidde Produite gëtt beim Akaf en aneren Taux gerechent wéi beim Verkaf. Deen Espace soll et an Zukunft net méi ginn an et gëtt een Taux unique applizéiert. Allgemeng wäert awer am Horesca weider den Taux super-réduit gëllen. Iessen an net alkoholescht Gedrénks, wat am Restaurant oder am Bistro consomméiert gëtt, läit beim Taux super-réduit vun 3% an do soll sech och näischt drun änneren.

D'Hausse vun der genereller TVA kënnt also op den 1. Januar 2015. Dat gëtt den Entreprisë genuch Zäit, fir sech ze preparéieren a sech ëmzestellen. Et ass eng Erhéijung vun enger indirekter Steier a si ass, wéi all Konsumsteier, net sozial selektiv. Dësen Ëmstand gëtt dofir och bei enger genereller Steierreform am Joer 2016 berücksichtegt.

Et ass dernieft och en Element vun der Steiergerechtegkeet, dass déi Taxen, déi ufalen, och effektiv bezuelt ginn. Dofir wëllt d'Regierung méi décidéiert géint d'Fraude bei der TVA virgoen. Am neien TVA-Gesetz ginn dofir och wierksam Mechanisme géint d'Fraude agefouert.

Iwwert d'Hausse vun der TVA erwaarde mer eis eng zousätzlech Recette an enger Héicht vu ronn 350 Milliounen Euro. Dat Lach am Budget, wat duerch d'Ewechfale vum E-Commerce entstanen ass, gëtt domadder awer net komplett gestoppt. Nieft engem Plus u Recettë mussen a wäerten zousätzlech Mesurë kommen, fir d'Ausgaben erofzesetzen. All Beräich ass betraff an all Ministère gefuerdert.

An enger weiderer Etapp gëtt de Steiersystem reforméiert an 2017 soll déi komplett Steierreform a Kraaft trieden. Wat sech elo scho gewisen huet, ass virun allem, dass de System muss vereinfacht ginn. Den Ament ass de Prozess, fir d'Steieren opzehiewen, relativ komplizéiert an dacks net effizient. Dat ass sécher een Aspekt, un deem geschafft muss ginn, onofhängeg vun de Prioritéiten am Steiersystem u sech.

Wat ech awer schonns kann elo soen, ass, dass d'Iddi vun den Intérêts notionnels, nom Modell, wéi en an der Belsch gëtt, net wäert zréckbehale ginn. Den Effekt dovunner gouf duerchgerechent, mam Resultat, dass den Notze fir d'Ekonomie net am Verhältnis zum Verloscht vun de Recettë steet.

Erlaabt mir awer och, e Moment op d'Wichtegkeet vum Lëtzebuerger Modell anzegoen, besonnesch wann et ëm de Sozialdialog geet. Mir sinn all d'accord, fir ze soen, dass de Sozialdialog déi lescht Joren éischter suboptimal fonctionnéiert huet.

Déi Kontakter, déi mir als Regierung, déi déi eenzel Ministeren an ech och selwer mat de Sozialpartner haten, hunn eis Iwwerzeegung awer bestäerkt, dass déi regelméisseg Gespréicher erëm sollen déi Plaz kréien, déi se an eisem System och hunn.

D'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie an d'Erhale vun der Kafkraaft vun eise Famillje sinn an den Ae vun dëser Regierung déi zwou Säite vun enger Medail. Déi zwee Aspekter sinn ontrennbar matenee verbonnen. Wa mer vu Kafkraaft a Kompetitivitéit schwätzen, da si mer zu Lëtzebuerg selbstverständlech direkt beim Sujet Index, en integrale Bestanddeel vun eisem System.

Déi beschte Manéier, fir souwuel Kafkraaft wéi och Kompetitivitéit ze stäerken, läit an enger wierksamer Bekämpfung vun der Inflatioun. Grad an dësem Beräich hu mir déi lescht Zäit Fortschrëtter gemaach. Dofir stellt sech d'Fro, ob e Weiderschreiwe vun der Indexmodulatioun, esou wéi se fir de Moment am Gesetz virgesinn ass, dee beschte Wee ass, fir souwuel den Intérête vum Salariat wéi deene vum Patronat gerecht ze ginn.

D'Regierung proposéiert de Sozialpartner, fir ze probéieren, nach virum Summer e globalen Accord ze fannen. Dës Kéier ouni gesetzlechen Agréff an den Indexmechanismus. Een Accord, deen der ekonomescher Situatioun an der Präisentwécklung Rechnung dréit an de Betriber wéi och de Beschäftegten eng Planungssécherheet gëtt.

Et ass dann och kloer fir d'Regierung, dass, am Fall vun engem neien Dérapage vun der Inflatioun zu Lëtzebuerg, oder am Fall, wou esou en Accord net méiglech wär, een op en Neits légiféréiere muss.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann et ëm den État de la nation geet, féiert zu Lëtzebuerg kee Wee laanscht d'Finanzplaz. Geet et de Banke gutt, geet et dem Land gutt. Déi Logik huet zu Lëtzebuerg zënter Jorzéngten d'Politik bestëmmt an déi Relatioun ass nach ëmmer richteg.

D'Finanzplaz ass net eréischt zënter dem Ufank vun der Kris ënner Beschoss, mä huet sech zënterhier awer staark verännert. Jo, et ass richteg, dass verschidden Nischen zu Lëtzebuerg net méi ze hale waren, well den Drock vu baussen ze héich war. Dofir gi mer op de Wee vun Informatiounsaustausch an Transparenz.

Déi fréier Regierung huet hei déi néideg Schrëtt ënnerholl, ouni Iwwerstierzung a mam Zil, dass déi Lëtzebuerger Finanzplaz keen Nodeel an Europa dierf kréien. Déi Positioun war d'Basis, wéi ech am Dezember drop gepocht hunn, dass de Conseil européen d'Kommissioun dozou verflicht, Verhandlunge mat den Drëttstaten opzehuelen. Déi ferm Positioun vun zwou Lëtzebuerger Regierungen huet dann och dozou gefouert, dass den Drock op d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco, Andorra a San Marino geklommen ass.

Um leschte Sommet, Mëtt Mäerz, krute mer eng weider Konditioun an de Schlusspabeier vum Conseil. D'EU-Kommissioun gëtt verflicht, den Négociatiounsprozess mat den Drëttstate weider unzedreiwen a bis Enn dës Joers och Resultater virzeweisen. Mir hunn och der Kommissioun d'Obligatioun ginn, dass, wann dat net de Fall wier, Mesuren ze proposéieren, wéi een da vive déi fënnef Länner géif dozou verflichten, an déi Richtung och ze goen. Mä selbstverständlech hoffe mer, dass elo, mat den internationalen Normen, een emol net bis Dezember muss waarden.

Fir eis Finanzplaz bedeiten déi rezent Entwécklungen e Changement.

„Eng Ära geet op en Enn", soen déi eng. „Eng weider Etapp an der Entwécklung vun eiser exzellenter Bankeplaz", soen ech.

Eis Finanzindustrie ass net ofhängeg vum Bankgeheimnis. Mir sinn net drop ugewisen, dass d'Leit e Kont zu Lëtzebuerg opmaachen, vun deem de Fisque an hirem Heemechtsland näischt däerf wëssen. Dat ass kee Geschäftsmodell, op dat eng Bankeplaz, op dat e Land op Dauer kann opbauen. De Contraire ass wouer.

D'Clienten an d'Investisseure froen haut no professioneller Betreiung, no Service an no Qualitéit. Dat net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä iwwerall op der Welt. Eng Bankeplaz lieft vun hirer Expertise, vun hirer Qualitéit an och vun hirer Reputatioun. Mir wäerten alles drusetzen, fir dës Kritären ze erfëllen an déi bescht Reputatioun ze kréien an déi och ze behalen. Déi jéngsten Entwécklunge ginn eis och recht.

Bis Mëtt lescht Joer ass d'Zuel vun de Banken zu Lëtzebuerg zréckgaangen. Tëscht Juli zejoert an haut sinn awer elo eelef Banken nei op Lëtzebuerg komm, zwou franséischer, zwou englescher, dräi chineesescher, eng Schwäizer, eng italienesch, eng brasilianesch an och eng russesch.

Eis Bankeplaz gëtt deemno méi international, méi breet opgestallt an doduerch och erëm méi attraktiv. Mir mussen elo alles drusetzen, fir déi Evolutioun ze begleeden. Nodeems an deene leschte fënnef Joer ronn 1.000 Aarbechtsplazen am Bankesecteur verluer gaange sinn, huet d'Situatioun sech zënter dem leschten Trimester 2013 stabiliséiert.

D'Zuelen, déi de Statec gëschter publizéiert huet, weisen awer, dass de Bankesecteur ufälleg bleift, och wann dës Zuelen op enger Etüd aus dem Hierscht 2013 baséieren. Nieft engem negativen Impakt huet déi nei Transparenz an Neiausriichtung vun der Finanzplaz, déi den Informatiounsaustausch mat sech bréngt, och positiv Auswierkungen. Mir ginn doduerch attraktiv fir eng nei Clientèle a mir entwéckelen nei Aktivitéiten.

Mir hunn déi gréisste Fongenindustrie an der EU an, hannert den USA, déi zweetgréissten op der Welt. Iwwer 4.000 Fonge si bei eis gezeechent mat engem Volume vun iwwer 2.600 Milliarden. De Lëtzebuerger Fonge geet et erëm besser, d'Actifs nets sinn erëm um Klammen; 2% plus dee leschte Mount a 9% plus am leschte Joer.

Mir sinn eis bewosst, dass d'Ëmfeld schwiereg bleift, a mir wëssen och, dass d'Finanzmäert ufälleg bleiwe fir Onsécherheeten. Op d'Onstabilitéit op den internationale Marchéen hu mir wéineg Afloss. Mir kënnen awer derfir suergen, dass Stabilitéit a Prévisibilitéit weider Markenzeeche vun eisem Land bleiwen. Duerch eng gutt Gouvernance an duerch gesond Statsfinanze schafe mir d'Viraussetzungen, fir eisen Triple-A-Rating ze halen. Domat leeë mir och d'Grondlag, op där eis Ekonomie wuesse kann an eise Sozialmodell vertrietbar bleift.

Déi Stabilitéit wëllt d'Regierung mat alle Moyene verteidegen. Dës Ambitioun maache mir zum Kompass vun eiser Politik. Dat geet awer net, ouni de finanziellen Équiliber erëm hierzestellen. Net well mir Spuerfanatiker sinn, mä well d'Zukunft vun eisem Land op gesonde Statsfinanze baséiert.

D'Zukunft opbauen heescht och, sech adaptéieren, a Lëtzebuerg ass amgaang, sech weider ze adaptéieren. Esou ware mer eent vun den éischte Länner, déi d'Direktiv iwwert d'Alternativ-Fongen an nationaalt Recht ëmgesat huet. Mir sinn amgaang, eis Gesetzer unzepassen, fir d'Expansioun vu Fongen no islameschem Recht méiglech ze maachen. Lëtzebuerg soll dernieft als Plattform fir Transaktiounen an der chineesescher Währung, dem Renminbi, ausgebaut ginn. Mir hunn et fäerdegbruecht, déi dräi gréisste chineesesch Banken op Lëtzebuerg ze kréien, fir d'Europageschäft ze koordinéieren. Dat ass en Zeechen, dass eng weider Expansioun vun eiser Finanzplaz ugefaangen huet.

Dee Prozess vun Adaptéieren an Entwéckelen ass och nach net ofgeschloss. Mir musse weider derfir suergen, dass d'Konditioune fir de Finanzsecteur favorabel bleiwen an dass nei Marchéë kënnen erschloss ginn. D'Regierung ass hei um Qui-vive an determinéiert, alles ze maachen, fir dass eis Bankeplaz d'Kompetitioun mat anere Finanzplazen an Europa an uechtert d'Welt gewënnt. Wa jiddwereen ënnert de selwechte Konditioune schafft, sollte mir déi beschte Kaarten hunn, an dass d'Konditiounen iwwerall déi nämlecht sinn, dofir wäerte mir als Regierung och weider suergen.

Gläichzäiteg kënne mer befreit vun alle Viruerteeler eis Finanzplaz am Ausland promouvéieren. Déi zoustänneg Agence „Luxembourg for Finance" ass esou gutt opgestallt wéi nach ni virdrun, fir nei Aktivitéiten an Investisseuren op Lëtzebuerg ze zéien.

Da geet et an der Finanzwelt awer net duer, dass een europäesch an international Konventioune guttheescht a Regelen unhëlt. Dës Upassunge mussen zum richtegen Zäitpunkt kommen an och an d'Realitéit ëmgesat ginn. Eng batter Experienz huet eist Land missen am „Global Forum" maachen, wou mer riicht duerchgefall sinn a mat engem „non-compliant" deklaréiert goufen. Dat huet eis immens vill geschuet, an dofir huet déi nei Regierung schonn am éischte Regierungsrot am Dezember e Sechspunkteplang ugeholl, fir déi Situatioun ze änneren. Dat ass e Prozess, deen eis wäert eng Rei vun Efforte kaschten, deen awer noutwendeg ass.

De Finanzministère schafft un enger Panoplie vu Gesetzestexter. Déi zwee éischt huet d'Regierung déi lescht Woch ugeholl. E Projet de loi iwwert den „Échange de renseignements sur demande en matière de fiscalité" an en zweeten Text, deen d'Regele fir d'„Actions au porteur" méi kloer definéiert. D'Zil ass et, fir nach dëst Joer aus der Case vun der Non-conformité erauszekommen an eis Reputatioun ze stäerken. Et ass dem Finanzminister gelongen, net ouni Méi, awer dank sengem Sechspunkteplang, international Finanzinstitutiounen, wéi déi Europäesch Investitiounsbank oder d'Europäesch Bank fir Neesopbau an Entwécklung, ze iwwerzeegen, hir Transaktioune weiderhin och iwwer eis Bankeplaz lafen ze loossen.

Well vill vun eis wëssen net, dass do och en Damoklesschwäert war, wat geheescht huet: „Mir sträiche Lëtzebuerg vun eiser Kaart".

Eng weider positiv Noriicht aus de leschte Woche wat d'„compliance" betrëfft ass, dass Lëtzebuerg haut all d'Recommandatioune vum GAFI erfëllt, dem Aktiounsgrupp géint de Blanchiment, eng Institutioun, déi eis an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier kritiséiert huet, well mer mat eiser Législatioun a Verzuch waren.

Dës Politik vun „compliance" a vu Respekt vun internationalen Normen, zesumme mat den Adaptatioune vun de respektive Gesetzer, ass net aussergewéinlech, mä déi eenzeg, déi engem Land mat Triple-A würdeg ass. Si gëtt dofir konsequent weidergefouert.

Eist Zil ass eng irreprochabel Finanzplaz. E gudde Ruff ass net nëmme bei Handwierker dat éischt Verkafsargument. Dofir gëtt an deenen nächste Wochen, och am Finanzministère, eng Direktioun geschaf, déi sech ëm d'„compliance" an d'Gouvernance këmmert. Dat ass e wichtegt Element am Dispositif vun der Verteidegung vun eiser Bankeplaz, wat bis elo bei eis gefeelt huet.

Mir sollen eis net exklusiv op eis Finanzplaz verloossen. D'Diversifizéierung vun eiser Ekonomie war schonn en Uleies vun der viregter Regierung, an de Wirtschaftsminister Etienne Schneider wäert dës Efforte konsequent weiderféieren. Dofir gouf dee Ministère och nei strukturéiert a seng Kompetenzen ausgebaut.

Verschidde Secteure gi besonnesch gestäerkt, well se ideal fir e Land vun eiser Gréisst sinn, well se sech gutt an dat ekonomescht Ëmfeld afügen oder well se hëllefen, de strukturelle Chômage ze bekämpfen.

Dat gëllt zum Beispill fir de Beräich vun der Logistik. De Wirtschaftsminister huet déi lescht Jore vill Efforte gemaach, fir eist Land als internationalen Hub am Beräich vun der Logistik ze positionéieren. Déi Politik fänkt un, éischt Friichten ze droen. Um fréiere WSA-Site gëtt intensiv geschafft. Elo, wou déi Etapp gemeeschtert ass, kënne mir nach méi Energie an d'Promotioun investéieren. Fir d'Attraktivitéit vum Standuert ze stäerken, gëtt de Projet vun der CFL fir den Ausbau vum Containermaterial (veuillez lire: Containerterminal) zu Beetebuerg energesch virugedriwwen a prioritär finanzéiert.

Déi nei Regierung huet sech och ambitiéis Ziler gesat am Secteur vun den Ekotechnologien. Mir wäerten dëse Beräich zu engem Pilier vun eiser Wirtschaft ausbauen. Et sinn dat wesentlech Initiativen, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, a gläichzäiteg si se enorm wichteg fir eis Energiebilanz a fir de Klimaschutz. Mir wëllen eis dobäi op zwou Achse konzentréieren: nohaltegt Bauen an nohalteg Mobilitéit.

Konkret huet de Regierungsrot säin Accord gi fir eng Participatioun am Conseil national de la Construction durable. Dëst ass eng Plattform, wou privat an ëffentlech Acteuren zesummekommen, fir nohaltegt Bauen ze promouvéieren. Mat Hëllef vun dëser Initiativ wäerte mir eist Land zu engem regionale Kompetenzzentrum an dësem Beräich ausbauen.

Och wat déi nohalteg Mobilitéit betrëfft, gëtt Lëtzebuerg als en nationale Centre de recherche an Europa positionéiert. Esou huet d'Regierung viru Kuerzem e Memorandum mat enger Lëtzebuerger Busentreprise an engem Constructeur ënnerschriwwen, fir d'Hybrid-Bussen ënner reelle Konditiounen hei am Land ze testen. Deen Accord gesäit och vir, dass zu Lëtzebuerg e Formatiouns- a Fuerschungszenter sollt entstoen. Dat si konkret Schrëtt, déi beweisen, dass gutt Wirtschaftspolitik och gutt Ëmweltpolitik ka sinn.

De Secteur vum ICT ass e weidere Beräich, wou mir als Regierung an ech selwer als Kommunikatiouns- a Medieminister grousse Wäert drop leeën. Och an der Zäit nom Commerce électronique ginn an deem Secteur d'Luuchten net aus. Et ginn nei Perspektiven a nei Marchéen, wou Lëtzebuerg seng Plaz an Europa an an der Welt elo schonn huet oder awer nach ka fannen.

Nach virun der Summervakanz gëtt de Gesetzesprojet iwwert den Archivage électronique gestëmmt, an ech sinn iwwerzeegt, dass dat eis weider Créneauen opmécht. Och hei wëlle mir Virreider ginn an nei Opportunitéiten notzen.

Déi rezent Lëtzebuerger Geschicht ass geprägt duerch eng staark Präsenz am Secteur vun de Medien. Et ass mat Radio a mat Tëlee ugaang, duerno si mer mat vill Succès an de Satellitesecteur ageklomm.

An deene leschte Joren hu mer eis du kënnen an der Internetekonomie positionéieren. Vill

international Firmen hu sech hei zu Lëtzebuerg implantéiert, ufanks zum Deel wéinst der niddreger TVA, mä net nëmmen. Eist Land offréiert allgemeng en attraktive Kader fir Internetentreprisen.

Aner Länner sinn an der Tëscht och amgaang, sech op dee Secteur ze konzentréieren, a mir mussen alles maachen, fir un der Spëtzt awer ze bleiwen.

Mir hunn haut mat eiser Breetbandstrategie, déi de séieren Internet an all Betrib an an all Haus bréngt, e wichtege Schrack no vir gemaach.

Mir kréien international Unerkennung fir d'Qualitéit vun eisen Datenzentren. Dat ass gutt fir eis Ekonomie, well et gëtt den Ament eng grouss Demande fir de séchere Stockage vun Donnéeën. Mir sinn also um gudde Wee, fir am Infrastrukturberäich zu engem Leader an Europa ze ginn.

Wa mer awer nach méi genee kucken, mierke mer, dass mer d'Potenzial vum Internet nach net richteg an net ganz notzen. An de Verwaltunge selwer kann a muss nach vill changéieren, fir d'Prozesser mat Hëllef vun Internet ze vereinfachen. Informatioune kënne méi liicht zougänglech gemaach ginn. Privatleit a Betriber kënne sech vill Weeër spueren, wann den Asaz vun neien Technologië beim Stat méi konsequent ëmgesat gëtt. D'Regierung wäert och den Akzent dorobber leeën, fir de Stat méi effizient a méi biergerno ze gestalten.

Als Medien- a Kommunikatiounsminister wäert ech zesumme mam Pierre Gramegna a mam Etienne Schneider och der Regierung e Plang proposéieren, wéi ee Lëtzebuerg kann als digital Gesellschaft opstellen. Mir wëllen eng ICT-Revolutioun op allen Niveauen: beim Bierger, bei den Entreprisen a beim Stat selwer.

De Fonctionnement vum Stat gëtt mat Hëllef vun neien Technologië méi effikass. Am Sënn vun enger transversaler Politik ginn hei all d'Ministèren agebonnen an opgefuerdert matzeschaffen. Mir sichen dofir och de Kontakt mat den Entreprisen, fir eng gemeinsam Approche ze definéieren.

Wa mer dat zesumme kënnen ëmsetzen, gehéiert Lëtzebuerg an e puer Joer zu deene Länner an Europa, déi d'Potenzial vun den neien Technologien am beschten notzen. Dat bréngt Virdeeler fir d'Bierger a fir d'Entreprisen. Et vermëttelt och no baussen e Bild vun engem modernen, offenen a kreative Land.

D'Bild vun eisem Land, den Image muss sech deementspriechend och weiderentwéckelen. Dat betrëfft vill verschidde Beräicher a sécher och d'Kultur. D'Regierung steet zu enger lieweger Kulturzeen zu Lëtzebuerg. Et ass dat kee Luxus, deen ee sech leescht, mä e wichtegen Atout vun engem Land, och wann et ëm Standuertpolitik geet. Mir hunn eng kulturell Offer, déi breet an dynamesch ass. An der Groussregioun hunn eis Kulturhaiser eng fest Plaz an a verschidde Beräicher genéisse mer international Unerkennung. Dat soll sech och net änneren.

Gläichzäiteg muss d'Organisatioun vun der Kulturpolitik de Realitéiten ugepasst ginn. An dozou gehéieren och déi budgetär Realitéiten. Allgemeng feelt et un engem Konzept vun der Kulturentwécklung. En Aarbechtsgrupp am Kulturministère ass amgaang, u genee esou engem Plang ze schaffen. Et gëtt virop eng Bestandsopnahm gemaach vun den Haiser an Aktivitéiten am Kulturberäich, fir dann d'Défien an d'Prioritéite vun den nächste Joren ze bestëmmen. Dat an Zesummenaarbecht mat de Kulturschaffenden an och, andeems d'Konklusiounen aus dem Pacte culturel berücksichtegt ginn.

Wéi am Regierungsprogramm festgehalen ass, ass d'Kulturministesch Maggy Nagel jo och amgaang, d'Konventiounen all ze iwwerpréiwen. D'Zil vun deem Exercice ass et net, fir existent Kontrakter ze kënnegen a Programmer ze sträichen. Et ginn awer Konventiounen, déi vläicht net méi der Zäit ugepasst sinn. Dat zum Beispill, well de Public geännert huet oder well déi technologesch Méiglechkeete sech an de leschte Joren esou entwéckelt hunn, dass eenzel Initiativen einfach kee Wäert méi hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Wirtschaft muss breet opgestallt a méiglechst dynamesch sinn. Mir musse kompetitiv, performant an effizient sinn. Dat geet net vum selwen an et ass sécher net d'Zäit, fir eis et gemittlech ze maachen. Mir mussen eis net nëmmen op déi Beräicher konzentréieren, wou mer haut scho gutt dra sinn, mä eis an engem globaliséierten Emfeld behaapten.

Mir setze weider op de Finanzsecteur, d'Entwécklung vum ICT-Beräich, d'Logistik, d'Ekotechnologien oder och d'Biotechnologie. Eisen Asaz gëllt awer och der traditioneller Industrie an dem Mëttelstand. D'Regierung mécht vill Efforten, fir Lëtzebuerg och als Industriestanduert ze stäerken. Et gouf den Haut Comité pour l'Industrie gegrënnt, wou d'Vertrieder vum Secteur regelméisseg mat den zoustännege Ministeren zesummekommen a konkret feststellen, wou nach Efforten an Initiativen néideg sinn.

Wat fir d'Industrie gëllt, stëmmt och fir Klenga Mëttelbetriber. Si sinn de gréissten Employeur zu Lëtzebuerg an dat soll och esou bleiwen. Déi bestoend Betriber solle sech kënnen op hir Aarbecht konzentréieren an esou mann ewéi méiglech op Fichen, Formulairen an Timberen.

Dofir ass et en Haaptuleies vun de Koalitiounspartner, all Kompetenzen an Entitéite vun der Simplification administrative ënner enger Struktur zesummenzefaassen. Et ass dofir och keen Zoufall, dass de Minister, dee sech ëm den Ofbau vu bürokrateschen Hürden ze këmmeren huet, och Minister vum Intérieur ass. Hien huet direkte Kontakt mat de Gemengen a lokalen Autoritéiten.

Dernieft war et och nëmme logesch, dass déi verschidde Cellules an Divisioune vun der Simplification administrative zesummegefouert an och an engem eenzege Ministère ënnerbruecht ginn an net, wéi bis elo, a getrennte Verwaltunge schaffen. Dat eleng ass schonn eng Simplification administrative vun der Simplification administrative.

D'Plateforme interministérielle vun der Simplificatioun huet mat Schaffen ugefaang, an zwar ënnert der direkter Verantwortung a Matwierkung vum zoustännege Minister Dan Kersch. Dat ass e wesentlechen Ënnerscheed par rapport zu virdrun an och eng weider Garantie, dass et geléngt.

Als éischt Mesure an deem Kontext kann ech annoncéieren, dass dat sougenannten „Omnibusgesetz", aus deem mir en „TGV-Gesetz" gemaach hunn, nach virun der Péngschtvakanz déposéiert gëtt. Et ass e komplett neie Gesetzesprojet, deen och méi wäit geet ewéi et vun der viregter Regierung ugeduecht war. Et ginn dobäi och Beräicher mat erfaasst, déi bis elo guer net am Bléckfeld waren.

Mä d'Simplification administrative ass e permanente Chantier, wou mat engem Gesetz net alles ofgeschloss ass. Mir wëllen hei voll op Dialog an Transparenz setzen an eng Internetsäit aréichten, wou d'Bierger an d'Entreprisen hir eege Proposen och kënne maachen. Dës Virschléi ginn och eescht geholl an et gëtt och Réckmeldung op Virschléi, déi erakommen.

D'Simplification administrative genéisst Prioritéit bei der Regierung. Dofir sollen och déi interministeriell Aarbechtsgruppen, déi fir d'Preparatioun vum Budget 2015 zesummegesat goufen, d'Fro vun der Vereinfachung um Ordre du jour stoen hunn.

„Méi mat manner" heescht och, méi séier a méi einfach mat manner Bürkokratie. Dat wäerten d'Bierger mierken an ze schätze wëssen, grad ewéi eis Entreprisen.

D'Konditiounen, fir hei am Land eng Entreprise ze grënnen, ginn och vereinfacht. Den Entrepreneursgeescht gëtt waakreggerëselt. D'Regierung steet hei fir e Mentalitéitswiessel. Den Indépendant soll op kengem Punkt benodeelegt ginn, wat mat der Valoriséierung vum Statut ufänkt. D'Grënne vun engem Betrib gëtt méi einfach gemaach a méi bëlleg. Et gëtt eng Société simplifiée agefouert, déi sougenannten „1-Euro-Gesellschaft".

D'Zukunft vum Handwierk a vum Mëttelstand bestëmmt och d'Zukunft vum Land. D'Betriber solle manner Zäit mat Pabeiere verbréngen an zum Beispill méi mat der Ausbildung vu Léierbouwen a -meedercher. D'Regierung engagéiert sech an deem Kontext fir e Partenariat, fir eng Beruffsausbildung, déi de Besoinen um Terrain gerecht gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung steet fir en Zukunftsprogramm, fir e Plang, deen iwwer eng Legislaturperiod erausgeet. Mir denken net a Wahlterminer, mä mir denken un déi Jonk vun haut, déi d'Land vu muer wäerte prägen. Mir denken un d'Kanner, un d'Schüler, un d'Léiermeedercher an d'Léierbouwen a mir denken och un d'Studenten.

D'Regierung ass kritiséiert gi fir d'Reform vun der Aide financière. Ech verstinn, dass ee keen Applaus kritt fir eng Mesure, déi dozou féiert, dass verschidde Leit manner Sue vum Stat kréien. Et muss een awer och bei der Wourecht bleiwen!

Wéi de System vun de Studentebourssen am Joer 2010 reforméiert gouf, sinn dobäi e puer Ziler verfollegt ginn. Et wollt een de Studente méi Autonomie garantéieren, et wollt ee si als Lëtzebuerger Bierger mat engem eegene Statut stäerken an et wollt ee Sue spueren! Ech erënneren Iech dorun.

De System ass awer komplett ausgeaart, war net konform zu europäeschem Recht an domadder onhaltbar. Et hat een am Joer 2010 domadder gerechent, dass dës Reform de Stat am éischte Joer 55 Milliounen Euro géif kaschten. Et waren der dunn awer 88 Milliounen Euro, an dëst Joer wieren et 178 Milliounen Euro gewiescht. Dat ass eng Dépense fir de Stat, déi sech méi wéi verdräifacht huet an dofir e System, dee beim beschte Wëllen net ze finanzéieren ass.

D'Regierung huet also net décidéiert, iergendeppes ofzeschafen, mä e Feeler ze korrigéieren. Et ass e Feeler geschitt, an den zoustännege Minister Claude Meisch huet missen eppes ënnerhuelen. Dat kritt een net anescht erklärt an och net schéigeriet.

Den neie System vun de Studentebäihëllefe fousst elo um Prinzip vu sozialer Selektivitéit, vu Mobilitéit a vun Autonomie. All Student kritt e Basismontant vun 2.000 Euro pro Joer. Déi kritt ee mat der eenzeger Konditioun, dass een op enger Héichschoul muss ageschriwwe sinn.

Zousätzlech kann all Student e Prêt zu exzeptionelle Konditiounen ophuelen an enger Héicht vu maximal 6.500 Euro pro Joer. Jiddwereen huet esou schonn emol iwwer 700 Euro pro Mount zur Verfügung.

Fir jiddwereen, deen am Ausland studéiert, kommen nach emol 2.000 Euro Mobilitéitsbourse derbäi. Dernieft gëtt et nach eng zousätzlech Bourse, déi da jee no sozialem Background gestaffelt ass, dat mat engem Maximalmontant vun 2.500 Euro pro Joer. De Plaffong, fir vun der Bourse no soziale Kritären ze profitéieren, läit bei 4,5-mol de Mindestloun. Dat si ronn 8.650 Euro de Mount. All Student, deem seng Eltere manner ewéi 8.650 Euro de Mount verdéngen, kritt also ëmmer nach eng sozial gestaffelt zousätzlech Bourse.

Derbäi kënnt dann nach eng Hëllef, déi gäre vergiess gëtt an déi am Ausland meeschtens och net existéiert: De Stat ass bereet, bis zu 3.700 Euro Frais d'inscription mat ze iwwerhuelen, 50% Bourse a 50% Prêt.

Jo, et kann ee soen, dat geet alles net duer. Jo, et ass fir verschidde Leit manner ewéi virdrun. A jo, et heescht fir munchereen, dass d'Wunneng méi kleng an de Prêt bei der Bank méi héich gëtt.

Et bedeit awer och, dass jonk Leit fréi léieren, op eegene Féiss ze stoen, eege Responsabilitéiten ze iwwerhuelen an hir Zukunft ze plangen. D'Hëllef, déi de Lëtzebuerger Stat de Studenten offréiert, ass héich. An am Verglach mat anere Länner souguer exzeptionell héich. An dat ass och gutt esou. Mir spueren net op Käschte vun de Studenten, de Contraire ass wouer. Et ass nach ëmmer eng enorm héich Dépense fir de Stat, déi d'Regierung awer fir wichteg a richteg ugesäit.

Lëtzebuerg huet kee Pëtrol a keen Accès zum Mier. Eis bescht Ressource, fir de Fonctionnement vun eisem Land ofzesécheren, entsteet an de Käpp vun de Leit, déi hei liewen, wunnen a schaffen. D'Recherche ass dowéinst och eng vun de fundamentalen Noutwendegkeete fir eist Land.

D'Regierung hält un den Objektiver fir d'Recherche zu Lëtzebuerg fest. Mir hunn eis engagéiert en nationale Reformplang, den „Lëtzebuerg 2020", ëmzesetzen. D'Investissementer an d'Fuerschung ginn an den nächste Joren net gekierzt, mä wäerte klammen. Laangfristeg sollen 3% Prozent vum PIB an d'Recherche investéiert ginn, vun ëffentlecher a vu privater Säit. Bei dësem Renforcement wäert een awer och geziilt virgoen, Objektiver setzen a préiwen, ob d'Performancen och erreecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech fir d'Éischt an d'Chamber gewielt gouf, hate mir zu Lëtzebuerg e Chômagetaux vun 2,7%. Dat ass quasi Vollbeschäftegung an dat ware mer och nach déi Joren duerno gewinnt. Wann ech deemools d'Televisioun gekuckt hunn, da goung zum Beispill an Däitschland Rieds vun engem Taux vu knapps 10% an dat huet eis all schockéiert.

Haut huet Däitschland en Taux vun eppes iwwer 7%. Dat ass ëmmer nach keng Ursaach fir sech ze freeën, mä d'Tendenz an eisem Nopeschland weist no ënnen. Zu Lëtzebuerg hu mer an der Tëscht och iwwer 7% an den héijen Taux ass leider relativ stabel. Dat trotz ville Beméiunge vum Aarbechtsminister an obschonns vill Plaze geschaf ginn. Dës Realitéit an den Déséquiliber mécht eis seriö Suergen.

Am Januar 2006 ware ronn 10.000 Leit bei der ADEM ageschriwwen, haut sinn et der duebel esou vill. E Véirels vun den Aarbechtslose si Jonker ënner 30 Joer. All drëtte Chômeur ass méi laang ewéi zwielef Méint ouni Schaff. Dat si Chifferen, déi eis alleguerte solle waakregrëselen, well et net nëmmen Zuele sinn. Hannert deenen Zuele stinn Dausende Leit, déi sech beméien an d'Hoffnung net opginn. Et si Familljen, déi seriö Suergen hunn, Elteren, déi keng Perspektiven hunn, jonk Leit, déi scho fréi riskéieren, all Selbstwäertgefill ze verléieren.

Et ass eng enorm schwiereg Situatioun an och hei sinn d'Léisungen net einfach. Eis Ekonomie schaaft all Joers nei Aarbechtsplazen, mä de Chômage geet deementspriechend net erof. Dat eent Puzzlesteck passt net op dat anert. Gesicht ginn héich qualifizéiert Leit, an der Offer sinn ze vill Jonker ouni Qualifikatioun. Dat wëlle mer änneren, well mer et ännere mussen.

Den éischte Schrëtt ass et, deene Jonke Perspektiven ze bidden a se esou ze encouragéieren, fir och eng Qualifikatioun ze erreechen. Mir setzen op eng enk Kooperatioun tëschent Stat, Gemeng, Schoul an Entreprisen. En deementspriechende Projet ass um Lafen an huet elo schonns 200 Jonken eng Formatioun bruecht.

Am Juni leeft de Projet vun der Jugendgarantie un, deen den Aarbechtsminister Nicolas Schmit initiéiert an och op europäeschem Niveau virugedriwwen huet. Hei verflichte mir eis, deene Jonken ze hëllefen. Bannent véier Méint, nodeems si sech un d'Autoritéiten adresséiert hunn, kréie si entweder eng Aarbecht, eng Léierplaz oder eng Méiglechkeet, nees an d'Schoul ze goen.

Allgemeng kënnegt sech zu Lëtzebuerg e komplett Emdenken un, wat den Éducationssystem betrëfft. Schonn zënter e puer Joer gëtt d'Schoul reforméiert an den Ufuerderunge vun eiser Zäit a vun eiser ganz spezifescher Sproochesituatioun ugepasst. Vill ass scho geschitt an nach vill méi ass an der Preparatioun.

Den Éducationsminister Claude Meisch ass fest décidéiert, ze erreechen, dass d'Méisproochegkeet net méi als Nodeel, mä als kloren Atout vun eisem Land erkennbar gëtt. D'Capacitéit, vun enger Sprooch an eng aner ze wiesselen, ass e Markenzeeche vun eisem Land an et soll e Markenzeechen an eise Schoule ginn.

Dofir huet d'Regierung och intensiv Efforten an der Bildungspolitik annoncéiert. Mä et gëtt net eng eenzeg Antwert op déi vill Froen, déi sech stellen.

Ënnerschiddlech Biographien a Liewenspläng vun de Schüler musse berücksichtegt ginn. Et brauch een dann e gemeinsame Point de départ. Dofir ass d'Kannerbetreiung vu klengem un och en Deel vun der Éducationspolitik, an dofir mécht et Sënn, dass béides an engem Haus zesummeleeft.

Bei der Fro, wéini e Kand fir d'Éischt mat enger Struktur a Kontakt kënnt, ginn et ënnerschiddlech Ausgangssituatiounen.

Et ginn déi Kanner, déi hei gebuer sinn, et ginn déi, déi am Laf vun hirer Scolarisatioun op Lëtzebuerg kommen an hei eng Perspektiv solle kréien. An et ginn och déi Kanner oder Jonker, déi um Enn vun hirer Scolarisatioun an d'Land kommen oder nëmme fir eng begrenzte Period hei sinn.

Fir dës Gruppe brauche mer eng adequat schoulesch Offer zu Lëtzebuerg. En fonction vun dëse Facteure musse mer och d'Sproochenufuerderungen definéieren.

Fir d'Kanner, déi vun Ufank un an eise Schoulsystem integréiert ginn, muss gëllen, dass Lëtzebuergesch d'Integratiounssprooch ass. Et ass eng Viraussetzung fir déi regulär Alphabetiséierung am zweete Cycle, also dem fréieren éischte Schouljoer.

Bei Kanner mat Migratiounshannergrond mussen déi Jore virdrun aktiv fir d'Sproochförderung an der Lëtzebuerger Sprooch genotzt ginn. D'Crèchen, de Précoce an de Cycle 1, also déi sougenannten „Spillschoul", si gefuerdert a kréien déi néideg Dispositifen. Dozou wäert ënner anerem d'Weiderbildung vum Personal an d'Ausschaffe vun didakteschem Material gehéieren.

Fir d'Kanner, déi zu engem fréien Zäitpunkt vun hirer Scolarisatioun an d'Land kommen a laangfristeg plangen, zu Lëtzebuerg ze bleiwen, musse mer Brécke bauen, wéi si de Wee an eise Schoulsystem kënne fannen. Et gëtt schonn elo Strukturen an déi mussen evaluéiert ginn. D'Regierung ass an deem Kontext amgaang, alternativ Forme vun Alphabetiséierung ze préiwen.

D'Zil dobäi ass, dass d'Kanner am Laf vum Fondamental déi néideg Sproochekompetenzen opbaue kënnen, fir am Secondaire normal orientéiert kënnen ze ginn.

E weidere wichtege Phenomeen, dee mer awer net aus den Ae verléieren dierfen, ass, dass ëmmer méi Schüler nëmmen eng kuerz Zäit an eisem Land scolariséiert ginn, well se entweder spéit kommen oder am Laf vun der Zäit d'Land nees verloossen. Dëst ass déi logesch Konsequenz vun enger oppener Ekonomie an enger internationaler Finanzplaz. A fir dës Kanner musse mer och eng Offer schafen.

Et ass eng Fro vu Standuertpolitik. Mä et ass virun allem eng Fro vun Zukunftschancë vun deene betraffene Kanner. Vun dëse Schüler kënne mer net erwaarden, dass se den héijen a ganz spezifesche Sproochenufuerderunge vun eisem Schoulsystem gerecht musse ginn. Mir erméiglechen hinnen de Wee zu enger Qualifikatioun. Den Éducatiounsministère schafft un engem Inventaire vun de Besoinen a vun den aktuellen Offeren, souwuel vun der ëffentlecher Schoul, der Europaschoul a vu Privatschoulen hei am Land.

D'Éducatioun, d'Enfance an d'Jeunesse sinn e grousse Secteur, dee lieft vum Asaz a vum Know-how vun de Leit, déi am Secteur schaffen. D'Politik setzt de Kader. Déi vill engagéiert Enseignanten, Éducateuren, Moniteuren a Formateure schafe mat hirer Aarbecht Zukunftsperspektiven. Fir dat Bescht ze erreechen, muss Hand an Hand geschafft ginn.

„Wann ee séier wëllt virukommen, geet een eleng. Wann ee wäit wëllt kommen, geet een zesummen."

Keng Top-down-Politik, mä eng Politik, déi am Klassesall usetzt a bei där mer d'Enseignanten als Partner gesinn, déi mer bei hirer Aarbecht ënnerstëtzen. Dëse Partenariat gëtt an den nächste Méint a Jore sécherlech méi ewéi eng Kéier op d'Prouf gestallt.

Déi nei finanziell a wirtschaftlech Realitéite maachen och am Schoulhaff net Halt.

Am Bildungswiese musse mer kucken, wéi mat manner Sue méi kann erreecht ginn. D'Regierung wëllt an de Schoulen net spueren, mä d'Dépensë solle manner séier klammen. Et ass ee sech eens, dass keng Décisioune geholl ginn, déi sech negativ op d'Qualitéit vun der Schoul an op d'Zukunftschancë vun eise Schüler auswierken.

An deem Kontext huet d'Regierung Gespréicher mat de Gewerkschaften och opgeholl. Et ass eisen ausdréckleche Wonsch, zesummen eng Léisung am Interessi vun de Kanner ze fannen. Eng Léisung, déi deenen neie finanzielle Realitéite muss gerecht ginn. Ech halen et dann och fir sënnvoll, dass mer iwwert d'Déchargen am Enseignement diskutéieren. Dat awer net eleng mam Bléck op d'Statsfinanzen, mä virun allem mat Bléck op d'Qualitéit vun der Schoul.

Mir brauchen experimentéiert a gutt forméiert Enseignanten, déi sech fir d'Zukunft vun de Schüler investéieren. Mir hu genee dës Leit an de Schoulen, an hir Erfahrung soll en Atout sinn a keen Hindernis an der Organisatioun vun der Schoul.

Den Éducatiounsminister wäert mat de Gewerkschaften zesummen no Léisunge sichen, fir de System pädagogesch besser a méi effizient ze maachen. Eng Reorganisatioun ass awer och onëmgänglech, an d'Regierung wäert och hir Responsabilitéiten droen.

En anere Punkt, op deem ech net akzeptéieren, dass mer eis auserneendreiwe loossen, ass d'Aféierung vun engem Wäerteunterrecht.

Déi aktuell Coursë vun der Morale laïque an der Relioun ginn ersat. D'Regierung setzt keen Enseignant op d'Strooss an d'Regierung hëlt kengem e Choix ewech. Jiddwereen huet d'Recht op seng Relioun an, wann déi jeeweileg Gemeinschaft dat offréiert, och op Reliounsunterrecht. D'Elteren an d'Kanner behalen d'Méiglechkeet, e Reliounscours ze besichen an d'Gemeinschafte behalen d'Méiglechkeet, esou Coursen ze organiséieren. Dat geschitt ausserhalb vum reguläre Unterrecht an der ëffentlecher Schoul.

D'Regierung ass dernieft awer och weiderhi bereet, d'Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen. Dat ass keng Décisioun géint d'Kierch. Et ass eng Décisioun fir d'Pluralitéit an och fir déi sozial Kohäsioun. D'Schoul soll net zwou Gruppe vu Schüler vuneneen trennen, mä déi Jonk zesummeféieren an de Matenee stäerken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng gutt Éducatiounspolitik ass laangfristeg eng Antichômage- a virun allem eng Antijugendchômagepolitik.

Bei alle Beméiungen an der Lutte géint de Jugendchômage dierfe mer net vergiessen, dass och e Véirels vun all de Leit ouni eng Aarbecht iwwer 50 Joer al sinn. Mir mussen hinnen eppes offréieren an hir Aarbecht valoriséieren. Eleng iwwert de Wee vu Beschäftegungsmesurë geet et net. Si musse begleet an esou encadréiert ginn, dass de Schrëtt vum Chômage zréck an d'Aarbecht fléissend, awer och däitlech ass. Schaffegoe muss sech lounen, Netschaffegoen dierf keng Alternativ, mä erëm eng Ausnahm sinn.

Déi Betraffe selwer ginn an dësem Prozess och selwer an d'Responsabilitéit geholl. Hir Beméiunge gi berücksichtegt, bewäert an och ënnert d'Lupp geholl. Nieft dem Encadrement muss och eng Motivatioun stoen a Flexibilitéit. D'Regierung huet dowéinst och d'lescht Woch d'Distanzklausel ofgeschaf, déi ee bis elo konnt invoquéieren, fir eng proposéiert Aarbecht ze refuséieren.

D'ADEM bleift den éischten Uspriechpartner an der Lutte géint de Chômage, an dës Administratioun gëtt weider verstäerkt. Zënter e puer Deeg steet dann och fest, dass et eng Léisung gëtt, fir de wierklech akute Plazmangel am Gebai op der Gare ze entschäerfen. Eng Rei Servicer ginn an aner Gebailechkeeten op Hamm transferéiert. Dat verbessert d'Schaffkonditioune vum Personal a virun allem och d'Qualitéit vum Service.

Ech war mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit sur place. Ech hu Leit gesinn am Gank, déi eng hu Formulairen ausgefëllt, déi aner hunn um Computer geschafft, déi aner hu gewaart, déi aner sinn eppes siche komm. Et war net akzeptabel, wéi d'Situatioun op der Gare war. An ech soen och ausdrécklech dem Nicolas Schmit Merci fir deen Engagement, deen e geholl huet, an déi Rapiditéit, fir elo eng Léisung ze fannen, fir dass och d'ADEM kann adequat schaffen.

A mir wäerten och nach weider... Ech hunn deen Engagement och geholl mam Minister Schmit, fir den Tour vun den Agencen hei am Land ze maachen, fir ze kucken, wou se sinn. Ech muss lech soen, dass awer déi nei Direktesch eis ganz Regierung impressionnéiert huet iwwert deen Engagement, deen Dynamismus an déi Loscht, déi se huet, net nëmmen de Chômage ze géréieren, mä de Chômage ze bekämpfen. An déi Astellung ass déi richteg.

Ech hat an de leschten Deeg och d'Geleeënheet, mat de Sozialpartner iwwert d'Situatioun op eisem Aarbechtsmaart an déi noutwendeg Adaptatiounen ze diskutéieren. De Sozialdialog op institutionellem Niveau ass relancéiert. Verschidde Gesetzesprojeten, déi schonns an der Procédure sinn, wéi d'Gesetz iwwert de Sozialdialog an de Betriber oder d'Gesetz iwwert de Reklassement, ginn an den nächste Méint gestëmmt.

De Projet de loi iwwert d'Gestion des âges an de Betriber ass d'lescht Woch och vum Regierungsrot ugeholl ginn. Déi Initiativ gouf mat de Sozialpartner ofgestëmmt a soll mathëllefen, eeler Salariéen an de Betriber ze halen, de Chômage ze bekämpfen an d'Aarbechtsbedéngungen ze verbesseren.

Mir sinn eng Koalitioun vu sozialer Responsabilitéit. De Stat muss asprangen, wou et noutwendeg ass, allerdéngs nëmmen dann. Esou wéi de Stat seng Verantwortung hëlt, muss sech och jiddwer Eenzelnen der Verantwortung stellen. De Sozialsystem an eisem Land ass reformbedürfteg a muss schrëttweis a gutt iwwerluecht de Realitéiten ugepasst ginn. Dat gëllt fir den RMG, d'Chômageindemnitéiten an et gëllt fir d'Sécurité sociale.

Eng schrëttweis Upassung heescht awer och, dass et kee soziale Kahlschlag mat der neier Regierung wäert ginn. Wann een néideg Upassunge vu vireran esou condamnéiert, dann ass dat eng einfach Kritik, awer si ass net berechtegt a si ass och net richteg.

De Stat investéiert e groussen Deel vu sengem Budget an déi sozial Ofsécherung. Dobäi gëllt et, mat de Ressourcen esou ëmzegoen, dass de System och nach muer ofgeséchert bleift. An de Beräicher Pensioun, Santé an Assurance accident sinn déi lescht Jore Reformen ëmgesat oder ugestouss ginn. D'Erausfuerderunge vun der Zukunft verlaangen, dass mer weider genee oppassen, wéi de System sech entwéckelt a net waarden, bis den Zär kuerz virun der Zwielef steet.

D'Liewenserwaardung vun eis alleguerte geet an d'Luucht. Doriwwer kënne mer eis freeën. Dat bedeit awer och, dass d'potenziell Käschten an d'Luucht ginn. Fir dass eis d'Entwécklung net iwwert de Kapp wiisst, musse mer un der Effizienz vun de Sozialleeschtunge schaffen, dat heescht, si musse méi geziilt agesat ginn.

D'Kranken- an d'Fleegeversécherung gi moderniséiert, fir dass zum Beispill en double Emploi évitéiert ka ginn. De Leeschtungskatalog gëtt kritesch analyséiert. Eng Prestatioun muss effikass a sënnvoll sinn, wann d'Allgemengheet derfir bezuele soll.

Eng Analys muss net all Kéiers gemaach ginn, wann e Patient den Dokter wiesselt. Informatiounen iwwer e Patient sinn a bleiwe vertraulech, Medeziner sollen awer iwwert de Wee vum elektronesche Patientendossier kënnen hir Kenntnisser austauschen. Den Dossier de soins partagés, dee sämtlech medezinesch Donnéeën an aner wichteg Informatioune regruppéiert, ass amgaang vun der Agence „eSanté" ëmgesat ze ginn. Den DSP ass en immens wichtegt Instrument fir d'Verbesserung an d'Koordinatioun vun de Soinen an der Sécherheet vum Patient bei senger Prise en charge vu sämtleche Prestatairen aus dem Gesondheetsberäich.

An der Gesondheetspolitik steet weiderhin de Patient am Mëttelpunkt. Jiddweree soll weiderhin eng héich qualitativ Prise en charge garantéiert kréien. Den universellen Zougang zu de Servicer am Gesondheetsberäich bleift eng Grondviraussetzung hei am Land. D'Fro, ob ee gutt versuergt gëtt, dierf net a Relatioun stoe mat der Fro, ob een och gutt verdéngt oder gutt assuréiert ass.

Fir dass dat weider méiglech ass, mussen awer och am Spidolswiesen d'Ressourcë beschtméiglech genotzt ginn. D'Synergien tëschent de verschiddene Spideeler ginn aktiv ënnerstëtzt. Den neie Spidolsplang, deen d'Weiderentwécklung an den nächste fënnef Joer bestëmmt, gëtt an den nächste Méint och finaliséiert.

D'Regierung begréisst och dernieft, dass geschwënn de Gesetzesprojet zum Vote steet, mat deem d'Patienterechter gestäerkt ginn an d'Aarbecht vum Dokter erliichtert gëtt. Et kënnt eng Mediatiouns- an eng Informatiounsinstanz, déi den Dialog tëschent Patient a Medeziner erliichtert a Konflikter évitéiert. An deem Zesummenhang gëtt och en Indemnisatiounsfong fir onverschëllte Schued vun der Behandlung, dem Aléa thérapeutique geschaf.

Wa mer iwwer Gesondheetspolitik schwätzen, erlaabt mer och e Wuert iwwert d'Krankheeten ze soen. Mir liewen an engem Land, wou eng Diagnos den Ufank vun enger Behandlung ass, wou deene Betraffenen an der Regel ka geholl ginn. Eng vun de Krankheeten, mat där praktesch jiddwereen a sengem Emfeld, an der Famill, am Frëndeskrees konfrontéiert gëtt, ass de Kriibs. All Joer ginn hei am Land ronn 3.000 nei Fäll bekannt an d'Tendenz geet an d'Luucht. Iwwer 1.000 Fraen, Männer an och Kanner stierwen all Joer u Kriibs zu Lëtzebuerg.

Déi beschte Waff ass ëmmer nach d'Preventioun an d'Fréierkennung. D'Gesondheetsministesch Lydia Mutsch ass amgaang, all Aktiounen a Programmer ze optimiséieren an ze komplettéieren, fir dëst an engem éischte globalen, nationale Kriibsplang zesummenzeféieren. Dëse Fënnefjoresplang, dee mat all den Acteure bis de Summer ausgeschafft gëtt, soll all néideg an effikass Moossnam am Beräich vun der Preventioun, der Diagnostik, dem Traitement, der Fuerschung an der Informatioun vun de Patienten zesummefaassen. Domat hëllefe mer aktiv, d'Risikofacteuren an nei Kriibsfäll an deenen nächste Joren erofzesetzen.

Et ginn zu Lëtzebuerg och nach méi schwiereg Themen an der Gesondheetspolitik. Eent dovunner ass de Suicide. Weltwäit geet d'Zuel vun de Mënschen an d'Luucht, déi sech d'Liewen huelen. Iwwer eng Millioun Leit stierwen all Joer, well si keen Auswee méi gesinn. Bei eis zu Lëtzebuerg geet ee vu ronn 80 Suicidë pro Joer aus. D'Zuel vun den Tentativen ass nach emol bedeitend méi héich a läit bei 1.600 Selbstmordversich pro Joer hei am Land.

D'Zuel vun de Mënschen, déi enger Belaaschtung net méi standhalen, déi ënner Depressioune leiden a psychesch krank ginn, geet och bei eis hei an d'Luucht. All Alter an all Beruffsgrupp ass gläichermoosse betraff. Et gëtt keng Risikogrupp, mä vill Leed a Misär. D'Famill an d'Kolleege leide mat. Wann et zu engem Selbstmordversuch oder zu engem Suicide kënnt, fält eng Welt an de Koup.

D'Regierung schafft dofir ganz aktiv un der Opstellung vun engem nationale Plang fir d'Suizidpreventioun, deen an den nächste Méint finaliséiert gëtt, soudass en nach am Laf vun dësem Joer lancéiert ka ginn.

Déi méi schwaach an déi méi krank Mënsche brauchen Hëllef, déi méi staark brauchen heiansdo awer och Ënnerstëtzung.

Zu deene Staarke gehéieren och déi Mënsche mat engem Handicap. Si si keng Mënschen zweeter Klass, mä vollwäerteg Mënschen a Membere vun eiser Gesellschaft, déi déi Autonomie verlaangen, déi hinnen zousteet. Fir dass déi Leit mat spezifische Besoine méi autonom ginn an hiren eegene Liewensprojet kënne realiséieren, muss dee richtege Kader gesat ginn.

Den Ament iwwerschaffe mer d'Législatioun iwwert d'Accessibilitéit vum ëffentleche Raum. Well mer d'UNO-Konventioun iwwert d'Rechter vun de Leit mat Handicap wëllen esou séier wéi méiglech ëmsetzen, muss d'Applikatioun vum Gesetz vun 2001 vill méi vast ginn. Dat gëllt besonnesch, wann et ëm den Accès zu ëffentleche Gebaier, Sozialwunnengen oder och verschidden Aarbechtsplaze geet.

De Famillejeministère huet, zesumme mam Logementsministère, Kritären ausgeschafft, fir dass op d'mannst 10% vun de Logementer, grad wéi och d'Parties communes, accessibel si fir jiddwereen. Dës Kritäre wäerten an Zukunft an all Cahier de charges stoe vu Projeten, déi kofinanzéiert ginn.

Mä d'Accessibilitéit ass net nëmme physesch; och d'Informatioun muss fir jiddwereen accessibel sinn. Mir hunn an deem Kontext décidéiert, e Gebärdendolmetscher anzestellen, deen de Familljeministère, all Administratioun, ob lokal oder national, zur Verfügung ka stelle fir Traduktiounen. An Zukunft sollen och d'Pressekonferenzen an d'Gebärdesprooch iwwersat ginn, grad ewéi och de Briefing nom Regierungsrot a regelméisseg och déi grouss Débaten an der Chamber.

Ech wëll dofir och ausdrécklech der Chamber e grousse Merci soen, dass d'Debatte fir d'éischte Kéier a voller Längt a Gebärdesprooch iwwersat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung changéiert d'Approche bei der Famillejeférderung. Et ass eng Upassung un d'Realitéit a gläichzäiteg e Paradigmewiessel.

Am Koalitiounsprogramm gouf eng déif gräifend Analys an en detailléierten État des lieux vun de Familljebäihëllefe versprach. Mir sinn amgaang, déi Analys a Gespréicher mat de Leit aus de Secteure weiderzefeieren. Mir hunn net prioritär d'Elteren, mä virun allem d'Kanner am Bléck, wann et ëm Zoulagen an Ënnerstëtzunge geet. Et geet drëms, d'Kanneraarmut erofzesetzen an d'Liewensqualitéit vun de Familljen ze verbesseren. Et geet drëms, eng qualitativ héichwäerteg, effikass a finanzéierbar Kannerbetreiung unzebidden.

Laangfristeg wëllt d'Regierung op de Wee vun enger gratis Betreiung goen, soubal déi finanziell Moyenen dat erlaben. Et geet drëms, dass mir grad déi kleng Kanner tëschent null an dräi Joer stäerken an hinnen de beschtméigleche Start an d'Liewe garantéieren. Et geet och drëms, besonnesch deene jonke Familljen déi Ënnerstëtzung a Sécherheet ze ginn duerch eng gutt Kannerbetreiung, déi et hinnen erlaabt, Beruff a Famill ënner een Hutt ze brëngen. Dat gëtt hinnen Autonomie a stäerkt eise Sozialsystem op Dauer.

Et ass och meeschtens keng Optioun, mä eng Noutwendegkeet, dass déi zwee Elterendeeler respektiv elengerzéiend Mammen oder Pappe musse schaffe goen. Si brauchen Ënnerstëtzung bei der Kannerbetreiung, an d'Regierung gëtt hinnen déi Ënnerstëtzung.

Dofir huet d'Familljeministesch Corinne Cahen a sëlleche Gespréicher mat den Acteuren, mat de Sozialpartner a mat den Experte probéiert, Weeër ze fannen, fir dass de System finanzéierbar bleift an d'Situatioun vun de Kanner ka gestäerkt ginn. Dat gëllt besonnesch fir déi, déi et am meeschte brauchen.

Virum Hannergrond vun dësen Iwwerleeunge gëtt de System vun der Familljeférderung komplett nei organiséiert. Et wäert méi eng kohärent Politik sinn, wou d'Allocatioune verstäerkt no soziale Kritäre verdeelt ginn. Den Detail vun dëser Reorganisatioun gëtt am Dialog mat den Acteure finaliséiert, an d'Familljeministesch wäert de Plang an den nächste Méint presentéieren.

An enger moderner Gesellschaft sinn och d'Rollen an d'Responsabilitéiten tëschent Männer a Frae gerecht verdeelt. Zu Lëtzebuerg ass d'Gläichstellung tëschent deene Geschlechter a ville Beräicher vum Liewen awer nach wäit ewech vun enger Realitéit. Et si manner Fraen um Aarbechtsmaart wéi Männer. Si ginn och dacks manner gutt bezuelt fir déiselwecht Aarbecht a si sinn ënnerrepresentéiert op Responsabilitéitsposten, sief dat an der Politik oder an der Wirtschaft.

Dës Regierung steet fir e besseren Équiliber tëschent Fraen a Männer. Dofir wäert d'Ministesch vun der Chancëgläichheet nach virum Summer eng Gesamtstrategie ausschaffen, wéi mir kënnen déi ambitiéis Ziler erreechen, déi mir ons am Regierungsprogramm gesat hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Logement ass e Sujet, deen all Joer op dëser Plaz nei thematiséiert gëtt, an ech ka mech erënneren als jonken Deputéierten, ëmmer, ëmmer, ëmmer erëm, wat alles misst geschéien! Et goufe vill Initiative geholl, mä de Problem vun ze wéineg Wunnraum an ze héije Präisser bleift bestoen.

Ech maachen an deem Kontext keng Versprieche, déi ech duerno och net hale kéint, mä ausser eent: D'Regierung mécht all Effort, ass determinéiert, décidéiert a konsequent an der Approche, fir dass an Zukunft jonk Familljen eng Chance hunn, fir en Doheem ze fannen. Dat ouni dass si an d'Grenzregioun plënneren oder sech iwwert d'Mooss verschëlde mussen.

D'Grondiddi vum Pacte Logement bleift bestoen. D'Gemenge gi vum Stat ënnerstëtzt, fir zousätzleche Wunnraum ze schafen. Par contre wäert hei, wéi iwwerall, verstäerkt drop gekuckt ginn, ob déi investéiert Suen och richteg

an effikass genotzt ginn. De Ministère ass amgaang, zesumme mam Syvicol e Wee ze fannen, wéi een de Pacte Logement regelméisseg kann evaluéieren.

Natierlech huet den Aménagement communal, deen definéiert, wou a wéi dierf gebaut ginn, en direkten Afloss op d'Wunnengsbaupolitik. Et war dann och extrem wichteg, dass d'Regierung sech de Plan sectoriel «Logement» nach eng Kéier genee ugekuckt huet, well deen eng grouss Influenz och op den Aménagement communal huet.

D'Regierung huet an enger gemeinsamer Approche bannent kierzester Zäit extrem vill um Plan sectoriel «Logement» geschafft. De Wunnengsbau gëtt elo favoriséiert, wou et aus landesplanerescher Siicht sënnvoll ass, an de Logement gëtt op deene Plazen defavoriséiert, wou eng extrem Urbaniséierung grouss Nodeeler géif mat sech bréngen. Dës pragmatesch a realistesch Approche huet verhënnert, dass de Plan sectoriel «Logement» zu engem net gewolltene Wunnengsbauverhënnerungsprogramm mutéiert wier.

Esou wieren duerch de Plan sectoriel «Logement», dee virdru preparéiert gi war a vill Zäit gebraucht huet, ronn 1.000 Hektar - 1.000 Hektar! - Terrain als Bauland verluer gaangen!

(Interruption)

Ech soen et nach eng Kéier: Wann de Plan sectoriel «Logement», dee vun der viregter Regierung preparéiert ginn ass, esou adaptéiert gi wier, 1.000 Hektar Bauland wiere verluer gaangen! Si wieren als Zone d'aménagement différée oder Zone verte zréckklasséiert ginn. Dat konnt awer duerch gemeinsam Efforte vun de Ministèrë vum Intérieur, der Nohaltegkeet an dem Logement évitéiert ginn. D'Bierger soen Iech Merci!

Et goufen an der Vergaangenheet och keng Berechnungen iwwert den Impakt vun theoretesch opgestallte Konditiounen. Déi Berechnunge sinn elo gemaach ginn. Opgrond vu konkrete Chiffere konnten och politesch Konsequenze gezu ginn. Et ass dëst vernetzt Denken a Schaffen, wat eis virubréngt a wat mir als nei Regierung wëlle promouvéieren.

Mir ënnerstëtzen dann och weider den nohaltege Wunnengsbau. Allerdéngs ginn déi eenzel Hëllefe regruppéiert, déi ekologesch, déi energetesch an déi sozioekonomesch Bäihëllefe ginn zesummegefaasst. Dat mécht d'Prozedur vun der Demande méi einfach, méi séier a méi iwwersiichtlech.

D'Regierung huet eng Partie weider an zum Deel fonkelnei Initiativen op der Lee, fir dem Problem am Logement entgéintzewierken. Dat ass ënner anerem d'Elaboratioun vu Baulandverträg. D'Zil vun esou Kontrakter tëschent Gemeng a Propriétaire ass et, fir d'Aktivatioun vun Terrainen zäitlech ze definéieren. An der Regel gi Baulandverträg op Terraine geluecht, déi am PAG nei klasséiert goufen a wou et an den Ae vun der Gemeng sënnvoll wier, se méiglechst schnell ze bebauen. Wann innerhalb vun engem bestëmmten Délai net gebaut gëtt, da gi Sanktioune virgesinn. En Aarbechtsgrupp am Ministère befaasst sech mat deem Instrument an ass amgaang, d'Detailer auszeschaffen.

D'Logementsministesch huet och e Baulückeprogramm als Prioritéit definéiert. D'Donnéeën iwwer Baulücke vum Stat, de Gemengen an allen aneren ëffentlechen Acteure ginn zesummegedroen. En éischte Relevé huet de CEPS schonn 2010 gemaach. Hei si ronn 37 Hektar fonnt ginn. Nächst Schrëtt sinn, dass d'Loftbiller vun 2013 analyséiert ginn a parallell gekuckt gëtt, wou déi Baulücke sech befannen a wéi se klasséiert sinn. Um Enn geet et drëms, d'Offer vum Wunnengsmarché an d'Luucht ze setzen, fir esou der Präisexplosioun entgéintzewierken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Beräich vum Logement gouf et an der Vergaangenheet vill Geflécks. Mir wëllen dat évitéieren, an do sinn och schonn eenzel Décisioune geholl ginn. E Beispill ass eng nei Organisatioun am Ministère de l'Intérieur wat den Aménagement communal betrëfft.

E relativ onkoordinéierte System huet hei zu vill Duerjerneen an zum Deel och zu negative Konsequenze fir de Privatsecteur gefouert. Et gouf eng Cellule fir d'Begutachtung vun de PAPen an eng zweet Entitéit, déi dann d'Approbatioun vun deselwechte PAPe gemaach huet. Déi zwou Entitéite ware kaum a Kontakt mateneen, wat dozou gefouert huet, dass de System dacks blockéiert war, zum Misär vu Gemengen a vu private Promoteuren. Zënter zwee Méint ass et en eenheetleche Service, deen de Gemengen als Berodungsinstanz zur Säit steet. Dëst ass nëmmen een Element vun enger kompletter Neiorganisatioun am Innenministère.

En anert ass d'Ofschafe vun den Distriktskommissariater. Dëse Projet gëtt kuerzfristeg a ganz sécher nach virun der grousser Vakanz op den Instanzewee geschéckt. Wa mir dat maachen, dann ass et net, well mir déi Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass, net ze schätze wëssen. Mir sinn awer der fester Iwwerzeegung, dass dës Mesuren e wesentleche Bestanddeel vun der Simplification administrative sinn.

Déi kuerz Weeër, op déi mir zu Lëtzebuerg esou houfreg sinn, ginn erëm hiergestallt. Et ass eng eemoleg Chance, dass et an eisem Land tëschent Stat a Gemeng keng weider Instanz gëtt. Iwwer 170 Joer no hirer Aféierung kënne mir haut déi administrativ Iwwerwaachung vun de Gemengen duerch d'Kommissariater ofschafen.

Nieft dësem signifikante Schrëtt kënnt et, an Zesummenaarbecht mam Syvicol, zu weidere konkreten Erliichterunge vun der Tutelle administrative. Sou ginn d'Gemengen opgewäert an d'Demokratie gestäerkt.

Ënnert de Gemenge soll dernieft eng onnéideg Konkurrenz ofgebaut an duerch méi Gerechtegkeet ersat ginn. Dat betrëfft zum Beispill de Verdeelungsschlëssel vun de Suen, déi de Stat un d'Gemenge weidergëtt. Dobäi ginn och d'Gemengen an d'Responsabilitéit geholl, wat e sënnvollen Emgang mat ëffentleche Gelder betrëfft.

Mir wëllen dës Finanzreform an aller Transparenz an am Dialog mam Syvicol op de Wee bréngen. En attendant vun enger méi déif gräifender Reform, déi Zäit brauch, soll e bestoende Konsens awer séier ëmgesat ginn a schonns fir 2015 gräifen. Ech wëll och vun der Geleeënheit hei profitéieren, fir dem President vum Syvicol Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Regierung.

Dir Dammen an Dir Hären, an de leschte Méint ass duerch d'Problematik Monkeler eppes méi wéi däitlech ginn: Mir sinn un de Limiten. Wa mir et net fäerdegbréngen, eise Wirtschaftswuesstum, eis Siedlungspolitik, eis Mobilitéit, eisen ëffentleche Raum besser a méi nohalteg ze organiséieren, da si mir ganz geschwënn an enger Sakgaass.

Dofir muss als Éischt d'Landesplanung méi effikass ginn. Si brauch e reglementaresche Kader, deen derfir suergt, dass mer an Zukunft eng kohärent Entwécklung kréien. Eng Entwécklung, wou Schaffen, Wunnen a Fräizäit nees zesummegeféiert ginn, wou all Duerf, all Uertschaft, all Stad, all Regioun eng sënnvoll Fonctionnalitéit kritt.

Et gouf sech och am Nohaltegkeetsministère an de leschte Méint intensiv mat de sektorielle Pläng beschäftegt. Et huet ee misse feststellen, dass an der Landesplanung zwar vill gutt Viraarbecht geleescht gi war, an déi gutt ass, mä dass et ganz sécher an der Vergaangenheet un enger kohärenter, iwwergräifender politescher Orientéierung gefeelt huet. Duerfir huet vill Inkohärenz aus de Pläng missen erausgebotzt ginn. D'Regierung huet dernieft och hir Schwéierpunkten afléisse gelooss. Dat, wéi scho gesot, zemools an de sektorielle Pläng vum Logement an och beim Transport.

Eng gutt Landesplanung ass eng wesentlech Viraussetzung fir eng kohärent, organiséiert an nohalteg raimlech Entwécklung vun eisem Land. Fir dass d'Landesplanung awer richteg ka gräifen, brauche mir esou séier wéi méiglech déi véier primär sektoriell Pläng. Déi sinn och esou wäit prett.

D'Regierung wäert sech e Freideg an e Samschdeg intensiv mat der Finalisatioun an der Koordinatioun befaassen, ier d'Plans sectoriels dann an den nächste Woche presentéiert kënne ginn. Fir d'Éischt an der Chamber, den 21. Mee, an da bei de Schäfferéit, ier se da formal vun der Regierung an déi vum Gesetz virgesinn offiziell Prozedur agereecht ginn. Dëst soll am Juni geschéien, wou d'Pläng dann och am Kader vun enger Enquête publique de Gemengeréit an de Bierger virgestallt ginn. Wann alles gutt geet, solle se dann als groussherzoglecht Reglement a ronn zwee Joer definitiv a Kraaft trieden.

D'Gemenge gi bei dëser Saach net iwwerfall an hunn nom definitiven Akraafttriede vun de Pläng véier Joer Zäit, fir hir PAGen unzepassen, och wann et muss kloer sinn, dass an Tëschenzäit näischt Konträres méi zu de wesentleche Prescriptioune vun de Pläng däerf geplangt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass am Top 5 vun den EU-Länner, wou d'Leit am meeschten Zäit an de Staue verbréngen. Dat ass schiedlech fir eis Liewensqualitéit, fir eis Ëmwelt an och fir eis Ekonomie an do muss sech eppes änneren.

D'Regierung wäert an den nächste Jore massiv an d'Mobilitéit investéieren. Zuch, Bus, Tram, Vëlo, Auto a Foussgänger gi besser matenee kombinéiert: ewech vun dem eendimensionalen Denken hin zu Multimodalitéit. Dat heescht, e kombinéiert Notze vun allen zur Verfügung stoende Verkéiersmëttel. Dat ass et, wat mer brauchen, fir dass mer an Zukunft besser virukommen.

D'Eisebunn brauch méi Capacitéit. Fir dass dat ka geschéien, huet den Nohaltegkeetsminister François Bausch virun zwou Wochen de Gesetzesprojet fir d'Verduebelung vun der Beetebuerger Streck an der Chamber déposéiert. Weider Gesetzer kommen an den nächste Méint no, zum Beispill den Aus- an Ëmbau vun der Ettelbrécker Gare.

An der Gare Lëtzebuerg wäert e fënnefte Quai gebaut ginn, deen nieft dem Ausbau vun der Beetebuerger Streck nei Méiglechkeeten offréiere wäert. De grenziwwerschreidenden Trafic a Richtung Frankräich gëtt esou weider verbessert.

Fir dass d'Gare Lëtzebuerg kann entlaascht ginn, a fir dass ee vu Süden, Westen an Norde besser a méi schnell op de Kierchbierg ka kommen, wäert den Arrêt Pont Rouge séier gebaut ginn, mat engem Funiculaire, fir d'Passagéier einfach a séier aus dem Pafendall op de Kierchbierg ze transportéieren. De Projet de loi ass d'lescht Woch am Regierungsrot ugeholl ginn a wäert geschwënn hei an der Chamber déposéiert ginn.

D'Eisebunn investéiert och nach weider an hiert Material. Sou ginn nach dëst Joer nei duebelstäckeg Automotricë geliwwert, déi da vum Wanter un am Kader vun dem neie Rheinland-Pfalz-Takt op Koblenz fueren, am Stonnentakt respektiv zu den Haaptzäiten och am Hallefstonnentakt.

Nieft der klassescher Bunn wëllt d'Regierung och séier den Tram bauen. An a ronderëm d'Stad sinn haut scho 50% vun den Aarbechtsplaze vum Land konzentréiert. Mat Houwald, Ban de Gasperich, Hollerech, Kierchbierg a Findel ginn et weider Entwécklungsgebidder, an déi musse gutt matenee verbonne ginn. Den Tram ass d'Verkéiersmëttel, wat déi Ubannunge garantéiert.

D'Regierung huet den initiale Projet korrigéiert an d'Trace vum Findel duerch d'Stad bis op d'Cloche d'Or gëtt elo séier ëmgesat. Den Nohaltegkeetsminister wäert spéitstens ufanks vum nächste Joer en zweet Finanzéierungsgesetz déposéieren, wat et erlaabt, den Tram schonn an der éischter Phas direkt bis op den Houwald ze bauen. Fir d'Deeler Houwald-Cloche d'Or a LuxExpo-Findel sollen déi entspriechend Gesetzer geschwënn hannendrukommen. Esou kann déi ganz Linn vum Findel bis op d'Cloche d'Or fir d'Joer 2020/2021 operationell sinn.

Den Tram eleng léist keng Verkéiersproblemer, mä ouni den Tram als neit schinnegebonnent Réckgrat am Zentrum wäerte mer ganz sécher d'Verkéiersproblemer net an de Gréff kréien. A well den Tram nëmmen a Kombinatioun mat Zuch a Bus a Park & Ride eppes bréngt, gi parallell folgend Infrastrukture gebaut:

néng Plateformes d'échange: Si sinn op der Cloche d'Or, bei der neier Gare Houwald, zu Bouneweg, zu Hollerech, op der Gare centrale, op der Stäreplaz, beim Arrêt Pont Rouge, bei der LuxExpo an um Héihenhaff. Bei dëse Plattforme ginn direkt folgend P&Re gebaut:

- 4.000 Plazen um Héihenhaff beim Findel,
- 1.500 Plazen op der Cloche d'Or,
- 500 Plaze bei der LuxExpo.

Doriwwer eraus sollen eng Rei nei gréisser P&Ren an der Groussregioun..., an der Grenzregioun gebaut ginn. En éischte mat enger Capacitéit vun 1.500 Plazen direkt un der Gare zu Rodange.

An deem ganze Konzept gëtt de Bus komplett reorganiséiert. Nei tangentiell Linne sollen déi grouss Aktivitéitszonen direkt matenee verbannen. Sou wäerte vum Mee dëst Joer un esou Héichcapacitéitsbuslinnen d'Aktivitéitszonen am Südweste vun der Stad Lëtzebuerg ënnereneen a mat der Gare centrale verbannen.

Eleng am Budget dëst Joer gi 14 Millioune méi fir d'Verstäerkung vum Busréseau investéiert, virun allem am Interessi vum Beruffsverkéier. De Bus wäert an Zukunft e ganz wichtegen Zoubréngerzu Zuch an Tram ginn a wäert déi Regioune besser matenee verbannen, wou et weder Zuch nach Tram gëtt.

Fir dat Ganzt ofzerënnen, soll dat vollt Potenzial vun der doucer Mobilitéit, dem Vëlo an dem Zefoussgoe voll ausgeschëpft ginn. Den Nohaltegkeetsministère huet sech elo dofir eng nei Cellule de planification ginn a bei der Stroossebauverwaltung gouf eng nei Division de la mobilité écologique geschafen. Dës wäerten, an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen am Land, der doucer Mobilitéit zum Duerchbroch verhëllefen an deementspriechend wichteg nei Mobilitéitsakzenter setzen.

Mir brauchen all dës substanziell Investissementer fir dat Gesamtkonzept fir eng nei Mobilitéit. Dëst si wichteg Entscheedungen, fir dass eist Land sech och an Zukunft nach ka wirtschaftlech weiderentwéckelen, grad wéi och fir méi Liewensqualitéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Zoustand vun eiser natierlecher Ëmwelt huet an de leschte Jorzéngte staark gelidden. Mir gesinn haut, dass den ekonomesche Wuesstum net nëmmen zu materiellem Räichtum bei ville Stéit gefouert huet, mä och aner Konsequenzen huet - Konsequenze fir eis Gesondheet, Konsequenze fir eis Liewensqualitéit a Konsequenze fir eis Natur. Mir hu begrenzten natierlech Ressourcen, eng begrenzte Fläch a musse suergsam domat ëmgoen, mir musse mat manner méi maachen. Mir mussen an dëser Erausfuerderung eng Chance gesinn a kreativ an innovativ ginn.

Eis Loft ass plazeweis mat ze vill Schadstoffer belaascht. An de Baachen an am Grondwaasser fanne mir vill ze vill Nitrater an deelweis och Pestiziden aus der Landwirtschaft. An eise Baachen, Bëscher, Wisen an Hecken hunn ëmmer manner Déieren a Planze Plaz, fir ze liewen.

Mir brauchen awer propper Loft, proppert Waasser an eng gesond a villfälteg Natur, soss geet et eise Leit, a virun allem eise Kanner zu Lëtzebuerg op Dauer net gutt. Loft, Waasser, Buedem, Natur sinn och e Kapital, ëm dat mir eis këmmere mussen. Wa mir net elo déi entstane Retarden ophuelen, da bedeit dat net nëmmen de Verloscht vu Villfalt, eng Gefor fir eis Gesondheet, mä och Käschten - Käschte fir d'Allgemengheet, Käschte fir eis alleguer, Käschte fir eis Kanner.

Mir maache keng Symptombehandlung, déi nëmme kascht an net vill bréngt, mä mir wëllen d'Ursaachen zesumme mat de Bierger ugoen. De Verloscht vu Biodiversitéit gëtt ofgebremst. D'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg an de Statssekretär Camille Gira wäerten och schnellstméiglech dat iwwerschafftent Naturschutzgesetz lancéieren.

De Qualitéitszoustand vun de Lëtzebuerger Gewässer ass alarmant - nëmme 7% vun de Baachen an nëmme 60% vun de Grondwaasserreservoire sinn an engem gudden Zoustand. Fir dës wäertvoll Ressourcë konsequent ze schützen an d'Versuergungssécherheet vu Lëtzebuerg mat propperem Drénkwaasser och an Zukunft ze garantéieren, verstäerkt d'Regierung hir Efforten am Beräich vum preventive Waasserschutz - d'Ausweise vu ronn 80 Drénkwaasserschutzzonen spillt hei eng zentral Roll. Fënnef Schutzzone si schonn um Instanzewee, an dëst Joer kommen der nach zéng bäi.

Déi aktuell Retarde bei Waasser- an Naturschutzautorisatioune gi schnellstméiglech opgeschafft. Mir féieren och am Waasserberäich eng Deklaratiounsprozedur an, ähnlech zu de Klass-4-Kommodosdeklaratiounen. Duerch dës administrativ Vereinfachung gëtt d'Waasserverwaltung méi effikass, well si méi Zäit fir déi wichteg Dossiere kritt. Duerch d'Regruppéiere vun alle Kompetenzen, déi déi natierlech Ëmwelt uginn, duerch d'Integréiere vum Waasser an den Ëmweltministère wäerte mir d'Synergien notzen, fir d'Autorisatioune méi schnell ze ginn, ouni awer dass dat Konsequenzen op de Schutz vun der Ëmwelt huet.

E Beruffsstand, dee per Definitoun enk mat der Natur verbonnen ass, sinn d'Baueren an d'Wënzer. Am Secteur vun der Landwirtschaft geet et den Ament besser wéi nach virun e puer Joer. Gläichzäiteg bleift et awer e Beräich, wou eng staatlech Ënnerstëtzung néideg ass. Et ass dofir och eng prioritär Aufgab fir de Landwirtschaftsminister Fernand Etgen, fir de Programme de développement rural ze finaliséieren an domadder dem landwirtschaftleche Secteur déi néideg Planungssécherheet ze ginn. Mir wëssen och, dass déi landwirtschaftlech Tätegkeet net ouni Afloss op eis Natur bleift. Deementspriechend sinn och am PDR Instrumenter virgesinn, déi dem Secteur hëllefe sollen, esou ze schaffen, dass dat mat méiglechst wéineg Nuisancë fir de Buedem, d'Waasser, d'Loft an de Klima geschitt.

Am selwechte Kontext soll een och den nationalen Aktiounsplang an d'Gesetz iwwert d'Pestiziden net vergiessen, wou d'Diskussioun hei an der Chamber amgaangen ass. Et gëtt eng nei proaktiv Approche gewielt, fir den Asaz vun dëse Mëttelen esou wäit wéi méiglech ze vermeiden an do, wou dat awer muss geschéien, déi néideg Informatioun a Formatioun ze garantéieren.

Vu besonnescher Aktualitéit ass den Ament och d'Thema Bauschutt. Den Äerdrutsch op der Décharge zu Monnerech, deen eng Fermeture

vun dëser Décharge bedéngt, zu engem Moment, wou och d'Décharge zu Helleng voll ass, huet zu enger Krisesituatioun am Bausecteur gefouert. Mir hunn am Süden an am Zentrum vun eisem Land keng ausgewise Plaz méi, fir de Buedem vun de Chantieren ze entsuergen. Mir stelle fest, dass, wat d'Déchargë betrëfft, jorelaang just um Limit geplangt gouf.

Dës Regierung wäert derfir suergen, dass am ganze Land déi mëttel- bis laangfristeg Reserve fir Buedemdeponië geschaf ginn, wéi se säit dem Ufank der 90er Jore verlaangt ginn. Mir maachen dat als Regierung net eleng, mir kënnen et net eleng maachen. D'Gemenge si mat gefuerdert, d'Solidaritéit tëschent de Gemengen am Land ass essenziell!

D'Regierung agéiert hei op zwee Niveauen:

Éischtens, manner Buedem produzéieren duerch eng Upassung vun der Aart a Weis fir ze bauen. Hei sinn och d'Gemenge mat de Baureglementer gefuerdert.

Zweetens, méi en dicht Netz vu Buedemdeponië schafen an esou och d'Belaaschtung fir d'Bevëlkerung méiglechst kleng halen. Eleng am Zentrum an am Süde sollen an dëser Legislatur véier nei Deponien installéiert ginn.

Wa mer bei der Aart a Weis vum Baue méi no Ëmweltkritäre kucken, laang Trajete fir Bauschuttcamionen évitéieren, dann ass dat och aktive Klimaschutz, eng weider Prioritéit vun der neier Regierung.

De Stat selwer wäert och weider vill mussen an ëffentlech Gebaier investéieren. Mir brauchen nach eng ganz Rei Schoulen a Sozialinfrastrukturen. Mir mussen an Zukunft nach méi effizient bauen an dat am duebele Sënn - finanziell an energetesch.

Finanziell, andeems mer eis Bauprogrammer méi kritesch iwwerpréiwen an ëmmer nees hannerfroen, wat sënnvoll a wat „nice to have" ass. Och wann an der Vergaangenheet scho vill Ustrengunge gemaach gi sinn, fir méiglechst energieeffizient ze bauen, esou kënne mer do nach besser ginn. Éischt ganz villversprechend Pilotprojete ginn an den nächste Jore lancéiert. Sou gëtt den neie Lycée vun de Gesondheetsberuffer zu Ettelbréck an dat neit Gebai vun der Forstverwaltung zu Dikrech am „Energie-plus"-Standard gebaut. Dat heescht, dës ëffentlech Gebaier produzéiere méi Energie, wéi se selwer verbrauchen.

Och d'Sanéierung vun de bestehende staatleche Gebaier gëtt an deem Sënn nei definéiert, fir esou och eis CO_2-Emissiounen ze reduzéieren.

Dat schaaft ausserdeem Aarbechtsplazen an zwar heiheem. Et spuert Suen, well wat mer méi energieeffizient bauen, wat mer mëttel- a laangfristeg u Fonctionnementskäschte spueren.

Wat eis CO_2-Emissioune betrëfft, wësse mir, dass mir méi maache kënnen, dass mir méi maache mussen. Mir wëssen och, dass mir och méi séier handele mussen.

Weltwäit gekuckt, klammen d'Emissioune weider. Och wann Europa de Problem net kann eleng léisen, komme mir net derlaanscht, eis Gesellschaft méi CO_2-aarm a méi nohalteg ze gestalten. D'Virdeeler leien op der Hand, mir gi manner ofhängeg vun den Importe vu fossilen Energieträger, mir schafe Wuesstum an Aarbechtsplazen.

Ech hu mech beim rezente Conseil européen derfir agesat, dass d'EU fréizäiteg déi grouss Linne vun engem ambitiéise Kader fir d'Klimaan d'Energiepolitik bis 2030 festleet. Ambitiéis heescht a mengen Aen, en CO_2-Reduktiounszil vun op d'mannst 40%, esou wéi vun der Kommissioun virgeschloen. Par contre bei der Energieeffizienz a bei den erneierbaren Energiequellen, wou mir eis fir en EU-Zil vun 30% ausgeschwat hunn, muss d'Kommissioun nach nobesseren.

Niewent der Ëmsetzung vum zweeten nationale Klimaschutzaktiounsplang an der Weiderféierung vum Klimapakt mat de Gemengen, schaffe mir och un neien, innovativen Instrumenter. Zum Beispill eng Klimabank, fir zesumme mam Privatsecteur d'Ëmsetzung vun de Moossnamen am Beräich vun der Verbesserung vun der Energieeffizienz a vum Asaz vun den erneierbaren Energiequellen ze accéléréieren.

D'Subventiounsregimer an dëse Beräicher gi mëttelfristeg iwwerduecht, fir nach méi geziilt ze förderen a preventiv géint d'Energieaarmut virzegoen.

An der Energiepolitik wëlle mer allgemeng an den nächste Joren nei Akzenter setzen, andeems mer am Stroum- an am Gasberäich eise Marché besser mat deem aus den Nopeschlänner verbannen.

Nieft enger méi staarker regionaler Kooperatioun, triede mer mat Nodrock fir eng méi staark europäesch Approche an der Energiepolitik an.

Fir Bürosgebaier an aner Haiser, déi net fir d'Wunne gebraucht ginn, gëtt den Effizienzstandard vun der Energieklass D op d'Energieklass C verschäerft. Dat fir all nei Funktionalgebaier, deenen hir Baugenehmegung no Mëtt 2015 agereecht gëtt.

D'Regierung féiert eng Energieeffizienz-Obligatioun an, déi d'Stroum- an d'Gasfournisseuren obligéiert, fir 1,5% Energie bei hire Clienten anzespueren. Heimat versprécht d'Regierung sech en neien Elan fir d'Energiespueren an der Industrie, den Entreprisen a bei de Privatleit. Déi erneierbar Energië wëlle mer weiderhi konsequent ënnerstëtzen, woubäi och gekuckt gëtt, wat ekonomesch am meeschte Sënn mécht.

De Stat huet bei der Energie an och an der Klimapolitik eng Virbildfunktioun. An deem Kontext muss een och iwwer eis Politik bei den Akzisen um Bensin nodenken. Den Ëmweltministère ass chargéiert, d'Berechnungen ze koordinéieren, fir erauszefannen, wat mëttel- a laangfristeg, a wat de positiven an de negativen Impakt wier, wann den Export vun Diesel a Bensin géif ofhuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, am Beräich vun der Gesellschaftspolitik a vun eisem Justizwiese sti gréisser Evolutiounen un. Zum Deel sinn déi vun der viregter Regierung ugefaange ginn, zum Deel ware se awer och mat der viregter Majoritéit net méiglech.

Wat gutt ass, gëtt weidergefouert, wat muss changéiert ginn, gëtt changéiert, wou et u Wäitbléck feelt, iwwerhëlt d'Regierung hir Responsabilitéit a bessert no.

An den nächste Woche gëtt an der Chamber d'Reform vum Mariage gestëmmt. Domat kréien all d'Koppelen, och déi gläichgeschlechtlech, d'Recht sech ze bestueden an hir Léift mat engem festen Engagement fireneen ze bekennen.

D'Kanner, déi zur Adoptioun fräi sinn, kréien dann och d'Recht, vun all de Koppelen adoptéiert ze ginn. Scho méi laang dierfen zu Lëtzebuerg Fraen a Männer, onofhängeg vun hirer sexueller Orientéierung, eleng adoptéieren. Elo geet dat och esou bei all de Koppelen, wa se sech bestueden. Dat ass déi bal eestëmmeg Meenung hei an der Chamber. Dofir gouf et seriö a respektvoll Diskussiounen an der zoustänneger Chamberskommissioun.

E Gesetz, un deem sech déi successiv Regierungen zënter 2003 d'Zänn ausgebass hunn, ass d'Scheedungsrecht. De Projet, deen 2003 déposéiert gouf, ass trotz vill guddem Wëllen an trotz ville konstruktiven Diskussiounen net zu engem Ofschloss komm. De Constat ass haut deeselwechte wéi virun eelef Joer: Den aktuelle gesetzleche Kader féiert dacks zu méi Problemer wéi e léise soll. Notamment d'Faute, oder d'Preuve dovunner, ass dacks den Ufank vun Ausenanersetzunge viru Geriicht. Allze dacks gëtt et dobäi kee Gewënner, mä zwee Verléierer.

D'Regierung ass décidéiert, eis Législatioun iwwert den Divorce ze reforméieren, séier ze reforméieren. Dofir wäert d'Faute ofgeschaf ginn, ausser am grave Fall vun der Violence domestique. Eng Koppel kann da gescheet ginn, wa se sech eens ass, also am „Consentement mutuel" oder wann et net méi geet, also den „Zerrütungsprinzip". Et muss ee wëssen, dass zu Lëtzebuerg am Moment nach ëmmer keng Méiglechkeet besteet, gescheet ze ginn, wann ee sech net méi gären huet. Dat ass keng Ursaach, dat ass keng Faute. An et ass héich Zäit ginn, dass dat emol geännert ginn ass.

Firwat eng Koppel gescheet gëtt, ass net méi relevant a muss deemno och net méi virum Scheedungsriichter erklärt oder begrënnt ginn. Ausser, wéi gesot, de Fall vu Gewalt am Stot.

D'Concertatioun tëschent dem Justizminister an dem Minister vun der Sécurité sociale iwwert dat schwieregt Thema vum Splitting ass amgaangen, well dat och eng Fro ass, déi sech am Fall vun enger Scheedung ka stellen.

Nach dëst Joer ginn entweder Amendementer zum bestehende Projet oder e ganz neie Projet presentéiert.

An nieft dem Mariage an dem Divorce, wëll d'Regierung och aner wichteg Législatiounen, wéi déi iwwert d'Adoptioun, iwwert d'Responsabilité parentale oder d'Filiatioun direkt uschléissend zu engem Ofschloss bréngen.

E Gesetz, wou d'Ambitioun net héich genuch war, ass dann awer dat iwwert den Avortement. D'Regierung ass der Meenung, datt kee Mënsch a keng Instanz enger erwuessener Fra ze soen huet, wat fir si dat Bescht ass. Eng Fra, déi sech d'Fro stellt oder muss stellen, ob se eng Schwangerschaft ofbrécht, muss kloer Rechter hunn a keng net-novollzéibar Obligatiounen. Si wëll berode ginn an net beaflosst ginn. Si wëll respektéiert an net bevormund ginn. Dofir huet de Justizminister Félix Braz, an Zesummenaarbecht mat der Gesondheetsministesch, mat vill Engagement un engem neie Projet de loi geschafft, deen ënner anerem virgesäit, datt de Schwangerschaftsofbroch aus dem Code pénal gestrach gëtt. Déi bis elo obligatoresch zweet Konsultatioun gëtt fakultativ, also e Recht op eng Berodung, wann d'Fra et da wëll.

Bei mannerjährege Frae bleift, wéinst der besonnescher Protektioun, déi se verdéngen, d'Situatioun wuel net onverännert, awer trotzdeem méi no bei där heiteger Léisung. D'Regierung bréngt dat op en Enn, wat 1978, viru 36 Joer also, ugefaang huet: D'Recht vun der Fra, selwer iwwer hire Kierper ze bestëmmen. Dësen Text ass och am leschte Regierungsrot ugeholl ginn.

D'Dräierkoalitioun steet fir eng méi modern Politik a fir eng méi modern Gesellschaft, méi eng oppe Gesellschaft. Dat gëllt och bei der Integratioun vun den Auslänner, déi hei wunnen. Eis Nationalitéitegesetzgebung gouf an de leschte Jore méi wéi eng Kéier ofgeännert. Nach an der leschter Legislaturperiod gouf de Projet déposéiert fir eng weider Ofännerung. D'Regierung ass der Meenung, datt et gutt wier, wann eis Législatioun op dësem Punkt méi eng grouss Stabilitéit hätt. Dat geet awer nëmmen, wa mer eis eng Gesetzgebung ginn, déi de Realitéite gerecht an den Erausfuerderungen ugepasst ass.

Et wier deemno gutt, wann d'Chamber, wéi bei der leschter Ofännerung vum Nationalitéitegesetz, eng breet Majoritéit hätt.

Nach virum Summer adresséiert d'Regierung hir Virschléi an dëser wichteger Matière un d'Chamber. Munch Dispositioune vum aktuelle Projet de loi sinn dobäi eng gutt Basis, mä Upassunge sinn awer néideg a sënnvoll. Esou sollen d'Ufuerderungen an der Sprooch a bei der Durée de résidence méi gerecht a méi flexibel ginn.

Changementer kommen och bei engem anere Gesetz, wat eréischt viru Kuerzem hei um Ordre du jour stoung, dat iwwert de Casier judiciaire. Am Kader vum Aféiere vum Échange d'informations de casier européen, gouf virun engem Joer e Gesetz gemaach, wou de Bulletin 3 ofgeschaf ginn ass. Um Bulletin 2, deen d'Leit elo ufroen oder ufroe mussen, sti méi Informatiounen drop, zum Beispill och d'Verkéiersdelikter. Dat huet zënterhier zu enger Rei Verwerfunge gefouert, notamment um Aarbechtsmarché, och well d'Législatiounen an eisen Nopeschlänner net déiselwecht sinn. D'Regierung ass der Meenung, datt hei iwwert d'Zil erausgeschoss gouf, an datt d'Gesetz muss iwwerschafft ginn. Dat soll séier geschéien, an de Félix Braz wäert och do geschwënn e Projet de loi déposéieren.

An den nächste Méint ass de Justizminister och intensiv beschäftegt mam Strofvollzuch. Virun zéng Méint gouf de Projet de loi déposéiert, deen de Bau vun enger Maison d'arrêt an der Gemeng Suessem virgesäit. Merci fir déi konstruktiv Diskussiounen an d'Zesummenaarbecht mat de lokale politeschen Autoritéiten.

Wann alles klappt, kann den neie Prisong fir Untersuchungshäftlingen ufanks 2018 a Betrib geholl ginn. Bis dohi mussen awer noutwendeg Reformen ofgeschloss ginn. Dat ass de Fall fir d'Schafe vun enger Administration pénitentiaire a fir d'Reform vum Strofvollzuch. Déi aktuell Projete musse wéinst de villen, och zum Deel berechtegte Kritiken, substanziell iwwerschafft ginn. Déi Aarbechte lafen a ginn an den nächste Méint ofgeschloss.

En essenzielle Changement gëtt den Ament hei an der Chamber virbereet, ënnert der Présidence vum Alex Bodry ginn d'Diskussiounen an der zoustänneger Chamberskommissioun en vue vun der Verfassungsrevisioun weider. D'Regierung wëll hei enk mam Parlament zesummeschaffen. Dat ka besonnesch wichteg gi mat Bléck op déi geplangte Referendumen.

Dëst gëtt e wichtege Rendez-vous mat de Bierger vun dësem Land. D'Populatioun kritt wichteg Froe gestallt, déi och an der Institutiounskommissioun vun der Chamber preparéiert ginn.

Hei sinn dann och all d'Parteie gefuerdert, d'Medien an och d'Zivilgesellschaft, fir eis all bei der Beäntwertung vun de Froen ze begleeden an ze inspiréieren. Et geet ëm méi, méi wéi nëmmen en Dialog tëschent Politik a Populatioun. Déi ganz Gesellschaft soll mateneen an d'Gespréich kommen, an d'Politik ass en Deel dovunner.

D'Bierger sollen am Allgemengen nach méi agebonne sinn, wann et heescht, Décisiounen ze huelen, a si sollen och e Recht op eng ëmfaassend Informatioun hunn. Wat den Accès vum Bierger zu Informatioune vum Stat betrëfft, huet Lëtzebuerg groussen Nohuelbedarf. E Gesetz iwwert den Zougang zu Informatioune schleeft zënter Laangem. D'Regierung wäert dee bestehende Projet elo zeréckzéien an en neien Text presentéieren.

Mir wëllen e komplette Changement an der Approche. De Bierger soll net nëmmen e Recht op Informatioun hunn, mä de Stat gëtt verflicht, wesentlech Informatiounen zur Verfügung ze stellen, ouni datt de Bierger froe muss. Den Text ass preparéiert. Ech wollt awer nach, als Responsabele vum Text, mat den anere Ministeren, mat den Institutiounen, mat der Chamber, mam Conseil d'État och zesummekommen, well déi Transparenz vun der Administratioun selbstverständlech dann och muss mat all den Institutiounen zesummen diskutéiert ginn an da preparéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, de 4. Dezember 2012 huet d'Chamber décidéiert eng Enquêtëkommissioun iwwert d'Dysfonctionnementer beim Service de Renseignement, haaptsächlech aus de Joren 2004 bis 2008, anzesetzen. Eng Enquêtëkommissioun ass ëmmer e grave Schrëtt. Déi Révélatiounen, mat deenen d'Land konfrontéiert gouf, waren awer net manner grav. D'Chamber huet d'Konsequenzen aus hiren Aarbechte gezunn an en ëmfaassende Rapport geschriwwen.

Doranner gëtt festgehalen, dass een der Meenung ass, et sollt zu enger déif gräifender Reform vum Gesetz vun 2004 iwwert de Service de Renseignement kommen.

D'Regierung huet sech dës Recommandatioun vum Parlament zu Häerz geholl. Mir hunn décidéiert, dass et net duergeet, dat aktuellt Gesetz ze reforméieren. Mir brauchen e komplett neit Gesetz, fir de Fonctionnement, de Contrôle, d'Rechter an d'Flichte vum Service de Renseignement nei ze definéieren.

Fir ze verhënneren, dass an Zukunft Dysfonctionnementer am Service kënne geschéien, gëtt de Contrôle total nei organiséiert. Mir gesi souwuel eng intern wéi eng extern Kontroll vir. Intern gëtt en Auditeur du Service agesat, deen a senger Funktioun absolut onofhängeg ass. Deen ass responsabel, dass all Reglementer an Déngschtuweisunge strikt befollegt ginn. Dernieft proposéiert d'Regierung, dass am Statsministère en Délégué au Service de Renseignement bestëmmt gëtt. Dat ass eng Instanz, déi vun der Enquêtëkommissioun gefrot gouf an eng permanent Kontroll iwwert de Geheimdéngscht huet.

De Service steet och an Zukunft ënnert der Responsabilitéit vum Premierminister. Dee gëtt awer bei dëser Missioun ënnerstëtzt vun engem Comité ministériel, zu deem de Justizminister an de Minister fir déi intern Sécherheet gehéieren.

Ech hunn awer net gewaart, bis dass dësen Text gestëmmt ass, fir et elo schonn ze maachen, dass ech zesumme mam Minister Schneider a mam Minister Braz Sitzungen hu mam SREL.

Mir hunn deemno d'Léieren aus der Vergaangenheet gezunn, wat de Contrôle vum Service betrëfft. Mir hunn och op déi Changementer reagéiert, déi zënter 2004 geschitt sinn, notamment um technologesche Plang, an d'Missioune vum Service de Renseignement un d'Gegebenheete vun eiser Zäit ugepasst. D'Aufgabe sinn net méi déiselwecht wéi virun zéng Joer.

Nei Missiounen a Kompetenze kommen derbäi, fir kënnen op déi Entwécklungen a Geforen, déi mir haut kennen, ze reagéieren. Dat gëllt besonnesch am Beräich vun der Proliferatioun, dem Terrorismus an hirem Finanzement. Et sinn dës Menacen, wou ee koordinéiert Zesummeschaffe mat eise Partner noutwendeg ass.

Nei Kompetenzen heescht awer och kloer definéiert Moyenen an eendäiteg Prozeduren. Och dës Beräicher sinn elo am Projet de loi kloer geregelt. Et kann an Zukunft keen Zweifel méi dru bestoen, wat erlaabt ass am Kader vum Geheimdéngscht senger Aarbecht, wéi eng Aktioune musse spezifesch vum Direkter a wéi eng vum Comité ministériel autoriséiert ginn, no Consultatioun vun engem Gremium vun dräi Riichter. Dës Prozedur schaaft déi Kloerheet, déi haut feelt, a verhënnert, dass Feeler geschéien.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass dee verbesserte Contrôle parlementaire, esou wéi en an der Proposition de loi vum Här Bodry virgesinn ass a vun deem ech mir wënschen, dass en an dëse Projet integréiert gëtt, och fir déi noutwendeg an ëmfaassend parlamentaresch Supervisioun wäert suergen, déi enger moderner Demokratie entsprécht.

3. Dépôt d'un projet de loi

Här President, ech déposéieren haut de Projet de loi, mat deem mir dem Service de Renseignement eng total nei gesetzlech Grondlag wëlle ginn, eng Grondlag, déi de Recommandatiounen aus dem Rapport vun der Chamber Rechnung dréit, d'Kontroll vum Service, déi intern, déi vun der Justiz, déi vu Säite vun der Regierung an déi vun dem Parlament, nei strukturéiert, de Rekrutement vum Personal ëmfaassend regelt, d'Aarbechtsmethoden upasst an den Aufgabeberäich kloer definéiert.

***6675** - Projet de loi 1) portant organisation du Service de Renseignement de l'État; 2) modifiant - la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, - la loi du 31 mai 2005 relative aux dispositions spécifiques de protection de la personne à l'égard du traitement des données à caractère personnel dans le secteur des communications électroniques, - le Code d'instruction criminelle, - la loi modifiée du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, et - la loi du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité; 3) abrogeant - la loi du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État.*

Mir brauchen e Service de Renseignement, deen eise Rechtsstat schützt virun Iwwergréff a Geforen, déi vun Extremismus, Terrorismus, Proliferatioun a politescher oder ekonomescher Spionage ausginn. Mir brauchen e Service de Renseignement, dee kloer weess, wou seng Aufgabe leien, awer och, wou seng Limitë sinn, wann et ëm d'Methoden an d'Moyene geet, mat deenen hie senger Missioun nokënnt.

Deen Text, deen ech Iech haut hei ënnerbreeden, gëtt dësen Usprech gerecht. Et ass wichteg, dass d'Bierger Vertrauen an d'Institutiounen, an d'Justiz an och an d'Autoritéiten hunn.

4. Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (suite)

E Corps, deen an der Lescht vill an der Diskussioun war, ass d'Police. Loosst mech op dëser Plaz fir d'Eischt ënnersträichen, dass d'Aarbecht vun de Polizisten héije Respekt verdéngt.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- D'Beamten an Uniform oder an Zivil maachen hir Aarbecht, an dat ass net aussergewéinlech. Vill vun hinne maachen awer vill méi: Si hëllefen, ënnerstëtzen, schützen a betreien. Mir brauchen eng gutt fonctionnéierend Police, an d'Regierung wëllt e gudde Fonctionnement och erméiglechen.

Gläichzäiteg ass d'Police an hirer Struktur an och an hirem Fonctionnement net méi iwwerall der Zäit ugepasst. An dofir schafft de Minister Etienne Schneider zesumme mat der Statssekretärin Francine Closener och u Reformen. Et stinn hei nach weider Berodunge mat de Syndikater un an et gëtt en externen Audit gemaach. Duerno ginn och dës Reformen op de legislative Wee bruecht.

E weidere grousse Chantier ass d'Reform vun de Rettungskräften. De Constat, dee muss gemaach ginn, ass eescht: Trotz dem bénévolen Asaz vun Dausende vun Asazkräften ass momentan net iwwerall garantéiert, dass am Fall vun engem Noutfall déi adequat Hëllef séier parat steet. De Problem ass erkannt; elo gëtt et héich Zäit, eppes ze ënnerhuelen. Den allgemenge Konsens vun der Kreatioun vun engem Établissement public, wou Stat a Gemengen zesummen d'Verantwortung iwwerhuelen, gëtt ëmgesat. Hei gi Protection civile a Pompjeeswiesen zesummegeluecht.

D'Regierung wäert a kierzester Zäit en Organisatiounskonzept op den Dësch leeën, dat en équitable Bäitrag vun deenen zwee Partner, Stat a Gemengen, virgesäit, souwuel wat d'Finanze wéi och, wat d'Verdeelung vun de Responsabilitéiten a wat d'Entscheedungsprozesser ugeet.

Dernieft wäerten an Zukunft d'Grondausbildung an d'Formation continue vun de Rettungskräften eng ganz besonnesch Prioritéit genéissen. Mëttelfristeg geet de Wee an eng Professionaliséierung, déi awer, an däers si mir eis bewosst, ni kann ouni de bénévolen Asaz vun eise Fräiwëllege fonctionnéieren.

An deem Kontext wëll ech hei och ënnersträichen, dass d'Regierung décidéiert huet, trotz enger Begrenzung vun den Neiastellunge beim Stat, d'Campagne vun den Astellunge vu professionellen Ambulancieren ouni Aschränkung weiderzefëieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Gesellschaft, wéi mer se kennen a wéi mer se gären hunn, fonctionnéiert net nëmmen, well jiddweree schaffe geet oder an d'Schoul geet, well d'Elteren no hire Kanner an d'Kanner no hiren Eltere kucken. Eis Gesellschaft fousst och op engem breeden Engagement, dat dacks vergiess gëtt: dem Bénévolat. Ech weess dat ze schätzen an ech wëll haut och vun der Geleeënheet profitéieren, fir all dëse Leit Merci ze soen.

D'Zuel vun de Fräiwëllege variéiert, an de Bénévolat selwer huet sech déi lescht Joren och verännert. Dacks engagéiere sech Leit net méi fir hiert ganzt Liewen an engem Veräin, mä loosse sech awer iwwerzeegen, fir eng Hand unzepaken, wann Nout um Mann ass. Dat gëtt gär als selbstverständlech ugesinn, et gëtt zu engem Automatismus an et fält eréischt op, wann dësen oder deen, dee seng Fräizäit geaffert huet, op eemol net méi derbäi ass.

Déi sëlleche Pompjeeën, Ambulancieren, Scoutchefen, Formateuren, Trainer, Dirigenten, Comitésmemberen an esou weider leeschten en enorm wichtegen Déngscht un eiser Gesellschaft a si verdéngen Unerkennung. Hinne Merci fir hiert Engagement. Ouni si geet et net.

Erlaabt mer an deem Kontext e Wuert och zum Sport ze soen. De Sport ass ee Wee, deen d'Leit zesummeféiert. Et gëtt keng gesellschaftlech Barrièren: Ob Jonk oder Al, ob materiell gutt situéiert oder manner gutt, ob Auslänner oder Lëtzebuerger, de Sport integréiert. Eng aktiv Populatioun ass och eng gesond Populatioun. Dernieft ass et e wirtschaftleche Facteur, deen net ze ënnerschätzen ass. Anescht wéi dacks ugeholl, kaschten nei Sportinfrastrukturen net nëmme Suen, mä si generéieren och Recetten a stäerken de Standuert Lëtzebuerg.

De Sportsminister Romain Schneider huet dofir och e Fënnefjoresplang iwwert d'Sportinfrastrukturen ausgeschafft. Dat Gesetz war eent vun den éischten, déi vun der neier Majoritéit am Parlament gestëmmt goufen. Fir déi nächst fënnef Joer stinn esou 100 Milliounen Euro bereet, fir d'Gemenge beim Bau vu lokalen, regionalen an nationale Sportinfrastrukturen ze begleeden.

Den Här Wolter wëllt onbedéngt eppes soen, Här President. E ka sech jo da fir muer aschreiwen.

D'Regierung steet zur absoluter Nécessitéit…

(Interruption)

Dir kënnt jo muer all déi Froe stellen, Här Wolter, déi Der wëllt.

M. le Président.- Also am Moment huet just de Premierminister d'Wuert.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- D'Regierung steet zur absoluter Nécessitéit, fir en nationale Stadion ze bauen. Bis Enn 2014 gëtt an Zesummenaarbecht mat der Stater Gemeng en detailléierten Avant-projet vum neie Stadion presentéiert, an och fir d'Liichtathletik ginn adequat Installatioune realiséiert.

(Interruption)

Den Här Wolter wëllt nach ëmmer schwätzen, Här President. Soll ech ophalen, oder...?

M. le Président.- Neen. Ech mengen, den Här Wolter huet de Message verstanen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ah.

(Brouhaha)

Une voix.- Endlech!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an zwee Méint sinn Europawahlen. Zu Lëtzebuerg sinn déi fir d'éischte Kéier getrennt vun den nationale Parlamentswahlen. Et ass eng Chance, fir sech op europäesch Wäerter, op essenziell Sujeten, déi eisen Alldag bestëmmen, ze konzentréieren. Europa ass méi wéi eng wirtschaftlech Konstruktioun. Et ass eng Iddi vu Fridden a vu Fräiheet, fir déi et derwäert ass, sech anzesetzen, jo souguer ze kämpfen.

D'Mënschen, déi net vun deem Gefill kënnen oder dierfe profitéieren, si bereet, hiert Liewen op d'Spill ze setzen. Dat gëllt fir déi Dausende Flüchtlingen, déi iwwer verschidde Weeër probéieren an Europa ze kommen. An et gëllt rezent fir déi vill Leit an der Ukrain, déi méi no un Europa wëlle sinn. Et ass ze hoffen, dass aus der aktueller Kris ëm d'Hallefinsel Krim keng weider Konfrontatioun a keen neie kale Krich wäert entstoen. Weider Spannungen, a virun allem en neit Wettrüsten, géif kenger Säit gutt doen, mä just der ziviler Ekonomie wäertvoll Ressourcen entzéien, déi kënne besser agesat ginn.

Ech wëll och do da profitéieren, fir dem Jean Asselborn Merci ze soen. Duerch säin Engagement hate mer jo d'Presidentschaft och vum Conseil de Sécurité. Den Här Asselborn ka leider net hei sinn, well mer en EU-Afrika-Sommet hunn.

Eis Arméi huet sech an de leschte Joren op Friddensmissioune kënne konzentréieren, a mir kënnen nëmmen hoffen, dass dat esou bleift. Ech sinn houfreg op d'Leeschtunge vun eise Jongen a Meedercher, eis Kapréil, Ënneroffizéier, Offizéier an d'Zivilpersonal vun der Lëtzebuerger Arméi, heiheem an dobaussen, wou mir bei Auslandsmissiounen aktiv derbäi sinn: an Afghanistan, am Kosovo, am Libanon, am Mali, an der Republik Kongo an och geschwënn an der Republik Zentralafrika. Kaum eng aner Arméi ass proportional weltwäit esou engagéiert wéi eis.

Mä och eis Défense muss hire Bäitrag leeschten, fir een ausgeglachenen Haushalt vum Lëtzebuerger Stat ze garantéieren. D'Regierung steet selbstverständlech zu deene militäreschen Engagementer, déi vun de viregte Regierungen agaange gi sinn, also och zum Militärfliger, dem A400M, deen zesumme mat de belsche Militärfliger op der Base aérienne vu Melsbroek bei Bréissel stationéiert ass.

An dësen Zäiten, wou gespuert muss ginn, ass et allerdéngs schwéier ze vermëttelen, dass de Fliger eis ronn 200 Milliounen Euro ouni TVA kascht. Dofir schéngt et mer kloer, dass déi ronn 17 Milliounen Euro, déi eise Bäitrag zum Aménagement vu Melsbroek duerstellen, duerch Réaménagementer am globale Budget vun der Lëtzebuerger Défense musse kompenséiert ginn.

Fir den Effort de défense un international Standarden unzepassen, ass de Fonds d'équipement militaire kontinuéierlech gewuess. Elo ass et un der Zäit, fir dësen Effort op eng méi nohalteg an durabel Basis ze setzen.

Gläichzäiteg dierfe mer eis Investissementer um nationale Plang awer net vernoléissegen. D'Infrastrukture vun der Kasär um Härebierg si veraalt a mussen dréngend renovéiert ginn. Nei Infrastrukture sinn e wichtege Bestanddeel fir de Fonctionnement vun enger moderner Arméi. An ech weess, dass de Minister Schneider amgaang ass ze kucken, fir esou séier wéi méiglech déi Aarbechten och kënnen unzefänken a mat engem Projet de loi da kënnen hei ze déposéieren.

No Jore vun der Investitioun an Expansioun an ëmmer méi militäresch Fäegkeeten, muss elo eng noutwendeg Phas vun der Konsolidéierung kommen. Ënnert dem Spuerzwang hunn eis Alliéierten a Partner aus der NATO an der EU op nei, innovativ Solutiounen am Beräich vun enger méi intensiver multinationaler Kooperatioun gesat. D'Lëtzebuerger Défense, zesumme mat hire Partner, wäert dës nei Pisten exploréieren an och konsequent ëmsetzen.

Mir wëssen, dass mir militäresch nëmmen e bescheidene Bäitrag zu méi Stabilitéit an der Welt liwwere kënnen. Dofir gesi mir eis Défense-Efforten an eis Kooperatiounsefforten enk matenee verstréckt. Béid Aspekter droen op hir Manéier zu méi Stabilitéit an der Welt bäi. A méi Stabilitéit an der Welt bedeit och mei Sécherheet heiheem. Duerfir hale mir eis Efforten an der Kooperatiounspolitik a bei der humanitärer Hëllef op deem Niveau vun engem Prozent vum RNB, och wann d'finanziell Situatioun, global gesinn, keng einfach ass.

Mir däerfen net vergiessen, dass et vill Leit gëtt op der Welt, deenen et un allem feelt. Bei eis bekämpfe mer de Cholesterol. A verschiddene Länner wieren d'Leit frou, wa se e Glas Waasser géife kréien! Zu deene musse mir stoen, aus Solidaritéit, a gudden an a schlechten Zäiten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi finanziell Situatioun ass net einfach. De Stat ass op ville Plaze reformbedürfteg, eis Ekonomie ass enger globaler Konkurrenz ausgesat, an e klengt Land huet et an engem ëmmer méi grousse Wirtschaftsraum net einfach. Dat, wat zënter e puer Joer als „Kris" bezeechent gëtt, ass an der Tëscht déi nei Realitéit. D'Welt ass an de leschte Joren eng aner ginn. Mir kënnen deenen ale Realitéiten notraueren oder mir setzen eis mat deenen neien auserneen.

Déi Jonk maachen dat scho laang. D'Patronen aus alle Secteure soen zum Beispill, dass d'Zuel vun den Demandë fir e Stage ze maachen zënter e puer Jore massiv klëmmt. Schüler a Studente si sech bewosst, dass ee muss Efforte maachen, sech beweisen an engagéieren, d'Äerm eropstréppen an eng Hand upaken. Vill Jonker akzeptéieren dat a loosse sech och net esou séier vun negativen Nouvellen aus der Bunn geheien.

Mir sollen eis e Beispill un deene Jonken huelen.

Lëtzebuerg ass e klengt Land mat enger grousser Zukunft. Ech sinn iwwerzeegt, dass déi Zukunft gutt ausgesäit. Loosst eis zesummen dofir schaffen! Elo!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Applaudissements)

M. le Président.- Ech ginn dem Här Premierminister Akt vu senger Deklaratioun.

Muer de Moie vun néng Auer un a muer de Mëtteg vun zwou Auer u gesi mer eis fir d'Debatten zu dëser Erklärung.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung vun de Mëtten ukomm. An ech schléissen d'Sëtzung of.

(Fin de la séance publique à 15.57 heures)

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

d'Chamber online op
www.chd.lu

SÉANCE 14

JEUDI,
3 AVRIL 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Changement de composition d'une commission parlementaire
- *M. le Président*

3. Débat sur l'état de la nation
- *M. Jean-Claude Juncker (M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État intervient), M. Alex Bodry (M. Jean-Claude Juncker intervient), M. Eugène Berger*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mmes Maggy Nagel, Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif Iech bieden, Plaz ze huelen.

Eis Sëtzung ass op. E schéine gudde Moien. Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Dat ass net de Fall.

2. Changement de composition d'une commission parlementaire

Ech wollt d'Chamber informéieren, dass, wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ugeet, d'Fraktioun vun deene Grénge proposéiert huet, dass an der Kommissioun vun der Fonction publique den Här Roberto Traversini d'Madame Christiane Wickler ersetzt.

Ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

No der Deklaratioun vum Här Statsminister zur Lag vun der Natioun komme mer dann de Moien direkt zu den Debatten iwwert d'Situatioun vum Land. Bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Juncker, Bodry, Berger, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Urbany. Et ass selbstverständlech Zäit, fir sech weider anzeschreiwen. Ech géif direkt dem éischte Riedner, dem honorabelen Här Jean-Claude Juncker, d'Wuert ginn an drun erënneren, dass d'Riedezäit nom Modell 4 festgeluecht ass.

Dir hutt d'Wuert, Här Juncker.

3. Débat sur l'état de la nation

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Här President, gudde Moien.

M. le Président.- Moien.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu gëschter eng Ried vum Statsminister héieren, wat eng roueg Ried war. Et war keng Hektik dran. Et war net vill Wibbeleges dran. Et war eng gutt strukturéiert Ried. An dofir wollt ech dem Här Bettel soen, als een, deen där Rieden do och alt vill huet musse schreiwen an halen, dass dat vun der Aart a Weis, wéi se virgedroe ginn ass, a vun der Aart a Weis, wéi se zesummegesat ass, e Luef an der Form verdéngt. An dat wollt ech hei soen.

(Interruption et brouhaha)

An et geet mam Luef virun,…

(Hilarité et brouhaha)

…well ech der Meenung sinn, dass een no honnert Deeg Regéieren iwwert déi, déi regéieren, a wéi se regéieren, weder eppes Virleefeges nach eppes Endgülteges ka soen. Ech hunn dat ni verstanen, firwat dass an der Öffentlechkeet, och an der veröffentlechter Öffentlechkeet, d'Meenung besteet, d'Regierung hätt honnert Deeg Zäit, fir ze weisen, wat se kéint. Wann een no honnert Deeg misst soen: „Dës Regierung kann eppes", da wier ee schlecht drun.

Well ech awer der Meenung sinn, dass ee méi wéi honnert Deeg brauch, fir ze weisen, wat ee kann, dass ee méi wéi honnert Deeg brauch, fir lues a lues zesummenzewuessen, fir déi Intimitéit am Ëmgang ze fannen, déi ee brauch - dat betrëfft e Verhältnis tëscht de Persounen -, wëll ech mech net hei an eng total Ried iwwert de virleefege Bilan vun der Regierung lancéieren. Ech halen dat fir ze fréi.

Déi Erklärung vu gëschter war u sech eng Paraphras, eng Widderhuelung, mä keng Clarificatioun vun der Regierungserklärung aus dem Dezember. Et war eng Waasserstandsmeldung a breede Beräicher an a groussen Zich. An déi Aart a Weis, wéi d'Regierung gëschter de Waasserstand ageschat huet, ass eng, déi mer gefält, well se war richteg. A si huet sech och kaum ënnerscheet vun der Erklärung zur Lag, déi d'lescht Joer am Abrëll hei virgedroe ginn ass, wat déi fundamental Feststellung vu gradesou fundamentalen Tatsaachen ubelaangt.

Am Grousse kann ee soen, dass d'Erklärung vu gëschter d'Regierungserklärung an deem Sënn bestätegt, dass se nach eng Kéier gewisen huet, dass an de graffen Zich d'Politik, esou wéi se war, virugefouert gëtt. Dat Aalt, wat virugefouert gëtt, dat gefält eis, an dat Neit, dat, wat soll änneren, dat gesi mer nach net. An dofir kënne mer dozou och nach net vill soen.

Et ass ganz vill Positives an där Ried gewiescht an ech halen näischt vu Fundamentaloppositioun a vum Dropklappen, jiddefalls net do, wou keng Ursaach besteet dropzeklappen. Mir wëllen, hu mer gesot, eng konstruktiv Oppositioun maachen a keng Obstruktioun, an dozou geheiert, dass een da positiv ervirhieft, wat et verdéngt, positiv ervirgehuewen ze ginn:

Wat d'Regierung seet a Saache Recherche, a Saachen ITC, a Saachen Entdecken, Weiderféieren, Ausbaue vun neie Kompetenznischen, wat d'Regierung an Zesummenhang mat der Logistik seet, dat fënnt eis Zoustëmmung, well et ass déi strikt Weiderféierung vun deene Politikakzenter, déi och an der Vergaangenheet gesat gi sinn.

Wat d'Regierung iwwert d'Reform vum Scheedungsrecht seet, fënnt eis Zoustëmmung. Et entsprécht och a graffen Zich - och a feinen Zich - engem Gesetzesprojet, deen dem Parlament virläit.

Wat d'Regierung iwwert den Homomariage seet, mat dem Adoptiounsdeel derbäi, fënnt eis Zoustëmmung an entsprécht deem Accord, dee scho virun de Wahlen an der zoustänneger Chamberskommissioun sech degagéiert huet. A mir wiere frou, wa mer et géife fäerdegbréngen, souwuel d'Reform vum Divorce wéi och d'Opmaache vun dem Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppelen esou séier wéi méiglech hei am Haus zur Ofstëmmung ze bréngen.

Dat, wat d'Regierung seet iwwert d'Reform vum Nationalitéitegesetz, fënnt och eis Zoustëmmung. Do läit och e Projet de loi vir, deen déi fréier Justizministeren ausgeschafft hunn. Et ass gëschter ugekënnegt ginn, do misst een nach eenzel Elementer, wéi beispillsweis den Ëmgang mat der Sprooch, iwwerkucken, an de Statsminister huet jo gesot, e géif sech wënschen, dass e breede Konsens iwwert d'Fraktiounen ewech an där Fro géif zustane kommen. Mir bedeelegen eis konstruktiv un där Debatt a mir hätten och gären, dass an där Fro, déi fir eist Land jo vu primordialer Wichtegkeet ass, e groussen, breeden demokratesche Konsens zustane kënnt.

Dass d'Regierung ukënnegt, de Gesetzesprojet iwwert den Zougang zur Informatioun zréckzezéien, fënnt och eis Zoustëmmung. Ech hat d'lescht Joer an der Erklärung zur Lag gesot, iwwert dee Gesetzesprojet iwwert den Informatiounszougang sollt an der zoustänneger Chamberskommissioun diskutéiert ginn an d'Deputéiert kéinten dann déi Ministeren, déi méi retizent waren, wat d'Opmaache vun den Informationskanäl ubelaangt, iwwerzeegen, well ech hätt se net alleguer iwwerzeegt kritt.

Elo sinn der nach e puer an der Regierung, deenen dee Gesetzesprojet ze wäit gaangen ass, deen ech fir d'Eischt abruecht hat. An et sinn der och e puer an der Oppositioun gelant, déi där Meenung waren. Dofir sinn ech frou, dass mer dat nach eng Kéier an aller Rou kënnen diskutéieren. Ech hunn net nëmmen eng laang Experienz, ech hunn och eng gutt Mémoire - déi zwou Saache ginn zesummen -, an da géif ech gäre moossen, wéi séier dass de Fortschrëtt sech beweegt. Jiddefalls sinn ech der Meenung, dass mer eng breet Ouverture vun den Informatiounskanäl brauchen.

Wat d'Regierung gesot huet iwwert d'Jugendgarantie, fir déi den Aarbechtsminister zoustänneg ass, dat fënnt och eis Zoustëmmung. Ech si frou, dass iwwregens entre-temps jiddwereen där Jugendgarantie kann eppes ofgewannen, well virun de Wahle war nach eng vun deenen dräi Regierungsparteien, nämlech déi gréng, der Jugendgarantie géintiwwer ganz skeptesch agestallt. Dass dat sech elo zum Richtege gedréint huet, kann ech nëmme begréissen. Déi Jugendgarantie ass eng Deeläntwert op de Problem vun der Jugendaarbechtslosegkeet, et ass net déi ganz Äntwert.

Dat ass keng Erfindung vun dëser Regierung. Dat hat déi al Regierung och schonn décidéiert, an déi hat et ëmsou méi liicht kënnen décidéieren, wou de Conseil européen scho virdrun en Ustouss an déi Richtung ginn hat, wéi iwwregens och schonn eng Kéier am November 1997 eng Jugendgarantie ugeduecht gi war, deemools mat enger Zäitachs vu sechs Méint.

Doraus ass ni ganz vill ginn an Europa. An ech kann nëmmen hoffen, dass dat dës Kéier besser geet! Ganz berouegt sinn ech an där Hisiicht net, well dee 6-Milliarden-Programm, deen de Conseil européen am Joer 2012 décidéiert hat, dee gëtt nëmme ganz kümmerlech genotzt. A grad déi Länner, déi et eigentlech am meeschte bräichten, déi Geldzufuhr aus den europäesche Finanzquellen, déi di sech schwéier, fir Programmer anzeriichten. Eisen Aarbechtsminister huet dat jo och no engem rezente Sozialconseil zu Recht schaarf kritiséiert.

Dass d'Regierung - de Statsminister huet gëschter dorop higewisen - déi Hëllef, déi e Chômeur ka kréien, wann e méi wäit muss schaffe fueren, déi „aide à la mobilité géographique", ofschaaft, dat ass eng gutt Saach. Dat hat déi lescht Regierung schonn décidéiert an ech hat et d'lescht Joer och hei ugekënnegt, an datselwecht zielt fir déi noutwendeg Iwwerpréiwung vun der Aide au réemploi, alles dat ass décidéiert gewiescht a gëtt zu Recht elo gemaach.

Wann een also kuckt, wat et an där Erklärung vu gëschter u Positivem ginn ass, da fält engem vill an, an et fält engem och an - obschonn d'Deputéiert vun der CSV dat net gutt leide kënnen, wann ech dat soen, an d'Leit dobaussen och soen, wat soll dann dat -, dat meescht, wat dës Regierung mécht, si Saachen, déi déi lescht Regierung gemaach huet oder déi déi lescht Regierung ugepaakt huet, an dofir ass et schwéier, do dergéint ze sinn.

Firwat soll een och géint eppes sinn, wat net nëmme gutt geduecht ass, mä wat sech och schonn um gudde Wee befënnt? Wéi zum Beispill och - an dorop ass gëschter opmierksam gemaach ginn - déi Politik, déi am Beräich vun der Finanzplaz gemaach gëtt.

Et ass gëschter drop higewise ginn, wéi frou dass mer wieren, dass mer esou vill net klassesch Banken op Lëtzebuerg kritt hätten, net klassesch am Sënn vun hirer geografescher Provenienz: eng russesch Bank, dräi chineesesch Banken.

Dat ass gutt gesot, an et wier nach besser gewiescht, wann een déi ganz Wourecht gesot hätt, well dat si Banken, déi den Här Frieden op Lëtzebuerg bruecht huet, a si sinn och gutt hei, grad wéi och déi Politik am Beräich vun der Plattformbildung fir d'chineesesch Währung Renminbi, d'Geld vum Vollek, eng Initiativ ass, déi zu Recht vun dëser Regierung virugefouert gëtt.

Wann ech dat also kucken, ass villes an där Ried gewiescht, wat engem, wann een net blann ass, gefält. Wann een natierlech stur ass, wann een net dat kuckt, wat ze gesinn ass, da fënnt een alles schlecht. Ech fannen net alles schlecht, mä villes gutt un deem, wat gëschter a Verlängerung vu Politiken, déi bestanen hunn, annoncéiert ginn ass. Ansonsten…

(Interruption)

Jo, Här Bettel…

(Interruption et hilarité)

Jo, jo, bis heihinner waart Dir och gutt! An da fänkt et un!

(Hilarité)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- An dann dréint et!

Une voix.- De Regierungswiessel muss jo fir eppes gutt sinn!

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ansonste feelt et där Erklärung vu gëschter un där noutwendeger Kloerheet! Déi Ried huet keng Indicatiounen iwwert dee weidere Wee bruecht, deen d'Regierung wëllt aschloen. Dës Regierung wäert, wéi dës Koalitioun och, fënnef Joer laang daueren. Dofir hutt Der nach Zäit, fir net nëmme Froen ze stellen a mat Iech selwer ze diskutéieren - wann d'Ministere sech selwer dauernd Froen iwwer hir Departementer stellen, dat ass gutt, wa se kengem aneren dat soen! Ministere sinn net do, fir an der Öffentlechkeet mat sech selwer ze diskutéieren. Ministere sinn do, fir déi Froen, déi sech stellen, kloer an däitlech ze beäntwerten. Dat ass an der Ried vu gëschter op wäite Felder absolut net de Fall gewiescht!

Ech fänken u mat der Finanzsituatioun vum Stat. Do ware bei Regierungsuntrëtt wéineg Entdeckungen ze maachen. Dir hutt, denken ech, d'Erklärung zur Lag vum leschte Joer nach eng Kéier gekuckt, an do ass d'Finanzsituatioun vum Stat kloer an däitlech beschriwwen. An do ass och beschriwwen, wat ze geschéien huet.

An der Erklärung zur Lag vum leschte Joer - mä ech weess, dass mer déi net hei diskutéieren, mä déi vun dësem Joer - steet dran, dass de Spuereffort vum Stat misst virugoen, well d'Entwécklung vum Scholdestand net esou kéint akzeptéiert ginn, wéi se amgaang war sech ze entwéckelen.

Bei der Beschreiwung vum Scholdestand wier et noutwendeg gewiescht, drop hinzeweisen - dofir maachen ech dat haut -, dass do en décke Pak Bankerettungsmilliarden dra sinn, a wann een déi aus dem Scholdestand eliminéiert, dann hate mer eng Statsschold vun 20,6% an net dee Scholdestand, dee mer haut ze vermelden hunn.

Mir haten d'lescht Joer zum Ausdrock bruecht, am Joer 2014 misst weider gespuert ginn, nodeem mer e Spuereffort vun iwwer 900 Milliarden (veuillez lire: 900 Milliounen), e Konsolidéierungseffort méi korrekt ausgedréckt, vun iwwer 900 Millioune fir d'Joer 2013 hei am Parlament verabschit hunn.

Dës Regierung proposéiert elo - déi ugetrueden ass, fir d'Defiziter ze reduzéieren a fir de Scholdestand no ënnen ze korrigéieren - 231 Milliounen. Dat ass dräimol manner, wéi dee Konsolidéierungseffort, dee fir d'Joer 2013 gemaach ginn ass!

Déi 231 Millioune Konsolidéierungsbeméiunge wäerte mer jo am Detail bei de Budgetsdebatten ze diskutéieren an ze duerchliichten hunn, an da fale scho vill vun deenen 231 Millioune sougenannte Spuermoossnamen an eng aner Kategorie, wa mer eis dat méi genau ukucken.

Ech sinn trotzdeem der Meenung, dass vun der Gréisstenuerdnung hier dee Konsolidéierungspak fir d'Joer 2014 stëmmt. Mir haten d'lescht Joer gesot, et wier héchstens méiglech, am Joer 2014 - dat hate mer préannoncéiert - e Konsolidéierungseffort vun 250 bis 300 Milliounen ze maachen. Wann d'Regierung hiert Zil, fir 10% Konsumausgaben ze sträichen, gepackt hätt, da wiere mer och op ronn 250 Millioune komm. Dat heescht, vun der Gréisstenuerdnung hier ass dee Pak do an der Rei, well mer och d'lescht Joer gemeinsam, mengen ech, der Meenung waren, dass een net kéint 400, 500, 600 Milliounen spueren. Aus konjunkturelle Grënn huet dat sech net imposéiert an dofir ass

dee Pak, onofhängeg vu senger Konsistenz, vu sengem Volume hier absolut vertrietbar.

Wat eis feelt an där Duerstellung vu gëschter, dat sinn Indicatiounen iwwert dee weidere Wee! D'Regierung muss virum Enn vum Mount e Stabilitéitsprogramm zu Bréissel areechen, an ech fannen et éierlech gesot net gutt, wa mer ufanks Abrëll iwwert d'Statsfinanzen diskutéieren, d'Regierung Enn Abrëll hir Virstellungen zu Bréissel muss areechen a mer an der Chamber net d'Geleeëenheet hunn, an dëser Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun, wat jo och eng Debatt iwwert den Zoustand vun de Statsfinanzen ass, eis kënne mat de Propositioune vun der Regierung, zumindest wat d'Volumina ubelaangt, fir d'Joer 2015 auserneenzesetzen. Hei wier e bësse méi Inhaltleches eigentlech fir d'Ried konsistenzméisseg duerchaus beräichernd gewiescht, wa mer do eppes héieren hätten, ähnlech, wéi dat d'lescht Joer gemaach ginn ass.

Den Här Statsminister huet sech gëschter driwwer erfreet gewisen, dass de President vum Eurogroup de Lëtzebuerger Budget gelueft hätt. En huet en och gelueft. Mä Dir hutt gesot, et misst een dem Land d'Wourecht soen. Da muss een och déi ganz Wourecht soen! Den Här Dijsselbloem, President vum Eurogroup, deen huet a senger roueger, calvinistescher Aart, ouni dass ee Journalist em d'Fro gestallt huet, bei senger Aféierung op senger Pressekonferenz gesot, dee Lëtzebuerger Budgetseffort, dee wier gutt, mä déi Hypotheesen, op deenen dee Budgetsprojet fir d'Joer 2014 géif opbauen, déi wieren iwwerméisseg optimistesch. An de President vun der Europäescher Zentralbank huet datselwecht gesot.

Wann Der also sot, den Eurogroup hätt de Lëtzebuerger Budget begréisst, musst Der gläichzäiteg soen, dass an der Aschätzung vun deenen anere Finanzministeren d'Basishypotheesen ze optimistesch sinn. Mir mussen also kucken am weidere Verlaf vum Joer, wie recht huet: d'Regierung oder d'Kommissioun oder den Här Dijsselbloem oder den Här Draghi, President vun der Zentralbank. Dat wäerte mer gesinn.

Pardon?

(Interruption)

Gelift? Statec? Jo, de Statec ass jo net an der Regierung!

(Interruption)

Neen. Dir hutt d'Geleeëenheet verpasst gehat wahrscheinlech, en externe Consultant ze froen, wéi d'Prévision macro-économique zu Lëtzebuerg... Da muss een agestallt ginn...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ma dat sidd Dir jo amgaang ze maachen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- ...ech gi jo net vun der Regierung...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Mir waarde jo op Är Meenung.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Ech soen lech, dass Är Hypotheesen ze optimistesch sinn. Ech kann awer net ausschléissen…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Sou wéi et déi lescht 18 Joer gemaach ginn ass.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Gelift?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Näischt!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ech géif d'Regierung bieden, dem Riedner nozelauschteren. D'Regierung kann herno zu jiddwer Zäit Stellung bezéien. Am Moment huet just den Här Juncker d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Här President, esou gefaalt Der mer!

Mir diskutéiere jo hei net iwwert déi lescht 18 Joer. Dat kënne mer awer gäre maachen. Do wier villes ze soen, zum Beispill, wann Der feststellt, dass eise Schoulsystem net adaptéiert wier: Vun deene leschten 18 Joer war d'CSV déi lescht 15 Joer net am Éducatiounsministère. An insofern ass dat jo en interessanten Hiweis gewiescht, dass de Beräich vun der Beruffsausbildung a vun der Formatioun a vun der Schoul net adaptéiert wier. Un eis ass et net gescheitert. Am Géigendeel, mir hunn déi zwee Ministeren, d'Madame Brasseur an d'Madame Delvaux - wat net jiddwereen heibanne ka soen! -, op alle Punkten ëmmer ënnerstëtzt.

Et geet also drëm erauszefannen, wéi déi finanzpolitesch Streckeféierung an deenen nächste Joren ass. Dat hu mer gëschter an där Ried net ze héiere kritt, wat e Feeler ass, well mer hei am Däischteren iwwert d'Zukunft diskutéieren a vu lauter Niwwel de Pad ënnert eise Féiss net gesinn.

Et gëtt eng Steierreform annoncéiert fir d'Joer 2017. Wann ech dat richteg verstanen hunn, d'Terminsetzung: Déi Steierreform gëtt 2016, denken ech, hei am Haus abruecht an trëtt am Joer 2017 a Kraaft.

Woura se besteet, an de grousse Linnen, si mer gëschter net gewuer ginn! Or, et muss een eng steierpolitesch Virstellung hu fir déi nächst Joren, wann een ufänkt ze regéieren.

Ech sinn dermat d'accord, dass een no honnert Deeg, fir nach eng Kéier bei deenen honnert Deeg ze bleiwen, net am Detail weess, wat ee genau, millimetergenau an eng Steierreform kann akleeden, mä déi grouss Linne misst een awer kennen.

Et ass eng interessant Ausso gemaach ginn, déi mech erfreet huet, am Zesummenhang mat der Betribsbesteierung, wou d'Regierung annoncéiert huet, si géif op deen ugekënnegten, mat Determinatioun ugekënnegte Projet de loi iwwert d'Intérêts notionnels à la belge verzichten.

Ech kann Iech dozou nëmme félicitéieren. Dat hat ech Iech an der éischter Ried no der Regierungserklärung am Dezember scho gesot, dass Der deenen net sollt nolauschteren, déi am Flüsterkaste vun de Koalitiounsverhandlungen Iech dat an de Koalitiounsprogramm diktéiert hunn. Well dat wier een net ze akzeptéierende Steiercadeau notamment un dat auslännescht Grousskapital gewiescht, zulaaschte vun de Lëtzebuerger Steierzueler. Dofir ass et gutt an dofir wëll ech Iech och ausdrécklech félicitéieren, dass Der, no Ärer Regierungserklärung, déi Der den 10. Dezember virgeluecht hutt, an nodeem mir Iech den 11. Dezember gesot hunn, dat wier net gutt, elo am Abrëll zu därselwechter Konklusioun kommt. Dat ass gutt esou!

Da kënnegt Der eng TVA-Erhéijung un, eng TVA-Erhéijung vun 2% op den 1. Januar 2015. Ech wëll Iech net genéieren doduerch, dass ech Iech hei virliesen, wat a Saachen TVA-Erhéijung déi lescht honnert Deeg alles hei gesot a gezielt ginn ass. Eng Kéier sollt se direkt kommen, eng Kéier sollt se am Juli kommen. Eng Kéier sollt se am Hierscht kommen. Elo kënnt se finalement op den 1. Januar 2015. An dat ass och richteg, dass se eréischt op den 1. Januar 2015 kënnt, esou wéi dat an der Erklärung zur Lag vum leschte Joer gesot gi war.

Et wier gutt gewiescht wann Der Iech einfach un dat gehalen hätt - et ass jo nach eng Regierungspartei an der Regierung, déi och déi leschte Kéier an der Regierung war -, wat d'lescht Joer gesot ginn ass, anstatt d'Leit geckeg ze maache mat dauernden ofwiesselnden Terminer, wat d'Erhéijung vun der TVA ubelaangt.

Elo wësse mer, dass dat den 1. Januar 2015 ass, a mir wëssen och, wéi d'lescht Joer gesot ginn ass, dass déi TVA-Erhéijung vun 2% net duergeet, fir de gesamte Steierausfall ze kompenséieren, deen duerch d'Ewechbrieche vun de Recetten aus dem E-Commerce am Joer 2015 wäert entstoen. An dofir muss weider gespuert ginn, dat steet ausser Fro.

Ech wéilt just zu där TVA-Erhéijung e puer Wuert soen: Et ass gëschter zu Recht drop higewise ginn, dass mer déi niddregst TVA-Sätz an Europa hunn. Mir hunn zënter 1993 ni méi un der TVA-Schrauf gedréint, well mer - doriwwer huet eigentlech ëmmer en informelle Konsens an der politescher Klass zu Lëtzebuerg bestanen - eis déi Méiglechkeet vun TVA-Erhéijung sollte loossen, wa mer eng Kéier aus finanzpolitesche Grënn, aus budgetspolitesche Grënn - an déi sinn elo do - missten eng TVA-Erhéijung maachen. A richteg ass et, dass een héije Prozentsaz vun deene Produkter, déi mam superreduzéierte Steiersaz vun 3% besteiert ginn, richteg ass et, dass een och dorunner net touchéiere geet.

Ech wëll drun erënneren, dass déi Produkter, déi ënner 3% leien, bis 1992 méi héich besteiert ware wéi 3%. Et war där deemoleger Regierung während der Présidence '91 vum ECOFIN gelongen, en europäeschen Accord iwwert d'TVA-Harmoniséierung an d'Akzisenharmoniséierung erbäizeféieren. An zum Kompromiss, deen d'Lëtzebuerger Presidentschaft deemools virgeluecht huet, gehéiert, dass et zu enger Ofsenkung vun den TVA-Sätz op liewensnoutwendege Produkter komm ass. Dass een dat bestoe léisst, ass gutt.

Net esou gutt ass et, fir auszeschléissen, dass et fir déi akommesschwaach Kategorië vun der Bevëlkerung - an där gëtt et! - zu kengerlee Kompensatioun kënnt parallell zur TVA-Erhéijung. Et gëtt gesot, am Kader vun der Steierreform géif ee sech d'Fro vun de Kompensatioune fir déi akommesschwaach Deeler vun eiser Bevëlkerung nei stellen. Or, bei enger Steierreform kënnt Der keng Steierofsenkung bei deene maachen, déi keng Steiere bezuelen!

D'TVA-Erhéijung, vun där déi gréng virun de Wahle gesot hunn, dat wier eng sozial ongerecht Steier a si géife sech géint déi Erhéijung wieren - do hu se bäigeléiert, si bleift awer nach ëmmer sozial ongerecht, mä si wiere sech net méi dergéint -, déi trëfft an engem méi staarke Mooss déi akommesschwaach Deeler vun der Bevëlkerung. An et wier wichteg a richteg gewiescht, parallell zur Erhéijung vun der TVA kompensatoresch, ausgläichend Moossname fir déi akommesschwaach Deeler vun der Bevëlkerung a Kraaft ze setzen an net ze waarde bis an d'Joer 2017.

Am Joer 2015 an am Joer 2016 ginn déi akommesschwaach Deeler vun der Bevëlkerung steierlech méi belaascht, an am Joer 2017, am Kader vun der Steierreform, kritt Der se net entlaascht, well Der deene Leit, déi keng Steiere bezuelen, och keng Steiererméissegung kënnt ginn. Da musst Der kompensatoresch Moossnamen am Ausgabendeel vum Budget aféieren. A well Der dat musst maachen, hätt Der dat och kënnen elo direkt maachen. Da wier dat méi eng kongruent Politik gewiescht wéi dat Verschuppe vun enger noutwendeger Begleetmoossnam an d'Joer 2017.

Et gëtt ëmmer gesot, dat wier jo scho jorelaang bekannt, dass d'Steier um E-Commerce géif manner abréngen, wéi dat de Moment nach de Fall ass, an dofir hätt ee misse Reserve bilden.

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass mer iwwer Jore Reserve gebilt hunn ënner Form vun enger Investitounsaffectatioun vun de budgetäre Plus-valuen, déi mer an der Zäit realiséiert hunn. Hätte mer déi lescht Joren aus den Einnahmen, déi den elektroneschen Handel bruecht huet, Honnerte Milliounen an d'Reserve geluecht, fir prett ze si fir deen Dag, wou déi Einnahmequell géif ewechbriechen, dann hätte mer eis déi lescht Jore wiesentlech méi verschëlde missen. Dann hätte mer déi lescht Joren eventuell missen d'TVA-Erhéijung scho maachen. Mä mir waren eis ëmmer eens, dass et an de Joren '11, '12, '13 a '14 aus Konjunkturgrënn sech net géif imposéieren, eng TVA-Erhéijung ze maachen, well dat konjunkturnegativ Effekter gehat hätt. An dofir kann een déi TVA-Erhéijung och eréischt fir den 1. Januar 2015 maachen.

Grouss Bedenken hu mer bei der TVA-Besteierung vun de Bauaktivitéiten. Mir verspären eis där Debatt net, mä mir wéisste gären, wat d'Auswierkungen dovu sinn op de Secteur vun dem Mietwunnengsbau, wann een de Logement locatif net méi mat dem superermëissegte Steiersaz vun 3% TVA besteiert, mä mat engem, wéi ech denken, normale Regelsaz vu 17%.

Mir sinn eis jo eens, dass mer net genuch Mietwunnengen am Land hunn. Da verstinn ech net, firwat dass mer grad bei deene Leit, déi an de Logement locatif, an de Mietwunnengsbau investéieren, elo eng Steiererhéijung virhuelen. Dat schéngt mer contraire ze sinn zu den Noutwendegkeeten, déi mer um Wunnengsbaumaart de Moment schonn erkennen. Dofir hale mer déi Moossnam a priori fir net gutt. Mir géifen nawell gären - well dat hutt Der Iech jo iwwerluecht - déi genau Auswierkunge vun där Steiererhéijung um Logement locatif gesinn, fir dann eis Meenung definitiv ze soen.

En fait ass dee superermëissegte Saz beim Bauen, dee just zu Lëtzebuerg besteet, agefouert ginn, well mer och wollten e Bäitrag leeschten zur Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht. Déi TVA-Regelung fir de Bau ass e wiesentleche Bestanddeel an der Lutte géint d'Schwaarzaarbecht. Dofir géife mer Iech bieden, Iech dat nach eng Kéier ze iwwerleeën. Mir diskutéieren dat gäre mat, mä mir wéisste gären, wou dat hiféiert.

Dann hu mer mat Spannung gewaart, dass mer endlech kloer Indicatioune géife kréien iwwert déi zukünfteg Ausgestaltung vun der Familljepolitik. Do sinn och x Iddien diskutéiert ginn. D'Ministesch huet sech selwer Froen iwwer hir eegen Iddien an der Effentlechkeet gestallt an huet hir Froen, déi se hat, net beäntwert, esou dass d'Leit eigentlech ganz duerjernee sinn, well se net wëssen, a wat fir eng Richtung evoluéieren dann elo d'Kannergeld an aner Familljeprestatiounen.

Dat si mer gëschter net gewuer ginn. Hei wier et drëngend noutwendeg gewiescht, déi Onsécherheet, déi a breede Bevëlkerungsdeeler besteet, doduerch ze behiewen, dass een hei kloer Faarf bekannt hätt. Dat ass gëschter net geschitt. Dat ass eng Unterlassungssënde, déi ee muss brandmarken!

Et gëtt iwwert d'Reform vum RMG geschwat. Dat hu mer och d'lescht Joer gesot, mat groussem gewerkschaftlechen an deelweis LSAP-Kritikstuerm. Dat steet och elo an der Regierungserklärung, wéi och schonn an der eigentlecher Regierungserklärung. Mir hätte just gäre gewosst, a wat fir eng Richtung dass et do geet. Grad wéi mer och drop waarden - dat hu mer scho gefrot am Dezember -, wat dat dann heescht, dass een d'Indemnité de chômage, also d'Aarbechtslosenënnerstëtzung, géif iwwerpréiwen.

Mir waren eis a fréiere Regierungen eigentlech eens, dass een an der Kris net dierft d'Indemnité de chômage kierze goen, aus evidente sozialautomateschen, stabilisatoresche Grënn. Mir wéisste gären a mir froen dat och an dëser Debatt, wat Der do wëlles hutt.

Da muss ech soen, dass ech dee Passage iwwert den Index net bekäppt hunn. Dat kann natierlech mat mengem mangelnde Versteesdemech ze dinn hunn, mä ech hu festgestallt, dass ech awer net deen Eenzege sinn, deen dat net bekäppt huet.

An der Regierungserklärung sot Der, an där Regierungserklärung vum Dezember, Dir géift déi Indexregelung, déi mer elo hunn, viruféieren. Gëschter huet d'Regierung hei erkläert, si wier sech net sécher, ob d'Bäibehale vun där Indexformel, déi mer elo hunn an déi mer no Bipartite-Verhandlungen... D'Bipartite huet jo och erëm eng Renaissance déi lescht Zäit kritt, well dat mat der Tripartite, dat schéngt net esou richteg ze rëtschen. No Bipartite-Verhandlungen hu mer eng Indexmodulatioun fonnt, an do freet d'Regierung sech gëschter, ob dat dann elo déi richteg Formel wier, a seet dann, d'Sozialpartner sollen e globalen Accord - ech denken, an där Fro - treffen. A wa se dee globalen Accord net géifen treffen, da géif d'Regierung hir Verantwortung iwwerhuelen.

Ech wollt just froen: Wouriwwer soll et dann an deem globalen Accord do goen? Et ass jo net ze erwaarden, bei deem niddregen Inflatiounsstand, dee mer haut hunn, dass esou séier eng Indextranche géif erfalen. Firwat mussen d'Sozialpartner bis de Summer en Accord global iwwer ech weess net wat fannen - d'Regierung muss sech jo eppes dobäi denken, bei deem Accord global -, wa mer Zäit hunn, déi Indexfro an aller Rou ze klären?

Mä ech verstinn net dee Sprong tëscht der Regierungserklärung vum Dezember an der Regierungserklärung vu gëschter. Dir hat eng kloer Ausso zum Index gemaach. Gëschter hutt Der eng nebulös Ausso zum Index gemaach, déi kee Mënsch am Land versteet. An ech weess och net, wat d'Sozialpartner solle mat där Invitatioun maachen, fir e globalen Accord ze treffen, wa kee Mënsch weess, wouriwwer et an deem globalen Accord soll goen. Dofir mengen ech, dass hei d'Wourecht et eigentlech verlaangt hätt, dass ee méi kloer gesot hätt, wourunner dass d'Regierung denkt, wa se däraarteg Iddien an d'Welt setzt.

Der langen Rede kurzer Sinn: Déi Regierungserklärung vu gëschter huet vill Positives enthalen, do wou déi Politik, déi am Lafen ass, soll onverännert oder liicht verännert virugefouert ginn. Déi Regierungserklärung vu gëschter huet keng Kloerheet iwwert deen zukünftege Wee vun der Regierungspolitik bruecht.

Am Dezember an der Regierungserklärung ass gesot ginn, d'Leit misste wëssen, wou et higeet, d'Leit misste wëssen, wat d'Regierung wëllt, an d'Leit misste wëssen, wat fir Äntwerten dass d'Regierung op déi Froen, déi sech stellen, gëtt.

D'Regierung huet gëschter keng Äntwerten op déi Froen, déi sech stellen, nieft deenen, déi ech behandelt hunn, ginn. Well d'Regierung och gëschter de Moment verpasst huet, méi kloer ze soen, wat fir Froen dann zu zukünftege Referende sollen zougelooss gi respektiv gestallt ginn.

Hei gëtt einfach virugefuer wéi am Dezember, ze soen, mir maache Referenden, mä et gëtt een net gewuer, wouriwwer dass déi Referenden da solle goen. Et wier gutt gewiescht, wa mer dat gëschter gewuer gi wieren.

Mir sinn also gëschter net gewuer ginn, a wat fir eng Richtung dass de Budget 2015 geet. Mir sinn net gewuer ginn, wat déi grouss Linne vun der Steierreform solle sinn, déi 2017 a Kraaft trëtt. Mir sinn net gewuer ginn, wat fir kompensatoresch Moossname fir déi akommesschwaach Kategorië vun der Bevëlkerung am Zesummenhang mat der TVA-Erhéijung getraff ginn. Mir sinn net gewuer ginn, wéi et a Saache Kannergeld an iwwerhaapt familljepolitesch Prestatioune virugeet. Mir sinn net gewuer ginn, wat an der Indexfro, wou Kloerheet bestanen huet, soll anescht gemaach ginn.

Et war also eng Regierungserklärung mat vill Positivem, awer mat eklatante Schwaachstellen. Et ass eng Regierungserklärung gewiescht, déi d'Regierungspolitik net méi däitlech gemaach huet wéi dee schwammegen Androck, deen een no Ärer Regierungserklärung den 10. Dezember hat.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem éischte Riedner, dem Här Juncker. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry vun der LSAP. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'Regierung an déi politesch Majoritéite wiesselen. D'Problemer an d'Erausfuerderungen, déi sech dësem Land stellen, bleiwen awer zu engem gudden Deel déiselwecht. Déi nei Majoritéit muss dat erkennen. An d'Oppositioun, besonnesch déi nei Oppositioun, däerf dat net vergiessen.

Wa mer eng Rei vu Problemer hunn, déi mer scho jorelaang kennen a wa mer se nach net geléist hunn, dann ass dat en Échec collectif. Et kann een dat net dëser Regierung unhänken, mä et ass u sech och op d'Komplexitéit vun den Dossieren zréckzeféieren, op déi laangfristeg Répercussioune vu Moossnamen, déi een hëlt, zréckzeféieren, awer zum Deel och op e Manktum u Courage zréckzeféieren. An an déi Kritik kann ee ganz vill Leit hei matabezéien.

Wann ech d'Kommentare gëschter héieren hunn, dat ass e bëssen nuancéiert ginn hei duerch dem Jean-Claude Juncker seng dach ganz pondéréiert Interpretatioun. An deene kuerze Kommentaren direkt kommen déi Nuancen net esou eriwwer.

Dann hunn ech awer och eng Impression de déjà-vu. Ech si scho laang hei mat derbäi, iwwer 20 där Deklaratiounen hunn ech, sief et als Parlamentarier oder als Regierungsmember, schonn nogelauschtert. An et ass bal ëmmer esou, dass d'Oppositioun seet, d'Regierung wär onprezis, d'Regierung géif net alles soen, dat eent géif feelen, dat anert géif feelen.

An all Kéiers war bis elo d'Äntwert, fir ze soen: Ma neen, eng Regierungserklärung kann net op all Punkten agoen, kann net all Aspekter vun der Politik beliichten, setzt vun Deklaratioun zu Deklaratioun aner Schwéierpunkten. An déi politesch Debatt zu Lëtzebuerg, glécklecherweis, beschränkt sech jo net op déi Deklaratioun vun der Regierung, an da während aacht Stonnen hei eng Debatt an der Chamber, mä déi ass geprägt vu ganz ville politeschen Debatten.

Hei ass eng wichteg, mä déi nächst Etapp kënnt. Déi nächst Etapp ass d'Budgetsdebatt, déi mer no der Ouschterpaus wäerten hei an der Chamber hunn, verbonne selbstverständlech och mat enger Diskussioun ronderëm de Pacte de stabilité et de croissance, déi Indicatiounen, dee Programm, deen d'Lëtzebuerger Regierung, wéi hir Virgänger, muss bis Enn Abrëll och bei der Europäescher Kommissioun zu Bréissel ofginn a wou natierlech och do nei Prezisioune wäerte kommen, notamment wat och den Équiliber vum Budget respektiv de Spuereffort ugeet, deen dës Regierung wëllt déi nächst Joren duerchféieren.

Wat ech net kann akzeptéieren, dat ass d'Kritik, déi hei gemaach ginn ass an déi den Oppositiounssprecher hei schéngt ze iwwerhuelen, dass a priori déi Basis, op där d'Regierung hir Politik opbaut, ze optimistesch wär.

Net méi spéit wéi gëschter véier Auer war Finanz- a Budgetskommissioun an do hu mer déi allerlescht Zuelen, en Updating kritt vun deene Previsiounen, déi de Statec mécht an déi elo afléissen an déi Aarbechten, déi de Comité de prévision ze maachen huet. Dat sinn d'Zuele vum Comité de prévision an net d'Zuele vun der Regierung. Mä mir mussen eis do ewechbewege vläicht och aus der Traditioun vun der Vergaangenheet, wou de Statec emol dat eent sot an d'Regierung gesot huet: „Neen, fir de Budget gi mir eigentlech vun enger anerer Hypothees aus."

Déi Zäite sinn eriwwer, eigentlech schonn zënter e puer Joer. Et gëtt e Comité de prévision, wou ebe Fachleit aus deenen eenzelne Verwaltungen zesummesëtzen, déi dann u sech d'Prognosen an d'Hypotheesen der Regierung matdeelen, op deene si dann hir Finanz- a Budgetspolitik an deenen nächste Joren opbaut.

Dat wëlle mer jo och deemnächst gesetzlech verankeren an och d'Indépendance, d'Onofhängegkeet vun esou engem Gremium garantéieren, fir dass eben op méiglechst objektiven an net op reng politeschen Zuele kann d'Politik vun deenen nächste Joren opgebaut ginn.

An déi Zuelen, déi mer gëschter hei geliwwert kritt hunn, déi bestätegen allerdéngs ganz kloer déi Virausnahmen, déi d'Regierung iwwerholl huet bei der Opstellung vun hirem Budget 2014 respektiv och, wat d'Deklaratioun vu gëschter ugeet.

Nach wie vor geet de Statec dovunner aus, dass mer dëst Joer wäerten en héije Wuesstum kréie vun 3,1%, 3,2%. An do ass, wann ech richteg verstanen hunn, d'TVA-Erhéijung scho mat berücksichtegt an deenen dote Prognosen. An, wéi gesot, mir huelen och méi en héije Wuesstum eigentlech mat an dëst Joer eran, well wahrscheinlech och 2013 mat engem relativ héije Wuesstum vun 2,2% ofschléisst. An de Statec geet och dovunner aus - et ass evident, do gëtt natierlech d'Treffsécherheet gëtt méi kleng, wat ee sech méi an d'Zukunft beweegt -, dass an deene Joren duerno, 2015 an 2016, kéint mat engem Wuesstum vu gutt 3% pro Joer gerechent ginn.

Dat ass...

(Interruption)

Jo.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV)*.- Ech wollt déi makroekonomesch Hypotheesen, op deenen d'Regierung schafft, net fundamental a Fro stellen. Ech hu just drop opmierksam wëlle maachen, nodeem den Här Bettel gëschter den Här Dijsselbloem hei zitéiert huet an deem laudativen Deel, deen d'Lëtzebuerger Budgetspolitik betrëfft, dass den Eurogroup, d'Kommissioun an d'Zentralbank der Meenung sinn, dass déi Hypotheesen ze vill optimistesch sinn. An zur Wourecht gehéiert et, dass een dat seet, an net nëmme seet, den Här Dijsselbloem als Eurogroup-Chef hätt de Lëtzebuerger Budget gelueft. En huet och eppes aneschters gesot.

Dat wollt ech hunn, dass d'Leit dat gewuer ginn, well ech wéi den Här Bettel och der Meenung sinn, dass een de Leit déi ganz Wourecht soll soen.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech mengen zwar, Här Juncker, Dir hätt elo e Saz hei bäigefügt an Ärer Interventioun, wou Der gesot hutt: Ech deelen déi Aschätzung. Mä dat kann een herno am Compte rendu noliesen.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV)*.- Ech hu gesot, d'Evolutioun am nächste Joer an am iwwernächste Joer géif dat weisen! Et waren nach ni Previsioune ganz richteg.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat ass ganz kloer. Dat seet jiddwereen. Et ass ëmmer nëmmen eng Momentopnahm opgrond vun deenen Donnéeën, déi een huet.

Mä nach wie vor wollt ech just hei dann och, fir d'ganz Wourecht dann der Chamber ze soen, matdeelen, dass mer gëschter an der Finanzkommissioun matgedeelt kritt hunn, dass de Statec eigentlech déi éischt Previsioune bestätegt an och kloer gesot huet, dass déi éischt Indicatiounen, déi e vun deenen éischte Méint hätt vun 2014, ganz kloer géifen och an déiselwecht, méi positiv Richtung weisen. Dont acte. Ech mengen, et kann een och emol positiv sinn an net probéieren, alles hei ëmmer méi negativ duerzestellen. D'Erausfuerderunge si schonn esou grouss genuch!

Mä et ass vläicht eng Chance fir dëst Land - ech schwätzen nämlech net hei vun der Regierung -, dass, wa sech déi dote méi positiv Hypotheese sollte bestätegen, déi awer nach ëmmer wäit ënnert deene Wuesstumsrate leien, déi mer eigentlech vu Mëtt den 1980er Jore bis hin zur Kris 2008/2009 haten, wa sech déi sollte bestätegen, ass awer eng Chance do, dass een an esou engem Ëmfeld kann eng Rei vu Strukturreforme maachen, déi natierlech matzen an enger Kris praktesch net duerchzeféiere sinn, well se dann déi Kris nëmme géife verstäerken.

Dat ass vläicht eng Chance. Ech géif mer et wënschen, dass déi Prognose géife richteg leien. Eng Chance, déi dëst Land huet, dass mer effektiv eng Rei vun Dossiere kënnen upaken, déi mer matzen an der Kris net konnten upaken, well dat nëmmen zu enger Verbéserung vun der Situatioun gefouert hätt. An engem Joer wësse mer do sécherlech och méi, wéi et dann elo tatsächlech weidergaangen ass.

Wann een déi Erklärung vun der Regierung kuckt, da stellen ech fest, dass d'Regierung duerchaus d'Erausfuerderungen erkannt huet, d'Prioritéite richteg setzt fir déi nächst Joren an och eng Rei vun éischten Äntwerte gëtt, awer, mengen ech, an enger Bescheidenheet, déi jiddwerengem hei géif eigentlech ziemen, net den Usproch huet, vun haut op mar sämtlech Problemer ze léisen.

An ech wëll mech an dat aschreiwen, wat de Virriedner hei gesot huet, wat déi dach surrealistesch Debatt ugeet vun deem Bilan no honnert Deeg!

Honnert Deeg brauch een, fir sech mat den Dossieren ze familiariséieren. An ech hunn den Androck, dass déi honnert Deeg gutt genotzt gi si vun dëser Regierung an dëser Majoritéit, fir dat doten ze maachen. Mä et gëtt een net bewäert op deenen éischte knapp véier Méint, mä et gëtt ee bewäert op der gesamter Period vu fënnef Joer. A bei déi véier Méint kommen nach 54 Méint derbäi, bis et dann am Oktober 2018 zu deenen nächste Wahle kënnt. An da gëtt de Bilan gezunn, an ech hoffen, dass dee Bilan gutt ausfält fir Lëtzebuerg! Well dorëms misst et eis alleguerten eigentlech goen.

Wat mech ëmmer méi stéiert - dat ass vläicht och e Phenomeen, wann ee laang derbäi ass an ufänkt, eng gewëssen Distanz zu den eenzelnen Dossieren ze kréien: Et ass och gemaach ginn, wéi wann déi Problemer, déi sech stellen, déi mer kennen, wéi wann dat d'Problemer vun der Regierung wären.

Dat sinn d'Problemer vun eis alleguerten! Dat sinn d'Problemer vun dësem Land. An ech géif mer erhoffen, dass mer och et fäerdegbréngen, trotz alle parteipoliteschen Divergenzen an och Identitéitsfroen, déi sech fir all Parteie stellen an deenen Debatten, dass mer awer dee Konsens, dee mer hunn awer a wesentleche Froen, dass mer deen erhalen.

Duerfir schockéiert et mech net, an ech hunn dat och scho gesot bei der Debatt ronderëm d'Koalitiounserklärung am Ufank vun dëser Mandatsperiod, dass selbstverständlech immens vill Elementer vu Kontinuitéit an där Deklaratioun och hei drastinn. Vläicht ass d'LSAP och dat Bindeglied an der Kontinuitéit - dat kéint jo emol sinn - vun där enger Politik an déi aner Politik. Mä gläichzäiteg, bei där Kontinuitéit, déi sech hei erëmspigelt, ass awer och de Wëllen do, eenzel Punkten awer behäerzt unzegoen, wou - dat wësse mer alleguerten, déi derbäi waren - awer déi lescht Koalitioun zum Schluss zumindest net méi déi Kraaft hat, fir un eenzel Dossiere wierklech behäerzt erunzegoen.

Ech géif hei gären e grousse franséische Politiker, de Pierre Mendès France, zitéieren, well ech mengen, dass dat Zitat do relativ gutt op déi Situatioun passt, wéi mer se momentan och hei zu Lëtzebuerg erëmfannen, a wat och wäert eng Erausfuerderung fir d'Regierung, eng Erausfuerderung fir d'ganz Politik hei ginn: «On ne peut pas tout faire à la fois. Gouverner, c'est choisir, si difficiles que soient les choix. Choisir, cela ne veut pas dire forcément éliminer ceci ou cela, mais réduire ici et parfois augmenter; en d'autres termes, fixer des rangs de priorité.»

Dat ass genau dat, mengen ech, wou mer eigentlech stinn: Prioritéite setzen, net alles ofkappen, eenzel Punkte manner maachen, op anere Punkten och méi maachen, well mer wëssen, dass do d'Schwaachstelle sinn, esou dass mer wëssen, dass mer do méi an eenzelne Beräicher, prioritäre Beräicher mussen investéieren!

An effektiv ass eng Politik vum Kappe vun den ëffentlechen Dépensë mat der Tondeuse net ze maache bei ganz ville Beräicher. Déi kann een eng Zäitche bei Fonctionnementskäschten zum Deel maachen, mä et muss ee vill méi geziilt an där doter Politik virgoen, an eenzelne Punkte méi investéieren, op anere Punkten duerchaus manner. Eis Efforte mussen also, denken ech, vum Onproduktiven higoen zum Produktiven, vum manner Nëtzlechen zum méi Nëtzlechen.

Mir stinn als klengt Land do agebett an en internationaalt Ëmfeld, en europäescht Ëmfeld, vun deem mer vill profitéiert hunn, wou mer nach ëmmer profitéieren, mä wat eis sécherlech haut an eenzelne Beräicher méi hostile schéngt, wéi dat emol an der Vergaangenheet de Fall war.

Den Drock op Lëtzebuerg ass do. Lëtzebuerg huet, do soll ee sech näischt soen (veuillez lire: näischt virmaachen), en „Imageproblem", géif een haut soen an der Kommunikatiounswelt, en Imageproblem no baussen an eenzelne Beräicher, duerch eben och eng Rei vun negative Schlagzeilen, déi heiansdo geziilt, heiansdo net geziilt eben och Lëtzebuerg mat implizéieren, besonnesch natierlech och, wat de Finanzstanduert vu Lëtzebuerg ugeet.

Dogéint musse mer eis zesumme wieren. Mä mir wëssen awer och, dass mer do an der Vergaangenheet Feeler gemaach hunn a munches vläicht och ze laang lafe gelooss hunn, ouni behäerzt ze intervenéieren. Dat ass eng kollektiv Schold, wou ech kee kann dovunner fräispriechen.

Mir sinn op engem anere Wee. Dat doten ass zënter enger Rei vu Joren erkannt. D'Échéancë sinn eigentlech och bekannt, déi international europäesch Échéancen, déi spillen, wou eenzel Bestëmmungen net méi wäerte gëllen. An et gëllt eigentlech, eis dorunner ze adaptéieren.

Obwuel ech awer dach iwwerrascht sinn, wéi déi schlecht Zensur vum „Global Forum", wéi dat eigentlech konnt Lëtzebuerg passéieren. Och do mengen ech, dass vläicht dat net mat deem néidege Seriö behandelt ginn ass iwwert déi Méint virdrun. An dat ass eigentlech keng Responsabilitéit, muss ech soen, vun dëser Regierung. Dat fält - et deet mer leed, dat mussen ze soen - awer voll an d'Responsabilitéit vun deenen, déi virdrun d'Verantwortung fir déi doten Dossieren haten.

Dat bleift e Makel, dee vläicht e bësse mat der Iwwergangszäit ze dinn huet, déi gespillt huet, mat de Wahlen. Mä dat war net gutt a menger Usiicht no wär dat doten duerch eng gutt Preparatioun ze verhënnere gewiescht. Mä d'Regierung schafft jo drun, fir eigentlech dat doten erëm riichtzebéien an déi néideg Moossnamen an d'Wee ze leeden.

D'Realitéite vu Lëtzebuerg si munnechfalteg. Et ass vläicht gutt, se ze rappeléieren, well esou Debatte wéi déi hei sollen eis jo eigentlech och e bësse vun der dagdeeglecher Politik ewechbréngen op méi Prinzipielles.

Einfach e puer Zuelen, fir Lëtzebuerg ze charakteriséieren, dat sech formidabel transforméiert huet eigentlech iwwert déi lescht Generatioun, déi lescht 20, 30 Joer. An et ass eis eigentlech emol net esou richteg opgefall, wa mer matzen dran an där Transformatioun stoungen.

An där Zäit vun deene leschten 30 Joer ass d'Zuel vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, ëm 150.000 Unitéiten an d'Luucht gaangen! 150.000, plus 40% an 30 Joer.

Eis aktiv Bevëlkerung, déi ass an nëmme 15 Joer, an deene leschte 15 Joer, ëm 120.000 Unitéiten an d'Luucht gaangen op haut ronn 380.000, dovunner iwwer 150.000 Pendler. Iwwer 150.000 Grenzgänger!

D'Kompositioun vun der Lëtzebuerger Gesellschaft huet sech fundamental geännert. Den Undeel vun den Netlëtzebuerger läit haut bei 45%. Dovunner 90.000 portugisesch Matbierger an - e ganz rezente Phenomeen - 35.000 Leit, déi hei wunnen, déi net aus engem Stat vun der Europäescher Unioun kommen. Eng formidabel Transformatioun, déi mer hei an deene leschte Jore matgemaach hunn!

De PIB läit bäi wäit iwwer 40 Milliarden Euro. Pro Kapp ass dat 2,5-mol d'Moyenne vun der Europäescher Unioun. Pro-Kapp-Statistike sinn ëmmer gefäierlech fir kleng Länner. Duerfir si mer och déi gréisste Béierdrénker, wat ech jo net esou gleewen. Dat zweet Land, wat kënnt an där Statistik, dat ass Éisträich, déi hunn u sech d'Halschent vun eiser Pro-Kapp-Wirtschaftskraaft eigentlech.

Mä Lëtzebuerg ass awer och - an da versteet een dat schlecht, wann een déi doten Zuele kuckt, déi jo éischter op en allgemenge Räichtum géifen hiweisen -, Lëtzebuerg ass awer och dat Land, wat en Aarmutsrisiko huet - och do kann een iwwert d'Berechnungsmethod diskutéieren -, deen déi lescht Jore liicht eropgaangen ass, dee sech ëm 15% beweegt. 15%, dat sinn 80.000 Leit! Dat sinn der vill. Dat sinn der enorm vill an dat sinn der, an eisen Aen, ze vill fir Lëtzebuerg.

A besonnesch eng Kategorie ass dovunner betraff, an deem muss een an der Neiorientéierung vun der Familljepolitik probéiere Rechnung ze droen, dat sinn d'Familles monoparentales, déi, wat den Aarmutsrisiko ugeet, zu 40% drënnerfalen.

Mir sinn dat Land mat sécherlech den héchsten Terrains- a Wunnengspräisser a ganz Europa, wa mer dat op Lännerbasis kucken. Mir sinn och dat Land mat den héchste Mindestléin, mir sinn dat Land mat den héchste Reserven, wat eis Pensiounen ugeet, mä awer och dat Land mat de gréisste Verspriechen, wat d'zukünftegt Ausbezuele vu Pensiounen ugeet.

Mir sinn och e Land, deem säin demografesche Wandel, och an der Altersstruktur, besonnesch bei der Lëtzebuerger Bevëlkerung, doduerch cachéiert gëtt, dass mer eng staark Immigratioun nach ëmmer vu jonke Leit hei zu Lëtzebuerg hunn. E Phenomeen, dee mer awer net däerfen aus den Ae verléieren.

Mir sinn awer och an där spezieller Situatioun, dass mer Lëtzebuerger Aarbechtskräften hunn, déi sech bal total ëmmer méi am ëffentleche Secteur konzentréieren, an u sech e Privatsecteur hunn, deen eigentlech jo awer de Motor vun der gesamter Aktivitéit hei zu Lëtzebuerg ass, wou vläicht nach e Fënneftel Lëtzebuerger sinn an deen zu praktesch 80% gedroe gëtt vun Netlëtzebuerger an zu engem gudden Deel, praktesch der Halschent, gedroe gëtt vu Leit, déi am Ausland wunnen an déi all Dag hei op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Mir hunn eng akzeptabel Bevëlkerungsdicht, wann een d'Statistike kuckt, mä mir sinn awer - dat wësse mer alleguerten, de Premier huet et och gesot -, mir sinn e Stauland hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn duerch déi atypesch Situatioun enorm Problemer, wat de Flux vum Verkéier ugeet. An duerfir, mengen ech, sinn déi Akzenter, déi dës Regierung wëllt grad an deem dote Beräich setzen - wat eigentlech eng Confirmatioun ass vun enger ganzer Rëtsch vu Projeten, un deene laang geplangt ginn ass -, wichteg, fir dass Neel mat Käpp gemaach ginn an dëser Period an dass mer endlech, beson-

nesch wat d'Mobilité douce ugeet, wat den ëffentlechen Transport ugeet, do konkret um Terrain virukommen.

Et ass kloer, dass och déi wirtschaftlech Expansioun hir Spuren un Natur, Ëmwelt, Loftqualitéit besonnesch hannerlooss huet an dass do muss probéiert ginn ze reagéieren.

Et muss also eist Zil sinn, dass mer et fäerdegbrëngen, gemeinsam déi Schwächten, déi mer hunn, ofzeschwächen an dat Potenzial vu Stäerkten, dat mer hei zu Lëtzebuerg hunn, optimal ze notzen. Dozou gehéiert selbstverständlech och, dass d'Viraussetzungen do sinn, fir d'Politik ze maachen. An dozou gehéiere gesond ëffentlech Finanzen.

Ech mengen, mir sollten hei net d'Budgetsdiskussioun féieren. Dat maache mer an e puer Wochen. Mä nach selbstverständlech setzt déi finanziell Situatioun och de Kader, wa mer méi wäit hei kucken.

D'Regierung huet sech Ziler ginn: d'Reduzéierung vum Statsdefizit bis Enn vun dëser Period, d'Begrenzung och vun der Statsschold däitlech ënner 30%. An ech sinn och der Meenung, dass déi Ziler ze hale sinn, wann et net zu engem neien Abroch kënnt an der allgemenger wirtschaftlecher Entwécklung. Mä da kënnt déi och net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä europawäit. Da muss jo souwisou nach eng Kéier iwwert déi ganz Orientéierung vun där ganzer Gouvernance économique a vun der Finanzpolitik diskutéiert ginn.

Zuelen, déi an d'A stiechen, a wat déi éischt Aufgab vun dëser Regierung ass, Zuelen, déi net onbekannt sinn, déi awer éischter ëmmer erëm no uewe korrigéiert ginn, dat sinn déi 800 Milliounen Euro - dat ass elo d'Hypothees, déi de Statec iwwerhëlt: 800 Milliounen Euro - Abroch bei den Einnahme vun der TVA duerch deen neie Berechnungsmodus beim E-Commerce ab dem nächste Joer.

Dat geet awer nach erop bis 1,3 Milliarden ab 2019, wann eigentlech elo déi Auslafperiod vu véier Joer, wann déi ofgelaf ass. Also mat deem éischten Effort ass et net gedoen! Et wäerten nach aner Efforte musse kommen, well ech mengen, wat eigentlech misst jiddwerengem aliichten: dass mer eis prioritär musse konzentréieren, fir dat, wat do abrécht vun engem Dag praktesch op deen aneren, dass mer dat musse fäerdegbréngen erëm opzefänken, wat den allgemengen Équiliber vun den ëffentleche Finanzen ugeet.

Ech bleiwen der Iwwerzeegung, dass dee Sproch sécherlech vereinfacht awer richteg ass: dass d'Scholde vun haut ganz gären d'Steiere vu muer sinn. An ech sinn der Meenung, dass mer verantwortlech mussen handelen och par rapport zu eise Kanner, dass mer deenen duerch eng Insouciance, mat där mer géifen un d'Problemer haut erugoen, eigentlech eng Ierfschaft iwwerloossen, déi se net wäerte kënne stemmen! Déi wäerte se net kënnen eigentlech richteg stemmen, wa mer net oppassen a wa mer et net fäerdegbréngen, wierklech Fouss bei Mol ze halen, wat an deenen nächste Joren d'Neiverscholdung hei zu Lëtzebuerg ugeet.

Mir mussen also do handelen. Mir mussen awer och net aus den Ae verléieren, ech hunn et gesot, dass deemno wou een de Spuerstëft usetzt, deemno wat fir eng Orientéierung dass ee gëtt, an duerfir muss ee sech Zäit loossen, fir Décisiounen ze huelen. An ech kann eigentlech déi Kritik schwéier akzeptéieren, dass net elo schonn haut alles soll um Dësch leien.

Esou Décisiounen, notamment wat d'Reorientéierung vun enger Familljepolitik ugeet, fir dat ze nennen, déi hëlt een net vun haut op muer! Déi muss ee sech gutt iwwerleeën, fir eben net an eng Situatioun eranzekommen, dass bal deen een Dag dat eent och ugekënnegt gëtt, bal erëm dat anert, mä dass ee wierklech Berechnunge mécht och, wat de Cumul vun eenzelne Moossname konkret fir eenzel Familljesituatioune bedeit.

Dat ass, mengen ech, dat, wat muss gutt duerchduecht ginn. Léiwer do e puer Méint waarden an dann déi richteg Propositioune maachen, wéi elo schnell aus der Hëft schéissen an dann andauernd musse Korrekture virhuelen. Ech menge schonn, dass d'Regierung gutt gedoen huet, hei net virun de Won ze lafen, mä sech nach déi néideg Zäit an deenen nächste Méint ze loosse bei der Opstellung vum Budget - déi geschitt net haut, mä déi geschitt an deenen nächste Méint, bis an de September vun dësem Joer eran - an dann déi richteg Weichestellunge virzehuelen, fir dass net ongewollten Effeten och vun deenen dote Moossname kommen.

Wichteg schéngt mir ze sinn, dass muss verhënnert ginn, dass op eemol och Deeler vum Mëttelstand an den Aarmutsrisiko kënnen erarutschen, deemno wou een eben och do mat der Politik usetzt. A sozial Selektivitéit, dat ass och kloer, ass fir eis net nëmme gläichzesetze mat Hëllef fir déi Bedürfteg. Et kann een och eng Ëmverdeelungspolitik an et muss een d'Ëmverdeelungspolitik och e bësse méi breet usetze wéi nëmmen eng op déi Leit, déi praktesch haut an Aarmut liewen.

Mir sinn och der Meenung als LSAP-Fraktioun, an ech hunn eigentlech keng aner Lektür och vun där Regierungserklärung, dass mer selbstverständlech bei alle Spuerefforten, mat alle Reorientéierunge vun eenzelne Politiken, déi mer wäerte musse maachen, mussen eng Afrostellung och maache vun alen Initiativen, vun eenzelne Gesetzer, déi mer selwer matgedroen hunn. An ech hunn awer do eng gewësse Schwieregkeet erausgespuert an der Ried vu mengem Virriedner, fir déi Afrostellung eigentlech och vun eegenen Texter ze maachen.

Dat mag sengerzäit richteg gewiescht sinn, déi Gesetzer ze maachen, mä dat muss haut, zéng, zwanzeg Joer drop, net méi stëmmen. An duerfir mengen ech, däerf een net un deem festhalen, wat eng Kéier décidéiert ginn ass an engem bestëmmten Zesummenhang, mä et muss een haut kucken, ob deen Zesummenhang haut nach ëmmer deeselwechten ass oder ob et nach haut Sënn mécht eigentlech, an deem dote Mooss un eenzelne viregten Décisioune festzehalen. Dat ass déi Operatioun, déi dës Koalitioun wëllt maachen.

Mir brauchen e Stat, dee weider ka steieren. E Stat, besonnesch an engem klenge Land, huet eng steierend Fonctioun, dat ass ganz kloer. Mir gleewen haut wéi gëschter net eigentlech un déi onsiichtbar Hand vum Maart, déi alles géif gutt regelen. Mä mir menge schonn, dass et wichteg ass also och hei zu Lëtzebuerg - an dat hu mer och -, e relativ staarke Stat ze hunn, deen och besonnesch a Krisesituatioune kann dergéinthalen, intervenéieren, fir eng Rei vun negativen Effeten ofzefiederen. Fir dat kënnen ze maachen, muss en natierlech och iwwer Eegemëttel verfügen a kann net nëmmen op eng zousätzlech Verscholdung zréckgräifen.

Duerfir mengen ech, dass all déi Ukënnegungen, déi gemaach gi sinn a puncto Infrastrukturen, a puncto Déngschtleeschtungen, a puncto Schoul, Uni, a puncto Fuerschung an Entwécklung, dat sinn eigentlech déi richteg Orientéierungen, déi richteg Achsen, op déi mer eis Zukunft hei zu Lëtzebuerg wëllen opbauen.

An ech wär, wéi gesot, frou, wa mer bei aller Wichtegkeet vun deem Finanziellen net nëmmen e renge Kontabelsbléck géifen op de Budget an op d'Finanzpolitik werfen, mä effektiv déi Finanzpolitik verbanne mat Ziler, déi ee sech setzt. Dat ass déi Reform vun der Budgetspolitik, fir déi mer eis scho laang hei zu Lëtzebuerg als LSAP asetzen a wou et wichteg ass, dass dës Regierung déi Reform och tatsächlech mécht. Dat gëtt eis awer e Steierungsinstrument, wat méi wierksam ass wéi dat, wat mer bis elo vun Traditionellem hei zu Lëtzebuerg kannt hunn.

Politik also vun der budgetärer Vernonft, awer och Verantwortung fir déi kommend Generatiounen. Dat muss sech natierlech aschreiwen an eng allgemeng Strategie fir Beschäftegung a Wuesstum. Dat kënnt mer bekannt vir, déi Lëscht: Lissabon-Strategie, „Europa 2020". Wou gëtt nach driwwer geschwat? Vläicht nach an den europäesche Conseilen? Ech weess et net. An dobäi ass déi Prioritéitesetzung awer déi richteg!

D'Zil, fir Europa zu enger grousser Wëssensgesellschaft ze maachen, sech och international, um Weltplang ze positionéiere par rapport zu anere groussen Entitéiten, dat ass sécherlech richteg. An do muss och Lëtzebuerg sech mat abannen, abetten an déi doten europäesch Strategie, well mer en Deel vun Europa sinn. An anstatt ëmmer erëm alles nei ze erfannen, sollt ee sech vläicht awer un deenen Zilsetzunge vun „Europa 2020" och fir Lëtzebuerg - déi hu mer eis jo gemeinsam ginn - orientéieren, well do och sämtlech Aspekter berücksichtegt si ginn: Déi finanziell, déi wirtschaftlech, déi ekologesch fënnt ee jo an där nei definéierter Lissabon-Strategie och erëm. An et wär gutt, wa mer eis och un deenen dote Punkte géife festhalen.

D'Erausfuerderunge vun deenen nächste Joren, dat sinn d'Erausfuerderungen eigentlech, déi d'Leit spieren, déi hei wunnen. Dat sinn déi dagdeeglech Problemer, mat deene se konfrontéiert sinn, direkt oder iwwer hiert Ëmfeld. Aarbechtsplazen, Beschäftegung, dat ass eng éischt Prioritéit. Dat ass eis éischt Prioritéit, ass och éischt Prioritéit vun der Regierung. Dat ass ganz kloer ervirgaangen aus der Regierungserklärung.

D'Fro vum bezuelbare Wunnen ass fir Lëtzebuerg eng essentiell Fro, och verbonnen natierlech mat enger Traditioun vu Wunnengsbesëtzer, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg iwwer Generatioune kennen. Dat ass eigentlech eng onméiglech Situatioun, an där mer dra sinn, mat sukzessiven Échece vu munchen och positiven Usätz aus der Vergaangenheet. Do musse mer also all eis Kräfte bündelen. Dee Wunnengspakt, dee vun der Iddi hier net esou schlecht war, musse mer erëm dynamiséieren. En ass zu engem Pabeiertiger ginn!

De Minister huet eng Kéier de Pilgerstab geholl an ass bei d'Gemenge gaangen. Duerno null direkte Kontakt mat de Gemengen! An iwwer awer praktesch fënnef Joer, sechs Joer, obwuel gesot ginn ass, all zwee Joer géif Bilan gezu ginn an esou weider. Total lustlos ass dat iwwert d'Bühn gaangen. Déi gutt Grondiddi eigentlech vun engem Pakt, wou sech déi ëffentlech Hand zesummeschléisst, zesummen nach eventuell mat private Promoteuren un dee Problem do erugeet, dat ass alles futtigaangen duerch de bürokratesch-technokrateschen Oflaf vun deem Ganzen, wou et just nach drëm geet, fir Statistiken ze produzéieren, an net méi drëm gaangen ass, fir konkret och Hëllefstellung ze leeschten a konkret virunzekommen um Terrain.

Qualifizéierung, Schoul: aner Prioritéit. Ech erkenne villes a Kontinuitéit mat deem, wat an de viregte Joren op deem dote Plang ugekuerbelt ginn ass vu Reformen. Mir musse weidergoen a Richtung Diversifizéierung och vun der Schouloffer hei zu Lëtzebuerg, well eben déi Situatioun vun deenen eenzelne Schüler, vun deenen eenzelne Famillje grondverschidden ass.

D'ëffentlech Schoul, och besonnesch d'ëffentlech Schoul - ech mengen net, dass een dat sollt eleng de private Schoulen iwwerloossen, déi Offer méi breet ze maachen -, mä grad d'ëffentlech Schoul muss och - dat ass jo mam Neie Lycée, mat aneren Initiative geschitt, mam Schengen-Lycée och, dat si jo aner Modeller wéi den üblechen eenheetleche Modell, dee mer hei zu Lëtzebuerg vun der Lëtzebuerger Schoul a vum Lycée kennen -, déi Offer muss méi breet ausgeriicht ginn, fir och kënnen op partikulär Bedürfnisser, déi an der Gesellschaft bestinn, ze reagéieren.

An et muss ee sech eigentlech bewosst sinn, wann ech déi dote Punkten opzielen, wëll ech nach e véierten opzielen, ech hunn et schonn ugedeit, d'Fro vun der Mobilitéit. Dat ass eng schrecklech Erausfuerderung fir dëst Land! Et gi Planungsusätz, et sinn der ëmmer ginn, ob dat elo de Programme directeur vun der Landesplanung ass - deen ass iwwregens schonn ofgelaf, do misst scho laang en zweeten do sinn -, ob dat d'IVL-Iddi ass, wat eng Prezisioun eigentlech vun deem doten allgemenge Plang ass. Déi fënnt een nach heiansdo a Sonndesrieden erëm. Fir de Rescht, mengen ech, dass sech kee méi richteg intensiv domadder beschäftegt.

An ech stellen och fest, dat éischter als Buergermeeschter wéi als Fraktiounspresident, dass och um Terrain e vernetzt Denken zu Lëtzebuerg vum 21. Jorhonnert nach net ëmmer ukomm ass. Och do stellt een nach fest, dass do jiddweree fir sech plangt, an dann: Oh jo! Elo leien déi zwou Saachen niewenteneen, wat gëtt dat dann, wa mer dat zesummestrécken? An da gesäit d'Welt heiansdo ganz aneschters aus.

Also, e vernetzt Denken, e secteuriwwergräifend Plangen net nëmmen an der Theorie a grousse Pläng, mä awer och konkret an der Realitéit, dat ass schrecklech wichteg. An duerfir schéngt och déi Konzentratioun awer op Froe vun der Landesplanung an eisen Aen alles aneschters wéi abwegeg ze sinn, mä einfach richteg ze sinn, wann dat och behäerzt um Terrain ugepaakt gëtt.

Dës Majoritéit, dës Koalitioun muss wëssen, dass se och wäert gemooss ginn, net effektiv no véier Méint, mä gemooss ginn no fënnef Joer, wat d'Resultater da vun hiren Initiative sinn Enn 2018. Ass et fäerdegbruecht ginn, d'Courbe vum Chômage, déi déi lescht Joren nëmmen no uewe gewisen huet, ze bremsen a schliisslech och eng Tendenzwend ze kréien?

Ech wëll nach eng Kéier soen, d'Prozenter verstoppe jo esou munches. „Oh", sees de, „6%, 7%, 9%, jo, bon." Wann s de awer sees, dat si 25.000 Leit, 25.000 eenzel Leit, déi vun deem dote Phenomeen betraff sinn, déi eng Aarbecht sichen a keng fannen - quitte dass der och e puer drënner sinn, déi vläicht keng echt wëllen, dat wësse mer och, mä déi grouss Majoritéit ass schlecht drun an déi géif gäre schaffe goen -, dann ass dat awer schonn eppes aneschters, wéi wann een déi plakeg prozentual Chifferen do an de Vierdergrond stellt.

Brénge mer et fäerdeg, an deenen nächste Joren d'Wunnengsbaupräisser zumindest ze stabiliséieren? Et soll een net ze wäit goen, well ech sinn och der Meenung, dass en dramatesche Réckgang bei de Wunnengsbaupräisser géif eng dramatesch Kris hei zu Lëtzebuerg ausléisen. Mä d'Stabiliséierung vun de Wunnengsbaupräisser, dat musse mer kënne ronnbréngen. Mir mussen all Efforte maachen an all Acteure mussen do matspillen.

A schliisslech, ech hunn et scho gesot: ëffentlechen Transport, Mobilité douce. Koume mer an d'Exekutioun eran a gesi mer um Enn vun dëser Period déi eng oder déi aner kloer Realisatioun an deem dote Beräich, ob dat den Tram ass oder ob dat aner Infrastrukture sinn?

Dat ass, mengen ech, dat, wourun d'Regierung wäert gemooss ginn. Si muss dat wëssen. Dat ass am Zäitraum knapp. Mir wëssen, wéi laang dass mer zu Lëtzebuerg bauen. Dat weist jo erëm en anere Problem, dee mer hunn, dat ass d'Längt vun eise Prozeduren, d'Längt vun den Entscheedungsprozesser. Duerfir, mengen ech, ass och de gemeinsame Wëllen, fir a puncto Simplification administrative e kloren Duerchbroch ze kréien, sécherlech néideg, wann ee wëllt dee Bilan esou presentéieren, wéi dës Majoritéit sech dat virgeholl huet.

Wunnengsbaupakt: e puer Detailer. Ech hunn et jo gesot, dee muss nei orientéiert ginn. Dat muss erëm e Kontakt um Terrain mat allen Acteure mat sech bréngen. An duerfir fannen ech awer, dass déi Iddi vun de Baulandkontrakter, déi Iddi vun de Baulückeprogrammer, dass dat awer flott Iddie sinn. Flott Iddien, mä där flotter Iddien, soen ech och, hate mer och schonn an der Vergaangenheet. Hei geet et och drëm, dass mer dat behäerzt ëmsetzen.

Ech soen nach eng Kéier: Den eigentleche Problem, dee mer hunn, ass jo net, dass an de Bauperimeteren net genuch Bauland ausgewise wär, mä de Problem ass, dass een dat Bauland net viabiliséiert kritt. Well do brauche jo nëmmen een oder zwee Propriétairen - an oft fënnt een déi an allen Ecke vu senger Gemeng erëm! - ze blockéieren, da mécht een näischt! Oder et geet een a jorelaang schwiereg Prozeduren eran.

An och do, mengen ech, muss een de Courage hunn, nach eng Kéier d'Texter ze kucken, och den Droit de préemption, dee jo agefouert ginn ass relativ zögerlech - do waren net all Leit ganz waarm, fir déi doten Iddi nach eng Kéier ze redefinéieren -, an ze kucken, wéi mer awer esou Blocagen um Terrain och kënnen ewechkréien.

Esou kënne mir déi schéinst Plans sectoriels maachen, wann dat doten net klappt um Terrain, dann hu mer am Endeffekt wéineg Opweises. Duerfir mengen ech och do: weider op si fir och nei Iddien, déi an deem ganze Beräich kommen! Dat muss e Mix gi vun incitativë Moossnamen a coïncitativë Moossnamen, fir kloer un der Wunnengsbaufront kënne Resultater opzeweisen.

Aarbechtslosegkeet: Aarbechtslosegkeet ass net eng Affär vun engem Minister, war et ni. Ech hu mech eigentlech och ëmmer - meng Partei war net ëmmer gefeit géint déi Tentatioun do - gewiert, wa gesot ginn ass: Aha, elo geet d'Aarbechtslosenzuel an d'Luucht, den Aarbechtsminister huet seng Aarbecht net gemaach.

Den Aarbechtsminister ass dee Leschten an der Ketten, deen eigentlech eng direkt Responsabilitéit huet, wat d'Aarbechtslosegkeet ugeet. Et ass eng kollektiv Responsabilitéit vum Privatsecteur natierlech, d'Betriber, vun der ëffentlecher Hand, do virzegoen. Duerfir mengen ech, dass déi Optik, déi d'Regierung och ageschriwwen huet an dës Erklärung, fir dräi Elementer zesummenzebréngen, fir eng Verbesserung vun der Situatioun ze erreechen, déi richteg ass.

Dat geet selbstverständlech u mat der Fro vun der Konkurrenzfäegkeet, vum Initiativgeescht vun eisen Entreprisen. Dat ass deen éischte Punkt, wou ee muss usetzen. Do muss een also och d'Entreprisen an en Ëmfeld erabréngen oder dra behalen, wou se och Loscht hunn eigentlech, fir nei Aarbechtsplazen, nei uerdentlech Aarbechtsplazen, soen ech och, ze schafen.

An do soll een natierlech net nëmmen déi grouss Betriber, déi e puer Honnert Leit astellen, am Bléckfeld hunn, déi sinn och wichteg, mä et muss een och besonnesch déi vill, déi Dausende Kleng- a Mëttelbetriber an de Mëttelpunkt réckelen an déi och entlaaschte vun deenen engen oder anere Contrainten, déi se haut sécherlech nach hunn. Mä och si, och d'Patronat, soen ech, huet och eng sozial a gesellschaftlech Verantwortung an deem dote Punkt ze iwwerhuelen.

Dann, den zweete Punkt ass natierlech d'Schoul, ass d'Ausbildung, ass initial Ausbildung, ass awer och d'Fortbildung vun den Aarbechtskräften. Mir wëssen, dass mer do e Problem hunn. Mir hunn och momentan eigentlech iwwer 3.000 Aarbechtsplazen, déi gemellt sinn an der ADEM an déi momentan net kënne besat ginn. Do ass e klassesche Problem vun

Nofro an Offer um Aarbechtsmaart, deen hei zu Lëtzebuerg net klappt. An do muss also och weiderhin eng enk Zesummenaarbecht bestoen.

Nach wie vor, mengen ech, muss e Land wéi Lëtzebuerg, wat héich entwéckelt ass, natierlech och op optimal ausgebilt jonk Leit kënnen zréckgräifen, méi Leit also och zu engem Ofschloss bréngen, sief dat am Secondaire, sief dat besonnesch och an den Héichschoulen. Dat ass eng absolut Prioritéit fir e Land wéi Lëtzebuerg, wat keng natierlech Ressourcen huet. Fir d'wirtschaftlech Ausbeut bleift eigentlech jo just dat Potenzial, wat mer hunn, et bleiwen déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, déi mer optimal mussen op d'Aarbechtswelt och preparéieren.

Dann als drëtte Punkt kënnt effektiv eng aktiv Beschäftegungspolitik. Net eng Verwaltung vun der Aarbechtslosegkeet, mä eng aktiv Beschäftegungspolitik. E Pakt fir déi Jonk ass eppes Richteges.

Ech si frou, dass effektiv déi al Iddi aus der Vergaangenheet - ech ka mech nach erënneren, dass mer an der Regierung emol driwwer diskutéiert hunn -, déi gestuerwe war entretemps, dass déi erëm opgelieft ass. Ënner anerem awer och waren dat sozialistesch Aarbechts- a Sozialministeren, déi op europäeschem Plang dat doten erëm eng Kéier opliewe gelooss hunn, wat mer elo amgaange sinn ëmzesetzen: e Pakt och, fir eeler Salariéë méi laang an der Aarbecht ze halen, eng nei Initiativ, déi den Aarbechtsminister geholl huet.

Alles dat, mengen ech, si wichteg Punkten, déi, wann dat alles zesummegräift, effektiv och kënnen eng Tendenzwend an deenen nächste Joren erreechen, wann de wirtschaftleche Wuesstum sech méi positiv entwéckelt, wéi dat déi lescht Joren de Fall war.

D'Diversifizéierung vun der Wirtschaft, mengen ech, stellt kee méi a Fro. Ech géif souguer woen, och ze schwätze vun enger néideger Reindustrialiséierung, déi mer mussen hei zu Lëtzebuerg hunn, also net nëmmen déi Betriber halen, déi mer hunn, dat ass scho wichteg, mä awer och de Courage hunn ze soen: Jo, e Land, wat net méi produzéiert, wat fir ee Land ass dat? E Land, wou net méi op engem Gutt steet „Made in Luxembourg", dat ass en aarmt Land a mengen Aen. An duerfir ass et, mengen ech, wichteg, och ze soen: Jo, mir brauchen och a Secteurs de pointe nach Industrien hei zu Lëtzebuerg. An duerfir ass et wichteg, wéi gesot, also ze probéieren, sech breet opzestellen. Och wa mer wëssen, dass mer aus där Ofhängegkeet vum Finanzsecteur an deenen nächste Joren net erauskommen, ass et wichteg, dass mer nei Standbeen nach weider entwéckelen: Logistik, ICT, Ëmwelt- a Gesondheetstechnologien.

An ech ginn es net midd ze soen, ech mengen, dass de Beräich vun der sougenannter „Silver Economy", also och industriell Produktioun, Technik fir déi eeler Leit an enger Gesellschaft, déi amgaang ass, lues a lues ëmmer méi al ze ginn, en Zukunftscréneau ass.

An et wär gutt - Japan huet dat scho laang erkannt, déi si scho méi laang täteg an deem dote Beräich -, wa mer hei zu Lëtzebuerg géife probéieren - an Europa fänken d'Diskussiounen esou lues un -, och dee ganze Beräich do also ze förderen an ze kucken: Wat sinn eigentlech déi Industrien, wat sinn déi Service-Betriber, wat sinn déi technologesch Entwécklungen, déi ee ka förderen am Beräich vun der sougenannter „Silver Economy"?

An da selbstverständlech, evident: eis douce Standuertvirdeeler net négligéieren. Och déi sinn eigentlech indirekt ugeschwat ginn an der Regierungserklärung, well een net nëmmen däerf déi Betriber gesinn, déi heihinner kommen, mä och déi Leit muss gesinn, déi an de Betriber schaffen, déi Leit, déi d'Betriber féieren. An dat si jo och Mënschen, an déi huelen och ganz oft ganz subjektiv Décisiounen, déi also geformt ginn och vun deem Androck, dee si hu vun där Plaz, wou si solle mat hiren Aktivitéiten hikommen.

Duerfir ass d'Fro vum Erhale vun der Liewensqualitéit eng Fro, déi eis natierlech, déi mer hei liewen, betrëfft, mä awer och eigentlech en Argument, fir dass d'Leit och Loscht kréien, nach hei op Lëtzebuerg wunnen a liewen ze kommen. Dat kulturellt an d'Sportsangebot, wat mer hei bidden, eise Schoulsystem a senger Diversitéit mussen effektiv och deenen Demandë vun deene Leit, déi bei eis kommen, vläicht nëmme fir eng zäitlech Period, kënne gerecht ginn. Duerfir ass et wichteg, dass mer weiderhin oppe Grenzen hunn, dass mer weiderhin e Land sinn, wat eigentlech den Accueil mécht fir Netlëtzebuerger. Dat ass d'Viraussetzung vum Bäibehale vun deem Wuelstand, dee mer grosso modo hei an dësem Land hunn.

Do si mer och schonn direkt bei enger anerer wichteger Fro, der Organisatioun vun deem Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg mat Leit mat verschiddenem sozialen Hannergrond, mat Leit mat verschiddenem kulturellen an nationalen Hannergrond.

Ech fäerten, dass mer hei zu Lëtzebuerg amgaang sinn, an eng Gesellschaft ze kommen, wou mer emol haaptsächlech an engem Niewenteneen eis erëmfannen. Dat arrangéiert vläicht jiddwereen: d'Lëtzebuerger an d'Netlëtzebuerger. Mä ech mengen, dass mer zu engem Matenee musse kommen, wa mer net bei engem Géintenee wëlle landen am Endeffekt. Dat ass, mengen ech, déi grouss Erausfuerderung, déi sech fir eis hei stellt.

Duerfir d'Wichtegkeet vun enger sozialer a vun enger kultureller Mixitéit och an deenen eenzelnen Uertschaften. Duerfir fir eis och d'Wichtegkeet awer vun enger gesellschaftlecher a politescher Participatioun vun engem gudden Deel vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen. Dat ass eng elementar Fro vun Demokratie, mä et ass awer och eng elementar Fro vum sozialen Zesummenhalt an dësem Land an och eng elementar Fro vu politescher Orientéierung vun deenen nächste Joren.

Ech kennen de Selbsterhaltungstrieb vu praktesch alle politesche Parteien. Déi si meeschtens net suicidaire. An ech weess och, wéi eist Elektorat haut zesummegesat ass an, wa mer déi Courbe do weiderschreiwen, wéi et an zéng, zwanzeg Joer zesummegesat ass. D'Gefor besteet, dass d'Parteien, wa se wëllen erëmgewielt ginn, just nach eng Politik maache fir d'Leit an der Fonction publique, dat sinn d'Wieler, a fir d'Rentner, dat sinn déi aner Wieler.

Duerfir mengen ech, dass mer do mussen opmaachen, opmaachen, wéi gesot, aus ganz ville Grënn, net d'Dier grouss opräissen, dass en Tsunami op eemol iwwer Lëtzebuerg erabrécht, mä progressiv awer do Ouverturë maachen, wat och déi politesch Participatioun ugeet. Mir mussen eis där doter Fro stellen. Mir kënnen net weider de Kapp einfach an de Sand stiechen.

Dir Dammen an Dir Häre, d'Erhale vun der Kafkraaft vun eise Bierger ass wichteg. De Premierminister huet dat am Numm vun der Regierung ënnerstrach. An och gëschter bei der Presentatioun vum Statec ass dat nach eng Kéier rappeléiert ginn, dass momentan eigentlech dat, wou et schwächelt an Europa an och zu Lëtzebuerg, d'Demande intérieure ass an deenen eenzelne Länner. Dat ass ënner anerem och de Konsum.

Duerfir mengen ech, ee Bäitrag, dee mer awer zu deem Stäipe vun deem wirtschaftlechen Opschwong kënne maachen, sinn natierlech och eis Efforten, déi mer och hei zu Lëtzebuerg maachen, fir déi Kafkraaft allgemeng ze erhalen. Mir wëssen, dass déi deelweis déi lescht Joren duerch eng Rei vu Moossnamen, déi hu misse geholl ginn, zréckgaangen ass. Net dramatesch, si ass liicht zréckgaangen, och net vläicht fir all Akommeskategorien.

Dat si mer amgaang opzehuelen duerch eigentlech deen Indexmechanismus, dee vill kritiséiert ginn ass, mä deen elo eigentlech doduerjer, dass mer 2014 eng niddreg Inflatioun hunn - an 2013 och schonn haten -, dozou féiert, dass een Deel vun där Upassung vun de Léin un d'Liewenskäschten, déi net gemaach ginn ass duerch déi Festleeung vu fixen Indextranchen, dass déi récuperéiert gëtt eigentlech iwwer 2013 an 2014, dass wierklech d'Compteuren Enn 2014 erëm bei null opgestallt ginn.

An do stellt sech d'Fro natierlech: Muss een an deem Ëmfeld vun haut, wat en anert ass wéi dat, wat mer nach viru sechs Méint haten, an enger Period, wou mer an enger Disinflatioun sinn, net onbedéngt an enger Deflatioun, mä an enger Disinflatioun sinn, och hei zu Lëtzebuerg, ass et dann néideg ze légiferéieren, fir ze légiferéieren, de l'art pour l'art ze maachen, fir vläicht iergendwéi Leit zu Bréissel zefriddenzestellen, well déi da méi berouegt sinn, wa mer e festen Text hunn, oder solle mer net einfach soen, elo setze mer eis mat de Sozialpartner zesummen?

Et ass keng akut Gefor eigentlech um Plang vun der Inflatioun, déi kéint dramatesch Répercussiounen hunn op d'sozial Situatioun respektiv awer besonnesch och op d'wirtschaftlech Entwécklung. Also loosse mer déi Diskussioune mat de Sozialpartner féieren, an en attendant kann duerchaus deen alen Indexsystem, wéi mer e kannt hu virun der leschter Modulatioun 2010, erëm eng Kéier a Kraaft trieden. Da muss een ebe kucken, ënner wat fir enge Bedéngungen een dann agräift, wann et sollt zu enger Verbéserung vun der Situatioun kommen.

Net méi an net manner komplizéiert gesinn ech dat, wat d'Regierung eigentlech hei ugekënnegt huet. An dat ass selbstverständlech genau dat, wat eigentlech och eng LSAP préconiséiert, well mer der Meenung sinn, dass mer éischtens d'Kafkraaft sollen erhalen. Mir sinn och der Meenung, dass déi Erhéijung vun der TVA eigentlech net soll aus der Indexéierung erausgebrach ginn.

Wat géif dann en Index bedeiten, dee jo do ass, fir eigentlech u sech d'Liewenshaltungskäschten ze berücksichtegen, wann ee seet, d'Liewenshaltungskäschte ginn an d'Luucht, mä den Index, dee loosse mer esou, wéi en ass? Dat wär sécherlech net déi richteg Method.

Déi Diskussioun kënne mer sécherlech méi roueg féieren, well eben op der Inflatiounsfront sech munches berouegt huet. Mir sinn net méi an deenen Zäite wéi virun e puer Joer, wou mer bei ëm 2,5%, 3% eng Zäit eis beweegt hunn, och hei zu Lëtzebuerg. Mir sinn däitlech ënner 2% och zu Lëtzebuerg ukomm. Nach méi wéi a munchen aneren europäesche Länner, dat ass wouer. Mä och souguer eis Inflation sous-jacente, wou jo d'Pëtrolspräisser ënner anerem erausgerechent sinn, weist ganz kloer d'Tendenz no ënnen och hei zu Lëtzebuerg. Duerfir, mengen ech, kann een déi doten Diskussioun an aller Rou féieren.

D'Diskussioun: Brauche mer Sozialdialog? Brauche mer! Deen ass gebrach an der leschter Period. Vill Ursaachen, firwat dat geschitt ass. Ech wëll do keng Vergaangenheetsbewältegung maachen. Et soll een einfach no vir kucken an awer d'Chance notzen, erëm dee Sozialdialog unzekuerbelen.

Ech gesinn dat eigentlech och net elo an enger grousser Inszenéierung, Tripartite, mä ech gesinn dat éischter a klenge Schrëtt, a vläicht Bipartiten a spéiderhin och themateschen Dräierkonferenzen, an engem Conseil Économique et Social an anere Gremien, wou et awer wichteg ass, dat Beieneefëiere besonnesch awer vun de Gewerkschaften an dem Patronat erëm eng Kéier hinzekréien. Et ass jo eigentlech do, wou awer elo d'Schwieregkeete sinn, dass sech do Grief opgedoen hunn an deene leschte Joren an d'Meenungsverschiddenheeten esou graff gi sinn eigentlech tëschent deenen zwee Sozialpartner, dass do d'Gemeinsamkeeten, déi emol an der Vergaangenheet bestanen hunn, schéngen net méi do ze sinn.

Et ass do, wou mer also mussen usetzen, well mir bleiwen awer der Iwwerzeegung, dass dee Lëtzebuerger Sozialmodell net däerf dout sinn, dass mer dee brauchen och fir d'Zukunft an dass mer dat gemeinsamt Virgoen, dat gemeinsamt Ofstëmmen, d'Kompromëssbereetschaft och vun deem enge par rapport zu deem aneren, dass mer dat an deem klenge Lëtzebuerg hei mussen erhalen, soss gi mer e Full fir d'Kaz. Dat ass, mengen ech, e wichtege Message, deen och soll un d'Sozialpartner goen, dass d'Regierung, dass dës Koalitioun bereet ass, dee ganze Sozialdialog erëm matzehëllefen unzekuerbelen. U jiddwerengem dann, seng Responsabilitéit an deem dote Beräich ze iwwerhuelen!

Wat d'TVA-Erhéijung ugeet, steet d'sozialistesch Fraktioun hannert deem Timing, dee festgehale ginn ass. Ech kann duerchaus awer déi Kritik deelen, dass déi Ukënnegung, déi an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, déi bal an déi eng, bal an déi aner Richtung gaangen ass, dass ee sech dat hätt kënne spueren. Ech mengen awer, dass doduerjer elo wierklech kee gréissere Schued entstanen ass. Dat ass méi fir d'politesch Diskussioun wichteg.

D'Regierung huet, no Concertatiounen och, eng Positioun festgeluecht, déi ass an eisen Ae richteg. Richteg a wichteg fir eis ass, dass effektiv deen niddregen, dee superreduzéierten TVA-Saz vun 3%, ënnert dee jo ganz vill Gidder vum dagdeegleche Liewe falen - méi wéi an allen anere Länner huet Lëtzebuerg ganz vill Gidder, och Liewensmëttelen eigentlech, op deem niddregen TVA-Saz vun 3% festgeluecht -, dass dat an Zukunft soll esou bleiwen, dat schéngt mer richteg ze sinn.

Et kann een diskutéieren iwwer en erhéichte Steiersaz fir eenzel Luxusgidder. Et muss een natierlech och wëssen, dass dat ëmmer Definitiounsproblemer ginn. Et si Länner, déi dat doten hunn. Ob se méi glécklech sinn domadder, weess ech net, wéi mat eisem System. Mä ech mengen, et sollt een déi Diskussioun do net onbedéngt verkomplizéieren, andeem een elo nach higeet an eigentlech feststoend Panieren, déi zënter effektiv 20 Joer schonn esou bestinn, elo vun haut op muer wëll do op d'Kopp werfen - mengen ech net.

Dat, wat d'Regierung festgeluecht huet, och d'Erhéijung vum Tëschesaz, schéngt mer eng verstänneg, eng moderat Politik ze sinn an deem dote Punkt. An déi gëtt och vun eis gedroen.

Selbstverständlech ass d'Diskussioun vu Begleetmoossnamen net eriwwer. Zu de Begleetmoossname gehéiert an eisen Aen och, dass, wéi gesot, déi doten Erhéijung och am Index muss hire Widderhall fannen.

Mir hunn Instrumenter. Et gëtt eng Allocation de vie chère; et ginn also sozial Instrumenter, wou ee muss kucken, wéi een déi kann hei an deem speziellen Zesummenhang vun där Erhéijung ab 1. Januar 2015 asetzen. Dat ass eng Iddi, déi selbstverständlech och vun der LSAP matgedroe gëtt.

Global Steierreform, do ass bemängelt ginn, firwat net elo schonn déi grouss Prinzipie géifen do virleien. Bon, ech mengen, et soll een dëser Regierung Zäit loossen. Ech mengen, dass net esou vill Virbereedung eigentlech do gemaach ginn ass an der viregter Regierung. An et ginn och gutt Grënn eigentlech, fir net un eng Haaptsteierreform erunzegoen. Well dat gëtt jo eng ganz schwiereg Operatioun, do d'Opinion publique dovunner iwwerzeegt ze kréien, dass et dat doten ass, dass elo geännert gëtt op deem engen an op deem anere Punkt an dass domadder méi Gerechtegkeet wär. Jiddweree kuckt dat duerch säi Brëll. A jiddwereen, deen do méi schlecht wäert ewechkommen, dee wäert déi Reform schlecht fannen. An déi vläicht besser ewechkommen, déi wäerte se gutt fannen.

Nach si mir der Meenung, dass no awer nëmme punktuelle Reformen, déi iwwert déi lescht Joren, laang Jore gemaach si ginn, et awer wichteg ass, eng Kéier méi breet op déi ganz Steierlandschaft zu Lëtzebuerg ze kucken. Do ass et zu Deformatioune komm op eenzelne Punkten, déi sécherlech net gewollt waren. Do muss also dann ajustéiert ginn.

An eisen Ae wär et wichteg, wa sech kéint vläicht eng Steierreform no dräi Prinzipie riichten: Einfachheet, d'Suerg soll sinn ze vereinfachen. Effizienz, do happert et. Oft hu mer affichéiert Tauxen, déi esou sinn, an déi reell applizéiert Tauxe si ganz anescht duerch eng Rei vu steierleche Méiglechkeeten, déi bestinn, fir eigentlech deen doten Taux effektiv erofzedrécken. Mir wären eigentlech der Meenung, dass mer do sollten an der effektiver Besteierung méi no erukommen un déi affichéiert Besteierung an eiser Steiergesetzgebung.

An natierlech musse mer et fäerdegbréngen, eppes erauszekréien, wou ee seet, dass do probéiert ginn ass, déi Laaschte gerecht opzedeelen. Gerecht op där enger Säit: Wat kann den Apport vun de Betriber sinn, vun der Wirtschaft sinn? Wat kann den Apport vun de Privatleit sinn? Gerecht, wat d'Akommes „Aarbecht" an aner Akommeszorten ugeet, wou een den Androck huet, dass vläicht d'Aarbechtsakommes méi staark besteiert gëtt wéi aner Kategorië vun Akommes, déi haut zu Lëtzebuerg sinn.

Eng lescht Etüd och do: D'OCDE huet jo och bemängelt, dass eigentlech d'Besteierung vum Besëtz, vum Kapital, Verméigen zu Lëtzebuerg verschwindend geréng ass par rapport zu allen europäeschen Normen, déi mer an deem dote Beräich kennen. An ech hoffen, dass notamment och, wat d'Reform vun der Grondsteier ugeet, dës Regierung méi wäit kënnt wéi déi zwou viregt Regierungen, déi sech dat all Kéiers virgeholl haten an net fäerdegbruecht hunn, dat ëmzesetzen.

Mëttelstandsbockel, do deelen ech éischter d'Appréciatioun vun der Chambre des Salariés. Et schéngt mer dach awer e Mëttelstandsbockel an eisem Steierregime ze ginn. D'Regierung wëllt deen offlaachen. Dat huet se an hirer Erklärung gesot.

Dat muss allerdéngs geschéien, ouni déi kleng Revenue méi ze belaaschten. Dat ass déi Konditioun, déi mir als Sozialisten direkt drunhänken, well ech menge schonn, dass duerch déi kal Progressioun, dat heescht déi Netupassung vun der Steiertabell, déi mer iwwer laang Joren elo kannt hunn - déi viregt Regierung huet dat gemaach, dës Regierung fiert mat där doter Politik weider -, awer eng Rei vun ënneschte Revenuskategorië komm sinn, déi doduerjer elo Steiere bezuelen, wou se eigentlech virdrun net steierflichteg waren. Do ass also schonn eng gewëssen Ouverture no ënne gemaach ginn.

An et däerf een net vergiessen - wann ech dat Argument heiansdo héieren: Et däerfe keng Leit sinn, déi keng Steiere bezuelen -, et gëtt keen am Land, dee keng Steiere bezilt! Jiddweree konsuméiert a jiddweree keeft an a bezilt also och Steieren! Jo, indirekt Steieren oder direkt Steieren, dat ass fir mech awer, muss ech soen, zimlech egal. Dat ass e Bäitrag, deen deen Eenzelne leescht, an déi Sue vun deenen zwou Zorte vu Steiere ginn och geholl, fir déiselwecht Saache matzefinanzéieren oder matzehëllefen ze finanzéieren. Duerfir mengen ech, dass een also do muss oppassen, wéi et geet. A wéi gesot, eis Positioun ass, dass keng Tabuen och däerfe sinn, wat d'frësch Definitioun vun de Barèmen an och vun de Steiersätz ugeet.

D'LSAP steet och zu där Reform vun der Fonction publique. Mir stinn dozou. Eis Positiounen aus der Vergaangenheet sinn awer och bekannt. Mir haten ëmmer eng kritesch Haltung zu deem bürokrateschen Opwand, dee mat deem Bewäertungssystem eigentlech verbonnen ass. Do si Korrekture gemaach gi schonn ënnert der viregter Regierung, et si Korrekturen och nach eng Kéier vun dëser Regierung virgeholl ginn am Kader och vun Négociatioune mat der CGFP.

Alles dat, mengen ech, ass u sech richteg. Mir brauchen eng Moderniséierung vum Statsapparat. Dorun däerf wierklech keen zweifelen. Mir mussen eng effizient ëffentlech Fonctioun op allen Niveauen hei zu Lëtzebuerg hunn. Also musse mer och eng Rei vu Regelen änneren. Dozou gehéiert och eng Aart vu Bewäertungssystem, deen awer net däerf zur Lähmung vum normalen administrativen Apparat féieren an och net zu méi Käschte féiere wéi dat, wat am Endeffekt hannen dobäi erauskënnt.

Mir sinn also der Meenung, dass dat, wat elo um Dësch läit, u sech eppes ass, wat d'Strooss kann halen. Dozou gehéiert och an eisen Aen de Respekt vun deem, wat vertraaglech vereinbart war mat der Fonction publique. Dat heescht: d'Erhéijung vum Punktwäert, wou d'Ausbezuele wahrscheinlech - vun deem 0,9% - sech wäert ëm en halleft Joer verréckelen, mä wou awer u sech da virgesinn ass 2015, dass de Punktwäert soll ëm 2,2% erhéicht ginn.

Dat suergt fir Mëssmutt bei enger Partie Leit, genährt doduerjer, dass eenzel Statsbeamte soen: „Dorobber hätt ech ganz gutt kënne verzichten!" Ech mengen awer, wann een dat Ganzt e bësse méi laangfristeg kuckt a wann ee weess, wat eigentlech d'Entwécklung an den 80er, 90er bis Ufank 2000er Joren era war, notamment tëschent ´99 an 2004 huet sech jo do esou munches beweegt, wat och d'Gehälter an der Fonction publique ugeet, wann ech dat awer elo iwwert déi lescht aacht Joer kucken, déi lescht néng Joer kucken, stellen ech fest, dass eigentlech, wat de Punktwäert ugeet, mat Ausnahm vun deem, wat elo wéi gesot ënnert der viregter Regierung schonn décidéiert war, duerno awer reportéiert ginn ass ëm zwee Joer no hannen, dass eigentlech déi lescht Punktwäerterhéijung 2009 stattfonnt huet.

Dat heescht: Vun 2010 bis elo eigentlech 2015 ginn u sech d'Punktwäerter nëmmen ëm insgesamt 2,2% an d'Luucht. Dat ass bei Wäitem déi geréngsten Augmentatioun, déi um Punktwäert an deene leschte Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet. Et ass wouer op engem héijen Niveau; jiddweree weess, dass d'Fonction publique hei zu Lëtzebuerg gutt bezuelt ass. Ech mengen awer, dass dat doten awer keng verréckt Lounpolitik ass, mä dass dat éischter souguer am historesche Verglach eng moderat Lounpolitik ass.

An ech mengen, dass am Endeffekt dat dote sech och net wäert géint de Privatsecteur ausspillen, mä éischter awer och kann dozou déngen, dass sech och de Privatsecteur kann un deenen dote moderate Virgaben orientéieren.

Ech hu scho laang geschwat, vill méi laang, wéi ech eigentlech wollt, duerfir mengen ech, dass ech eng Rei vu Punkten… Ech wollt awer nach, ech muss op eng Rei vu gesellschaftspoliteschen an institutionelle Reformen agoen, well dat wichteg Punkte sinn, besonnesch och an den Ae vu menger Partei.

Déi Reforme sinn ugekënnegt, se si feste Bestanddeel vun eisem Koalitiounsprogramm. A gemeinsam wëlle mer déi och ëmsetzen. Dat si Reforme vum Familljerecht, wou déi viregt Regierung ugesat huet, wou mer elo déi Projete mussen op e gutt Enn bréngen, ob dat elo de Mariage pour tous ass, ob dat d'Scheedungsreform ass, ob dat d'Filiatioun ass, ob dat d'Eltererechter sinn. Dat sinn also d'Prioritéite vun dëser Koalitioun, fir eist Familljerecht endlech och am 21. Jorhonnert ze verankeren.

Beim Nationalitéitegesetz wëllt dës Regierung méi wäit goen, wéi dat déi viregt Koalitioun amstand war, bei der Ausschaffung zumindest vun hirem Reformprojet. Et muss ee gesinn, wéi wäit mer eis do och kënnen erëmfannen am Laf vun der legislativer Prozedur. Mä d'Richtung ass ganz kloer déi, dass mer wëllen awer eng Oplackerung maache vun eisem Nationalitéitegesetz, also e bëssen awer e Retour maache vun deem Zouzéie vun de Konditiounen, wéi mer se eigentlech an deene leschte Reformen haten.

Avortement ass en Dossier, dee mer erëmbegéinen. Do ass en éischte Schratt gemaach ginn ënnert der viregter Koalitioun. Dës Kéier soll et keng verstoppte Fristeléisung ginn, mä et soll eng offe Fristeléisung ginn. De Modell orientéiert sech sécherlech no un deem franséische Modell, wéi en elo viru Kuerzem a Frankräich gestëmmt ginn ass a wou endlech och d'Selbstbestëmmungsrecht vun der Fra wierklech an de Mëttelpunkt vun der ganzer Gesetzgebung gestallt gëtt. Och do wäert sech erausstellen, ob mer eis do kënne fannen oder ob et do zu klassesche Majoritéitsverhältnisser, Majoritéit an Oppositioun, op deem dote Punkt kënnt.

D'Reform vum Geheimdéngscht: D'Reform ass iwwerfälleg. Si ass e bëssen en suspens gehale gi wéinst deenen Enquêten an den Aarbechten, déi mer hu misse féieren iwwer laang, laang Méint. Dës Regierung huet drop gehalen, schnell mat deem doten Text ze kommen. Ech weess och, dass do eng ganz Partie Virbereedungssitzunge waren, fir un deem Text nach ze feilen. A priori schéngt mer dat doten en Text ze sinn, deen de Recommandatioune Rechnung dréit, déi d'Enquêtëkommissioun gemaach huet, mat enger ganzer Partie vu Kontrollmechanismen, déi agebaut sinn, mat enger neier Definitioun vun de Missiounen, mat awer och kloer, mengen ech, der Ausso, déi sech muss erginn aus dem Text, dass et politesch Spionage zu Lëtzebuerg net däerf ginn, an natierlech och mat engem Ausbau vun der parlamentarescher Kontroll, esou wéi dat eigentlech och an enger Proposition de loi - vun enger ganzer Partie vun Deputéierten ënnerschriwwen hei am Juli d'lescht Joer - hei gewollt war.

Ech géif mer wënschen, dass de Service de Renseignement dat dote géif als eng Chance fir en Neiufank benotzen. Et ass evident, dass seng Aarbecht net einfach war ënnert deem publizisteschen Emfeld, wou en eigentlech an deene leschte Jore praktesch war. Wou mer gemeinsam mussen eng Léisung fannen - dat weess jiddwereen, dee sech e bësse mam Dossier beschäftegt -, dat sinn déi al Archive vum SREL. An dat gëtt net einfach! Et stelle sech immens juristesch Froen eigentlech. An ech fäerten, dass mer net derlaanscht kommen ze légiféréieren, fir kënnen eng propper, juristesch propper Léisung ze fannen, wéi déi al Archive sollen opgeschafft ginn. Dat wëlle mer jo eigentlech, dass déi al Archive sollen historesch och opgeschafft ginn.

D'Reform vum Statsrot: net vergiess. Bei der leschter Debatt hei ronderëm d'Nominatioun vun engem Statsrotmember hu mer alleguerten eis hei d'Hand op d'Häerz geluecht, fir dat ze maachen. Do wäerte mer mussen d'Käpp zesummestrecken, fir dat ze maachen. Beim Deontologiekodex si mer gutt virukomm um Niveau vum Parlament. Ech weess och, dass d'Regierung un hirem Text schafft.

Ech si gudder Hoffnung, dass mer an e puer Wochen eigentlech, wat eis ugeet, deen doten Dossier kënnen zoumaachen an d'Chambersreglement da complétéieren duerch en Deontologiekodex, dee sech gréisstendeels inspiréiert um Text vum Europaparlament, awer ugeräichert ass duerch eng Rei vu Verbesserungen, déi mer maachen opgrond vun deem Avis, deen eis de GRECO zu deem Ganze ginn huet.

E Referendum. Ech mengen, dass ee sech och do sollt Zäit loossen, ier ee festleet, wat fir eng Froen, a sech nach méi Zäit muss loossen, wéi een déi Froe formuléiert, déi ee bei deem Referendum wëllt de Leit stellen. Ech wëll net hunn, dass mer op eemol eng Diskussioun kréie ronderëm d'Froeformuléierung an eigentlech de Fong herno nëmme méi zweetrangeg gëtt an där ganzer Debatt zu deenen dote Froen.

Den Timing, deen d'Regierung sech ginn huet, schéngt mer nach ëmmer kloer ze sinn, och anzehalen ze sinn. Mir hu gesot, dass mer dee Referendum wéilten am Fréijoer d'nächst Joer maachen. Ech denken also, am Mee, Juni kann dee Referendum stattfannen. Dat heescht awer, well Gesetzesinitiative musse geholl ginn, dass ee sech muss wa méiglech virum Summer, spéitstens am September, eens setzen iwwert d'Froen an d'Formulatioun vun de Froen, fir dass dann d'Regierung kann de Gesetzesprojet eraginn. A wann deen dann u sech bis Enn Januar gestëmmt gëtt vun der Chamber, gesinn ech eigentlech kee Problem, dass mer deen Timing do respektéieren.

D'Positioun vu menger Partei ass bekannt. Mir waren eigentlech, éischtens emol, fir de Prinzip vun esou engem Pré-Referendum, ier et zur eigentlecher definitiver Festleeung vum Verfassungstext kënnt, dee jo da soll och engem Referendum spéiderhin ënnerworf ginn, well et einfach eng Rei vu kruziale Froe sinn, wou mer der Meenung sinn, dass et wichteg ass, d'Leit matanzebannen an deen Décisiounsprozess.

Dat sollen natierlech Froe sinn, déi kontrovers sinn. Ech bleiwen derbäi, dass et net vill bréngt, Froen ze stellen, wou mer herno 95% vun de Leit hunn, déi mat Jo äntweren. Dat wierkt vläicht gutt. Dann ass jiddwereen zefridden. Mä ech menge schonn, wann een dat seriö hëlt, mussen et jo Froe sinn, déi prinzipieller Natur sinn a wou et Meenungsverschiddenheete gëtt, wou mer wëssen, dass et Meenungsverschiddenheeten an der Gesellschaft gëtt. An et geet jo drëm, fir do eng Indicatioun ze kréien, un déi mir eis als Sozialiste wëllen halen, wat d'Leit dann an deenen dote prinzipielle Froe mengen.

Dat kënne Froe si vum Cumul vu politesche Mandater, et kann d'Fro si vun der zäitlecher Begrenzung vun de Regierungsmandater, de Finanzéierungsmodus vun de Kierchen an och d'Fro vun der politescher Participatioun vun den Netlëtzebuerger. Dat sinn alles Punkten, déi mer ugeschnidden hunn.

De Premier huet selwer gesot an der Institutiounskommissioun, dass en op ass, fir Modifikatioune virzehuelen, respektiv, wa mer mierken, dass mer op engem vun deene Punkten do zum Beispill en absolute Konsensus hätten, dass dat net méi kontradiktoresch wär, kënne mer natierlech och direkt op de Wee vun enger Abettung vun deem dote Punkt an eisen neie Verfassungstext goen. Mä do, wou mer eis net eens setzen a fannen, dass et wichteg Punkte sinn, mengen ech, däerf een dann och dee Referendum net fäerten. Et muss een dee Courage hunn, eigentlech och sech dann der Diskussioun mat de Bierger ze stellen.

Et gëtt net einfach. All déi Leit, déi mat implizéiert waren iwwert dee Referendum ronderëm d'europäesch Traitéë wëssen, dass dat eng schwiereg Operatioun ass, dass mer och net déi Diskussiounskultur hu wéi vläicht an anere Länner. Mä da kréie mer se eben! An et ass awer, mengen ech, eng Beräicherung eigentlech fir de Fonctionnement vun eiser Demokratie, wa mer och vun Zäit zu Zäit op wichtege Froen eng direkt Befroung iwwer Referendum vun de Bierger maachen.

Kloer Wierder vum Premierminister, wat d'Relatiounen tëschent Kierch a Stat ugeet, hir Reorientéierung. Konkret gesi mer dat bei der Reorganisatioun vum Nationalfeierdag, wou mer laang driwwer diskutéiert hunn an an der Vergaangenheet awer eis eigentlech net konnten dozou duerchréngen, dat fundamental ze änneren. Dat wäert dëst Joer geschéien.

Wäerteunterrecht fir all Kanner an de Schoulen, eng laang sozialistesch Fuerderung. Mir sinn houfreg drop, dass dës Regierung dat dote wëllt maachen. Ech géif se awer wierklech dréngendst bieden - ech weess och, dass dat net vun haut op muer ka gemaach gi wéinst deene Virbereedungsaarbechten, déi néideg sinn, besonnesch wat d'Formatioun och vum Personal ugeet -, dass et awer fir d'Schouljoer 2015/2016 misst méiglech sinn, fir dat doten ze maachen. Do mussen also u sech, do hätt ech gären, dass all Efforte gemaach ginn, fir dat awer an där doter Zäitschinn ze probéiere richteg ze organiséieren.

Ech mengen, dass och do vu Regierungssäit all complémentaire Informatioune geliwwert gi sinn, déi och wichteg fir d'Kierche sinn. D'Kierche sinn net ausgeschloss aus deem Ganzen. Dat Ganzt riicht sech och net géint d'Kierchen, mä eigentlech fir d'Schoul. Et geet hei ëm d'Schoul, ëm eng Schoul, déi zesummenhält an net auserneendividéiert, jee nodeem, wat déi reliéis Iwwerzeegunge vun de Kanner sinn.

Mir brauchen eng Neiregelung vun de Kierchefabricken. Och do muss dru geschafft ginn. A selbstverständlech ass d'Finanzéierungsfro jo eng Fro, déi mir gären iwwert de Referendum geregelt hätten.

Frësche Wand, mengen ech, och an der Gläichstellungspolitik, e wichtege Punkt och fir d'LSAP. D'Loungefäll tëschent Fraen a Männer ass e seriöe Problem, dee musse mer ugoen, wann net aneschters méiglech, duerch nei gesetzlech Bestëmmungen. An d'Representatioun vun de Fraen a Wirtschaft a Politik: och wichteg! Do huet jo och d'Regierung sech munches virgeholl. Ech géif se drun erënneren: Termin Oktober 2017, do si Gemengerotswahlen. Et wär net schlecht, wa mer virun den nächste groussen nationale Wahlen och do nei Regelungen hätten.

Ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Ech hale fest de Slogan eigentlech: „Loscht op Erfolleg", „Loscht op Erfolleg fir Lëtzebuerg", déi dës Regierung verspiert, déi dës Koalitioun verspiert, an ech hoffen, dëst ganzt Haus verspiert eigentlech. Ech hat ni den Androck, dass mer aner Interesse géifen eigentlech, am Déiwe vun eis, vertrieden.

Ech hunn aus dem Tounfall vun där Regierungserklärung virun allem eppes net erausgespuert, dat ass iergendeng Form vun Defätismus, mä éischter de Wëllen, eng voluntaristesch Politik ze maachen a ganz ville Beräicher, géint vläicht och staark Tendenzen, laang Tendenzen unzekämpfen, fir déi ëmzekrempelen, fir se an déi richteg Richtung erëm eng Kéier ze drécken. De Wonsch och, Kloertext ze schwätzen, d'Wourecht ze soen. D'Wourecht, déi heiansdo kann angenehm sinn, heiansdo awer och ka blesséieren a wéidoen. Dat wësse mer.

Manner wéi soss vläicht dran - dat erklärt sech och duerch d'Personalitéit vun de Premierministeren, duerch déi Fonctiounen, déi se haten - den europäesche Volet, wat soss ëmmer relativ en ausgebaute Volet an deem Ganze war. Dat ass sécherlech net vergiess, mä et kann een an enger Regierungserklärung, déi schonn zwou Stonne gedauert huet, net all Punkten in extenso behandelen.

Op jidde Fall fënnt sech d'LSAP-Fraktioun souwuel formal wéi och inhaltlech an där heiter Regierungserklärung vum Premierminister zréck. Ech hoffen, dass mer effektiv déi Problemer uginn, wat net d'Problemer vun der Regierung sinn, mä d'Problemer vum ganze Land!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger vun der DP. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, bal genau virun engem Joer souze mer hei an enger anerer Konstellatioun - déi eng waren derbäi, déi aner nach net - an do hu mer dem deemolege Regierungschef nogelauschtert. Et huet deemools keng Opbrochstëmmung geherrscht, wéi dat gëschter hei am Sall de Fall war. Deemools huet de Premier vu Statskris geschwat.

Et war eng Zäit, wou hei am Land trotz groussen Erausfuerderungen e staarkt Gefill vu Stëllstand, vun Net-méi-Weiderkomme virgeherrscht huet. Eng Zäit, wou mer gesinn hunn, datt an eisem Stat esou munches net an der Rei war a wou eis Institutiounen duerch Skandaler, wéi ronderëm de Geheimdéngscht, ferm un d'Wackele komm sinn. Et war eng Zäit, wou eng seriö politesch Geschäftsféierung an eng gestalteresch Politik net méi méiglech waren.

Wann een un déi Zäit denkt vun den honnert Deeg virun de Wahlen, dann erënnere mer eis u Lethargie a Stëllstand, un eng politesch Stëmmung um Nullpunkt an un d'Sproochlosegkeet vun der Politik, déi keng Äntwert op déi zentral Erausfuerderunge vun eisem Land fonnt huet. An et ass duerfir och erstaunlech, wann déi Partei, déi maassgeblech responsabel war fir dee Stëllstand an deene leschte Wochen - wann ech kucken, wat am CSV-Profil steet, wat zum Beispill de Vize-Fraktiounschef vun der CSV a verschiddene Kommentare gesot huet -, wa grad déi dann der Regierung virwërft, et géif net schnell genuch virugoen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech muss soen, ech sinn awer grad esou erstaunt, awer och berouegt huet mech dat, datt de Fraktiounschef vun der CSV, den Här Juncker, datt deen haut de Moien awer net dërselwechter Meenung war. Ech sinn och d'accord mat him, datt een eng Regierung net kann no honnert Deeg moossen. Wa mer géifen an d'Geschichtsbicher, oder emol net an d'Geschichtsbicher, an eis Compte-renduen zréckbliedere goen a kucken: Ech ka mech net erënneren, datt aner Regierungen, egal wat fir eng an deene leschten 20 Joer, datt déi no dräi Méint mat Schubkare voll nei Projets de loi hei an d'Chamber komm wieren.

Déi nei Regierung muss net nëmmen déi honnert Deeg Stëllstand vum leschte Summer nohuelen. Wann een de Bilan mécht, wou d'CSV mat hirer numeresch staarker Fraktioun hätt kënne maassgeblech Impulser gi fir Lëtzebuerg, da muss een éischter, géif ech soen, vun dausend Deeg oder vläicht nach méi Deeg schwätzen, wou hei am Land Stëllstand a Lethargie an der Politik war.

A fir all déi Saachen dann nozehuelen, déi verpasst gi sinn, déi leie gelooss gi sinn, déi net ugepaakt gi sinn, fir déi Aarbecht och seriö nozehuelen, do muss een där neier Regierung awer, an do si mer eis all eens, do muss een hir e puer Deeg méi Zäit loosse wéi honnert Deeg. Déi nei Regierung ass amgaang intensiv ze schaffen. Et ass Opbrochstëmmung do. Ech hu gëschter gesot: „Si gëtt Gas." An dat ass och dat Richtegt, well nämlech, wat d'Land brauch, ass eng nei Politik, eng Politik, déi eng Zukunftspolitik fir Lëtzebuerg ass.

An der Regierung, an der Koalitioun, an de Ministèren, an de Verwaltungen, dat wësse mer, do schaffe se do drun, fir eben dësen Zukunftsprojet och op déi richteg Schinnen ze kréien. Da muss ee sech eben déi Zäit an déi Chance ginn, d'Politikfelder, déi nei Iddien, déi ugestriefte Reformen, datt een déi ebe genau analyséiert, duerchrechent, mat de Sozialpartner och diskutéiert, fir datt herno dorauser eng Politik aus engem Goss entsteet.

Duerfir konnte gëschter nach net all Detailer zu alle Projeten hei presentéiert ginn. Dorunner gëtt geschafft. Mä ech si sécher, an e puer Wochen, vläicht schonn an e puer Deeg, mä an

e puer Wochen, an e puer Méint - ech hu gëschter méi wéi eng Kéier dat Wuert héieren „virum Summer" oder „Péngschten" - wäerte mer dann hei déi néideg Detailer kréien. Mir sollen elo d'Regierung dorunner schaffe loossen. Seriö Projeten ausschaffen an e Sozialdialog féieren, dat huet sech déi nei Regierung op de Fändel geschriwwen. An dat ass och genau dat, wat mer brauchen, wa mer mat Reforme wëllen Erfolleg hunn.

Ech wëll drun erënneren: Och déi lescht Regierung hat Problemer mam Sozialdialog. Si hat deen eigentlech praktesch opginn. Déi lescht Tripartite, déi war viru véier Joer, wann ech et gutt an Erënnerung hunn, an duerno ass näischt méi geschitt. An déi nei Regierung, dat begréisse mer och, déi ass déterminéiert, fir den Dialog mat de Gewerkschaften an dem Patronat konstruktiv unzegoen.

Déi nei Regierung muss sech och Zäit huelen, fir ze analyséieren, auszeschaffen, Gespréicher ze féieren, fir eben och net déi Feeler ze maachen, déi a vergaangene Regierunge gemaach gi sinn, wou méi wéi eng Kéier ganz wichteg Dossieren ze schnell gemaach gi sinn, oniwwerluecht, bâcléiert op den Instanzewee geschéckt gi sinn.

An ech kéint do Beispiller nennen. Ech denken zum Beispill un den Hickhack ronderëm de bëllegen Akt, un d'Krisesteier: agefouert, ofgeschaaft, un d'Studentesubsiden. Ganz rezent: Unisgebaier, wou mer kee Mobiliar derfir virgesinn hunn an esou weider. Mä et ass eben, fir esou eng chaotesch Politik, fir déi net ze maachen. An ech sinn iwwerzeegt, datt eben duerch déi Démarche, déi d'Regierung elo hëlt... esou eng chaotesch Politik wäert déi nei Regierung net maachen.

Här President, mir haten am Summer 2013 och eng institutionell Kris, ech hat et scho gesot, an nach haut, musse mer wëssen, och nach haut droe mer d'Konsequenzen dovunner. A mir mussen alleguerten all Dag dorunner schaffen, fir d'Vertraue vun de Bierger an d'Politik zréckzegewannen. Déi nei Regierung wäert hiert dozou bäidroen, an och mir als Chamber mussen do eise Bäitrag liwweren. Duerfir gesäit och d'DP e kloert Signal doran, datt gëschter, no eppes méi wéi honnert Deeg, de Premier de Projet de loi iwwer eng Reform vum Geheimdéngscht, vum SREL, déposéiert huet, och vun der Kontroll vum Geheimdéngscht, datt en dat am Parlament abruecht huet.

D'Vertrauen ass verspillt ginn an der Vergaangenheet, well eben d'politesch Responsabel keng Responsabilitéit, keng Verantwortung wollten iwwerhuelen. Un eis alleguerten dann elo, dat Vertraue beim Bierger erëm hierzestellen. An de Projet de loi iwwert de Geheimdéngscht ass do e wichtegen Départ.

Wat mer elo brauchen, dat ass also eng verantwortungsvoll Politik vun de Politiker, awer och brauche mer verantwortungsvoll Bierger dobaussen. Mir brauche Bierger, déi participéieren, déi mat eis gemeinsam un eiser Zukunft bauen, déi de Projet Lëtzebuerg mat eis weiderdenken. A mir brauchen awer och Bierger, an dat ass wichteg, déi och drun denken, datt et nach Leit no eis ginn, déi also och un d'Generatiounen no eis denken.

D'Leit dobaussen erwaarden och, datt mer déi Chancen, déi mer nach hei am Land hunn - Lëtzebuerg huet nach Chancen! -, datt mer déi och notzen an datt mer eben och déi grouss Erausfuerderunge wäerten an den nächste Jore packen, fir déi Chancen ze notzen.

Déi nei Regierung ass elo intensiv um Schaffen an et huet awer Verschiddenes scho geännert. Ech kann do net mam Här Juncker d'accord sinn, datt mer einfach an der Suite vun hirer Aarbecht wieren. Zum Beispill d'Method, fir Politik ze maachen, ass eng nei. Ni virdrun ass an der Effentlechkeet esou konsequent an ausféierlech iwwert d'Regierungsaarbecht informéiert ginn, wéi dat ënnert dem neie Premier, dem Xavier Bettel, de Fall ass.

Ech ka mech net erënneren, datt an deenen honnert Deeg oder och an deenen dausend oder puer honnert Deeg, e puermol zéng, e puermol honnert Deeg virun dem Oktober oft den ale Premier d'Press informéiert huet, e Pressebriefing hat nom Regierungsrot. Et gesäit een also, datt dat net weidergefouert gëtt, déi Netkommunikatioun, mä déi nei Regierung geet do e ganz aneren, konsequente Wee.

Här President, mir stinn um Ufank vun engem Zukunftsprojet a gëschter huet de Premier de Wee virgezeechent. Et geet elo drëms, am Dialog mat alle bedeelegten Acteuren a mat alle Biergerinnen a Bierger deen ageleete Wee ze goen, ouni datt een deen aneren ausspillt. An et mierkt ee jo och, datt d'Sozialpartner deen neie Wand spieren. Et huet ee gëschter och déi éischt Reaktioune vu Gewerkschaftler héieren, an datt si awer och do gesinn, datt do en neien Élan, en neie Wëllen do ass vun der Regierung, fir dee Sozialdialog ze féieren.

Et muss een och wëssen, dat musse mer kloer soen, mir wäerten a mir dierfen och keng hallef Saache maachen. Gutt duerchduechte Léisunge brauchen eben e bësselche méi Zäit. Déi gi proposéiert an da mussen och Décisiounen, mussen, wäerte geholl ginn. Well an der Politik an och dobaussen erwaarden d'Leit, datt ee Choixen trëfft. Politesch Choixe musse getraff ginn. Duerfir brauch eng nei Politik Courage! Well, wann ee Veränneruṅge mécht, do musse mer eis sécher sinn, musse mer eis bewosst sinn, datt net jiddwereen engem wäert op d'Schëllere klappen.

Mä, Här President, ech kann Iech versécheren, an dat hunn ech an deene leschte vergaangene Wochen a Méint och zum Deel materlieft, zu Senningen, awer och hei an der Chamber an doriwwer eraus, datt déi dräi Regierungsparteie wäerten déi nächst Jore ganz enk, déi nächst fënnef Joer ganz enk zesummestoen a fir déi getraffen Décisiounen dann och geruedstoen. An dat ass och dat, wat d'Bierger erwaarden, datt mer eng geschlosse Koalitioun sinn, déi eben och geschlossen de Courage huet, fir hannert den Décisiounen, déi getraff si ginn, ze stoen.

Här President, d'Statsfinanzen...

(Interruption et hilarité)

Entschëllegt, Madame Presidentin, ech hat elo net... Ech gesinn zwar hei um Écran, mä ech war elo esou konzentréiert hei op meng Noten. Entschëllegt, Madame Presidentin.

Mme le Président.- Dat ass kee Problem. Neen, neen, loosst Iech net oflenken!

M. Eugène Berger *(DP)*.- Madame Presidentin, d'Statsfinanzen an den Équiliber ze kréien ass eng vun de groussen Erausfuerderunge fir déi nächst fënnef Joer. Nëmme mat gesonde Finanze kann ee sech nei opstellen an all Chancen notzen. An d'Ausgangslag ass alles anescht wéi ideal, well eis effentlech Schold huet sech an de Joren 2009 bis 2013 verdräifacht.

Ech hunn och virdru verstanen, datt den Här Juncker e kuerze Réckbléck op d'Joer 2013 gemaach huet. Mä mir sollen de Bléck iwwert dat Ganzt hunn, déi ganz Evolutioun vun deene leschte véier, fënnef Joer, déi eis Suerge maachen. An am Budget 2014 hu mer et awer trotzdeem elo fäerdegbruecht, datt mer den Zouwuess vun den Dépensë mat 3,5% op deen niddregste Stand säit 2008 bruecht hunn. Dat soll een also och net an deene Statistike vergiessen. An trotzdeem, trotzdeem...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...déi nei Regierung dëst Joer...

M. Eugène Berger *(DP)*.- An trotzdeem..., jo, Här Gibéryen, mir musse weider dorunner schaffen, dat ass kloer, mir sinn nach net iwwert de Bierg. Mir mussen also weider dru schaffen. Mir wäerten dëst Joer de Budgetséquiliber nach net packen. Duerfir komme mer och net derlaanscht...

(Interruption)

Mme le Président.- Nee waart, ee Moment, Här Gibéryen...

M. Eugène Berger *(DP)*.- Madame Presidentin, ech mengen, den Här Gibéryen ass herno agedroen. Da kann en eis dat alles och dann nach eng Kéier am Detail soen.

Mme le Président.- ...loosst den Här Berger elo schwätzen, Dir kritt jo d'Wuert nach.

(Interruptions)

M. Eugène Berger *(DP)*.- Madame Presidentin, ech wollt just soen, datt mer also nach net iwwert de Bierg sinn, au contraire. An duerfir komme mer och net derlaanscht, datt mer mussen de Budget reforméieren, en aneschters opstellen, aneschters plangen. An duerfir gëtt d'Method, fir de Budget ab 2015 opzestellen, op de Leescht geholl. Déi Aarbechte sinn och schonn amgaang. An deene leschten honnert Deeg oder honnertzwanzeg Deeg sinn déi Aarbechten och schonn ugefaange ginn.

An eng Budgetsconsolidatioun ass och néideg, fir eise Sozialstat besser fir d'Zukunft opzestellen, fir ze verhënneren, datt eis Scholden eis Handlungsfäegkeet an Zukunft aschränken, fir eiser Wirtschaft e gutt Fundament ze ginn, wat et erlaabt, nei a sécher Aarbechtsplazen ze schafen. An déi nei Budgetsreform oder deen neie Wee, deen erfuerdert dann natierlech och d'systematescht Iwwerdenke vun ale Gewunnechten. Do muss ee vun deenen ewechkommen.

De Premier huet gëschter erkläert, wéi déi Aarbechten elo gemaach ginn. De Finanzminister ass mat senge Beamten amgaang, intensiv dorunner ze schaffen. Si ginn dobäi extern beroden, wat jo fir déi eng oder aner Kommentare gesuergt huet.

Ech wëll an deem Kontext hei nach eng Kéier awer eppes kloerstellen: Dat ass eng Aart a Weis, déi net nei ass. De fréiere Finanzminister, de Luc Frieden, huet méi wéi eng Kéier an deene leschte Woche gesot, datt och hien op extern Beroderfirmaen emol zréckgegraff huet, well de Bléck vu baussen, d'Experienz vu baussen, huet e gesot, och wichteg ass. Och an anere Ministèrë gëtt dat gemaach, ass dat gemaach ginn, an aneren Dossieren, wat net onbedéngt eppes mat Finanzen ze dinn huet.

Ech erënnere mech zum Beispill do un e grousse Projet, wat d'Landesplanung betraff huet, den IVL, an de Joren '99 bis 2004. Do sinn och eng ganz Rei extern Beroder bäigezu ginn, do hunn net eleng d'Beamten dat gemaach, déi sinn och do bäigezu ginn, fir eben déi Experienz aus anere Länner kënne bäizezéien. An hei ass et eigentlech näischt aneschters, wat geschitt. Hei ass eng Beroderfirma, déi eben Experienz vu Budgeten, der Method, Budgeten opzestellen, an anere Länner och schonn do gesammelt huet an eis dat ka weidervermëttelen.

Déi Berodung, déi hëlleft bei där Ausschaffung vun der Method, mä et ass kloer, et ass d'Politik, et sinn d'Beamten, déi eenzel Ministèren, déi déi kloer politesch Décisiounen huelen, déi de Budget am Endeffekt opstellen, mat den Ziffere bis an de leschte Komma.

Madame Presidentin, ech hunn an de leschten Deeg eng Rei Stëmmen héieren, déi opgrond vun deene verschiddene Previsiounen, wat eise Wirtschaftswuesstum ubelaangt, géife mengen, et géing elo erëm lues a lues besser. Da regelt sech eigentlech d'Situatioun vum selwen. Et gëtt alles vum selwe riichtgebéit! Mir haten och nach gëschter de Statec an der Finanzkommissioun: Et geet Rieds vu Previsiounen, déi op 3% Wuesstum hiweise fir 2014.

Ech wëll trotzdeem warne virun ze vill Optimismus! An och den CSV-Fraktiounschef huet, wann ech dee richteg verstanen hu virdrun, dat och an déi Richtung gesinn.

An och de Chef vun der Lëtzebuerger Zentralbank, dee war virun e puer Deeg an der Finanzkommissioun, deen huet och do virdru gewarnt, fir ze soen, mir wieren elo schonn a gudden Zäiten ukomm! En huet drun erënnert, datt eigentlech, wat mir déi sougenannten „gutt Zäiten" genannt hunn, datt mer do bei engem Wirtschaftswuesstum vun iwwer 5% louchen.

An da musse mer och wëssen, mir hunn eng Rei Hypothéiken, déi awer op eis leien: natierlech den E-Commerce, déi Recetten, déi d'nächst Joer wäerten dramatesch ewechfalen. Ech denken och u verschwannend Recetten aus dem Tanktourismus - accessoirement Alkohol an Tubak -, well mer do och musse kucken, wéi d'Evolutioun ass um europäesche Plang mat der Harmonisatioun vun den Akzisen op Diesel a Benzin. Ech denken och zum Beispill an eisem Sozialwiesen un dee kontinuéierlechen Defizit, dee mer an der Fleegeversécherung opzeweisen hunn.

An och ouni wëlle schwaarzzemolen, mä dat muss een awer och ëmmer an der Politik am Kapp hunn, datt d'national Politik heiansdo awer och vun externen, vun europäeschen oder Geschehnisser an der Welt ka beaflosst ginn. Ouni elo eng méiglech Eskalatioun an der Kris op der Krim wëllen eropzebeschwieren, mä esou Turbulenzen oder aner Turbulenzen an der Welt kënnen eigentlech zu all Moment sensibel Répercussiounen op eis Wirtschaft hunn. Dat hate mer jo 2008 erlieft, wou praktesch vun engem Dag op deen aneren duerch d'Lehman Brothers d'Welt op der Kopp stoung, an eise Budget dunn och mat.

Wann eis Wirtschaft also elo éischt Unzeeche weist, datt et erëm lues besser dréit, dann ass et dann och gradesou wichteg, besonnesch déi Zäit ze notzen, wou een net vir bäi an hanne widder ass, grad déi Zäit ze notzen, fir noutwendeg fundamental Reformen unzegoen. An deenen Zäite soll een eigentlech Reforme maachen, wou een eigentlech nach e bësse Sputt huet.

An e Budget vun där neier Generatioun, muss een och soen, dat ass kee Selbstzweck! Do geet et net drëm, fir Austeritéitspolitik ze maachen oder ze spueren. Neen, et geet drëm, fir sech nei opzestellen, fir nei Chancen ze kreéieren, an duerfir huet och d'Regierung déi voll Ënnerstëtzung vu menger Fraktioun, fir eben de Statsbudget 2015 nei op de Leescht ze huelen, fir e Screening ze maache vun den Ausgaben, fir se op d'Effikassitéit hin ze iwwerpréiwen.

An och, an där Démarche - an ech hunn de Premier awer do ganz kloer verstane mat sengen Aussoe gëschter -, och d'sozial Selektivitéit muss do Virrang hunn. Laang genuch hu mer..., säit ech an der Chamber sinn - et si geschwënn 20 Joer, et sinn 20 Joer -, gëtt bei all Budgetsried vum Rapporteur gesot: „Mir mussen op méi sozial Selektivitéit kommen." Et ass ëmmer schéi geschwat ginn a Sonndesrieden. Mir mussen endlech och dohinner de Wee fannen!

Dat ass also och eng Virgab, déi mer mussen hu fir 2015, datt mer an eiser Budgetspolitik och do - oder an all eise Politiken - déi sozial Selektivitéit an de Vierdergrond musse stellen, datt mer déi Leit ënnerstëtzen, déi et am dréngendste brauchen.

A mir wäerten et dann och fäerdegbréngen, mat enger neier Zort vu Budget erëm méi Transparenz an dem Budget ze schafen, datt dat och méi novollzéibar ass, iwwerpréifbar ass, och fir de Bierger dobaussen.

De Premier huet gëschter och ugekënnegt, datt d'TVA géif zum 1. Januar 2015 ëm 2% erhéicht ginn. Den CSV-Fraktiounschef huet virdru gesot, et wier vill Hickhack, et wiere vill géigesätzlech Aussoen an deene leschte Woche gewiescht. Ech ka mech net erënneren, datt d'Regierung an deene leschte Wochen iergendeng konkret Ausso dozou gemaach huet. Dat waren da Kommentaren an deenen engen oder aneren Zeitungen, vun deem engen oder anere Politiker vläicht.

(Interruptions)

Vun der Regierung ass gesot ginn: „Mir wäerte bei dem État de la nation kloer soen, wat mer wëlles hunn." Wann also virdrun aner Datumer zirkuléiert sinn, aner Tauxen, dann ass dat op alle Fall net vun der Regierung gesot ginn.

D'TVA, déi wäert reforméiert ginn, fir de Schock vum Ewechfale vun der TVA um elektroneschen Handel ofzefiederen. En Ausfall, dee sech och do..., wann een elo d'Chiffere vu gëschter vum Statec hëlt - mä awer och mat Virsiicht ze genéissen -, kann dat eng Fourchette sinn zwësche 600-700 Millioune bis praktesch eng Milliard.

Ech wëll awer och hei drun erënneren, datt mer scho säit 2007 woussten, datt déi Recetten aus der elektronescher TVA am nächste Joer, also am Joer 2015, géifen ewechbriechen. An et hat een deemools e bësse méi Zäit wéi honnert Deeg, et hat een e puermol honnert Deeg Zäit, fir ze reagéieren! An trotzdeem ass an der Vergaangenheet do awer net drop reagéiert ginn.

An et muss ee jo soen, et war eigentlech scho bal fahrlässeg, datt déi Dépensen, lafend Dépensë mat zäitlech begrenzte Recetten awer ofgedeckt gi sinn! An et ass eigentlech eng falsch Finanzsituatioun zum Deel virgegaukelt ginn, well een do déi Hypothéik hat. Déi exzeptionell Recetten, déi waren eigentlech bal e bëssen - jiddweree spillt dat jo - eppes esou wéi en Jackpot am Lotto, am Euromillions. En eemolegen, awer et ass en eemolegen Jackpot gewiescht! Mir hunn awer d'lescht Joer mat deem Jackpot eigentlech all déi lafend Käschte gedeckt, amplaz ze investéieren. An duerfir hu mer haut e seriöe Problem. Et ass een op deem Punkt, wou mer haut stinn. Et hätt ee vläicht besser gehat, wéi och de Finanzminister gesot huet, datt een zum Beispill e Fonds souverain do virgesinn hätt.

Mir kommen och duerfir net derlaanscht, ebe well mer d'nächst Joer dat grousst Lach hunn, datt mer eng moderat Erhéijung vun der TVA musse virhuelen. Et ass keen einfache Schrëtt, jo. Nach bleiwe mer awer mat eisen Tauxe mat déi niddregst - neen, déi niddregst, souwäit ech weess, ech ka mech awer iren - an Europa.

An den Effekt op d'Leit mat schwaachem Akommes, dee gëtt och esou geréng wéi méiglech gehalen. Mir wësse jo, datt haaptsächlech och déi Basisproduiten, déi ee brauch, déi een all am Supermarché fënnt: Iessen, Kannerkleeder, Kannerschong an nach eng Rei aner Saachen, och an anere Secteuren, datt also all déi Produiten, oder vill Produiten, déi een am Alldag brauch, fir ze iwwerliewen, den Taux super-réduit weider behalen.

Et ass och richteg, datt d'TVA eréischt ufanks d'nächst Joer erhéicht gëtt, fir deene verschiddenen Acteuren, de Privatleit, den Entreprisen, eng Iwwergangszäit anzeraumen, déi et dann och erlaabt, sech op déi nei Situatioun anzestellen.

Et soll een awer och net mengen elo, déi TVA wier einfach blannemännerches gemaach ginn. D'Regierung huet och gekuckt, wéi een och scho bei dëser Mesure do kann d'Geleeënheet notzen, fir d'TVA méi gerecht ze gestalten.

An do ass jo een Element, dat ass dat, datt een an Zukunft beim Wunnengs- oder Hauskaf nëmmen nach deene Leit den Taux super-réduit gëtt, déi och selwer herno an dat Haus wunne ginn oder an en Appartement wunne ginn, well se et brauchen, an datt eben esou Steiermoossnamen also och esou gestalt gi sinn, datt ee Leit a Familljen ënnerstëtzt, déi sech wëllen en Heem opbauen, an net onbedéngt deene Leit

deen Taux super-réduit wëllt schenken, déi vläicht en zweet oder en drëtt oder e véiert Appartement sech leeschte kënnen.

Dat ass also och eppes, wat mir als DP ënnert enger sozial selektiver oder enger selektiver sozialer Steierpolitik verstinn.

Madame Presidentin, eis Fraktioun ënnerstëtzt d'Regierung och bei hirem Zil, eise Steiersystem 2016 ze moderniséieren an ze verbesseren. Et bleift nach vill ze dinn, fir eise Steiersystem ze vereinfachen an nei Akzenter ze setze fir e modernen, nohaltegen a gerechte Steiersystem. Och do hunn natierlech gëschter nach keng Detailer kënne geliwwert ginn. Dat brauch Zäit! Besonnesch eng Steierreform brauch ganz vill Zäit.

Ech ka mech erënneren, datt sech an deene leschten 20 Joer méi wéi eng Kéier eng Regierung dat virgeholl hat, beim État de la nation dat ugekënnegt hat, an datt awer duerno net dat Néidegt nokomm ass. Duerfir solle mer hei d'Regierung och ënnerstëtzen an hir och déi néideg Zäit loossen, fir datt ee spéitstens 2017 dann déi kann ëmsetzen.

Virun allem ass et wichteg, datt dat eng kohärent Steierreform gëtt. Well wa mer kucken, wat an de leschte Jore gemaach ginn ass als Steierreform oder hallef Steierreform, dat war awer relativ chaotesch. Do ass eng Krisesteier viru Joren agefouert ginn, duerno ass se erëm ofgeschaaft ginn. Net vill méi spéit ass eng Erhéijung komm vun der Solidaritéitssteier, da vum Spëtzesteiersaz, an dunn d'Kréinung, du gouf et och nach eng Mindeststeier fir d'Entreprisen. Et ass vill Duerjernee gewiescht, vill Erop-an-erof. An dat schaaft och kee Vertraue bei de Leit, net nëmme keen Iwwerbléck, mä kee Vertrauen.

Mir brauchen eng Steierpolitik an e Steiersystem aus engem Goss, dat heescht aus engem Stéck, an net dee Fleckenteppech, dee mer an deene leschte Joren haten.

Meng Fraktioun encouragéiert d'Regierung och, fir d'Steiertabell ze iwwerschaffen. An der Koalitioun si mer eis eens, datt mir déi Fro ronderëm de Spëtzesteiersaz och virum Hannergrond vun der Strategie vun eiser Finanzplaz wäerte beliichten. Well mir wëlle jo net an eng Situatioun kommen, wou ee mengt, haut honnert Euro kënne vläicht méi eranzezéien, a wou een awer am Endeffekt dausend Euro verléiert, well engem dann an engem wichtege Wirtschaftszweig eppes ewechbrécht.

Et ass awer och ganz wichteg, extrem wichteg, datt eis Steierpolitik kohärent och op eis politesch Ziler achséiert ass. D'Abattemente bei de Steiere sollen iwwerkuckt ginn an hannerfrot ginn. Mir hu jo do ganz komesch Situatiounen, wann ech nëmmen un dee Beräich Mobilitéit denken, ouni elo an den Detail do anzegoen. An och besonnesch musse mer kucken, wéi mer et herno maachen an der Steierpolitik, well mer jo och d'Kanner an Zukunft wëlle méi op engem direkte Wee ënnerstëtzen.

Dat sinn alles komplex Froen, wou net nëmmen een Dag muss gerechent ginn, wou een eng ganz Rei Konsequenze muss duerchkucken, kucken, wéi déi eenzel Puzzlestécker aneneepassen, fir dat dann herno erauszekréien.

An dat ass awer och eppes, wat eis wichteg ass: Et muss och Schluss domadder sinn, datt eise Steiersystem e besonnescht Familljebild promouvéiert. An eise Steierklassen an am sougenannten „splitting" ass inhärent awer d'Virstellung vun enger klassescher Rollentrennung zwësche Mann a Fra.

(Interruption)

Ah, den Här..., Madame Presidentin, ech gesinn ëmmer bei Stéchwierder, wien een do ëmmer kann direkt këddelen!

Also, mir hunn e Steiersystem, wou déi klassesch Virstellung ass: d'Fra hannert d'Kachdëppen, fir et emol iwwerzeformuléieren, an de Mann, dee geet schaffen a bréngt d'Geld heem. An dann, d'Fra versuergt och nach d'Kanner. Dat ass net eis, Madame Presidentin, dat ass op alle Fall net eis Virstellung vun enger moderner Famill! An och duerfir ass et noutwendeg, eise Steiersystem ëmzeänneren.

Mir op alle Fall, mir encouragéieren d'Regierung, an all deene Froen herno Neel mat Käpp ze maachen!

Madame Presidentin, ech kommen och net derlaanscht, an dësem Kontext op den Accord salarial an der Fonction publique zréckzekommen. Fir eis gëtt et do näischt ze beschéinegen an der Demokratescher Partei. D'DP, dat huet se virun de Wahle gesot, och elo seet se et, hält eng Augmentatioun vun de Paien an der Fonction publique zu dësem Moment - zu dësem Moment - net fir richteg. Dat hu mer virun de Wahle gesot. Dat soe mer och elo.

Mä mir wëssen awer och, datt mer gebonne sinn, datt mer en Accord hunn, dee vun der viregter Regierung ënnerschriwwe ginn ass an un dee mer eis ze halen hunn an deen eigentlech och da juristesch bindend ass. Mir erwaarden eis awer, datt d'Regierung an deenen nächste Joren, weider an Zukunft nach just wäert Nullronne bei der Fonction publique maachen!

Madame Presidentin, déi lescht Jore stoung eis Finanzplaz staark an den internationale Schlagzeilen. Dës hu leider an deene seelenste Fäll eng positiv Luucht op eise Standuert geworf an hu vill un eisem Image gekraazt. Mir waren, wéi ech gëschter och nach eng Kéier deen Term héieren hunn, mir waren an der „Schmuddel..." oder an dem ellenen Eck, an d'Regierung huet mat der Zoustëmmung zu der Zënsbesteierungsdirektiv virun zwou, dräi Wochen - wéini war et? - elo e Stréch ënnert dat ganz schwieregt Kapitel vun eiser Finanzplaz gezunn an de Wee fräi gemaach, fir eiser Finanzplaz erëm dat Vertraue kënnen zréckzeginn, dat se verdéngt.

Mir sinn och frou, datt d'Regierung deem ganz staarken Drock vun den EU-Partner standgehalen huet, fir datt mir kee kompetitiven Nodeel par rapport zu eisen Haaptkonkurrente wéi besonnesch der Schwäiz wäerte kréien. Well keng seriéis Finanzplaz op der Welt wäert sech kënnen erlaben, sech deem neien OECD-Standard iwwert den Informatiounsaustausch ze entzéien. Den 1. Januar 2015, dat ass praktesch muer, wäerte mer also en neit Kapitel an der Geschicht vun eiser Finanzplaz opschloen, andeems mer eist Bankgeheimnis opginn. Ech sinn, mir sinn zouversiichtlech, datt eis Finanzplaz esou gutt opgestallt ass, datt mir dëse Changement wäerte gutt kënnen ewechstiechen.

D'Regierung wäert déi nächst Méint a Jore proaktiv notzen, fir eiser Finanzplaz dann dat Ugesinn, deen Image zréckzeginn, dee se verdéngt. An da muss een natierlech och all hir Atouten, all déi Stäerkten och an d'Vitrine no bausse stellen, mat Réckbesënnung op all eis Stäerkten.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wat sinn eis Stäerkten? Dat ass zum Beispill d'Kreativitéit, schnell Prozeduren, kuerz Entscheedungsweeër. Mir mussen also bei all deenen neien Opportunitéiten zouschloen, mat deenen doten Argumenter an nach enger Rei aneren, sief dat bei der Internationaliséierung vun der chineesescher Währung Renminbi oder den islamfrëndleche Finanzproduiten oder bei deenen alternativen Investitiounsfongen.

Egal wéi, d'Finanzplaz wäert och an Zukunft en immens wichtege Wirtschaftszweig vu Lëtzebuerg bleiwen. An och duerfir musse mer eis konsequent géint eng Finanztransaktiounssteier ausschwätzen, déi der Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg géif schueden.

An d'Regierung, dat ass mäin nächst Stéchwuert, d'Regierung ass och ugetrueden, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft weider ze stäerken.

Mir wëssen, d'Produktivitéit huet notamment am Beräich vun de Finanzaktivitéiten an der Industrie, haaptsächlech an deenen zwee Secteuren, an de leschte Joren nogelooss. Déi hu gelidden. Mir dierfen do guer keng Zuele schéirieden, déi si ganz kloer. A mir gesinn, datt eigentlech eis Croissance ëmmer méi aus Secteure kënnt, déi vum Stat ofhänken, wéi zum Beispill de Sozialsecteur.

Bon, d'Kompetitivitéit ass natierlech en abstrakte Begréff, mat deem vill Leit dobaussen an der Praxis näischt kënnen ufänken. Mir mussen eis awer bewosst sinn, datt déi wirtschaftlech Kompetitivitéit d'Lokomotiv ass. Dat ass d'Lokomotiv vun eisem Wuelstand an eigentlech och d'Basis vun eisem Sozialstat. D'Kompetitivitéit ass also kee Selbstzweck. Et geet am Endeffekt drëm, datt een hei sécher a gutt Aarbechtsplazen och schaaft fir jiddwereen.

Natierlech, fir déi Kompetitivitéit dann eben ze verbesseren, dozou gehéiere schnell an transparent Prozeduren, e bessert Zesummeschaffen zwëschen de Ministèren. An och do begréisse mer, datt de Premier gëschter ugekënnegt huet, datt éischtens aus deem Omnibusgesetz - deen net schnell genuch fiert - elo en „TGVs-Gesetz" ginn ass. An dat Gesetz gëtt also nach viru Péngschten, virun der Péngschtvakanz hei déposéiert.

Dat Gesetz wäert da vill administrativ Hürden an de Verwaltunge vum Stat ofbauen. Mir mussen duerfir och weiderhi konsequent um Projet vum eGovernment schaffen.

An - last but not least - schliisslech dréit och zur Kompetitivitéit de Sozialdialog zwëschen deene verschiddene Partner bäi. An ech wëll et nach eng Kéier hei ënnersträichen: Mir begréissen et, datt d'Regierung och virum État de la nation - virum État de la nation - déi eenzel Sozialpartner de leschte Freideg an Eenzelgespréicher gesinn hat, fir hinnen eng Rei Saache schonn a priori ze soen. A souwäit ech weess, hunn déi Réuniounen a ganz gudder Atmosphär stattfonnt.

Dat stëmmt mech op alle Fall zouversiichtlech, datt de Sozialdialog endlech erëm ka belieft ginn, well, ech hat et scho gesot, viru bal véier Joer war déi lescht Tripartite gescheitert, stounge mer virun engem Échec. Duerfir sinn ech ëmsou méi frou, datt eigentlech déi nei Regierung elo d'Tripartite nach wäert virum Summer beliewen.

An deem Kontext wäerten dann och d'Froe vum Index diskutéiert ginn, an duerfir kann een och elo dem Premier net virwerfen, en hätt am Virfeld keng definitiv kloer Solutioun presentéiert, jo, well en dat jo mat de Sozialpartner da wäert virum Summer diskutéieren. Dat wier jo och komesch, wann en hei géif elo eng definitiv Solutioun proposéieren an dann duerno géif soen, elo gi mer emol mat de Sozialpartner schwätzen. Dat wier d'Päerd vun hannen opgesuedelt gewiescht.

Här President, ech sinn ufanks och schonn drop agaangen: Vill Vertrauen an d'Politik ass verspillt ginn, an d'Regierung muss och dorobber Äntwerte fannen, staark Äntwerte fannen. Duerfir ass et och ënner anerem wichteg, fir de Bierger méi matanzebannen, datt mer an Zukunft de Bierger vill méi proaktiv a schnell informéieren.

An do begréisse mer de Paradigmewiessel mam neien Informatiounsgesetz. D'Regierung stellt kloer, datt all administratiivt Dokument an all administrativ Informatioun ëffentlech a fir all Bierger zougänglech ass, ausser et ass elo ganz explizit, wann et ëm Betribsgeheimnisser geet oder soss Froe vun Dateschutz. Dat ass op alle Fall och déi richteg Richtung.

Här President, an der Vergaangenheet ass d'Politik vill ze oft einfach mat dem Verdeele vu Sue gläichgestallt ginn. Amplaz d'Problemer vum Land unzegoen, sinn d'Problemer mat Geld zougetippt ginn. An niewebäi war dat dann och alt emol nach mat dem Mitnahmeeffekt, datt et an engems och als Wahlcadeau konnt benotzt ginn. Dobäi ass awer d'Politik vill méi wéi dat.

D'Politik muss e kloert Bild virun Aen hunn, wou mir all gemeinsam histeiere wëllen. An déi Instrumenter, dat heescht och déi finanziell Instrumenter, déi een zur Verfügung huet, déi mussen dorobber ausgeriicht ginn.

Duerfir ass et jo och elo wichteg, deen Exercice ze maachen, fir ze hannerfroen, wat déi eng oder aner Mesure bréngt. Erfëllt eng Subventioun zum Beispill nach hiren Zweck? Ass se am Aklang mat Ziler, déi mer eis als Land gesat hunn?

All déi Froen, déi mer also am Screening maachen, sinn immens wichteg, fir also och e kloert Bild ze kréien, wou mer hiwëllen. Mir mussen deen Exercice elo konsequent duerchzéien, well mer eis jo och mussen nei opstellen. Ech hunn dat virdru gesot: Mir mussen eis nei opstellen, nei Chancen hunn, fir mat manner Suen eng méi effizient Politik ze maachen. Dat ass déi grouss Aufgab, déi déi Regierung elo ugeet an am Kader vun där se bis 2015 wäert déi konkret Mesuren op den Dësch leeën. Ech ginn dovunner aus, datt mer am Hierscht beim Dépot vum Budget spéitstens do dee ganze Pak an engem Goss presentéiert kréien.

An ech hunn et och scho gesot: Dobäi mussen déi sozial Selektivitéit an déi finanziell Nohaltegkeet besonnesch am Vierdergrond stoen. An et ass och kloer, datt ee bei deene strukturelle Reformen, déi ustinn, do net jiddwerengem nom Mond ka rieden. An der Politik muss ee Choixen treffen a fir eppes kënnen astoen.

Wéi esou eng strukturell Reform kann ausgesinn, wéi ee mat manner Sue kann eng besser Politik maachen, do hu mer awer e Beispill elo scho kritt, dat d'Regierung virexercéiert huet mat der Neiregelung vun de Studentesubsiden. Déi vergaange Regelung vun der Loi Biltgen ass nämlech eng perfekt Illustratioun vun enger chaotescher, enger oniwwerluechter Politik gewiescht.

Déi hei am Haus waren, kënne sech erënneren. Deemools sinn déi Mesuren als Spuermesurë presentéiert ginn. Am ganze Package war et ënner anerem eng Spuermesure an - ech hunn d'Zuelen nach am Kapp - den Här Biltgen, wéi en deemools hei stoung, oder an der Kommissioun, huet gesot: „Mir kënne bis 30 Milliounen d'Joer spueren."

D'Resultat, dat kenne mer haut. D'lescht Joer, no all deem Hin an Hier mat den Urteeler vum Europäesche Geriichtshaff, huet de Lëtzebuerger Stat 178 Milliounen…, oder dëst Joer musse mer 178 Millioune Suen do verdeelen. Also amplaz 30 Milliounen ze spueren, si mer haut op enger Dépense vun 178 Milliounen.

Et war also noutwendeg, dat op de Leescht ze huelen aus finanziellen Ursaachen, mä awer och, well do och erëm mat der Géisskan iwwert d'Land gefuer ginn ass, soudatt een dat muss méi selektiv maachen, deene vläicht méi ginn, déi et méi brauchen. An deenen, déi et manner brauchen - ech huelen ëmmer dat Beispill, an där ginn et -, déi um Lampertsbierg wunnen an op de Lampertsbierg op d'Uni ginn - dat ass eng ganz gutt Uni -, datt déi vläicht e bëssselche manner brauche wéi déi zu London.

Déi Studenten hunn also en neie System vun de Studentesubsiden. De Projet de loi ass déposéiert. Mir wäerten deen an der Kommissioun an den nächste Wochen diskutéieren. Sécherlech, wann een do gesäit, datt iergendwou eng kleng Schrauf, wierklech eng ganz spezifesch Situatioun ass, kann een do nach vläicht un engem Riedchen dréien. Mä nach muss ee soen, datt mir weltwäit hei Weltmeeschter sinn, Champion sinn um Niveau vun de Subsiden, déi mer hei un d'Studente verdeelen.

An och hei hu mer ebe gekuckt, datt virun allem déi, déi et méi brauchen, mat där drëtter Tranche, mat där, déi gestaffelt ass zwësche 500 an 2.500 Euro, datt een do virun allem kann dann déi Leit, déi Studenten, déi et méi brauchen, och méi ënnerstëtzen. Wéi gesot, nach eng Kéier: Et bleiwe ganz grousszügeg Subsiden, mat deene jiddweree kann an d'Ausland studéiere goen, an déi awer eng Illustratioun sinn, wéi ee mat manner Suen eng besser Politik ka maachen. Ënnert dem Stréch läit och de Spuereffet dann ab dem nächste Joer bei enge ronn 78 Milliounen Euro.

An och an der Familljepolitik, do musse mer eis d'Fro stellen, wat mer wëllen erreechen. Am Moment subventionéiere mer dat eent, awer och da genau de Géigendeel dovunner. An dat ass dann eng Politik, déi hiert Zil net erreecht, wann een da wëllt jiddwerengem alles recht maachen. Mir kënnen eis eigentlech op Dauer esou eng Politik guer net leeschten. Si ass och kontraproduktiv. An duerfir musse mer eis Politik nei gestalten.

Wann ech kucken an der Familljepolitik, do gëtt de Moment haaptsächlech a Finanzleeschtungen investéiert: Kannergeld, Kannerboni, divers Allocatiounen, ech ziele se net all op. Et kann ee sech d'Fro stellen: Kommen déi Suen dann do un, fir wie se geduecht sinn? Fir d'Kanner. Oder komme se vläicht am neie Plasmabildschierm un? An der Vakanz oder am Auto oder soss eppes? An et geet jo hei drëms, fir déi an de Vierdergrond ze stellen, ëm déi et awer do geet. An éischter Linn ëm eis Kanner!

A wat ass jo de Problem vun den Elteren hautzudaags? Jonk Elteren, elengerzéiender oder déi zu zwee schaffe ginn, well et hire Choix ass, well se et gäre maachen, déi kënnen heiansdo net vill mat dem Geld oder mat dem Chèque ufänken. Déi hätte léiwer, datt se eng Crèche, eng Maison relais no do hunn, wou se wunnen. Déi hätte léiwer, datt se en Encadrement hunn, eng Betreiung hunn, déi vu Qualitéit ass, an déi se Vertrauen hunn a wou se gären hir Kanner higinn. Dat ass dat, wat d'Elteren eigentlech interesséiert!

Mir mussen also kucken, datt mer vun de Finanzleeschtungen, déi een einfach nëmmen esou an d'Land schéckt, datt mer vun deenen, och an der Familljepolitik, lues a lues ewechkommen hin zu Sachleeschtungen, zu qualitativ héichwäertege Servicer. Mir mussen also d'Offer, eng héichwäerteg Offer an der Kannerbetreiung an den Zentrum vun eise Beméiunge réckelen.

A mir halen et awer och an deem Kontext fir wichteg, d'Fraen ze encouragéieren, nach ee Been an der Aarbechtswelt ze halen, wa se sech fir eng Famill entscheeden. Wa mer kucken, eisen Taux vun der weiblecher Beschäftegung läit bei nëmme 65%, a ganz wäit hannendru bei de Männer ass en iwwer 80%. Mir fannen also och duerfir richteg a wichteg, datt een e Bléck op all déi Familljentransferte wërft, fir eis eben do nei opzestellen an déi nei Erausfuerderungen unzegoen.

Här President, wann ech elo vill dovunner schwätzen, datt mer eis mussen nei opstellen, fir nei Chancen ze schafe fir Lëtzebuerg, dann huet dat awer net nëmmen eleng eppes mat Suen ze dinn. Fir de Kanner déi bescht Startchancen an d'Liewen ze ginn, brauche mer eng qualitativ héich Kannerbetreiung. Mir brauchen och eng ëffentlech Schoul, déi all Kanner, all jonke Mënsch individuell an differenzéiert fërdert a fuerdert.

An ech hunn hei e grousst Vertrauen an eis Enseignanten, datt mir mat hinnen zesummen d'Schoulreform am Secondaire esou iwwerschafft kréien, datt se am Intérêt vu jiddwerengem vun eise Kanner a Jugendleche wäert sinn.

Mir wëssen, d'Reform am Fondamental huet zu engem administrativen Opwand fir d'Ensei-

gnantë gefouert. Dat gëtt elo erëm zréckgeschrauft. Wichteg ass, Schoulhalen an net d'Bürokratie muss erëm an de Mëttelpunkt vun eise Klasse kommen.

Den aktuelle Bilan am Fondamental ass fir all d'Acteuren - ob dat den Enseignant ass, d'Elteren, d'Kanner - zimlech schwéier ze verstoen, an duerfir gëtt elo och dann de Bilan am Fondamental vereinfacht. Am Summer, hu mer héieren, ginn déi éischt Pilotprojete gemaach, an da wäerte mer fir spéitstens déi nächst Rentrée do dann dat verallgemengere kënnen.

En aneren Aspekt vun der Schoul mécht eis Suergen. Bis elo hate mer bei de Posten am Enseignement e Wuesstum praktesch all Joers vun iwwer 300 Posten. An et ass net ëmmer einfach, éischtens, fir dat qualifizéiert Personal ze fannen - dat hänkt zum Deel dervun of, fir wat fir eng Branchen ee sicht -, fir all déi Posten ze besetzen; et ass awer och e Problem mat eise Finanzen, deen domat op eis zoukënnt.

Deen Taux de croissance am Enseignement kënne mer an der nächster Zukunft net oprechterhalen. An duerfir huet d'Regierung elo décidéiert, generell déi geschafe Poste beim Stat op 150 ze begrenzen. Mir begréissen dëse Schrëtt.

An och an der Éducatioun si mer dann also viru Choixe gestallt. An der Éducatioun hu mer elo de Choix, entweder d'Unzuel vun de Schüler pro Klass eropzesetzen, wat ech och als fréieren Enseignant fir falsch halen, well d'Qualitéit dorënner leit. Do gëtt et eng Schmäerzgrenz, wou ee seet, dat mécht kee Sënn méi, do kann een net méi wierklech differenzéiert mat de Schüler schaffen.

Oder awer mir musse kucken, dat huet jo den Éducatiounsminister, de Claude Meisch, ugereegt, datt mer verschidden Déchargë vun den Enseignanten iwwerdenken, wéi beispillsweis d'Altersdécharge. Den Enseignant schafft ab 45 Joer eng Wocheschoulstonn manner. Mat der Virbereedungszäit ginn dat der zwou. An da geet et op 50 mat zwou, an dann op 55, da si mer bei véier Stonne fir déiselwecht Pai. Datt een do also bei deene Saachen awer emol eng Kéier muss einfach sech d'Chance ginn, dat ze hannerfroen.

Et muss een och wëssen - wann déi Informatioune richteg sinn -, all déi altersbegrënnt Déchargen, fir déi ze ersetzen, brauch een 260 - ech woe mech elo net ze vill vir mat där Zuel -, mä awer dat läit ëm 260 Posten, déi doduerjer eleng kreéiert musse ginn. Mir mussen dat also iwwerdenken.

Ech sinn och iwwerzeegt, datt vill Enseignantë bereet sinn, do un enger Léisung matzeschaffen an eben hiert dozou bäizedroen, datt mer an Zukunft och de Kanner weiderhin déi beschtméiglech Zukunftsperspektive kënne bidden. Ech wënsche mer, datt dat op alle Fall e konstruktiven Dialog gëtt, deen an engem oppene Geescht gefouert gëtt.

Här President, wat eis alleguerte Suerge mécht, och nach mäi Virriedner huet d'Zuele genannt: Déi 7% (veuillez lire: déi 7% Chômage), do si Mënschen hannendrun. Do sinn Dausende vu Schicksaler hannendrun, dat mécht dem Premier, dat mécht eis alleguerte Suergen. An ech mengen, dat ass och eent vun de Politikfelder, an deene mer nach weider mussen Ustrengunge maachen.

Besonnesch déi Jonk, déi si betraff. Och no der fäerdeger Ausbildung ass et net einfach, ass et ëmmer méi schwéier, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen. Duerfir musse mer déi Jonk bei hirem éischte Schrëtt an d'Aarbechtswelt begleeden. Mir dierfe se net hänke loossen.

Déi dräi Koalitiounspartner hunn e Solidaritéitspakt ofgeschloss, fir eise Jonken de Start an d'Beruffsliewen ze erliichteren. Schonn Enn Mee gëtt dann déi Garantie jeunes ëmgesat, am Kader vun där mer jo och d'Chance haten, d'lescht Woch hei am Jugendparlament déi eng oder déi aner Saach ze diskutéieren.

D'Regierung suergt also derfir, datt all Jonke bannent deene véier éischte Méint vu senger Aschreiwung bei der ADEM eng konkret Offer fir eng Aarbechtsplaz oder eng Formatioun gemaach kritt. Dat sinn eng Rei vu konkrete Mesuren, déi an der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet schnell an Ugréff geholl musse ginn. Mir mussen all, wierklech all Efforte maachen. An ech begréissen och wierklech déi Efforten, déi vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit an deene leschte Méint gemaach gi sinn, och mat der Reform vun der ADEM. Mir mussen all déi Efforte maachen, fir de Mënschen, déi am Chômage sinn, nei Chancen, nei Zukunftsperspektiven ze bidden.

Här President, d'Präisser vun de Bauterrainen an de Käschtepunkt vu Wunnenge sinn an de leschte Jore regelrecht explodéiert a belaaschte vill Bierger finanziell besonnesch staark. Et ginn Zuelen, déi soen, vill Stéit musse praktesch bal d'Halschent, bal d'Halschent vun hirem Akommes an de Logement investéieren oder si kënne sech guer keng Wunneng méi leeschten. An d'Wunnengsproblematik verursaacht hei am Land och ëmmer méi sozial schwiereg Situatiounen.

Mir stinn hei och eigentlech virun deem gréisste Versoe vun der Politik an dem leschte Jorzéngt. Dat soen ech elo net hei als Éischten. De fréiere Premier, de fréiere Premier huet dat scho selwer bei enger Ried vum État de la nation agestanen. Dat sinn e puer Joer hier. Duerno sinn nach vill Mol honnert Deeg an d'Land gezunn, vill honnert Deeg, net eng Kéier honnert Deeg, mä vill honnert Deeg sinn no där Deklaratioun an d'Land gezunn, ouni datt do awer Mesurë geholl gi sinn.

Och am Wunnengsbau, Här President, och am Wunnengsbau hat d'CSV gemengt, et kéint ee mat de Suen all Problemer léisen. Si hunn e Pacte Logement mat de Gemenge gemaach, do Sue verdeelt. Si hunn eng ganz Rei Forme vu Subside gemaach, déi verdeelt. Zouschëss hei, Suen do, wou ee sech eigentlech ni richteg d'Fro gestallt huet: Erreechen déi Suen dann hiert Zil? Déi Suen hu virun allem d'Demande amplaz d'Offer ënnerstëtzt. An et geet kee Wee derlaanscht, et geet kee Wee derlaanscht, mir mussen d'Offer un Terrainen a Wunnenge vergréisseren, well nëmmen esou kënne mer dann dat Ventil opdréien, fir bei de Präisser den Drock ofzebauen.

Och hei schléit déi nei Regierung en neie Wee an. Mir hunn do den iwwerschaffte Plan sectoriel «Logement», deen am Mee presentéiert gëtt, vun deem hei den Ufank gemaach gëtt. An dee Plan sectoriel «Logement», dee louch och vill ze laang an den Tiräng. Dee louch net honnert Deeg an den Tiräng, dee louch e puermol honnert Deeg, dausend Deeg an den Tiräng, och aner Plans sectoriels «Logement» louche vill ze laang an den Tiräng. An duerfir hu mer eis elo awer nach eng Kéier Zäit geholl, honnert Deeg, fir se ze iwwerschaffen.

D'DP hat och an hirem Wahlprogramm Baulandverträg a Baulückeprogrammer stoen. A mir si frou, datt dës Iddien net nëmmen de Wee an de Koalitiounsaccord fonnt hunn, mä datt och elo schnell a konkret déi Iddie sollen ëmgesat ginn ënnert dem Impuls vum Maggy Nagel.

Nach eng Kéier och, fir dat kuerz ze erklären, déi Baulandverträg. De Problem ass jo, dat huet och schonn den Alex Bodry virdru gesot: Déi Terrainen, wéi kréie mer se schnell viabiliséiert?

Ebe grad, andeem mer higinn an deene Leit, déi en Terrain hunn, deen nach net am Perimeter ass, soen: „Aus dengem Gromperesteck, dat näischt wäert ass, kanns de eppes maachen, mä wann ech gelift ënnert der Konditioun vun engem gewëssenen Zäitraum mat gewëssene Präisser, da misste mer eis eens ginn." An déi Richtung sollen also déi Baulandverträg goen.

Här President, déi nei Regierung setzt och am Beräich vun der Energieeffizienz an dem Klimaschutz nei Akzenter. Stéchwierder sinn hei: Albausanéierung, Klimabank.

Och hei geet d'Regierung nei Weeër, fir och vun deene villen ineffiziente Subsiden, déi am Beräich vun der Ëmwelt ausgedeelt gi sinn, ewechzekommen. Mir hunn hei an der Klimabank e Modell, datt mer dat de Leit virfinanzéieren, mä de Stat jo herno och d'Suen erëmkritt, awer an der Zwëschenzäit kënnen déi Sue ganz produktiv agesat ginn. Dat hei gëtt och nom Prinzip „Mat manner Suen eng besser Politik" gemaach. Mat deene Suen hëllefe mer de Leit, datt se de Schrëtt maachen, hiert Haus energetesch ze sanéieren. An dann herno, wann dat gemaach ass, wann d'Leit Energie spueren, Mazout, Heizung an aner Käschte spueren, dann ass eigentlech jiddweree Gewënner.

Et ass eng Win-win-win-Mesure, et misst een der véier, fënnef opzielen, déi do gewannen: De Bierger gewënnt, well en an engem Haus wunnt, an deem en Energie spuert. D'Handwierker, mir kënnen hei nei Aarbechtsmarchéen opmaachen. Et ass emol gerechent ginn, datt hei Honnerte vun Aarbechtsplaze kéinte kreéiert ginn. Mir maachen eppes fir de Klimaschutz. Mir maachen och eppes fir de Stat, dee seng Suen erëmkritt, dee manner Kyoto-Strofe muss bezuelen.

Voilà, och dat ass e flotte Projet, mat deem ee ka mat manner Suen eng vill méi effizient Politik maachen.

Här President, d'DP fuerdert scho laang eng propper Trennung zwësche Kierch a Stat. Mir sinn eis bewosst, datt dëst eng Zäsur an der Bezéiung zwëschen der kathoulescher Kierch an dem Stat ass. Mir sinn dovun iwwerzeegt, datt béid Partner kënne vun dësem Schnëtt profitéieren an d'kathoulesch Kierch eigentlech nëmmen u Glafwierdegkeet doduerjer ka gewannen. Mir zielen op d'Mataarbecht vun der Kierch, fir dëse Prozess zesummen ze diskutéieren an unzegoen.

Mir hunn elo dëst Joer déi éischt Kéier eng zivil Nationalfeier, an där all Lëtzebuerger, egal vu welcher philosophescher oder reliéiser Astellung, sech erëmfënnt, an d'Aféiere vun engem generelle Wäerteunterrecht: Dat sinn déi éischt konkret weider Etappen, déi dës Regierung an Ugréff wäert huelen, bei deene se och op eis voll Ënnerstëtzung kann zielen. An déi nächst Jore mussen déi finanziell Froen am Kontext Trennung vu Kierch a Stat och definitiv geléist ginn.

Och bei anere gesellschaftspoliteschen Theme ginn elo Neel mat Käpp gemaach. D'Bestietnis vun Homosexuelle wäert virum Summer kommen. An och d'Scheedungsgesetz gëtt bis dohinner reforméiert. D'Reform vum Ofdreiwungsgesetz, dat de Schwangerschaftsofbroch ee fir alle Mol aus dem Code pénal sträicht, steet och virun der Dier. Mir begréissen och ausdrécklech, datt déi fir d'Fraen onwürdeg zweet Konsultatioun ofgeschaaft ginn ass an datt d'Selbstbestëmmung vun der Fra am Virdergrond ass.

D'Verfassungsreform an d'Diskussioun ëm d'politesch Participatioun vun eisen auslännesche Matbierger sinn och grondleeënd an zukunftsweisend Diskussiounen. An déi mussen och hei am Land diskutéiert ginn, dëst iwwert d'Parteigrenzen ewech.

An esou enger Diskussioun iwwert déi politesch Participatioun vun eisen auslännesche Matbierger si Polemik a Populismus falsch un der Plaz. A mir mussen also kucken, datt mer eng uerdentlech Diskussioun an der néideger Serenitéit hei wäerte fannen.

Här President, dee leschte Punkt, deen ech a menger Ried wëll uschwätzen, ass dee vun der Suerg, datt mer kéinten an Europa e Krich kréien. D'Lag an der Ukrain ass extrem ugespaant, an niewent eisem Aussen- a Premierminister ass och eis Kolleegin Anne Brasseur - déi haut sech och duerfir entschëllege léisst, well se eben am Asaz ass -, also an hirer Fonctioun als Presidentin vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot déi lescht Wochen an der Ukrain an a ganz Europa ënnerwee, fir derzou bäizedroen, datt et zu enger friddlecher Resolutioun, zu enger friddlecher Léisung vum Konflikt kënnt.

Lëtzebuerg setzt sech och am Kader vun der Europäescher Unioun staark derfir an, datt de Wee vun der Diplomatie an dem Dialog net verlooss gëtt an datt de Kontakt mat Russland net ofbrécht.

Här President, ech sinn net op all Punkte vun der Deklaratioun vum Premier agaangen, ech hätt elo nach vläicht och e Wuert kënne soen iwwert d'Mobilitéit, d'Ëmweltpolitik, mä eigentlech waren déi Aussoe gëschter och vum Premier esou kloer, datt deem guer näischt méi entgéintzebréngen ass, déi waren och ganz detailléiert. Duerfir, Här President, géif ech dann zum Schluss kommen.

Här President, déi lescht Wochen an d'Ried vum État de la nation vum Premier weisen, dat dës Regierung bannent kierzester Zäit hire Rhythmus fonnt huet. Ech hu gëschter gesot: „Si gëtt Gas." Vill nei Projete sinn amgaang ausgeschafft ze ginn a wäerten an deenen nächste Wochen a Méint un d'Rulle kommen. De Problemer gëtt an d'Ae gekuckt an et gëtt gehandelt, wéi beispillsweis mat der grousser Budgetsreform 2015.

An et ass eng Freed, där Opbrochstëmmung an där neier Atmosphär och am Dialog mat de Sozialpartner nozekucken. Mir gesinn op eemol, datt Saachen a Bewegung geroden, vun deenen een nach viru Méint geduecht hätt, et wier net méiglech, et wier onméiglech. Dat stëmmt mech a meng Fraktioun zouversiichtlech, an ech si mir sécher, datt déi dräi Koalitiounspartner dëse Wee wäerte weider mat Determinatioun an Engagement goen, fir den Zukunftsprojet Lëtzebuerg ëmzesetzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Ech géif der Chamber proposéieren, dass mer fir de Moien heimat eis Aarbechten ofschléissen. De Mëtteg Rendez-vous um zwou Auer, an d'Presidente gesi sech schonn um hallwer zwou, fir de Programm vun deenen nächste Woche festzeleeën.

Domat ass eis Sëtzung fir de Moien ofgeschloss.

(Fin de la séance publique à 11.45 heures)

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un

d'Chamber online op

www.chd.lu

SÉANCE 15

JEUDI,
3 AVRIL 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Débat sur l'état de la nation (suite)
- *Mme Viviane Loschetter (interventions de M. Claude Wiseler et M. Jean-Marie Halsdorf), M. Gast Gibéryen (interventions de M. François Bausch, M. Xavier Bettel, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger et M. Dan Kersch), M. Serge Urbany (dépôt d'une motion), M. Claude Wiseler (interventions de M. François Bausch, M. Xavier Bettel et M. Etienne Schneider), M. Marc Spautz (interventions de M. Etienne Schneider, M. Serge Urbany et M. Alex Bodry)*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Marc Spautz, M. Claude Wiseler, M. Gast Gibéryen, M. Gilles Roth et M. Fernand Kartheiser)*
- *M. le Président*
- *M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (M. Claude Wiseler intervient)*
- *M. Gast Gibéryen, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. Claude Wiseler intervient)*
- *M. Romain Schneider, Ministre des Sports, M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Motion 1: M. Justin Turpel, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*
- *M. Fernand Kartheiser (M. Xavier Bettel intervient), M. Gast Gibéryen, M. Alex Bodry*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État..

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- E schéine gudde Mëtteg. Eis Sëtzung ass op. Ech ginn dovun aus, dass d'Regierung keng Kommunikatiounen ze maachen huet.

(Assentiment)

Merci. Da géife mer mat eisen Debatten zur Lag vum Land weiderfueren. Éischt ageschriwwe Riednerin de Mëtten ass d'Madame Viviane Loschetter vun der grénger Fraktioun.

Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

2. Débat sur l'état de la nation (suite)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun, vun där ech d'Spriecherin haut sinn, wëlle mir fir d'Allerëischt dem Premier e grousse Merci ausriichten, dem Premier, deen eng realistesch a virun allem eng éierlech Sprooch geschwat huet! Well et ass sécherlech net einfach, dem Land an engem éischten Optrëtt am Kontext vun der Lag vun der Natioun, an dëst knapp honnert Deeg no der Regierungsbildung, mussen eng schwiereg Situatioun unzekënnegen.

E grousse Merci och un all Membere vun der Regierung, déi och a knapp honnert Deeg villes geleescht hunn. Net nëmmen hu si sech praktesch alleguerten an hirem Ministeschressort missen aschaffen, wat scho méi wéi honnert Deeg verdéngt hätt, mä si hunn och alleguerten e Budget 2014 preparéiert, schaffen elo schonns konsequent u Gestaltungsméiglechkeete vum Budget 2015 a senger neier Form an hunn et och nach fäerdegbruecht, wegweisend Projets de loi ze schreiwen, déi déi éischt Charakteristiken ënnersträiche vun der blo-rout-grénger Majoritéit.

Wat hei geleescht ginn ass a wat hei geleescht gëtt an dëser neier Majoritéit, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass enorm! Ech vergläichen et gäre mat engem Haus, wat ee sech grad kaaft huet a wou virdrun een aneren dra gewunnt huet. Dat Haus dréit d'Charakteristike vun deem, deen ausgezunn ass. Den neie Propriétaire muss fir d'Éischt nach d'Saachen ewechraumen, eventuell Ëmbauaarbechte maachen, frësch usträichen a seng Miwwelen drasetzen, ier hie sech wuel dra fënnt, ier hie richteg dra wunnen a liewe kann.

Hei maachen d'Membere vun dëser Majoritéit alles beieneen: e Regierungsprogramm, e Budget transitoire mat éischte Spuermoossnamen, ouni d'politesch Prioritéiten ze affectéieren. Si schaffe mat un den noutwendege strukturellen Ännerunge vun der neier Methodologie vum nächste Budget, preparéieren onst Land op déi bekannt finanziell a budgetär Erausfuerderunge fir 2015, bestehend Projets de loi gi gegebenenfalls adaptéiert oder zréckgestallt, nei Projets de loi gi geschriwwen an déposéiert, de Business as usual gëtt evakuéiert a si meeschteren déi politesch Aktualitéiten, sief et déi international wéi notamment d'Conseilen zu Bréissel, wou Wesentleches fir d'Zukunft propper zu Enn négociéiert ginn ass, sief et hei am Land, wou an der Urgence adequat Léisunge fonnt gi si mat alle concernéierte Partner, wéi zum Beispill am Fall Bauschuttdeponie. Derbäi kommen nach d'Virbereedungen, déi schonn ulafe fir de Referendum a fir d'Lëtzebuerger Présidence. Bravo a Chapeau!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ons Grénge wichteg, e puer vun dësen Aufgaben opzezielen an e Liicht op déi alldeeglech Aarbecht vun dëser Majoritéit ze riichten. Well mir sinn net am Business as usual! Mir sinn a villem méi. Mir sti viru groussen a wichtegen Erausfuerderungen a mir musse se mam Numm nennen a mir musse se ugoen. Well grad dofir hunn d'Bierger an d'Biergerinne vun onsem Land eng nei Regierung gewielt. D'Bierger an d'Biergerinnen aus dësem Land wëllen eng nei Politik an hunn dofir dëser Majoritéit hiert Vertrauen ausgeschwat.

D'Bierger an d'Biergerinne wësse wuel, datt och zu Lëtzebuerg d'Kris nach net eriwwer ass an datt mer musse méi kleng Bréidercher baken. A si erwaarde sech och kloer Zeechen a sinn och bereet, eng Hand mat unzepaken. Mä si brauchen och Éierlechkeet a Gerechtegkeet an onse politeschen Handlungen. Zur Éierlechkeet gehéiert, de Leit matzedeelen, wéi den Zoustand vun der Natioun haut ass, a gradesou wichteg ass et ze soen, wéi d'Lag vun der Natioun wäert sinn oder kéint sinn a politique inchangée.

Mir wëllen d'Politik gestalte fir d'Zukunft. Mir hunn ons virgeholl sécherzestellen, datt muer an iwwermuer ons Kanner, déi nächst Generatiounen, op d'mannst esou gutt liewe kënne wéi haut. A politique inchangée wäert dat net méiglech sinn! Finanzpolitesch net, ëmweltpolitesch net a sozialpolitesch net.

Finanzpolitesch: Mat eelef Milliarde Scholden a mat der Perspektiv, datt mer bei onverännerter Politik all Joers weiderhi Scholde musse maachen, zum Deel och, fir Honnerte vu Milliounen un Zënsen ofzebezuelen, steiere mer iergendwann an eng Faillite. Wier d'Lëtzebuerger Land eng Famill, wiere mer schonns bei de Service surendettement orientéiert ginn!

Ëmweltpolitesch: Mat enger Belaaschtung vun 18.000 bis 20.000 Tonne Bauschutt am Dag, mat nëmme 7% vun onse Baachen a Flëss, déi propper sinn, mat 10% vun onse Quellen, déi wéinst Verseuchung ausser Betrib sinn, mat engem Bësch, wou d'Beem zu iwwer engem Drëttel carrément krank sinn, mat enger Loftverschmotzung duerch Stickoxiden, déi d'Leit krank mécht, hannerloosse mir, à politique inchangée, der nächster Generatioun eng ellen an eng ongesond Welt!

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Wat gëschter de Premier gesot huet: „Wat gutt fir d'Banken ass, ass gutt fir d'Land", et kéint een derbäisetzen: „Wat gutt fir d'Ëmwelt ass, ass gutt fir déi nächst Generatioun am Land!" Wa virun e puer Joer nach d'Skeptiker bei Ëmweltthemen am beschte Fall geschmunzelt hunn, esou ass et haut fir jiddwereen evident, datt mer e generellen Ëmweltproblem hunn.

D'Lag vum Lëtzebuerger Land ass net gesond. Wann onst Land e Mënsch wier, hätt e chronesch Hautallergien a Reizhusten a wier scho längst an d'Klinik fir en Check-up geschéckt ginn. An dem Dokter seng Ordonnance wier bestëmmt à la lettre suivéiert ginn.

Sozialpolitesch: Mat enger Gesellschaft, wou jiddwereen ouni kloer definéiert sozial Kritäre finanziell Ënnerstëtzung kritt an enger Héicht vu bal 35% vun de Budgetsausgaben, muss ee sech net nëmmen d'Fro vun der Gerechtegkeet stellen, mä och d'Fro vun der Verschwendung. Sinn d'Steiersuen do ukomm, wou se och wierklech am meeschte gebraucht gi sinn?

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Oder ass sech net éischter erlaabt ginn, sech vum dankbare Géisskaneprinzip lenken ze loossen? Ass et zum Beispill gerecht, eng natalistesch Politik finanziell ze ënnerstëtzen, egal wéi de Besoin vun eenzelne Familljen ass?

Une voix.- Ass et gerecht, d'Ofdreiwung...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ass et gerecht...

M. le Président.- Wann ech gelift! Hei huet just d'Madame Loschetter d'Wuert!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ass et gerecht, mat Steiersue vum klenge schaffende Bierger - esou wéi notamment ons lénk Kolleegen en ëmmer beschreiwen -, ass et gerecht, datt e klenge schaffende Bierger eng Studentebourse vum Bankdirekter sengem Jong muss finanzéieren? Ass de Stat wierklech dofir zoustänneg?

Wann ons Gesellschaft Scouten um Camping wier, missten d'Schlofdecke gerecht opgedeelt ginn, fir datt kee fréiert an der Nuecht. Dat heescht och zum Beispill, datt deen, dee schonns eng gutt waarm Decken huet, och keng zweet méi brauch.

Dat ass, allegoresch beschriwwen, d'Lag vun der Natioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären! Si ass nach net gerecht organiséiert, si ass net nohalteg a si ass deelweis zerstéierend.

Soulaang Suen do waren oder soulaang gleewe gedoe ginn ass, datt Suen do wieren, ass schéin ausgedeelt ginn, och wann et wéineg Kritären dofir goufen. An ons Gesellschaft ass domadder eens ginn.

Mä ons Gesellschaft huet, op gutt Lëtzebuergesch gesot, „op Puff" gelieft! Éischtens hu mir ons zu Lëtzebuerg permanent nei verschëllt, mat enger Versechsfachung vun der Statsschold an nëmmen zéng Joer!

Zweetens hu mir zu Lëtzebuerg net en bon père de famille ons ëm d'Einnahmequellen, déi d'nächst Joer verschwannen, gekëmmert.

An drëttens: Mir hunn ons an dësem Land erlaabt, en Accord salarial ofzeschléissen, dee Milliarden an Zukunft wäert kaschten an deen den Androck hannerléisst, datt mer kee Kriseproblem zu Lëtzebuerg hätten. Dës Regierung bleift loyal zum ofgeschlossenen Accord salarial an der Fonction publique a redresséiert an engems déi sëllechen Ongereimtheeten, wou notamment och de Statsrot drop higewisen huet. Dëst ka vläicht fir verschidde Leit net gerecht schéngen, mä éierlech ass et op alle Fall an et beweist, datt dës Regierung mat Virsiicht un déi nei Politik erugeet an net oniwwerluecht mam Bagger virprescht iwwer alles, wat nach viru sechs Méint war.

Et ass gëschter an och haut schonns vill iwwert d'Ewechfale vun der TVA-Recette aus dem Commerce électronique gesot ginn. Et bleift och an onsen Aen onverständlech, datt näischt, awer och guer näischt emol wéinstens usazweis an deene siwe leschte Joren dozou thematiséiert ginn ass. An et ass gradesou onverständlech, datt wierklech näischt, awer och guer näischt, a kengem Tirang vu kengem concernéierte Ministère emol usazweis als eng Ligne de conduite fonnt ginn ass!

An ech muss och soen, datt mir et zimlech culottéiert fannen, datt den honorabelen Deputéierte Juncker de Moie Kritik ausgeschwat huet a souguer ons wollt schoulmeeschteren! Jo, et ass richteg, déi Gréng hu bäigeléiert. Mä ech muss lech soen, déi Gréng hätten och ganz gären am Dezember 2012 bäigeléiert.

Well wa mer nach keng kloer Propositiounen zu enger Steierreform hunn, hänkt dat och domadder zesummen, datt d'CSV während 30 Joer d'Verantwortung an deem Beräich hat an et net fäerdegbruecht huet, de Verwaltungen Instrumenter ze ginn, fir eng eegen Analys vun der Steierpolitik ze maachen. An déi brauche mir, fir kënnen eng Reform unzegoen.

A mir haten, zesumme mat der bloer Fraktioun, genau am Dezember 2012 eng Motioun déposéiert, wou mer notamment dat do, genau dat do gefrot hunn! Ech zitéiere just Extraiten draus: «- mener une recherche ouverte et contradictoire avec des modèles de simulation pour les diverses propositions en matière fiscale» an esou weider.

Deemools krute mer erkläert vum Finanzminister, et wiere keng Leit do am Ministère, fir dat ze maachen. Dofir kéint dat net gemaach ginn. Abee, ech kann lech just soen, dat ass eng vun deenen éischte Moossnamen, déi dës Regierung mécht! An dat brauch eben déi Zäit.

Datt dës Regierung elo à très court terme muss verantwortungsvoll virgoen an d'TVA erhéijen, ass batter. Datt et eng éischt schwiereg an onpopulär Moossnam ass, ass evident. Datt et eng Moossnam ass, déi net finanzpolitesch déi ass, déi dës Regierung ustrieft, ass kloer. Si ass sécherlech och net fundamental gerecht, mä si ass éierlech. Éierlech, well dës Regierung kee Choix huet. An all Regierung, ouni Ausnahm, hätt missen op dës Moossnam kuerzfristeg zréckgräifen, fir kënnen dat Lach opzefëllen. An dofir ënnerstëtze mir d'Regierung...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Madame Loschetter, Dir musst mer awer nach soen, wat fir eng Informatiounen Der elo méi hutt wéi virun zwee Méint, fir Är Meenung...

M. le Président.- Madame Loschetter, wann ech richteg verstanen hunn, wëllt den Här Wiseler Iech eng Fro stellen. Ass déi wëllkomm?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ech hunn d'Fro scho verstanen, wat fir eng Informatioune mir méi hu wéi virun zwee Méint. Dës Regierung huet d'Informatioune kritt, wéi se ugetratt ass a wéi all Minister a säi Ministère gaangen ass a wéi all Minister a sengem Ministère d'Tirangen opgemaach huet, fir ze kucken, wat dra wier.

(Interruption)

Voilà! An dat huet de Premier gëschter ganz gutt beschriwwen! A mir wore ganz erstaunt iwwert dat, wat d'Regierung fonnt huet respektiv net fonnt huet. Op jidde Fall: Zu där Kritik vun de Moien hu mer näischt fonnt vun engem Usaz vun enger Analys, fir eng Steierreform ze maachen! A genau dat maache mer elo. Et ass genau dat, wat dës Regierung amgaang ass ze maachen. An dat brauch Zäit!

An ech kann Iech nach eng zousätzlech Informatioun ginn: De Responsabele vun der Zentralbank huet, wéi en an d'Finanzkommissioun komm ass, gesot, datt en absolut géif verstoen, datt een Zäit bräicht, fir eng Steierreform ze maachen, an datt een Zäit brauch och herno, fir se ëmzesetzen, an datt se dofir kënne keen Avis maachen zum Budget 2014, dee bekanntlech en transitoresche Budget ass, an datt se d'Suggestioune fir eng Steierreform och wäerten am Laf vun dësem Joer nach eng Kéier matdeelen.

Op jidde Fall: All déi Leit, déi seriö eppes dovunner verstinn, verstinn och, datt een net kann an honnert Deeg iergendeng fake Steierreform hei presentéieren.

(Interruptions)

Ech war amgaang ze soen, Här President, datt all Regierung ouni Ausnahm hätt missen op dës

Moossnam kuerzfristeg zréckgräifen, fir kënnen dat Lach opzefëllen. An dofir ënnerstëtze mir d'Regierung an hirer Décisioun, wëssend, datt mer eng schwéier Ierfschaft hunn, datt mer mussen ab 2015 versichen, onst Land duerch budgetär schwiereg Zäiten ze bréngen, a wëssend, datt mer e Regierungsprogramm hunn, deen eng fundamental an noutwendeg Steierreform ustrieft, fir nohalteg och ëmweltpolitesch a sozialpolitesch gerecht Akzenter ze setzen.

À politique inchangée am Ëmweltberäich zerstéiere mir ons selwer onst Liewensëmfeld. Un éischter Stell, an dëst ass gewosst: d'Waasser ass dat blot Gold vum 21. Jorhonnert! Proppert Waasser a proppert Drénkwaasser aus dem Krunn ass keng Selbstverständlechkeet méi. All Sechsten op dëser Welt huet keen Zougang zu propperem Drénkwaasser!

Net nëmme gehéiere mir zu deene Mënschen op der Welt, déi Accès hunn op proppert Drénkwaasser, mä mir hunn ons alleguerten - heibanne wéi d'Bierger an d'Biergerinnen dobaussen - aktiv agesat, datt d'Drénkwaasser an der ëffentlecher Hand bleift. Mir hunn ons agesat, datt net iergende private Konzern décidéiert, wie sech nach proppert Drénkwaasser leeschte kann a wien net méi. An dofir musse mir och elo an dësem Land endlech Neel mat Käpp maachen an derfir suergen, datt d'Quellewaasser Drénkwaasser bleift oder erëm Drénkwaasser gëtt.

D'Ausweisung vun 80 Drénkwaasserschutzzone léisst säit Joren op sech waarden. Dës Regierung an dës Ëmweltministesch bréngt et a knapp honnert Deeg fäerdeg, fir 15 Zonen dëst Joer auszeweisen. Dat nenne mir: „Neel mat Käpp maachen"! Mir brauchen dréngend...

(Interruption)

Wéi laang waart Dir Innenminister an hat Dir d'Waasser ënnert Iech, Här Halsdorf? Wéi vill Joer?

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Also gleeft mer, datt...

M. le Président.- Also...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Ech mengen, zéng Joer!

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- ...wann ech nach Waasserminister wär, wären och...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- A knapp honnert Deeg,...

M. le Président.- Här...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- ... Här President, bréngt déi hei Ëmweltministesch konkret Aktiounen, op déi mer säit zéng Joer waarden!

(Interruption)

Mir brauchen dréngend an dësem Land och en Naturschutzgesetz, fir där aktueller Perspektiv, déi mer hunn, entgéintzewierken. Manner Pestiziden, awer dofir och méi Bioprodukter!

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, keen anert Beispill an der Ëmweltpolitik weist besser, wéi deier eng verpasste Chance, voire eng irreparabel verpasste Chance ka sinn, wéi d'Klimapolitik. A gläichzäiteg gëtt et kee bessert Beispill vun Ëmweltpolitik, fir ze beweisen, wéi eng sozial an ekonomesch Potenzialer sech un eng adequat Ëmweltpolitik kënne knäppen, wéi d'Klimapolitik.

Richteg deier gëtt et op eng direkt Manéier, wa mer wëssen, datt d'Ausgabe vum Kyoto-Fong - haut ass et de Klima- an Energiefong - vun 2012 bis 2014 sech vervéierfacht hunn. De Klimaschutz ass mat dëser Regierung zu enger vun den deklaréierte Prioritéite ginn. Ons Ofhängegkeet vun de fossilen Energië méi kleng gestalten, heescht effektiv an aner Energien investéieren. Dat schaaft nohaltege Wuesstum an awer och Aarbechtsplazen. Näischt maachen ass gläichzestelle mat sech selwer futtimaachen!

An ech zitéieren de President vun der Banque mondiale: «Nous pouvons et nous devons éviter une hausse de quatre degrés. Il faut limiter le réchauffement à deux degrés. Si nous n'agissons pas suffisamment contre le changement climatique, nous risquons de léguer à nos enfants un monde radicalement différent de celui que nous connaissons aujourd'hui. Le changement climatique est l'un des principaux obstacles auxquels se heurtent les efforts de développement, et nous avons la responsabilité morale d'agir pour le bien des générations futures, et en particulier les plus pauvres.»

D'Konklusiounen an d'Recommandatiounen notamment vun der Cour des Comptes zum Kyoto-Protokoll hunn d'Majoritéit an dëser Chamber encouragéiert, en Débat d'orientation am Hierscht dëst Joer zu deem Sujet ze organiséieren.

Domadder wëlle mir an der Chamber onse Bäitrag leeschten an d'Regierung, virop de Finanzminister, den Ekonomiesminister, den Aarbechtsminister, den Nohaltegkeetsminister an d'Ëmweltministesch konkret ënnerstëtzen an der Ëmsetzung vun hiren ugekënnegte Politiken a Saache Förderung vun alternativen an erneierbaren Energien, Förderung vun Albausanéierungen an energieeffizientem Bauen, Aféiere vun neie Formatiounen, vun neie Beruffer am Handwierk an deem Beräich. Dat ass dat, wat den Aarbechtsminister „green jobs" nennt. Dat ass dat, wat den Ekonomiesminister „éco-tech" nennt a wou d'Chambre des Métiers och en enorme Potenzial dra gesäit. A last but not least: Lëtzebuerg endlech up to date maachen och an de Beräicher ëffentlechen Transport a Mobilité douce!

Wa mir wëllen erëm e Land ginn, wat Iddien ëmsetzt, wat wäitsiichteg ass, da sinn all déi Felder ronderëm d'Klimapolitik e ganz fruchtbare Buedem dofir. Éischt Akzenter zu enger nohalteger an zukunftsorientéierter Klimapolitik huet de Premier um Conseil européen virun ongeféier zwou Woche gesat, andeems hie sech éierlech a gerecht agesat huet fir eng Reduktioun vun op d'mannst 40% vun den CO_2-Emissiounen a fir 30% a Saachen Energieeffizienz an erneierbar Energien.

Eng Regierung, déi an hirem Koalitiounsaccord ënnersträicht, datt si net wëllt op Atomstroum setzen, sech dofir fir d'Schléissung vu Cattenom an Tihange wëllt asetzen, kann nëmmen all hir Ustrengungen an erneierbar Energien investéieren.

Och dat nenne mir „Neel mat Käpp maachen" an nenne mir politesche Courage!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Mir stinn am Stau, 30 Stonne pro Joer sti mir hei zu Lëtzebuerg am Stau! Dat ass jo praktesch eng ganz Schaffwoch! Dat schuet net nëmmen onser Loftqualitéit, mä och onser Gesondheet an onser Ëmwelt. Dat schuet och enorm der wirtschaftlecher Attraktivitéit vun onsem Land. Mir gehéieren zu den „big five" vum Stau. An dofir komme mer net derlaanscht, ekonomesch an ekologesch, den ëffentlechen Transport massiv auszebauen. Déi Projets de loi, déi an deenen nächste Wochen a Méint déposéiert ginn, beweisen, mat wat fir enger Vitesse dës Regierung wëllt den ëffentlechen Transport virundreiwen.

De Projet Tram gëtt zesumme mat der aktiver Kollaboratioun vun der Stad Lëtzebuerg direkt méi wäit ausgebaut wéi am initiale Projet. De Projet Tram kritt - glécklecherweis - duerch déi grouss Erfahrung vun der jëtzeger Stater Buergermeeschtesch all seng Schéinheetsfeeler séier korrigéiert, esou datt souwuel d'Stad wéi och onst Land an e puer Joer kënnen endlech vun engem effikassen, modernen Transportmëttel profitéieren.

Och dat nenne mir „Neel mat Käpp maachen" an nenne mir politesche Courage! Och dat ass nohalteg Politik.

Virun zéng Joer hätte mir Gréng ons an onse kéngsten Dreem net getraut virzestellen, datt et, wéi elo bei Ponts & Chaussées, eng Division de la mobilité écologique géif ginn, déi sech ëm d'Mobilité douce këmmert.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- En Zeechen, datt e Wandel amgaang ass! A mir si wierklech frou dierfen eng Regierung ze ënnerstëtzen, déi dëst erméiglecht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zukunftsorientéiert an nohaltegt Plange geet nëmmen iwwer eng logesch opgebaut, vernetzt a konsequent Landesplanung, eng Landesplanung, déi fräi ass vu Vetternwirtschaft, déi sech net vun NIMBY-Reaktioune beaflosse léisst an déi just am Intérêt général agéiert. Feelend Kläranlagen, feelend Zones d'activités artisanales, d'Zersiedlung vu Landschaften, d'Zerstückelung vun Naturflächen, Feelplanunge vun Neibauten a Stroossen, meeschtens op d'Käschte vun der Natur an oft zum Virdeel vu Gefällegkeeten, dat ass d'Resultat vun engem archaesche System, fir dëst Land ze organiséieren.

Dat kascht vläicht am meeschte politesche Courage a kann an onsen Aen och nëmmen ëmgesat ginn, wann eng ganz Regierung geschlossen dohannertsteet. D'Virgehensweis, fir d'Plans sectoriels virzestellen an ëmzesetzen, beweist déi „aner" Manéier, den neie Stil ze schaffe vun dëser Regierung an de Wëllen, all Partner matanzebannen.

Dat, Här President, ass eng éierlech an transparent Politik, ewech vu Getuschels a Gemauschels mat Dokumenter!

De Lien mam Omnibusgesetz, wat et jo esou eigentlech guer net gouf, awer elo an enger Rekordzäit erstallt ginn ass an elo zu engem „TVGs-Gesetz" ginn ass a kohärent notamment och mat de Plans sectoriels ofgestëmmt ginn ass, weist erëm, wéi vill an deenen éischten honnert Deeg geschafft ginn ass, iwwregens och interministeriell geschafft ginn ass.

Eng vun de wichtegsten Erausfuerderunge vun dëser Regierung um soziale Plang, nieft der Bekämpfung vum Chômage an domadder der Aarmut an dësem Land - Aarmut, déi et och hei gëtt -, ass do unzesetzen, fir datt keng Aarmut iwwerhaapt opkënnt: usetzen do, wou mer d'Weiche setze fir eng méi gerecht Verdeelung vum Räichtum aus dësem Land, eng méi gerecht Opdeelung vun der Partizipatioun un der Gestaltung vun dëser Gesellschaft. Dat ass d'Erzéiung a virun allem d'Ausbildung vun der nächster Generatioun. Wann dat Wuert „nohalteg" seng Bedeitung ka fannen, da mat Sécherheet an der Erzéiungspolitik!

De Premier huet gëschter vun „Selbstwäertgefill" vun de Kanner geschwat. D'Selbstwäertgefill vun de Kanner förderen ass en honnertprozenteg sécheren Invest an d'Zukunft - de Selbstwäert vun alle Kanner förderen: déi, déi hei gebuer sinn an déi, déi net vun hei sinn!

De Selbstwäert fördere kascht keng Suen oder wéineg Suen, just e bëssen Zäit oder Zäit a vill Engagement. Mä e Kand mat engem staarke Selbstwäert mécht säi Wee, gëtt sech net op, och wann et emol schwiereg gëtt, bréngt et sécherlech éischter fäerdeg, seng Schoul ofzeschléissen, Studien ze maachen oder eng Ausbildung.

Studien an eng Ausbildung sinn de Pass, fir eng Aarbecht ze fannen. Mir hunn an dësem Land 16% vun de Leit, déi dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, dovunner 22% Netlëtzebuerger an 20% ouni Ausbildung. Bei de Chômeure läit den Aarmutsrisiko bei 51%. An de Jugendchômage läit bei 20%. Dat ass d'Lag vun der Natioun haut am Joer 2014. Si ass sozial net ganz gesond!

Et ass net nëmmen eng Saach vu Gerechtegkeet a Chancëgläichheet, an d'Kanner ze investéieren. Et gëtt och nach spéider richteg deier fir d'Allgemengheet, wa mer dat net maachen. An dofir ënnerstëtze mir den Éducatiounsminister a seng Pläng, fir an d'Qualitéit vum Enseignement ze investéieren. Et ass de beschten Invest iwwerhaapt!

Mat de Sprooche gerecht ëmgoen a jiddwerengem eng Chance ginn a gläichzäiteg eng Opportunitéit schafen, dat si fir ons d'Weeër, déi onser Multikulturalitéit Rechnung droen.

Ons Jugend brauch Qualifikatioun a Perspektiven. D'Jugendgarantie, déi eng Aarbecht, eng Ausbildung oder eng Schoul ubitt a bannent véier Méint also eng konkret a faassbar Méiglechkeet bitt, ass keen Etiketteschwindel!

An ech hätt nawell gären dem honorabelen Député Juncker hei matgedeelt - mä, schlechte Stil, en ass elo net hei -, datt et eng Initiativ vun deene Grénge war,...

(Interruptions)

...datt et eng Initiativ vun deene Gréngen am Europaparlament war, fir eben déi Jugendgarantie eranzebréngen.

An ech erënneren un e Communiqué vum 29. Mee 2013, wou ech och zitéiert ginn, notamment well d'Patronatsverbänn net esou glécklech ware mat där Jugendgarantie an net onbedéngt wollten do matzéien, a wou mir am Fong geholl d'Patronatsverbänn als Gréng opfuerderen, do matzemaachen an hir Verantwortung ze iwwerhuelen. A Jugendgarantie soll een net an een Dëppe geheien a vermësche mat CIE oder CAE. Ech denken, wat déi Gréng um europäeschen Niveau fäerdegbruecht hunn a wat sech hei répercutéiert, ass eng wichteg a richteg Saach. An dofir gëtt se och elo ëmgesat.

Mir ënnerstëtzen och d'Regierung, fir d'Fuerschung geziilt auszebauen. Mir si stolz a mir solle stolz sinn op ons Wëssensgesellschaft.

D'Lag vun der Natioun ass och ongesond an der Logementspolitik. Déi viregt Responsabel hunn et net fäerdegbruecht, iwwerhaapt emol d'Präisser vun de Wunnengen, sief et an der Vente oder an der Locatioun, ze stabiliséieren duerch d'Politiken. Et ass en deklaréierten Échec vun de vergaangene Regierungen, an deen ass och esou hei deklaréiert gi vum viregte Premier. Jorzéngten ass näischt an der Logementspolitik geschitt. An déi lescht Jore sinn usazweis Iddien ëmgesat ginn, g utt gemengter, vläicht net ëmmer gutt ëmgesater!

Am soziale Wunnengsberäich ass nach ganz vill ze maachen. De Gros vun der Verantwortung stécht, an onsen Aen zu Onrecht, a kommunaler Hand. Gemengen, déi oft iwwerfuerdert si mat esou enger komplizéierter a komplexer Politik. Gemengen, déi oft de Promoteuren net Partie kënnen halen. Gemengen, déi och mat eidel stoende Wunnengen et schwiereg hunn, adequat kënnen ze reagéieren.

D'Erwaardunge sinn also extrem héich bei de Bierger a Biergerinnen, a mat Recht. D'Aféiere vu Baulandverträg an d'Förderе vu 37 Hektar Baulückeprogramm um nationalen Niveau, esou wéi et se schonns an der Gemeng Lëtzebuerg gëtt, dat beweist, datt et Potenzial gëtt an der Logementspolitik. An d'Fäerdegstellung vun dem Plan sectoriel «Logement» wäert och substanziell dozou bäidroen, datt mer landeswäit Wunnenge schafe kënnen, mat Rücksicht och op kuerz Weeër tëscht Wunnen, Schaffen, Fräizäit an ëffentlechem Transport.

Hei huet d'Regierung e risen Nachholbedarf geierft. An, jo, et gëtt net einfach, dee Retard an deenen nächste Joren opzehuelen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si frou, an engem Land ze liewen, wou Solidaritéit keen eidelt Wuert ass: Solidaritéit mat anere Länner, mat anere Mënschen a Gesellschaften, iwwert de Wee vun der Kooperatiounspolitik. Vu Solidaritéit profitéiert schlussendlech jiddwereen, well mer domadder e Weltbild ënnerstëtzen, an deem mer selwer wëlle liewen.

A genau datselwecht Bild stelle mir ons vir, wa mer vun der Solidaritéit hei am Land schwätzen. De blo-rout-grénge Fuedem vun der sougenannter Familljepolitik oder Sozialpolitik stelle mir ons och esou vir. Et geet drëms, eng ondifferenzéiert Géisskanepolitik, déi net mat klore Kritären ze erklären ass, ze ersetzen. Et geet drëms, e Choix de société ze treffen, dee sech duerch Universalitéit a Solidaritéit leede léisst an deen duerch eng méi gerecht Opdeelung vu Ressourcë gekennzeechent ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Regierung, an doriwwer eraus dës Majoritéit, huet sech fonnt, fir déif gräifend Gesellschaftsreformen ze erméiglechen: Gesellschaftsreformen, déi guidéiert si vu gläiche Rechter a gläiche Flichte fir méiglechst all Bierger, Gesellschaftsreformen, déi guidéiert si vu gläiche Chancë fir jiddwereen. D'Bierger an d'Biergerinne froe schonns méi laang no Gesellschaftsreformen, mä déi viregt Regierunge woren net prett dofir.

Eng fundamental an extrem heimtückesch Ongerechtegkeet gëtt aus dem Wee geraumt mat der Adaptatioun vum Avortementsgesetz. An dësem Projet de loi, dee ganz geschwë vum Justizminister déposéiert gëtt, liest sech e grousse Respekt vis-à-vis vun der Fra. E Respekt an den Zeilen an tëscht den Zeilen, deen eendeiteg de Beweis ass, datt mer endlech vun der onerträglecher Bevormundung ewechkomm sinn hin zu engem Bild vun engem Mënschebild vun der Fra, déi responsabel a mündeg ass.

Une voix.- Très bien!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- D'Chambersaarbecht vun der Reform vum Mariage ass ofgeschloss, am gréisstméigleche Konsens, dank och enger gudder Zesummenaarbecht mam Rapporteur vum Projet de loi, dem Paul-Henri Meyers. Och hei huet dës Regierung et fäerdegbruecht, a manner wéi honnert Deeg e Projet ofzeschléissen, wou eng ganz Gesellschaft schonns Joren drop waart. Mir kréien elo an dësem Land gläich Rechter fir gläich Léiften. Enger grousser Diskriminatioun gëtt dëst Joer nach endlech Rechnung gedroen! Och hei komme mer ewech vun engem Mënschebild, wat onerträglech wor an onser aller net würdeg.

Mir wunnen zu enger hallwer Millioun an dësem Land. 45% sinn net Lëtzebuerger Bierger a Biergerinnen. Dozou kommen nach all Dag bal nach eemol hallef esou vill Frontalieren, wéi mer Résidenten hunn, bei ons schaffen. Moies an owes si mer knapp zu méi Lëtzebuerger wéi Netlëtzebuerger a während dem Dag si mir Lëtzebuerger an der Minoritéit. De Räichtum vun onsem Lëtzebuerger Land gëtt zur allergréisster Majoritéit vun Netlëtzebuerger erschafft, egal ob als Salarié oder als Patron. Mir Lëtzebuerger schaffen haaptsächlech an der Fonction publique. A mir Lëtzebuerger sinn awer déi Eenzeg, déi dierfen décidéieren, wat mat den erschaffte Sue geschitt a wéi ons Gesellschaft soll organiséiert ginn. Dat ass ongerecht!

Et ass dofir wichteg a richteg, datt dës Regierung an dës Majoritéit sech beschäftege mat méi Gerechtegkeet am Kontext Matsprooche recht vun onser Gesellschaft, an dëst op eng sachlech Manéier.

Dozou gehéiert och eng Adaptatioun vum Nationalitéitegesetz. En Nationalitéitegesetz, deem seng Biografie weist, datt sech bis elo net seriö genuch mat dëser Realitéit befaasst ginn ass. Dës Regierung wäert nach dëst Joer eng Versioun der Chamber proposéieren, déi der Realitéit am Alldag Rechnung dréit an déi fir

méi Gerechtegkeet a Saache Matgestaltungsrechter a Matsproocherechter suergt.

Mir wunnen an dësem Land, Här President, am Fridden a mateneen, trotz de ville verschiddene Kulturen an Originen. An dat muss ons Stäerkt bleiwen! Ons multikulturell Gesellschaft an d'Fäegkeet vun onsem Land, verschidde Kulturen ze assimiléieren a fir hir Inklusioun ze suergen, ass eng enorm Plus-value, déi mer ze schätze wëssen.

Dës Realitéit an dës Plus-value ze vernoléissegen, riskéiert nationalistesch extremistesch Stëmmen opkommen ze loossen. Stëmmen, vun deene mir bis elo Gott sei Dank verschount bliwwe sinn. Fir ons Gréng ass et dofir och immens wichteg, datt mer Weeër fannen, fir weiderhin zesummen ze liewen, vläicht nach e bësse méi zesumme wéi bis elo. Mir sinn eng Plaz an der Europäescher Unioun, wou all Awunner déiselwecht Rechter a Flichte soll hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun, där hir Spriecherin ech haut sinn, wëll ech der Regierung matdeelen, datt mir si an onse gemeinsamen nohaltegen, gerechten an éierlechen Zukunftsprojete wäerten ënnerstëtzen an datt si op ons ziele kann.

Zum Schluss, Här President, géif ech ganz gären der Gebäerdesprooch-Iwwersetzerin Merci soen, datt si meng Ried iwwersat huet, an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, gëschter war net nëmmen déi éischt Ried, déi eisen neie Statsminister Xavier Bettel hei am Parlament gehalen huet. Ech géif mengen, et war och eng vun deene längste Rieden, déi mer hei héieren hunn zur Lag vun der Natioun. D'Längt vun enger Ried seet awer näischt iwwert den Inhalt vun enger Ried aus. Konkretes, wann dat an där Ried war, wann een dat géif résuméieren, dann hätt een déi Ried och kënnen op eng Véirelstonn reduzéieren.

(Brouhaha)

Wat mer scho wossten, dat waren zwee Punkten: Dat war d'TVA an déi gesellschaftspolitesch Reformen. Dat war dat Eenzegt, wat konkret an där Ried war. Dat hätt een och kënnen an enger Véirelstonn maachen. De Rescht, dat war en Ausfluch an d'Zukunft. E Wonschdreemen. E war an d'Mäerchewelt agaangen. Alles, wat ee sech kéint denken, wat kéint besser ginn, wat kéint geännert ginn, alles ass opgezielt ginn. Et ass bal näischt vergiess ginn. All Sujet ass beréiert ginn, awer an deene meeschte Fäll war näischt Konkretes an Novollzéibares um Enn ze héieren.

Vill gutt kleng Sloganen: „D'Regierung wëllt d'Land nei opstellen. Et muss no vir gekuckt ginn. Si schaffe wéi verréckt, déi eng Dag an Nuecht, deen ee méi wéi deen anere vun de Ministeren."

D'ADR huet awer am Fong no dëser Deklaratioun, géif ech soen, recht behale mat deem, wat mer scho gesot hu bei der Regierungserklärung, nämlech, dass alles géif bis hannert d'Europawahle verréckelt ginn.

Plusieurs voix.- Ah!

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Leit sollen d'Gambia bei den Europawahlen nach wielen an duerno kréie se d'Quittung, de Merci.

(Interruption)

Da kënnt de Sozialofbau, da kréie se der, als Merci, well se se nach eng Kéier gewielt hunn, riets a lénks op d'Baken. Da gi se zur Keess gebieden.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Statsminister an och verschidde Riedner vun de Majoritéitsparteien hu gëschter geschwat, datt nach virum Summer décidéiert gëtt. Haut de Moien hunn och d'Majoritéitsparteien ëmmer erëm vun „virum Summer" geschwat. Se hätte solle soen: nom 25. Mee. Dat ass och virum Summer. An dat wier éierlech gewiescht. Dat heescht,…

(Brouhaha général)

…dat wier nämlech no den Europaparlamentswahlen.

(Interruption)

Da kommt Der eréischt mat der Wourecht eraus.

Dann ass hei gemaach ginn, esou wéi wann déi Regierung elo hätt missen an d'Regierung kommen, fir festzestellen, datt d'Statsfinanze schlecht wieren. Datt mer héije Chômage hätten. Datt mer e Problem um Wunnengsbau hätten. Dat sinn alles Problemer, déi scho jorelaang bekannt sinn, déi och jiddweree wosst. Hei ass elo esou gemaach ginn, wéi wann déi elo frësch entdeckt gi wieren, dat wier e Geheimnis hei am Land gewiescht.

Här President, ech wëll op e puer Punkten agoen, déi den Här Statsminister gëschter hei beréiert huet. An ech wëll mat der TVA ufänken. D'Madame Loschetter, meng Virriednerin, huet elo grad gesot, dat wier net einfach fir eng nei Regierung, fir esou eng Steiererhéijung ze maachen, mä et wier éierlech.

Ech froe mech: Ass et éierlech, wann eng DP, Grénger an d'Sozialiste virun de Wahlen ëmmer gezielt hunn, eng TVA-Erhéijung wier sozial ongerecht, wann eng DP seet: „Steiererhéijung, dat ass dat Allerlescht, wat mer maachen, fir d'Éischt gëtt alles virdru gemaach.", an elo no de Wahlen dat Alleréischt, wat gemaach gëtt, ass eng Steiererhéijung?

Ass dat éierlech? Ass dat éierlech? Neen, et ass onéierlech, wann een dat mécht. Wann eng TVA-Erhéijung virun de Wahle sozial ongerecht ass, dann ass se och nach no de Wahle sozial ongerecht.

An d'Chambre des Salariés huet ausgerechent, datt dat fir d'Leit an d'Stéit e Kafkraaftverloscht tëschent 0,6 an 0,9% wäert ausmaachen. An da gëtt hei gesot: „Oh, wann een an e Supermarché geet, zwee Drëttel vun deem, wat ee keeft, dat fält ënnert den Taux réduit vun 3%." Wéi wann d'Leit also déi TVA-Erhéijung net géife spieren, net géife matkréien! A gläichzäiteg gëtt awer gesot: „De Stat kritt 350 Millioune weider an d'Keess eran." Et muss awer een déi bezuelen, déi 350 Milliounen! An zwar net, wéi dat hei presentéiert gëtt, wéi wa keen et géif treffen. 350 Millioune muss d'Gesamtheet vum Land opbréngen, fir se an d'Statskeess eranzebréngen.

An déi 350 Milliounen, dat sinn och keng netto 350 Millioune fir d'Statskeess, well et muss ee jo och kucken, datt dat eng Répercussioun huet. Wa manner Kafkraaft do ass, gëtt manner verkaaft, gi manner Steiere bezuelt, gi manner Leit beschäftegt. D'Konkurrenzfäegkeet geet verluer vis-à-vis vun de Grenzregiounen. An de Stat selwer muss jo och 2% u senge Projete weiderbezuelen, déi en zwar op där anerer Säit erakritt, soudatt den Netto vun där TVA-Erhéijung méi kleng ass wéi déi 350 Milliounen, déi hei erwähnt ginn.

An da gëtt niewebäi gesot, datt de reduzéierten TVA-Saz vun 3% bei dem Logement fir d'Zweet- oder Drëttwunnenge géif gestrach ginn. An hei muss een dann och kucken am Zesummenhang mat dem Logement, wat dat do als Répercussiounen huet.

Ech wëll awer nach zréckkommen nach eng Kéier, well ech dat elo iwwersprongen hat bei der TVA, datt mer keng Kompensatiounen do vun der Regierung hei proposéiert kritt hunn. Keng Kompensatiounen. Et ass an Aussiicht gestallt ginn, datt dat eventuell mat der Steierreform géif gemaach ginn. Ech wëll just soen, dat huet schonn de Virriedner - ech mengen, et war den Här Juncker - de Moie gesot, datt all déi Leit, déi am Fong hei misste Kompensatioune kréien, keng Steiere bezuelen!

Mä ech wëll awer och hei drun erënneren, datt den Här Statsminister elo kierzlech an engem Interview gesot huet, datt hien der Meenung wier, all Mënsch misst Steiere bezuelen a wann et nëmmen zwee Euro wieren. Obschonn ech mer net ka virstellen, datt bei der Steierreform en Taux géif agefouert gi vun zwee Euro, mä sécherlech méi héich, beweist et awer, datt den Här Bettel mat senger Regierung déi 40%, déi elo keng Steiere bezuelen, Steiere bezuele wëllt loossen. Also brauch ee sech net eng Kompensatioun iwwert de Wee vun der Steierreform ze erwaarden, mä éischter, datt déi Leit, déi elo keng Steiere bezuelen, mussen an Zukunft Steiere bezuelen, also eng Steiererhéijung kréien.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Op de Logement zréck. Här President, déi 3%, de fréiere Statsminister, den Här Juncker, huet gesot, dat wier am Fong a senger Carrière dee gréissten Échec gewiescht, deen hien hat, well mer hei am Land de Problem vum Logement net geléist kréien.

Ech muss soen, dës Regierung, déi baut op deem Échec op. Well wann een nämlech higeet an et sträicht een déi 3% fir eng Zweet- an Drëttwunneng, dann erhéicht een domadder automatesch d'Präisser. An net méi spéit wéi haut, mengen ech, huet d'Fédération des Artisans e Communiqué erausginn, wou se dat ganz kloer zum Ausdrock brëngt, wou se seet, datt dat heiten am Fong am krasse Widdersproch vun deem steet, wat d'Regierung sech als Prioritéit gesat huet, nämlech fir d'Wunnengsknappheet ze bekämpfen. Hei gëtt se weider verdeiert. A se schreiwen hei ganz kloer, bei engem Wunnhaus vu 400.000 Euro gëtt elo, duerch déi dote Moossnam, dat Haus 56.000 Euro méi deier an dat mécht 300 Euro de Mount um Loyer aus, well déi Leit, wann déi d'Haiser verlounen, gëtt dat dann op de Loyer iwwerdroen. A si soen, dat dote géif och pro Appartement eng hallef Aarbechtsplaz kaschten, well do eben da manner investéiert gëtt.

Ma, et ass also ganz kloer, wann déi Regierung hei seet, se wéilt de Wunnengsbauproblem bekämpfen, dann, mat der éischter Moossnam, déi se hei mécht, verdeiert se d'Wunnengsbauproblematik.

An d'Madame Loschetter huet elo grad gesot, et wier scho wichteg, wa mer et géife fäerdegbréngen, datt mer d'Präisser géife stagnéiert kréien. Also, mat där éischter Moossnam, déi Der ergräift, héicht Der elo emol nach eng Kéier zousätzlech d'Präisser, wat hei de Wunnengsbau ubelaangt.

Une voix.- Bravo!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass ëmmer méi schwéier fir Leit hei am Land, eng Wunneng ze kréien. A mir hunn dëser Deeg déi neisten Etüde kritt iwwert d'Präisentwécklung am Logement. An do ass da gesot ginn, datt d'lescht Joer d'Präisser bei Neibauten, souwuel Haiser wéi Appartementer, ëm 8% geklomme sinn. Dat si bei engem Haus oder engem Appartement, Duerchschnëttsappartement - dat stoung am „Tageblatt" ze liesen, da stëmmt et - 448.000 Euro an der Moyenne. 448.000 an der Moyenne kascht en Appartement, en neit Appartement hei am Land. Wann Der do d'Präissteigerung dropschlot, da gëtt dat op ee Joer 36.000 Euro méi deier.

Dat heescht: All Famill, déi sech wëllt en Haus kafen, déi muss schonn 3.000 Euro de Mount spueren, nëmme fir där Präisdeierecht, déi mer hunn, Rechnung ze droen. Et ass also eng Situatioun vun der Onméiglechkeet fir Leit, nach geschwënn hei am Land en Haus ze kréien. An dofir, wa mer gären der Demande nokommen, musse mer d'Offer erhéijen, an zwar massiv.

A mir fäerten, datt mat deem neie Plan sectoriel «Logement» mer nach méi wäit hannendrakommen. Well wann een nämlech gëschter am „D'Handwierk" liest an hirem Editorial, da schreiwe se: „«Plans sectoriels»: Geschichte einer angekündigten Katastrophe". A se soen, datt deen neie Plan sectoriel zur Konsequenz hätt, datt d'Délaien nach méi laang géife ginn, wéi se elo scho wieren. An da si se sech bewosst, dat stoung gëschter am „D'Handwierk" ze liesen, déi dat scho gëschter an der Zeitung gesot hunn.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Kënnt Der mer just d'Referenz soen, wou d'Chambre des Métiers dann un deen Text kënnt, well deen ass jo nach net publizéiert. Ech géif gär wëssen, wou se doru kënnt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da musst Der d'Chambre des Métiers froen. Ech kann…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech géif éischter soen, si wëssen dat, wat se geschriwwen hunn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ah, dat sot Dir dann. Ech ka just soen, wat gëschter als Leitartikel an der Zeitung „D'Handwierk" vun der Chambre des Métiers stoung. Wann Der gär wësst, wou si dorukommen, Dir hutt jo do bestëmmt gutt Relatiounen, da frot se.

(Interruption)

Op jidde Fall stelle mer fest, datt d'Regierung, mat deene Moossnamen, déi et gëtt, genau de Contraire mécht vun deem, wat se hei virhat.

Deen zweete Punkt, wou d'Regierung kloer war, dat ass an der Gesellschaftspolitik. Niewent der TVA huet d'Regierung d'Gesellschaftspolitik, dat war och bekannt, dat war bei der Regierungserklärung gesot ginn, et ass dee Punkt, géif ech soen, wou d'ADR sech am meeschte vun de Parteien, net nëmme vun der Oppositioun, net nëmme vun der Majoritéit, mä och vun der Chrëschtlech Sozialer Volkspartei ënnerscheet.

Ech mengen, et ass kloer: D'ADR akzeptéiert all Mënsch, wéi e lieft an och wéi e wëllt zesummeliewen. Dat ass keng Diskussioun. Awer d'ADR huet e Problem mat der Adoptioun vu Kanner bei homosexuelle Koppelen, well mir d'Kand an de Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeunge stellen. Mir soen, et huet keen e Recht op e Kand, mä e Kand huet Rechter. An dofir si mir als ADR géint eng Adoptioun. A well mer géint eng Adoptioun sinn, si mer och géint de Mariage. Et ass näischt Neies. Ech wollt just eis Positioun hei nach eng Kéier preziséieren.

An dem Avortementsgesetz ass eis Positioun… Här Bausch, mir hunn do géigesätzlech Meenungen, mä dat ass sécher an engem demokratesche Stat erlaabt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Selbstverständlech.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech mengen, déi eng Parteien hunn déi eng Meenung. Mir hunn déi aner. An da maache mer en demokrateschen Débat. An de Vote gëtt geholl majoritär, wéi dat an enger Demokratie üblech ass.

M. le Président.- Ech géif…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här Gibéryen, wéi ech Iech kennen, ass dat doten net Är Meenung.

M. le Président.- Ech géif d'Regierung bieden, herno ze äntwerten op déi verschidden Interventiounen, déi hei gemaach ginn. An den Här Gibéryen géif ech invitéieren, sech net oflenken ze loossen.

Une voix.- Ou!

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech loosse mech ganz selten oflenken. Et deet mer just leed wéinst menger Riedezäit. Ech froe mech just, den Här Bausch huet sech elo schonn opgereegt, ech hu mech nach net mat him beschäftegt. Dat kënnt jo eréischt nach.

(Hilarité générale)

M. le Président.- Also, ech wëll Iech soen, Här Gibéryen: Déi Ënnerbriechungen…

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech hu mech och net mat Iech beschäftegt, dat kënnt jo och nach.

M. le Président.- …gi selbstverständlech net vun der Zäit ofgerechent.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien, Här President. Dann hunn ech elo scho fënnef Minutte weider.

(Hilarité et brouhaha)

Beim Avortementsgesetz, mengen ech, wësst Der, datt mir als ADR an der leschter Versioun net dermat averstane sinn. Mir ware géint eng Fristeléisung, déi verkappt an deem leschte Projet war, déi elo awer soll offizialiséiert ginn, déi dépénaliséiert ginn ass. An och an där Fro huet d'ADR eng aner Meenung. Och do setze mir de Schutz vum Liewen an de Vierdergrond. A mir wäerten och do dergéint bleiwen.

(Interruption)

Beim Scheedungsgesetz gëtt de Projet elo méi oder wéineger integral iwwerschafft. Dofir ass et elo ze frëi, fir do an den Detail anzegoen. Mä fir eis ass et wichteg, d'Autorité parentale conjointe, datt déi hiren Afloss an dat Gesetz fënnt.

Här President, d'Famill ass en anert wichtegt Thema fir d'ADR, fir dat mir eis ëmmer staarkmaachen. D'Famill muss geschützt ginn. Gläich wéi se sech zesummesetzt a besonnesch elengerzéiend Elteren, meeschtens sinn et Fraen, muss se besonnesch geschützt ginn a gehollef kréien, well am Kader vun der Aarmutspolitik, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, wou mer 15% vun de Leit hunn, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen - 80.000 Leit, et ass gesot ginn -, wou de Gros dervun elengerzéiend Frae sinn, déi mussen eiser Meenung no prioritär geschützt ginn.

Ee Kand ass eis esou vill wäert wéi dat anert. An de Stat huet och dofir kee Recht, sech an d'Famill anzemëschen. D'Famill eleng huet ze décidéieren, wéi se sech organiséiert, ob déi zwee Partnere schaffe ginn, ob ee schaffe geet oder deelweis schaffe geet. Dat huet d'Famill eleng ze décidéieren. De Stat huet d'Infrastrukturen dohinnerzestellen, fir datt d'Famill de Choix kritt, datt d'Famill wierklech kann décidéieren, wéi se sech wëllt organiséieren. Dofir mussen déi néideg Infrastrukturen do sinn.

An dofir hätte mir och gären, datt déi verschidde familljepolitesch Allocatiounen an engem Erzéiungsgeld gebündelt ginn an datt jiddwereen déi kritt. An da kënnt dee soziale Kritär dann, mir wëllen e Fräibetrag afféieren an en dann de Steieren ënnerwerfen, an awer da mat der Obligatioun, datt déi Fra, déi doheem bleift an dat Erzéiungsgeld kritt, datt déi domadder muss awer eng obligatoresch Cotisatioun an d'Pensiounskeess bezuelen, fir domadder d'Fra och sozial am Alter ofzesécheren.

Iwwert d'Mammerent ass näischt verluer ginn… ass bis elo e Wuert verluer ginn, soudatt mer dervun ausginn, datt d'Mammerent an

dëser Form an dëser Legislaturperiod bestoe bleift. D'ADR ass, wéi gesot, fir d'Famill.

Hei, den Här Bettel laacht, Här President.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dierf een dat emol net méi?

M. le Président.- Et ass e frëndleche Mann.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma neen.

(Hilarité générale)

Jo, ech kommen och nach dorobber.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- An esou engem Cabaret muss ee laachen, Här President.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här Bettel, Dir an der Regierungserklärung gëschter hutt näischt vun der Mammerent gesot, da kann ech dervun ausgoen, datt déi bestoe bleift.

Wann Dir dann awer doriwwer laacht, da muss ech awer feststellen, dann hutt Der gëschter der Chamber hei net alles gezielt. Da muss ee jo do nach iwwert dat eent oder dat anert iwwerrascht bleiwen.

M. le Président.- Erlaabt Der, Här Gibéryen, dass den Här Statsminister…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech hu just eng kleng Fro. Den Här Gibéryen seet mir…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Selbstverständlech erlaben ech dem Här Statsminister.

M. le Président.- Här Statsminister.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Den Här Gibéryen seet mir, Här President, ech hätt esou vill iwwer verschidde Sujete geschwat. An elo kréien ech gesot, dass alles, wat ech net abordéiert hätt, dann net stattfanne géif. Dat dote wor keng Regierungserklärung. Dat dote wor den État de la nation, wou een den Ist-Zoustand mécht a seet, wat een an deenen nächsten zwielef Méint wëllt maachen. Loosst Iech iwwerraschen. A sorry, wann ech Iech ze frëndlech dragekuckt hunn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wëll just soen, datt mer am Dezember eng Regierungserklärung haten, Här Bettel, déi ass jo iwwer fënnef Joer gaangen, do hutt Der och näischt dozou gesot. Voilà. Also kann ech mer virstellen, datt dann an deene fënnef Joer näischt doranner geschitt. Mä Dir sot, mir sollen eis iwwerrasche loossen. Dat schéngt also, wéi wann Der deene Mammen, déi fir d'Kannererzéiung doheem sinn, datt Der awer am Hannerkäppche virhutt, fir deenen eppes ewechzehuelen.

Här President, souwéisou, wat d'Familljepolitik vun dëser Regierung ubelaangt, hu mer grouss Problemer. Well eis nei Familljeministesch, déi huet eng Ausso gemaach dobaussen an och an der Chamberskommissioun, datt d'Regierung keng pronatalistesch Politik méi géif maachen.

Am Rapport vun der Kommissioun steet ze liesen: «Madame le Ministre souligne le bienfondé de la politique nataliste menée dans le passé. Aujourd'hui, une telle politique n'est plus de mise, compte tenu de l'évolution démographique, raison pour laquelle il est prévu d'instaurer un montant unique d'allocations familiales par enfant.»

Dat heescht: D'Regierung mécht keng pronatalistesch Politik méi. Mir brauchen also keng Kanner méi hei am Land, laut der Regierung, wa mer keng pronatalistesch Politik méi maachen.

Et ass kee Land, wat ech kennen, wat esou eng Politik mécht, déi seet, mir brauche keng pronatalistesch Politik méi. All Länner kucken, fir datt se genuch Kanner kréien a maachen eng Politik, fir d'Familljen ze ënnerstëtzen, fir datt se Kanner kënne kréien an datt déi Famillje mat Kanner net benodeelegt si vis-à-vis vun deene Familljen, déi keng Kanner hunn, fir hirer demografescher Entwécklung selwer Rechnung ze droen, fir hir Problemer am Land, wat d'Pensiounen ubelaangt, selwer geregelt ze kréien a fir net mussen integral op Integratioun vun anere Leit zréckzegräifen, fir datt se versichen, de Problem un éischter Stell selwer hei ze léisen.

Dat do ass eng ganz schaarf Ausso, déi d'Familljeministesch gemaach huet. Et ass fir d'Éischt an der Geschicht, Här President, vum Lëtzebuerger Land, datt mer eng Regierung hunn, an där keng Familljeministesch ass, mä eng Anti-Famillje-Ministesch.

(Brouhaha général)

Här President, d'Kannergeld muss bäibehale ginn, an et muss och indexéiert bleiwen. Et muss indexéiert ginn.

Une voix.- Jo, a wa méiglech nach 500 Euro.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- D'Chambre des Salariés huet ausgerechent, datt zënter datt d'Indexatioun ewech ass, d'Familljen, jee nodeems wéi se zesummegesat sinn, tëschent 2.800 a 5.000 Euro domadder verluer hunn. Dofir musse mer och kucken, datt d'Familljen dat néidegt Geld kréien.

Ee Wuert zur Sozialpolitik: D'sozial Selektivitéit gëtt ëmmer an de Mond geholl an et gëtt doriwwer diskutéiert. Ech hunn Iech zum Beispill eis Virstellung vu sozialer Selektivitéit bei engem Beispill elo grad genannt, datt mer d'Familljenzoulagen all zesummeleeën, e Fräibetrag aféieren a se der Steier ënnerwerfen.

Bei der Regierung gi mer näischt gewuer, wat se sech ënnert der sozialer Selektivitéit virstellen. Den Här Statsminister huet gëschter hei gesot, wat den Index ubelaangt… Dofir stellt sech d'Fro, ob e Weiderschreiwe vun der Indexmodulatioun, esou wéi se fir de Moment am Gesetz virgesinn ass, de beschte Wee ass, fir souwuel dem Intérêt vum Salariat wéi vum Patronat gerecht ze ginn. D'Regierung proposéiert de Sozialpartner, ze probéieren nach virum Summer, also nom 25. Mee, e globalen Accord ze fannen.

Wat heescht dat? Guer näischt heescht dat. Ausser wa gesot gëtt „virum Summer", wou ech gesot hunn, datt dat nom 25. Mee ass.

Den Här Bodry huet awer de Moien hei eng aner Ausso gemaach. Den Här Bodry huet de Moien hei gesot, hie wier der Meenung, datt mer den 1. Oktober, wann d'Indextranche kënnt, datt mer dann erëm géife bei null ufänken. Dat war eng kloer Ausso. Elo stellen ech mer just d'Fro: Wat ass dann elo d'Meenung vun der Regierung? Dat, wat den Här Statsminister eis gëschter hei gesot huet, oder wat den Här Bodry eis de Moien hei gesot huet? Wann dat, wat den Här Bodry de Moien hei gesot huet, d'Regel ass, datt mer den 1. Oktober erëm bei null ufänken, da verstinn ech dee Saz vu gëschter net.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- …wahrscheinlech d'Indextranche méi spéit wéi den 1. Oktober erfält.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo. Mä och wa se den 1. Dezember erfält, egal wéi, mä bei där nächster Index…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Zitéiert richteg! Dir wëllt jo bei der Wourecht bleiwen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Bei där nächster Indextranche, déi erfält, datt et dann erëm bei null ugeet. Do si mer eis eens. Dat huet den Här Bodry de Moien hei esou gesot.

Une voix.- Esou steet et och do.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Här Statsminister huet eppes aneschters gëschter hei gesot.

Plusieurs voix.- Neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dach. Ma dann hätt Der dat dote jo net brauchen hei ze soen, datt d'Sozialpartner sollen zesummekommen. Dann hätt Der sollten einfach soen, d'Regierung ass der Meenung, datt bei där nächster Indextranche mer erëm bei null ufänken.

Dir kritt herno nach d'Wuert, Här Statsminister.

(Interruption)

Da stellt Der dat hei kloer. Dann ass déi Fro beäntwert. Da weess jiddwereen, wat ass.

(Interruption)

Da schwätze mer vun de Sozialsystemer, huet den Här Bettel gëschter gesot. De Sozialsystem an eisem Land ass reformbedürfteg a muss schrëttweis gutt iwwerluecht de Realitéiten ugepasst ginn. Dat gëllt fir den RMG, d'Chômageindemnitéit, d'Sécurité sociale, dat heescht d'Krankekeesen, d'Pensiounskeesen, Fleegeversécherung. Weider: Mir mussen un der Effizienz vun de Sozialleeschtunge schaffen. An dat heescht, se musse méi geziilt agesat ginn.

Näischt Konkretes! Domadder ka keen eppes ufänken.

An et huet mech gewonnert, datt eis sozialistesch Kolleegen, datt déi sech domadder net beschäftegt hunn. Den Här Bodry huet sech just de Moie mam Index, wou en, wéi gesot, eng prezis Ausso gemaach huet. Mä mat all deenen anere Punkten, wat do muss op de Leescht geholl ginn a wat do muss méi geziilt agesat ginn, wat dat bedeit, hu mer vun de Sozialiste kee Wuert héieren.

Här President, Dir wiert sécherlech enttäuscht, wann ech net nach e puer Wierder géif iwwert den Tram verléieren.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Den Tram kënnt, seet de Statsminister. Mä elo, wou et méi konkret gëtt an d'Leit sech am Land méi beschäftege mat deem Projet, gëtt d'Oppositioun géint den Tram och ëmmer méi grouss. Et ass eiser Meenung no déi gréisste Fehlinvestitioun vum Jorhonnert, wann e géif gemaach ginn.

Den Tram schaaft méi Problemer wéi en der léist. Wat den Tram kascht, ka keen eis soen. D'ADR seet: E kascht iwwer eng Milliard. Alles muss een zesummen…

(Interruption)

Une voix.- Véier.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, dat do misst ee kënnen am Bild festhalen. De Problem ass just, mir sinn nach ëmmer dovun iwwerzeegt, datt den Tram net gebaut gëtt, soudatt mer de Beweis net kënnen erbréngen, datt den Här Bausch an den Här Braz, datt se komplett falsch leie mat hirem Präis. Vun der Gare op de Kierchbierg gëtt mat 350 Milliounen…

Une voix.- Loosst Iech emol iwwerraschen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir kennen net d'Extensioun Houwald/Cloche d'Or, wat dat kascht. Néng Plattforme gi geschaaft. Véier zousätzlech Park & Ridë gi geschaaft. D'Infrastrukturen, déi musse gemaach ginn, wat d'Stad Lëtzebuerg muss bezuelen, de Funiculaire vum Pafendall op de Kierchbierg. Wann een dat alles zesummerechent, an dat, wat vergiess ass - kommt, mer maachen eng Wett -, da leie mer iwwer enger Milliard!

D'Regierung ass jo fir Referendumen, huet se gëschter hei erklärt, an haut och. Firwat maacht Der net e Referendum?

Den Här Bodry war et de Moien, dee gesot huet: Kommt, mir trauen eis dach, Referendumen ze maachen! Kommt, mer fäerten de Leit hir Meenung net!

Ma firwat maacht Der da kee Referendum?

Den Här Bettel an den Här Bausch, wéi se an der Stad an der Gemeng waren, ware se um Gemengeplang géint e Referendum. Hei si se op nationalem Plang fir e Referendum. Ma frot d'Leit dach! Frot d'Leit dach ëm hir Meenung a fäert se net!

Mä Der wësst, wéi d'Meenung ass. Der wësst, wéi esou ee Referendum géif ausgoen, an duerfir frot Der net. Dir maacht just e Referendum, wann en Iech an de Krom passt. A wann en Iech net an de Krom passt, da wëllt Der näischt vun engem Referendum héieren.

(Interruption)

D'Stroosseninfrastrukturen. Lëtzebuerg ass am Top 5 vun den europäesche Staten, wat d'Stauen ubelaangt. Dat ass schlecht fir d'Liewensqualitéit, fir eis Ëmwelt an eis Ekonomie. An dat muss sech änneren, seet den Här Bettel gëschter.

Mir soen Iech, mam Tram ginn d'Stauen nach méi grouss. Wann Dausenden Autoe mussen zousätzlech op Park & Ridë ronderëm d'Stad gefuer kommen, 4.000 op de Kierchbierg oder 3.500, a 1.500 a 500, ech mengen, et si 4.500 nei Plazen, déi als Park & Ride…

(Interruption)

4.500 sinn der gëschter an der Regierungserklärung, déi véier zesummen, opgezielt ginn, alleguer zesummen, 4.500.

(Interruption)

Da mussen déi Autoen och fir d'Éischt emol hei an d'Stad kommen an heihinner parke kommen, fir kënnen dann an hiren Tram eranzeklammen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Här Gibéryen, zënter wéini ass Rodange dann um Kierchbierg?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An doduerch gëtt de Stau virun deene Park & Riden nach méi grouss. Haut ass de Stau net an der Stad. En ass moies an owes ronderëm d'Stad, fir an d'Stad eranzekommen a fir eraus. A wa mer elo nach Park & Ridë ronderëm d'Stad bauen oder op Rodange, da gëtt virun deene Park & Riden de Stau nach méi grouss.

(Interruptions)

An duerfir soe mer Iech, et ännert sech eppes mat dëser Regierung, well an der Deklaratioun gëschter ass net een eenzege Stroossebauprojet ernimmt ginn. Et gëtt net méi vun engem Contournement geschwat hei am Land. Et gëtt net méi geschwat vum Ausbaue vun Engpäss op den Autobunnen. Kee Wuert ass méi iwwert de Stroossebau hei geschwat ginn.

Dat heescht, dës Regierung investéiert net méi an de Stroossebau. Et kann een also kloer soen, dës Regierung, déi investéiert an de Stau. An duerfir si mer sécher, datt um Enn vun dëser Legislaturperiod sech eppes geännert huet, do huet den Här Statsminister recht, an de Stau ass méi grouss gi bis dohinner.

Här President, de Referendum. D'ADR ass fir Referendumen, dat war ee vun eisen Haaptsujeten an der Wahlcampagne, an duerfir si mer och derfir, datt mer esou Wahlreferendume maachen.

Mir hätten awer och gären, datt e Referendum méiglech ass op Initiative populaire. Der wësst, datt mer dat hei net am Land hunn. Mir hunn et um Niveau vun de Gemengen, an op Initiative populaire just am Kader vun enger Verfassungsreform. Mä soss hu mer et net. A mir sinn der Meenung, datt och aner Referendume misste méiglech sinn op Initiative populaire. Zwar mussen do Kritäre kommen, datt net all Sonndeg e Referendum ass, mä natierlech, et muss scho substanziell sinn, wat vun Ënnerschrëften do verlaangt gëtt, datt et muss d'Ausnahm ginn, net d'Regel. An datt esou Referendumen dann awer och musse gefouert ginn, wat de finanzielle Volet ubelaangt, datt déi, déi derfir an dergéint sinn, an engem equivalente Mooss kënnen hir Campagne maachen an et net ka sinn, datt de Stat op Steierkäschten eng eesäiteg fir den „Jo" oder fir den „Neen" mécht. Dat muss ausgeglach sinn.

An duerfir si mer och dermat d'accord, datt Referendumen am Kader vun der Verfassungsreform gemaach ginn. Mir halen drop, datt zum Beispill een iwwert d'Auslännerwahlrecht gemaach gëtt, wou d'ADR bekanntlech dergéint ass. Mä mir sinn awer och d'accord, datt iwwer aner Froen am Kader vun esou Referendume kann décidéiert ginn. An dann zum Schluss e Referendum iwwert déi ganz Verfassung.

Den Accord salarial, Här President, dee wollt ech am Fong eréischt bei dem Budget behandelen, well mer deen a 14 Deeg méi iwwert d'Finanzpolitik maachen. Ech wollt just froen - den Här Berger huet de Moien hei esou zweedeiteg versicht sech erauszerieden -, firwat datt d'DP dann dem Accord salarial zougestëmmt huet.

(Interruption)

Duerfir wollt ech dem Här Berger virliesen, wat an hirem Wahlprogramm stoung: „Gehälterabkommen nicht finanzierbar. Wir wollen nicht auf der einen Seite die öffentlichen Gehälter verbessern und zur Gegenfinanzierung dieser Entscheidung auf der anderen Seite Ausgaben kürzen oder Steuern erhöhen."

Och dat ass just de Contraire, wat d'DP hei gemaach huet. An iwwregens huet d'Jeunesse démocratique och nach e Communiqué erausginn, wou se am Fong der CGFP elo e Virworf mécht, datt den Accord ëmgesat gëtt. Et ass net d'CGFP…

M. Eugène Berger *(DP).*- Dir hutt haut de Moien net nogelauschtert, wat ech gesot hunn. Liest et dann herno no.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat hei ass Äre Wahlprogramm, Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Neen, wat ech haut de Moie gesot hunn, liest dat dann no.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, jo. Dir hutt dat doten net gesot, Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Dach, ech hunn dat gesot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, Dir hutt et net gesot. Dir kënnt et roueg soen.

M. Eugène Berger *(DP).*- Et ass eppes, wat ech haut de Moie gesot hunn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir hutt…

(Brouhaha)

M. le Président.- Wann ech gelift, loosst de Riedner weider schwätzen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dir hutt et quasi entschëllegt, datt Der en ënnerschriwwen hutt elo.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Gibéryen, erlaabt Der, dass den Här Berger eng Fro stellt?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Selbstverständlech.

M. le Président.- Voilà.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, ech wollt den Här Gibéryen froen, ob en haut de Moien net nogelauschtert huet, well ech hunn effektiv och eise Wahlprogramm zitéiert, genau dat do paraphraséiert an ech hu gesot, firwat datt déi nei Regierung deen Accord muss ëmsetzen, nämlech well deen Accord vun där viregter Regierung ënnerschriwwe ginn ass an datt mir dann noutgedrongenerweis eis mussen drun halen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, den Här Berger huet de Moien net hire Wahlprogramm zitéiert. A wéi mer an d'Wahle gaange sinn, Här Berger, wousst d'DP och, datt deen Accord net ënnerschriwwe wier an datt déi nächst Regierung dee misst ënnerschreiwen. Kommt awer elo net hei Märercher erzielen, Dir hätt eréischt elo festgestallt, datt den Accord net ënnerschriwwe war.

Deen Accord, dee war scho virun de Wahlen net ënnerschriwwen. Dat war jiddwerengem bewosst.

Et ass also hei, Här President...

(Interruptions)

Här President...

M. le Président.- Här Gibéryen, ech hunn nach eng Demande, fir eng Fro ze stelle respektiv eng Reaktioun vum Här Fonction-publiques-Minister, wann Der erlaabt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech erlaben et, wann ech all déi Zäit... Dann hunn ech elo 13 Minutten.

M. le Président.- Dat schéngt nëmmen normal ze sinn!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- 13 Minutten hunn ech elo zegutt.

(Interruptions)

M. le Président.- Dir erlaabt zwar, dass ech de Compteur kontrolléieren an net Dir.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Duebel genéit hält besser. Den Här Minister dierf roueg eng Fro stellen.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Här Gibéryen, ech wollt Iech just drop opmierksam maachen, dass déi viregt Regierung sehr wohl en Accord ënnerschriwwen hat, an deem festgehale ginn ass, dass et eng Punktwäerterhéijung géif gi vun 2,2% an eng eemoleg Prime vun 0,9%, an dass dës Regierung dat bestätegt huet.

Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat do war awer elo eng Neiegkeet!

(Hilarité)

Dat do wosst nach keen heibannen.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ma, Dir hutt elo de Contraire gesot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass gutt, dass Dir an d'Regierung komm sidd, well dat do wosst nach keen heibannen,…

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Dir hutt elo grad de Contraire…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …datt déi lescht Regierung dat do décidéiert huet an datt déi hei Regierung ënnerschriwwen huet. Also, dat ass wierklech…

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ma wann Der et wosst, da wonneren ech mech doriwwer, firwat dass Der elo grad de Contraire gesot hutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hu mech just hei dermat befaasst, datt den Här Berger de Moien hei versicht huet, ronderëm de Bräi ze schwätzen, firwat datt d'DP dat elo akzeptéiert huet. An dofir hunn ech hinnen hire Wahlprogramm virgelies, wat se virun de Wahle geschriwwen hunn. Also, ech mengen, dat ass awer ganz kloer.

(Interruption)

Duerno, Här President, nodeems elo den Accord ënnerschriwwen ass mat der neier Regierung, huet dann den Éducatiounsminister sech mat den Enseignantsgewerkschaften zesummegesat, wou dann dunn am Fong deene gesot ginn ass, datt deen Accord, wat d'Bewäertung ubelaangt, datt dee fir den Enseignement net esou richteg wier, mä datt dee sollt kollektiv bewäert ginn.

An en huet fir d'Zweet gesot, datt am Kader vum Spueren d'Enseignantë sollten op d'Déchargë verzichten, fir eben iwwert dee Wee eng Rei vun Enseignantë kënnen anzespueren.

Dat ass och de Moien hei vum Här Berger esou gesot ginn. An den Här Berger huet och gesot, wa se domadder net géifen duerchkommen, fir d'Déchargen ze kierzen, da misste se eben d'Effektiver an de Klassen eropsetzen. An den Här Berger huet gesot, als fréieren Enseignant géif en dat net fir gutt fannen.

Datselwecht huet och den Éducatiounsminister, den Här Meisch gesot am „Quotidien" vum 31. Mäerz: «C'est la raison pour laquelle nous négocions avec les syndicats pour étudier des solutions et si nous n'en trouvons pas, nous serons obligés à terme d'augmenter les effectifs des classes ou de trouver d'autres solutions au détriment de la qualité de l'enseignement.»

Här President, ech war immens iwwerrascht iwwert déi Verhandlungsstrategie vun enger Regierung. Déi geet hin a se seet zu den Enseignanten: „Hei, Dir musst... Elo kritt Der Tâchen eropgesat." An da maachen déi en Opstand. Déi sinn an hirer Roll als Gewerkschaft. An da seet d'Regierung: „Jo, wann Der dat net wëllt…", da setzt se direkt schonn d'Alternativ hannendrun. Da seet se: „Da musse mer d'Effektiver an de Klassen eropsetzen." A se gëtt och nach zou, datt dat op d'Käschte vun der Qualitéit vum Enseignement geet. Dat steet hei. An et ass och vum Här Berger de Moie confirméiert ginn.

Déi Regierung hei ass also bereet, wa se net mat den Enseignanten eens gëtt, am Kader vun hirem Spuerprogramm um Niveau vun der Qualitéit vum Schoulwiesen ze spueren. Op d'Käschte vun de Kanner. Dat ass genau dat, wat den Éducatiounsminister hei gesot huet. An et ass genau dat, wat den Här Berger de Moien hei confirméiert huet.

An dofir wier et och interessant, wa mer nach virun de Budgetsdebatte vun der Regierung dann emol endlech gesot kréichen, wou déi 150 Plaze geschafe ginn, respektiv déi 150, déi se wollt schafen, wou se déi net schaaft. Well dat heite fält jo mat an dee Kader eran.

Sot eis dach wann ech gelift, wou déi Plaze geschafe gi respektiv déi Plazen net geschafe ginn!

Här President, mir sinn net zefridde mat deem, wat virun aacht Deeg zu Bréissel um Sommet am Kader vun der Zënsbesteierungsdirektiv ugeholl ginn ass. Mir fannen, datt eis Regierung do ze vill séier nogëtt, a mer fannen, datt mer virun allem als Europa ze séier noginn hunn. Mir hätte sollen d'OECD-Décisiounen ofwaarden, well mer fäerten, datt dat Engagement, wat d'Regierung do agaangen ass, mat engem vage Verspriechen, datt bis ausgangs Dezember d'Kommissioun misst e Rapport doriwwer virleeën, wat als Resultat bei den Négociatioune mat deenen anere Staten, wéi der Schwäiz, Lichtenstein an esou virun, géif erauskommen. A wann dat net zefriddestellend wier, misst se Propositioune maachen, wéi et da géif weidergoen.

Mir fäerten, datt mir hei eisen Traité 2017 a Kraaft triede loossen an net onbedéngt vläicht dann d'OECD-Standarden a Kraaft trieden. Da wier et e Standardnodeel fir Lëtzebuerg. Mir hoffen also, datt mer net an déi Situatioun kommen.

Komme mer…

M. le Président.- Här Gibéryen, Dir misst elo zur Konklusioun kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, elo sinn dräi Minutten eriwwer.

M. le Président.- Jo, Här Gibéryen, Dir misst elo zur Konklusioun kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Also, fënnef hunn ech der awer bestëmmt zegutt.

M. le Président.- Här Gibéryen, Dir misst elo zur Konklusioun kommen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir hutt ganz recht, well ech kommen och elo zur Konklusioun.

(Interruption)

Déi ass och ganz kuerz, Här President.

Op jidde Fall, mir hunn eis Problemer mat deem, zu deem d'Regierung do zu Bréissel hiren Accord ginn huet, a mir hätten eis gewënscht, datt se do méi staark fir Lëtzebuerg agetratt wier.

Här President, déi Deklaratioun, déi mer gëschter hei héieren hunn, déi war a ganz grousse Linne vag, huet méi Froen opgeworf, wéi se der beäntwert huet. Just eppes ass konkret bei der Erklärung duerchgezunn, an et huet sech wéi esou e grénge Fuedem duerch déi ganz Deklaratioun gezunn.

Eis gréng Kolleegen hu sech an der Regierung duerchgesat. Et muss een deene Gréngen dofir félicitéieren. Et ass eng gréng Ideologie, eng gréng Politik, déi an dëser Regierungserklärung dominéiert. Déi féiert zwar an de Chaos am Endresultat, mä si hu sech awer duerchgesat.

Vun de Sozialisten huet een an deenen honnert Deeg nach net villes gemierkt. Et schéngt, wéi wann d'Sozialiste sech am beschten am Ausland géife fillen an dofir vill op Reese sinn.

D'DP huet och zréckgetratt, an den Här Bettel, dee glänzt no baussen, mä et gesäit een en net vill. An déi gréng, déi hunn an der Zwëschenzäit, muss ee fairerweis soen, Politik gemaach. An dofir ass och déi gréng Schrëft am Regierungsprogramm an an der Lag vun der Natioun. Mä wéi gesot, mir wäerte gesinn, datt déi Politik an de Chaos féiert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Voilà.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Et sinn der manner wéi soss.

M. le Président.- Ech hu bei der Interventioun vum Här Gibéryen den Ënnerbriechunge Rechnung gedroen.

(Interruptions)

Dat heescht, wann ee sech provozéiere léisst, da gëtt d'Riedezäit vun deem, dee virum Mikro steet, eben deementspriechend méi laang. Voilà, dat ass d'Konklusioun dovun, an domat hätt elo direkt den Här Urbany vun déi Lénk d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. D'Ried vum Premier gëschter, déi e jo am Numm vun der ganzer Regierung gehalen huet, ass allgemeng, an ech mengen zu Recht, als relativ iwwerflächlech bezeechent ginn, obscho se zwou Stonne gedauert huet.

Ech hunn elo nëmmen 20 Minutten am Prinzip, ausser déi Riedezäit, déi ech nach bei eiser Motioun dobäi ka kréien, fir e puer prinzipiell Froen hei ze behandelen, anerer nëmmen ze sträifen, op anerer, dorënner och wichteg Froen, guer net kënnen anzegoen.

Also, direkt dat Wichtegst fir eis: Dat ass déi konkret Zukunft vum Sozialstat zu Lëtzebuerg. An ech fannen, dat ass dee groussen Non-dit hei aus där Ried. Et weess een net, wéi d'Zukunft vum Sozialstat wäert ausgesinn. An ech mengen, d'Richtung dervu misst een awer elo scho kënnen definéieren, och wann d'Detailer méi spéit eventuell festgeluecht ginn.

Well et geet dobäi ëm ganz vill. Et geet ëm de Choix, fir et ze résuméieren, zwëschen enger sozial gerechter Gesellschaft, enger sozial gläicher Gesellschaft - méiglechst tendenziell gläicher Gesellschaft - an enger ongerechter an ongläicher Gesellschaft.

An ech mengen, wou de Problem läit vun der Gläichheet an der Gesellschaft, dat gesäit een och awer an der Ried, déi gehale ginn ass, un deenen zwee Beispiller, déi do genannt gi sinn, zwou Zuelen, déi eis alleguerten alarméiere missten. Dat ass éischtens déi, dass all aachte Bierger hei am Land aarm ass oder dem Aarmutsrisiko ënnerworf ass. Dat si konkret 80.000 Leit, deenen hir Situatioun sech muss an deenen nächste Jore verbesseren.

An déi zweet Zuel, dat ass de Chômage, dee bei 7% läit am Duerchschnëtt, souguer bei 20% bei deene Jonken. An dat sinn erëm eng Kéier iwwer 20.000 Leit, déi legitim Erwaardungen hunn, eng befriddegend Aarbecht ze kréien mat där se hiert Liewe kënne bestreiden.

Ech mengen, dass eng vun den Ursaache vun der Aarmut hei am Land d'Ongläichheete sinn, déi bei de Léin an deene leschte Joren a Jorzéngten zougeholl hunn. Et schaffen hei am Land méi Leit wéi jee virdru mam Mindestloun, am Ganze méi wéi 56.000 Leit. Am Horesca-Secteur ass dat all Zweeten. Vill Léin leien och net wäit iwwert dem Mindestloun. An den Nettomindestloun selwer läit ënnert der Aarmutsgrenz.

7.000 vun deenen 12.000 groussjähregen, erwuessenen RMG-Bezéier hunn eng normal Schaff a mussen de Complément RMG kréien, well hir normal Pai net duergeet, fir dermat ze liewen.

Et gëtt doniewent awer och e generelle Paieproblem zu Lëtzebuerg, well och d'Duerchschnëttspaien hunn tëschent 2008 an 2012 net nëmme wéineg nominal zougeholl, op jidde Fall manner wéi déi Periode virdrun, mä si hunn och reell u Wäert verluer, well se net méi ganz duerch den Index un d'Inflatioun ugepasst goufen - duerch eng politesch Décisioun vun där Regierung vu virdrun -, déi awer och gedroe ginn ass vun deene Leit, déi haut an der Regierung sinn, muss een awer och derbäi soen.

An dat, obschonn zu Lëtzebuerg iwwerhaapt kee Problem ass mat de Benefisser. Et ginn zu Lëtzebuerg esou vill Benefisser gemaach wéi a kengem Land ronderëm. De Mehrwäert eleng duerchschnëttlech vun enger Aarbechtsplaz läit bei 106.000 Euro. Wann een een Aarbechter oder ee Beamten hei zu Lëtzebuerg beschäftegt, mécht een am Duerchschnëtt e Gewënn domat vun 106.000 Euro. Den Duerchschnëttsloun läit bei ongeféier 50.000 Euro.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ganz Secteuren hei am Land, wéi d'Servicer, d'Restauratioun, de Bau, den Handel si Bëlleglounsecteure fir déi Leit, déi dra schaffen, awer dacks Goldgrouwe fir hir Besëtzer. Ëmsou méi wichteg, fanne mir, sinn d'Transferts sociaux vum Stat. Well ouni dee Sozialsystem wier den Taux de pauvreté net bei 15%, wéi elo, mä bei 46%, wéi de Statec ausgerechent huet. De Lëtzebuerger Sozialstat konnt sech nëmmen entwéckele mat deene Sozialleeschtungen. Et muss een iwwregens och derbäisoen: Deelweis sinn och iwwert déi Sozialleeschtunge Lounkäschten iwwerholl ginn, déi et eigentlech un de Patrone wier, fir ze bezuelen.

Duerfir ass d'Fro vun de Sozialleeschtungen, besonnesch esou wéi de Sozialsystem zu Lëtzebuerg opgebaut ass, déi kruziaalst Fro, där sech dës Regierung muss stellen. Et ass do, wou se muss Faarf bekennen. An et ass och do, wou se am meeschten a Widdersproch geréit mat hirer Politik op anere Gebidder, zum Beispill mat hirer Standuertpolitik, déi se op ekonomeschem Plang mécht iwwer Sozialdumping an iwwer ekologeschen Dumping. Domat stéisst se sécher u Grenzen, wa se an déi Richtung weiderfiert. Si stéisst op ëmmer méi gesellschaftlech Ongläichheeten, wann et an déi Richtung weidergeet, an och op vill manner gesellschaftlech Akzeptanz.

An ech muss soen, an deem Kontext sinn ech awer alarméiert vun deenen Aussoen, déi gëschter gemaach gi sinn. Den Här Premierminister sot zum Beispill: „De Sozialsystem an eisem Land ass reformbedürfteg a muss schrëttweis a gutt iwwerluecht de Realitéiten ugepasst ginn. Dat gëllt fir den RMG, fir d'Chômageindemnitéiten an et gëllt fir d'Sécurité sociale." Also hei gesi mer ganz kloer d'Richtung, déi en uginn huet. En huet net gesot: Et muss iwwerluecht gi bei de Steieren. Well Leit, déi vill Suen hunn, bezuelen zu Lëtzebuerg bal keng Steiere méi. Neen, en huet kloer benannt: d'RMG-Bezéier, d'Chômagebezéier an d'Assuréë vun der Sécurité sociale.

Här President, all Etüden, déi an der leschter Zäit gemaach gi sinn, weisen op d'Wichtegkeet vun den Transferts sociaux hin hei am Land, wat d'Bekämpfung vun den Ongläichheeten ugeet. An deene leschten 30 Joer, dat huet eng Etüd vum CEPS erginn, waren et d'Ongläichheete bei de Léin an d'Ongläichheete bei de Renten, déi op de Léin baséieren, déi zu enger ongläicher Revenussituatioun bei de Stéit gefouert hunn. An dat gouf nach verstäerkt duerch déi Fiskalpolitik, déi gemaach ginn ass an déi déi Stéit bevirdeelegt huet, déi hir Revenuen aus dem Kapital bezéien, aus den Zënsen, aus den Dividenden, aus de Loyeren. A wann ee weess, dass zum Beispill d'Zënsen hei mat 10% besteiert ginn an dass zum Beispill d'Halschecht vun den Dividende steierfräi sinn, da spréngt engem déi Ongläichbehandlung vis-à-vis vun der Besteierung vun de Léin direkt an d'Aen.

D'Chambre des Salariés huet an engem Beispill nogewisen, dass bei engem Akommes vu jeeweils 55.000 Euro e Salarié, deen nëmmen e Salaire huet, muss 13.000 Euro Steiere bezuelen an e Kapitalbesëtzer, jee nodeem, wéi säi Kapitalbesëtz zesummegesat ass, nëmmen 2.200 Euro Steieren. Dat heescht, e Kapitalbesëtzer bezilt bal sechsmol manner Steiere wéi e Salarié!

Eng rezent Etüd, ech hunn et scho gesot, vum CEPS, huet och nogewisen, dass eleng duerch d'Transferts sociaux, eleng och duerch déi progressiv Akommessteier, déi mer awer ëmmer nach hei hunn, an eleng duerch d'Cotisatiounen an d'Sécurité sociale, dat heescht duerch d'Finanzéierung vum Sozialversécherungssystem, déi wuessend Inegalitéiten, déi am Lounsecteur entstane sinn, bei de Stéit konnten a Grenze gehale ginn. Dat heescht: Sozialpolitik ass e wierksamt Element, wann ee kuckt, wéi gerecht eis Gesellschaft zesummegesat ass.

Duerfir menge mir och wierklech, dass eng selektiv Sozialpolitik an éischter Linn bedeit: eng Kierzung vun de Sozialleeschtungen an eng Reduzéierung vun der Sozialpolitik op eng Aarmebürospolitik. An et ass grad d'Caritas, déi jo eigentlech déi Schichte vun der Gesellschaft representéiert, déi antrëtt fir en universale Sozialstat, en universale Sozialsystem mat gläiche Rechter fir se alleguer an domat wëllt e Lien schafen tëschent alle Schichte vun der Gesellschaft.

Eng selektiv Sozialpolitik féiert doriwwer eraus och zu engem Uwuesse vu private Versécherungssystemer a si féiert dozou, wéi d'Beispiller an deenen angelsächsesche Länner weisen, wou et dat jo scho laang gëtt, dass Sozialsystemer, déi selektiv sinn, eigentlech aarm Systemer sinn. Et si Systemer eleng fir déi Aarm an der Gesellschaft - esou gi se presentéiert -, fir do ze hëllefen, wou et noutwendeg ass, an et sinn aarm Systemer u Suen, u finanzielle Mëttelen. Firwat? Well et si sinn, déi am Krisefall als Alleréischt zréckgefouert ginn, a well keng breet Majoritéiten an der Gesellschaft do sinn, fir se ze verteidegen.

Här President, ech gi weider nach op e puer Punkten an: éischtens, d'Wunnengsnout, ee vun deene grousse Problemer, déi och schonn hei ugeschnidde gi sinn. Déi exzessiv Präisser, souwuel fir ze loune wéi och fir ze bauen, bewierken, dass ëmmer méi Leit an existenziell Schwieregkeete geroden. Dës Situatioun ass zënter Jore bekannt. An zënter Jore widderhuelen déi jeeweileg Regierungen, dass muss eppes dorunner geännert ginn. Mä d'Situatioun verbessert sech net. Am Géigendeel! D'Wunnengspräisser sinn tëschent 1995 an 2010 ëm 189,9% geklommen. Dat ass eng Hausse vu 7% d'Joer.

Misst ee sech an esou enger Situatioun net zumindest d'Fro stellen, wat d'Ursaache sinn dovunner? Wann een iwwerhaapt wëllt eppes änneren un där dramatescher Situatioun! Well den eigentleche Grond läit, eiser Meenung no, doranner, dass während Joren eleng op d'Selbstreguléierung vum Maart gesat ginn ass. A grad am Wunnengsmaart hu mer gesinn, wéi e komplett versot huet an zu wat dat gefouert huet. Et ass justement dee fräie Maart am Wunnengssecteur, deen d'Spekulatioun unheizt an dee schold ass un der aktueller Situatioun!

Erëm eng Kéier d'Caritas rechent an hirem Sozialalmanach vir, dass mer zu Lëtzebuerg an deenen nächsten 20 Joer 130.000 nei Wunnenge bräichten, wa mer seriö wéilten d'Situatioun an de Gréff kréien. Dat si 6.280 Wunnengen d'Joer. Dës Regierung, wéi och schonn déi Regierunge virdrun, erläit offensichtlech der Illusioun, dass et duergeet, d'Offer um Wunnengsmaart an d'Luucht ze setzen, fir esou der Präisspekulatioun entgéintzewierken.

Wann een awer d'Offer wëllt an d'Luucht setzen, ouni gläichzäiteg eng Spekulatiounsblos ze provozéieren, geet dat just, wann een als Regierung maximal Präisser zum Beispill festleet fir Bauland a gläichzäiteg héich Taxen op Bauland erhieft, dat broochläit. Just mat esou Agréffer vun der ëffentlecher Hand kënnen d'Präisser erëm stabiliséiert respektiv erofgedréckt ginn.

Och hei, fanne mir, ënnerscheet sech d'Ried vun deem neie Premier kaum vun där, déi deen ale Premier ëmmer gehalen huet, wann een emol déi pathetesch moralesch Appeller vun deem Leschtgenannten ewechrechent - déi souwéisou näischt un der Situatioun geännert hunn.

Wann zu Lëtzebuerg 80.000 Leit, 35.000 Stéit dem Aarmutsrisiko ausgesat ginn an et besti just 4.000 Sozialwunnengen, da gëtt et am Moment e reelle Besoin u Sozialwunnenge vu ronn 31.000 Wunnengen, déi feelen. Ech hu kee Wuert bis elo an dëser Debatt héieren doriwwer!

D'Regierung misst och zur Konklusioun kommen, dass de Stat selwer erëm méi muss bauen. A Sue wieren do, fir dat ze maachen. De Pensiounsfong vun der Sozialversécherung verfüügt iwwer ronn zwielef Milliarden Euro. Dat ass bal zéngmol esou vill wéi d'Investitiounsausgabe vum Stat. An amplaz dass dës Suen héich spekualtiv uechtert d'Welt investéiert ginn, och a privat Wunnprojeten, sollt een déi Sue benotzen, fir hei am Land ze investéieren, menge mir, fir eis Ekonomie ze relancéieren a gläichzäiteg ee vun deene gréisste soziale Problemer hei am Land, de Wunnengsbau, unzegoen.

Da wëll ech zum Thema Index kommen. Ech mengen, dass een net falsch soll verstoen, wat gëschter gesot ginn ass hei an der Ried. Ech mengen, dass net geplangt ass, net méi vum Index ze schwätzen oder d'Indexmodulatiounen net weiderzeféieren. Ech mengen, dass dat sech guer net erausliest aus där Ried vu gëschter.

Et gëtt zwar gesot, déi aktuell Indexmodulatiounen, opgrond vun deem aktuelle Gesetz, sollten net weidergefouert ginn. Dat heescht: Et gëtt sech d'Fro gestallt, ob dat dee beschte Wee ass. Dat heescht, normalerweis wäert dat Gesetz, wat den Index bis elo begrenzt huet, auslafen an dann trëtt déi normal Indexgesetzgebung erëm a Kraaft.

Trotzdeem gëtt geschwat vu Gespréicher, déi méiglechst séier sollen elo stattfannen - nach virum Summer - mat de Sozialpartner, fir en Accord ze fannen. En Accord zu wat? Natierlech zu weidere Moossnamen am Interessi vun der Begrenzung vum Erfall vum Index! Dës Kéier gëtt gesot: „...wann et méiglech ass, esou en Accord ze fannen, ouni nei gesetzlech Agréffer." Et muss een awer do wëssen: D'Gesetz gesäit haut schonn Indexmanipulatioune vir iwwer e Reglement. Dat ass den Artikel 512-12 vum Code du Travail, dee Modulatiounen iwwer Reglement, iwwer Décisioun vun der Regierung virgesäit «y compris la limitation temporaire du nombre et des effets des tranches indiciaires et du plafonnement de celles-ci (...)».

D'Gefor, déi fir den Index weiderhi besteet, eiser Meenung no, ass also kengesweegs aus der Welt geschafen. Ech kéint mer virstellen, dass diskutéiert géif ginn a Richtung vun neie Parameteren, déi solle kommen, déi neie wirtschaftleche Faktore Rechnung droen, well déi al sinn e bësse vereelst, an dass domadder versicht gëtt, eng Reglementéierung ze schafen, déi en automateschen Erfall (veuillez lire: Net-Erfall) vun Indextranchen an Zukunft wäert vill méi einfach méiglech maachen, ouni dass all Kéiers muss e politeschen Accord do sinn an dass d'Chamber muss zesummekommen, fir dat ze maachen. Dat ass also eng reell Gefor, menger Meenung no, déi weiderhi besteet, wat den Index ugeet.

Zur Wirtschaftspolitik vermëssen ech kloer Aussoen, wat de weideren Engagement vum Stat an der Wirtschaft ugeet. Par contre stellen ech mer d'Fro, wat dat heescht, eng „1-Euro-Gesellschaft". Bis elo konnt schonn eng eenzel Persoun eng Société anonyme unipersonnelle an hirem Numm grënnen. Ka se dat dann och elo maachen nach zousätzlech, ouni (veuillez lire: ouni wéi wéi) een Euro ze hunn?

Ech fäerten, dass do ganz vill Abusen a quokeleg Situatioune wäerte kommen a Richtung Failliten a Faillites frauduleuses, dass herno de Stat muss d'Léin iwwerhuelen oder dass Chômeure proposéiert kréien, esou Gesellschaften ze grënnen an domat sech méi selwer auszebeute wéi soss iergendeppes. Mir hu jo an Däitschland och gesinn, wat esou eng Ich-AG do bedeit am Kader vun Hartz IV zum Beispill.

Wat d'Wirtschaftspolitik ugeet, vermëssen ech och den iwwerregionalen Aspekt. Et gëtt ëmmer nëmme vum Standuert Lëtzebuerg geschwat. Et gëtt net vun der Grousser Regioun geschwat, vun enger koordinéierter Wirtschaftspolitik an der Grousser Regioun. An déi wier awer eiser Meenung no deen eenzegen Auswee aus enger Standuertpolitik, déi op sozial Grenze stéisst - ech hunn et virdru gesot -, mä déi och nëmmen op blannem Wuesstum berout. An do missten eigentlech och déi gréng zum Beispill sensibel op där Fro sinn.

Wat de Chômage ugeet: D'Garantie pour l'emploi soll ugoen am Juni. Mir erwaarden eis e seriöen Débat hei an der Chamber doriwwer, en Débat, wou diskutéiert gëtt: Wat heescht et, en „emploi de qualité", dee muss de Leit ugebuede ginn? Wat heescht et, dass se erëm sollen an de Schoulsystem, wann noutwendeg, agefouert ginn, dass se eng Apprentissageplaz offréiert kréien an esou weider? Wat heescht dat konkret?

Ech war op deem Hearing hei am Sall mat deene Jugendvertrieder. Do ass menger Meenung no ganz kloer erausgaangen, dass och do Erwaardunge sinn, wat d'Responsabilitéit vun de Patronen ugeet bei esou enger Politik, an dass d'Zäit vum 5611, wéi dat och do ganz däitlech gesot ginn ass, wou am Fong geholl just déi Jugendlech responsabel gemaach gi sinn a wou virun allem eng Politik gemaach ginn ass, déi op bëllege Léin berout huet, dass déi Zäit endlech muss eriwwer sinn! An dass et drëm geet, fir och deene Jonke Plazen unzebidden, wou se och kënnen hir Zukunft an déi vun hire Familljen drop opbauen.

An ech maache mer Suergen, wann ech liesen oder héieren, dass déi iwwer 50-Jähreg op eemol dann awer erëm héieren, dass se musse méi responsabel sinn, dass se musse méi flexibel sinn, dass d'Zoumuttbarkeetsklauselen ofgeschaaft ginn. Da musse mer emol nach kucken, wat dat konkret heescht.

Ech mengen, dass virun allem, wat de Chômage ugeet, misste konkret Verbesserunge kommen, wat d'Chômageindemnitéiten ugeet, déi immens limitéiert sinn. Nëmme 50% vun de Chômeuren touchéieren déi Indemnitéiten.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

D'TVA, ech mengen, do gëtt et net vill dozou ze soen. Si gëtt erhéicht. Dat ass eng zousätzlech Charge. A si gëtt erhéicht zu engem Moment, wou net undeitungsweis gesot gëtt, a wat fir eng Richtung dann déi méi Sozialgerechtegkeet bei den direkte Steiere soll kommen, déi sech an de Wahlprogrammer erëmgespigelt huet, vun der LSAP zum Beispill. Do gëtt iwwerhaapt näischt gesot dozou! An et gëtt sech op 2017 beruff. An ech fannen, d'Regierung misst elo awer scho wëssen, a wat fir eng Richtung dass se do geet, och wann ech verstinn, dass se virun Tiräng stoung, wou déi Projeten do net dralouchen.

Et ass näischt vum Wahlrecht hei gesot ginn. Dat wonnert mech. Ech weess net, ob dat beabsichtegt ass. Et ass och kee vun de Riedner, deen dorop agaangen ass. A wa mer et net fäerdegbréngen, d'Problematik vun der Ausdehnung vum Wahlrecht dobausse kloerzemaachen, da gesinn ech awer deem Referendum, dee soll kommen, mat enger zimlecher Appréhensioun entgéint.

Ech wollt nach eppes iwwert d'Finanzplaz kuerz soen. Et freet mech ze héieren, dass op d'Steierhannerzéiung keng Zukunft opzebauen ass. Dat hu mir soss ëmmer relativ eleng gesot. Et gëtt awer och gesot, dat wier virun allem op den Drock vu baussen zréckzeféieren. An dat mécht mech erëm eng Kéier skeptesch. Well och, wann dat Zënsofkommes ënnerschriwwe gouf, esou betrëfft dat Zënsofkommes, wann ech dat richteg verstanen hunn, nëmme Privatpersounen a keng anonym Verméigensgesellschaften. A grad dorop wëllt sech d'Lëtzebuerger Bankplaz spezialiséieren. An ech wëll do hiweisen drop, op e Projet de loi iwwert d'Fondation patrimoniale, wou ganz kloer drasteet, dass déi Gewënner, déi do u räich Ierwe sollen ausgeschott ginn, weder als Zënsen ze betruechte sinn nach als Dividenden!

Do gëtt scho virgebaut an do gëtt eng nei Etapp schonn agefouert vun neie Finanznischen, déi een awer muss prinzipiell a Fro stellen, wéi een iwwerhaapt déi ganz Entwécklung vun där Finanzplaz muss a Fro stellen, well si dréit net nëmmen zur Finanzkris bäi - mir hu gesinn an Irland, wéi e ganzt Land do bal kapottgaangen ass un esou enger Finanzkris! Si mer gefeit do dergéint? Ech weess et net.

An déi Bankplaz favoriséiert och elo schonn en immensen Drock op d'Léin an op de Sozialstat an eiser Gesellschaft, wat bis elo net esou de Fall war. Ech weess net, ob do dat net méi schlëmm Konsequenzen huet wéi dat, wat se bréngt u Steiersuen. An ech fannen duerfir, dass et ganz wichteg wier, fir séier wirtschaftlech Alternativen ze entwéckelen, an dat och ouni Drock vu baussen, an eisem eegenen Interessi.

Dann hu mer nach eng Motioun hei, déi mer wëllen erabréngen. Här President, ech mengen, Dir misst se an der Zwëschenzäit vläicht kritt hunn.

M. le Président.- Jo, ech hu se iwwerreecht kritt.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Et geet do ëm de Semestre européen, wou jo d'Regierung soll bis den 30. Abrëll hir Dokumenter zum Pacte de stabilité op Bréissel eraschécken a wou et üblech war hei an der Chamber, fir doriwwer an engem Débat parlementaire virdrun ze schwätzen, fir dass d'Chamber hir Meenung kann dozou soen, a wou mer froen, fir déi Dokumenter ze kréien, ier se fortgeschéckt ginn, an och en Débat de consultation ze kréien, wou dat kann diskutéiert ginn hei am Plenum.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu que dans le contexte du semestre européen, les États membres devront rendre publics, de préférence avant le 15 avril et au plus tard le 30 avril de chaque année, les documents en relation avec le pacte de stabilité,

invite le Gouvernement

- à présenter ces documents à la Chambre des Députés et à les soumettre, avant leur expédition à la Commission européenne, à un débat de consultation.

(s.) Serge Urbany, Gast Gibéryen, Justin Turpel, Claude Wiseler.

Ech loossen och eigentlech keng Termingrënn gëllen, well an der Woch vum 22. op de 24. hu mer eng Chamberswoch, wou de Rapport gemaach gëtt vum Rapporteur vum Budget, wou och e Rapport gemaach gëtt vum Finanzminister. An duerno ass e ganzen Dag Diskussioune virgesinn. A mir fannen, iergendwou do misst eng Plaz ze fanne sinn, fir en Débat d'orientation (veuillez lire: en Débat de consultation) ze maachen iwwert dat, wat d'Regierung do soll zu Bréissel déposéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler vun der CSV. Här Wiseler, wann ech gelift!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci. Här President. „Eng Regierung huet fënnef Joer Zäit, fir e Programm ëmzesetzen", dat huet de Statsminister gesot an den Här Bodry huet et confirméiert. Dat ass richteg esou. Enfin, meeschtens ass et richteg esou.

Et kann een awer, mengen ech, trotzdeem erwaarden, datt eng Regierung net fënnef Joer brauch, bis se konkret Pläng virleet, bis se hir Visiounen entwéckelt a bis se kloer opzeechent, wou déi ganz Rees während deene fënnef Joer da soll higoen. An den État de la nation ass normalerweis déi Plaz, wou dat sollt gemaach ginn.

Virun dëser Ried zum État de la nation waren esou eng ganz Rei Interviewe vun deem engen a vun deem aneren, déi sech ausgedréckt hunn, wat ee sech da géif vun dësem État de la nation, vun deem éischte vum neie Statsminister, erwaarden. Den Här Bodry huet am „Jeudi", also am leschten „Jeudi" gesot,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Eng gutt Lektür!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Eng gutt Lektür, an och deen Interview, datt deen eng Rei Saache gesot huet, déi richteg sinn. Wat huet e sech dovunner erwaart? En huet gesot iwwert deen État de la nation, datt e géif mengen «qu'elle sera dans la continuité de la déclaration gouvernementale. Le délai de grâce est terminé. On attend de cette majorité, de ce gouvernement, et c'est normal, qu'il y ait des déclarations concrètes sur les réformes annoncées.» An dann, e wéineg weider, seet en: «Il faut qu'apparaissent les résultats de tout le travail effectué dans les différents ministères depuis trois mois.»

Den Här Bodry huet recht am Prinzip, en huet recht, datt een dat hätt missen erwaarden. En huet och recht, wann e gesot huet, datt deen État de la nation misst an der Kontinuitéit si vun der Regierungserklärung. Just, e war och an der Kontinuitéit vun der Regierungserklärung: Gradesou wéi d'Regierungserklärung war e vag, vill kontradiktoresch, huet vill Etüden a vill Comitéen a Groupe-de-travailen agesat. Doran huet sécher eng Kontinuitéit bestanen!

E war och a Kontinuitéit mat deenen dräi Méint Politik, déi a sech elo gemaach gi sinn, mat ville Punkten, wou e ganz groussen Hickhack war op déi eng an op déi aner Säit: wann ech un d'Familljepolitik, un déi verschiddenst Aussoen denken; wann ech un de Stadion denken, wou eis eppes stëmme gelooss gëtt hei an der Chamber an zwee Deeg duerno de Contraire gesot gëtt; wann ech un d'TVA denken, wou an de Wahlprogrammen, an der Regierung (veuillez lire: an der Regierungserklärung) näischt stoung oder de Contraire stoung vun deem, wat elo gemaach gëtt; wann ech un d'Intérêt-notionnellen denken, déi a sech an der Regierungserklärung stinn, déi elo schonn erëm ëmgehäit ginn; wann ech un d'Indexatioun denken, wou eng kloer Positioun an der Regierungserklärung war an elo erëm keng méi ass. An esou weider, keng kloer Linnen, onprezis, an doranner sécher eng Kontinuitéit!

Och Kontinuitéit mat der Virlag vum Budget 2014, wou mer haaptsächlech Wierder a kaum Spuermoossnamen, déi awer mat ville Wierder versprach gi waren, wou mer keng erëmfonnt hunn. Och do war et Kontinuitéit. Hei hu mer net vill Prezises erëmfonnt. A wann den Här Gibéryen gesot huet, et stéing näischt hei dran, well déi nei Majoritéit géif wëlle waarde bis zum 25. Mee, éier se eppes seet, da géif ech hoffen, datt dat esou wär! Mä ech denken, Här Gibéryen, et ass, well se et net wëssen, datt se et momentan net soen. An dat ass de Problem nëmme méi grouss gemaach!

Ech wëll op e puer Sujeten agoen. Den Här Juncker, deen huet schonn iwwert déi gréisser Froe vun de Finanze geschwat. Ech wëll op méi prezis Sujeten agoen, déi mir wichteg schéngen. Éducatiounspolitik: De Statsminister huet och nach eng Kéier am État de la nation gesot, datt dat ee vun den Haaptsujete wär, an duerfir wär jo och dee Superministère gemaach ginn, fir dat besser kënnen ze traitéieren.

An der Regierungserklärung, wann ee se genau liest, da steet am Fong dran: datt eng Reform vum Secondaire a vum Secondaire technique ëmgesat gëtt, datt eng Reform vum Fondamental gemaach gëtt mat enger ganzer Rei Adaptatiounen um System, deen haut ass, datt eng Reform vun der Formation professionnelle gemaach gëtt, datt eng Reform vun der Éditf gemaach gëtt, datt eng Reform vum Enseignement des langues gemaach gëtt, datt eng Reform vun alle Relatioune mat den Eltere gemaach gëtt, datt eng Reform vun der Orientatioun gemaach gëtt. A wann een d'Kapitel fäerdeg gelies huet, da mierkt een, datt am Fong all Gesetz vun der Éducation nationale, zumindest an der Regierungserklärung, zumindest an deem, wat gesot ginn ass, wäert an deenen nächste fënnef Joer ëmgesat ginn.

Ech stelle just fest, well ech jo och dat nogelies hunn, wat an deene leschten États de la nation vun den déizäitegen Oppositiounspolitiker gesot gouf, datt eng vun deene groussen Aussoe vum Här Meisch sengerzäit war, datt Rou an d'Éducatiounspolitik misst kommen an datt ee misst méi mat deene Gesetzer liewen, déi een huet, an datt ee misst kucken, datt ee Stabilitéit do kritt.

Hei stellen ech elo fest, datt elo alles soll geännert ginn! Dergéint hunn ech awer näischt, just, datt ech dann awer erwaart hätt, datt an deem heiten État de la nation eng Rei prezis Aussoe géife gemaach ginn iwwert déi Haapthemen. Or, mir hunn awer vum Inhalt hier keng Aussoe fonnt, ausser enger Rei Plattitü-

den: eng Ausso vun der Méisproochegkeet, déi keen Nodeel däerf sinn, mä e Virdeel muss sinn, seet de Statsminister. Dat ass okay. Mä d'Fro ass just: Wéi maache mer dat dann? An dat ass den Objet, den Inhalt vun der Politik. Do steet awer näischt dran!

Eng Ausso, datt Lëtzebuergesch muss als Integratiounssprooch gebraucht ginn - okay, kann ech och ënnerschreiwen. Dat hu mer och gemaach an där leschter Zäit, andeem mer de Précoce opgebaut hunn an deen zu engem Deel och obligatoresch, oder d'Spillschoul obligatoresch gemaach hunn, fir datt soll Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch gebraucht ginn.

Ech ka mech just erënneren un déi Debatte sengerzäit, wéi dat eent an dat anert agefouert ginn ass, wou notamment d'DP äusserst skeptesch sech ausgedréckt huet géint déi eng a géint déi aner obligatoresch Aféierung vun deenen Ordres d'enseignement. Elo gëtt gesot: „Mir musse méi maachen." Ech sinn d'accord domadder, ech wëll just froen a wëssen, wéi a wat méi gemaach gëtt.

Et gëtt gesot: „Et mussen alternativ Forme vun Alphabetiséierung kommen a gepréift ginn." Okay! Ech mengen, datt dat och soll gemaach ginn. Just, ech wëll wëssen: Wat fir eng? An ech wëll wëssen, wou se gemaach ginn. Ech wëll wëssen, wéi se gemaach ginn a wéi se inhaltlech ausgesinn, well vum Detail hänkt et ganz sécher an der Éducatioun of.

Et gëtt gesot: „Et muss eng Offer geschafe gi fir déi Kanner, déi net laang hei zu Lëtzebuerg bleiwen", déi just vu baussen erakommen an dann no e puer Joer erëm fortginn. Okay, domat si mer och d'accord. Just, ech wëll wëssen: Wéi soll dat da gemaach ginn? Wéi bitt Der Kanner, déi vun deene verschiddensten Originen aus der ganzer Welt een, zwee, dräi Joer op Lëtzebuerg erakommen, wéi bitt Der do jiddwerengem eng spezifesch Offer un? Maacht Der dat iwwer international Privatschoulen? Maacht Der dat am ëffentleche System? Gi se an de System integréiert?

Alles - an dat si keng Detailfroen, dat do si scho prinzipiell Froen, déi net beäntwert ginn! - just eng Rei Pisten, déi ugeduecht ginn, ouni datt mer och net eng Grëtz vun iergendenger Äntwert hätten!

Eng Rei Zitater, déi dann an deem Sujet och gesot ginn - et gëtt gesot: „Et muss Hand an Hand geschafft ginn." „D'Enseignantë ginn als Partner gesinn." „Et gëtt keng Top-down-Politik gemaach." „Et gi Gespréicher mat Gewerkschafte gefouert an et musse Léisungen zesumme mat den Enseignantë fonnt ginn." Ech stelle just fest, déi éischt Diskussiounen, déi mat den Enseignantë gefouert gi sinn, zu wat déi da gefouert hunn an deene leschten Deeg: Et huet keng zéng Minutte gedauert, bis awer och sämtlech Enseignantsgewerkschafte Communiquéen erausgeschriwwen hunn, wou se sech opgereegt hunn iwwert dat, wat gesot ginn ass, iwwert dat, wat diskutéiert ginn ass, well et sinn do Saache geschwat ginn, déi awer och net seriö sinn an och net logesch sinn.

Et ass proposéiert ginn, déi individuell Evaluatioun ze tausche géint eng kollektiv Evaluatioun a géint d'Ofschafe vun Déchargen. An ech mengen, déi zwou Saache kanns de awer net zesummenhuelen. Bei deem engen, bei der individueller Evaluatioun geet et ëm eng Qualitéit, déi muss an der Schoul gemooss ginn, an d'Ofsécherung vun der Qualitéit an all eenzelnem Klassesall. Dat wëllen op d'Spill ze setzen duerch eng quantitativ Approche, bei där just gekuckt gëtt, datt am Prinzip solle méi Stonne gehale ginn - ech mengen, dat eent ass net géint dat anert auszespillen. Dat kann een an der Diskussioun net ufëieren, well soss ass ee sécher, ier een ufänkt, datt een domat an d'Mauer rennt. Do ass keng Sensibilitéit fir de Milieu vun der Éducatioun do.

Ech mengen, datt Der bei der CSV bei deenen zwou Diskussiounen oppen Diere kënnt opstoussen. Mir sinn d'accord mat der Qualitéit an duerfir och der Individualevaluatioun. Mir hätte gär, datt soll iwwert d'Qualitéit an der Schoul geschwat ginn. A mir sinn och d'accord, wann Dir wëllt eng Diskussioun iwwert d'Tâchë féieren, da soll déi och gefouert ginn, mä et muss ee se awer do féieren, wou se am Enseignement logesch a sënnvoll ass ze féieren.

Dat ass, wann Der Reformen iwwert den Enseignement maacht a wann Der diskutéiert an definéiert, wat da soll an der Schoul geschéien, wat da soll geschafft ginn, wéi soll geschafft ginn, dat ass d'Plaz, fir iwwert d'Tâchen ze décidéieren, an engem korrekten Dialog, an enger korrekter Diskussioun mat den Enseignanten. An da fannt Der och net an der CSV een, dee sech dergéint opposéiert, wann Der dat da wëllt maachen.

Fir d'CSV ass d'Éducatioun an deenen nächste Joren déi grouss oder eng vun deene groussen Erausfuerderungen duerch déi multilingual Éducatioun a Situatioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn.

Dir hutt d'Statistike gesinn. Mir gesinn, datt haut op enger Cinquième oder op enger Neuvième 50%, bis zu 58% vun deene Kanner, déi net an enger Lëtzebuerger Sprooch, Mammesprooch doheem schwätzen, schonn op Cinquième respektiv op Neuvième een oder méi Joer Retard an der Schoul hunn. En enorme Pourcentage. An ech muss lech soen, wa mer do eng seriö Diskussioun driwwer féieren, da solle mer se wierklech an allen Detailer féieren.

Mir hunn ëmmer gesot, datt mer der Meenung wieren, et sollt een e Schoulsystem gemeinsam halen, well d'Schoul eis geschéngt huet, eng Schoul ze sinn, an där d'Kanner missten zesummegefouert ginn, fir datt eis Gesellschaft net auserneegeet.

Mir soen awer och, wa mer déi Zuelen haut gesinn, wa mer déi Echecen do gesinn, wa mer déi Retarde vun Netlëtzebuerger, net Lëtzebuergesch schwätzende Kanner gesinn, datt een dat kann a Fro stellen, awer an enger seriöer Diskussioun soll een et a Fro stellen a soll ee kucken, wat fir eng Léisungen do sinn. Wann Der déi Diskussioun wëllt féieren, fannt Der an eis Partner, déi se matféieren. Mä se muss seriö gefouert gi mat deene richtege Froen an onpolemesch gefouert ginn.

Transport a Mobilitéit: Ech muss e puer Wuert doriwwer soen, well et esou ass, datt och de Statsminister eng ganz Rei Säiten a senger Ried doriwwer, oder eng ganz Rei Minutten doriwwer geschwat huet. Et ass eng Prioritéit vun der Regierung, gëtt gesot. D'Mobilité durable als Konzept gëtt ëmgesat. An ech muss soen, evidenterweis kann ech, kann d'CSV näischt dergéint soen.

Et gëtt op de Komma, am Fong, zu engem Deel gesot, wat an deem Mobilitéitskonzept vun der leschter Regierung stoung. An all déi Projeten, déi erabruecht gi sinn, oder respektiv ugekënnegt gi sinn, ob dat d'Beetebuerger Streck, d'Ettelbrécker Gare, den Arrêt Pont-Rouge, d'Liwwerung vun Automotricen ass, déi elo soll geschéien, déi virun dräi, véier Joer bestallt gi sinn, déi néng Plattformen, d'Échangen, respektiv d'Park & Ridë sinn alles Projeten, déi an deem Konzept schonn dra waren.

Nei ass effektiv, datt eng Cellule de planification am Ministère gemaach gëtt; nei ass, datt bei Ponts & Chaussées eng Division de la mobilité écologique gemaach gëtt. Je veux bien.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Nei ass awer och den neien Tracé vum Tram, Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dorop kommen ech mat Pleséier nach an enger Minutt zréck.

Une voix.- Keen onwesentlechen Deel!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Keen onwesentlechen Deel. Mä do sinn eng Rei Froen, déi sech awer driwwer stellen. An déi Froe géif ech lech awer effektiv gär stellen. Dir kennt meng Positioun zum Tram. Just hei sot Der, Dir géift dat elo alles a besser maachen oder, wéi esou léif an engem Interview gesot: „Alles méi schnell an alles besser."

Dir wësst, datt mer beim Ausbau oder datt mer beim Bau vum Tram en Ofkommes mat der Stad Lëtzebuerg hu fir d'Finanzéierung. Zwee Drëttel, een Drëttel.

Ech géif just gär wëssen, ob Négociatiounen elo gefouert ginn, well dat alles méi schnell soll goen, well mer dat elo direkt maachen; ob Négociatioune mat der Stad Lëtzebuerg gefouert gi sinn, wéi dann d'Finanzéierung vun deem zweete respektiv deem drëtten Deel vum Tram ausgesäit.

Ech wëll wëssen, ob Négociatioune mat deene Gemengen, déi vum zweeten an drëtten Deel betraff si ginn, dee soll direkt kommen, wéi zum Beispill Hesper, wéi zum Beispill Nidderaanwen, gefouert gi sinn, fir d'Participatioun un der Finanzéierung ze maachen.

Dat sinn awer wesentlech Froen, déi ee sech hei ka stellen, wa soll méi schnell gemaach ginn, an déi notamment fir d'budgetär Preparatiounen essenziell sinn. Do hätte mer gär eng Äntwert driwwer, wéi et mat dem Coût financier geet a wéi deen zwësche Stat respektiv der Gemeng oder de Gemengen dann opgedeelt gëtt?

D'Madame Polfer ass virdru gelueft gi fir hire groussen Asaz fir den Tram. Ech kann nëmme staunen a si frou, wann dat esou ass. Ech froe mech dann, wéi déi zweet an déi drëtt Phas, wéi déi mat der Stad Lëtzebuerg, vun der Stad Lëtzebuerg matfinanzéiert ginn.

Zweet Fro, déi ech doriwwer hunn: Dir schwätzt vun de Park & Riden. D'Park & Riden, déi sinn opgezielt effektiv, esou wéi se an dem Konzept vun der Mobilité durable waren, och e Park & Ride vun 1.500 Plazen op der Cloche d'Or. Dat ass och okay fir mech.

Just meng Fro: Ech hat geduecht, Dir géift op där Plaz, wou de Park & Ride op der Cloche d'Or soll kommen, e Stadion bauen. Well dat war am Prinzip dat, wat an deene leschte Wochen hei an der Chamber gesot ginn ass. Elo stellen ech dann d'Fro, ob e Stadion vun 10.000 oder 8.000 oder 12.000 - ech weess net - Spectateure plus e Park & Ride vun 1.500 Plazen op där doter Plaz higeet.

Dat géif mech wonneren, wann dee géif dohinnergoen. A wann en net dohinnergeet, da wëll ech just wëssen, wou Der dann dee Park & Ride baut a wou Der haaptsächlech dee Centre de remisage baut, deen och vum Tram muss dohinner kommen. Well déi Froe sinn dann nach net beäntwert.

An d'Fro: Wann dat net op déi Plaz higeet, kuckt Der dann, datt Der am Plan sectoriel nach méi Terrain ëmwandelt vun der Zone verte interurbaine, déi muss changéiert ginn, wann een déi Baute wëllt op déi do Plaz hikréien? Well da si mer an engem anere Film an da si mer an enger ganz anerer Diskussioun. Dat si just Froen. An ech wär frou, prezis Äntwerte kënnen drop ze kréien.

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Se maachen all Bësch ëm fir den Tram.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Déi kritt Der ganz séier a ganz gär.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Bei der Mobilitéitsbeschreiwung huet de Statsminister gesot, datt dozou géifen Zuch, Bus, Tram, Vëlo, Auto a Foussgänger gehéieren, déi besser misste matenee kombinéiert ginn. Kann ech ënnerschreiwen, honnertprozenteg. Ech stelle just fest, datt 72,5% vun der Mobilitéit haut eng Mobilitéit ass, déi mam Auto gemaach gëtt. D'Zilsetzung ass, déi op 56% erofzekréien. Domat si mer och absolut d'accord.

Wann een awer haut kuckt, wat den Zuch an den Tram bedeiten, respektiv wann ee kuckt, wat fir eng Perspektiven een dem ëffentlechen Transport wëllt ginn, an och wa mer se verduebelen, da stelle mer fest, datt dat an Zukunft 20%, 25% Maximum vun der Mobilitéit ass, wann den ëffentlechen Transport, wa mer et fäerdegbréngen, an dat ass jo d'Zilsetzung, dat an deenen nächste Joren ze verduebelen, vun deenen 20%, sinn nëmmen 20%, déi mam Zuch gefuer sinn. Dat heescht knapp 4% vum sämtlechen Transport. A wann ee kuckt, wat d'Ried vum Statsminister ugeet, dann ass awer déi schinnegebonnen Diskussioun quasiment 80% vun der Ried gewiescht, fir 4% vun dem Transport.

Ech wëll just soen, datt ech der Meenung sinn, datt effektiv déi véier, fënnef Mobilitéitsmodeller musse matenee verbonne ginn. Mä dozou gehéiert awer och den Auto. An dat Mobilitéitskonzept, wat entwéckelt ginn ass, war och e Mobilitéitskonzept, wou de Stroossebau weiderentwéckelt ginn ass.

Duerfir d'Fro: Wat geschitt mam Ausbau vun der A3? Wat geschitt mam Boulevard de Merl? Wat geschitt mat der N3? Wat geschitt mat der Transversale de Clervaux? Wat geschitt mam Contournement vu Bascharage? Mat der troisième Phase vun der Liaison Micheville? Mat der Pénétrante vun Déifferdeng? Mam Contournement vun Ettelbréck? Mat der Délestage-Strooss vun Iechternach? Alles dat si Froen, déi elo hei net beäntwert gi waren. All Zuchprojet ass beschriwwe ginn, ënnerstëtze mer och. Mä mir hätten och gär deen aneren Deel, well dee gehéiert och zu engem normale Mobilitéitskonzept.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Alles gestrach!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech sinn der Meenung, datt mer dat gesinn, wann d'Regierung elo de Plan sectoriel déposéiert. De Statsminister seet, datt d'Inkohärenzen, déi dra waren, erausgeholl gi sinn, an d'Schwéierpunkten aneschters gesat gi sinn. Ech kann Iech just soen, ech si gespaant, dat ze gesinn. An da kucke mer, wéi dat Mobilitéitskonzept an Zukunft sollt reell ëmgesat ginn.

E puer Aussoen, wann ech scho beim Transport sinn, och nach zur Emweltpolitik: Mir hunn ëmmer an deene leschte Joren en Zil, wat Der gesat hutt vu 40% Reduktioune bis 2030, mat ënnerstëtzt.

Ech stellen haut fest, datt dës Regierung op Bréissel geet a seet, d'Energieeffizienz an d'erneierbar Energiequellen, datt mir gär hätten, datt dat par rapport zu den Zilsetzungen, déi d'Kommissioun sech setzt, nach eropgeschrauft gëtt. Vu 27 op 30%. Dat kann een natierlech soen. Dat kann een natierlech froen doen. Dat mécht och gutt, wann een dat ganz haart freet.

Just, datt ech wëll wëssen: Wéi gëtt dat dann zu Lëtzebuerg ëmgesat? Well wa mer 30% froen en moyenne an der Europäescher Kommissioun, dann ass et jo normal, wann ech kucken, wéi déi aner Länner reagéieren, si mir bei deenen aacht Länner am Spëtzepeloton, déi emol eppes froen. An da musse mir awer och duerno et an d'Realitéit ëmsetzen. An da geet et net duer, fir just 30% ze maachen. Da muss de 35 oder 40% maachen. Well et si jo aner Länner, déi manner maachen.

Or, haut si mer bei 3,1%. An 2020 huet den Energieminister, mat alle Méien, déi en a säi Programm gesat huet, op 11% Augmentatioun ausgemaach. Dat ass awer wäit vun 30, 35 oder 40 ewech, wa mer 2020 op 11 sinn. A bei deenen 11% ware 40.000 elektresch Autoen dran. Haut hu mer der e puer Honnert. Da muss ech awer emol kucken: Wéi komme mer dohin?

Also, ech hu gär, wann Der et erreecht. Tant mieux! Mä ech soen, et muss een awer och realistesch sinn, an et soll ee sech awer net direkt emol an déi éischt Rei stellen a méi froen. Mir hunn dat eng Kéier gemaach, wéi mer vun 28% CO_2-Abaissementer an dem Kyoto-Protokoll geschwat hunn. A mir wëssen, wéi schwiereg et ass, fir et ze maachen. A mir hunn d'Cour des Comptes, déi eis gesot huet: „Wann een esou eppes europäesch akzeptéiert, da soll een och direkt soen, wéi een et zu Lëtzebuerg mécht."

Mir hätte just gär, wann een dat seet, datt een och seet, wéi een et zu Lëtzebuerg mécht. Eréischt dann ass ee kredibel. An dat ass bis elo net komm. Et ass just eng europäesch Ausso komm. Mir waarden op d'Konsequenzen, déi zu Lëtzebuerg och solle kommen, an da gëtt dat e ganz anert Lidd.

Dir hutt den Ausbau vum Logistikzentrum zu Beetebuerg als eng Prioritéit erklärt. Och domat si mer evidenterweis d'accord. Ech erënnere just d'Madame Lorsché drun: Wéi Dir am Juli 2013 geschwat hutt, wéi mer hei de Gesetzestext iwwert dee Beetebuerger Projet virgestallt hunn an de Gesetzestext gestëmmt hunn - Dir hutt all Froen iwwert d'Finanzéierung vun deenen 182 Millioune gestallt a gefaart a gesot, et géifen elo aner Investitiounen no hanne gestallt ginn. Dir hutt eng ganz Rei Froen iwwert de Stroossebau gestallt. An déi grouss Angscht, elo géife schrecklech vill Camionen dohinner kommen. Dir hutt iwwert den Entwécklungsplang dohanne geschwat an Dir hutt an der ganzer Diskussioun, an den Här Bausch mat, a Fro gestallt, datt d'Fracht an d'Logistik, notamment déi Fracht an déi Logistik, déi iwwert d'Fligeren, iwwert de Flughafen hei zu Lëtzebuerg erakënnt, datt dat nach en Zukunftswee wär an deenen nächste Joren. An haut gëtt dat ouni Diskussioun alles akzeptéiert an als Prioritéit dohigestallt.

Dat, muss ech soen, ass, zumindest a mengen Aen, e grousse Changement. D'selwecht, wéi Der virun zwee..., e puer Deeg den Accord de partenariat matgestëmmt hutt, an den Accord commercial mat den zentralamerikanesche Länner, wou déi gréng Fraktiounen, souwuel am Europaparlament wéi an anere Länner, dergéint waren; normalerweis wäert Der och dergéint gewiescht. Hei sidd Der an der Regierungssolidaritéit abandonnéiert, an déi Prinzipien, a maacht einfach mat.

De Logement: Och do wëll ech e puer Saachen driwwer soen. Ech si frou, datt ech héieren hunn, datt de Statsminister seet, datt déi Grondiddi vum Pacte Logement bestoe bleift an datt déi Kollaboratioun mat de Gemengen, wat d'Logementspolitik betrëfft, och an deenen nächste Joren esou virugefouert gëtt. Ech mengen, dat ass schonn emol eng wesentlech Ausso. An deene leschte Woche konnt ee bei där enger oder anerer Ausso vun der Madame Nagel dorunner zweifelen.

Ech stelle fest, datt dann eng grouss Ausso kënnt, datt am Plan sectoriel, deen elo iwwerschafft ginn ass, 1.000 Hektar zréckklasséiert gi sinn, déi u sech an den Différé respektiv a Zones vertes géife falen. Et ass schwéier fir mech, driwwer ze schwätzen, well mer de Plan sectoriel an déi Changementer net hunn. Just, datt ech Iech wëll soen, datt, wa Saachen a Zones différées gesat gi waren, da war dat net mat der Zilsetzung, datt net do sollt gebaut ginn, mä da war dat mat der Zilsetzung, datt an Etappe sollt gebaut ginn. An datt mer eng Urbanisatioun kéinte maachen, wou eng Etapp no där anerer sollt gemaach ginn, esou wéi et sech an enger normaler urbaner Entwécklung och géif logesch erweisen.

Ech sinn elo gespaant, wat elo op de Maart kënnt. Datselwecht wëll ech soen, wann elo 1.000 Hektar hei ëmgewandelt ginn, déi soss Zones vertes waren, da sinn ech awer och ge-

spaant, wat dat soll sinn a wéi dat soll goen. Just d'Fro, déi ech wëll stellen, dat ass, ob déi 520 Hektar, mat der Méiglechkeet 17.000 nei Wunnengen ze bauen, ob déi och an dem Plan sectoriel nach ëmmer stinn. Well dat ass dee wesentleche Punkt, an deem mer kënnen déi Logementspolitik ufänken. Dat op där enger Säit.

An op där anerer Säit wollt ech och d'Fro stellen, ob mer dann déi Grondiddi fir deen Text, deen um Instanzewee ass, fir déi ekonomesch, déi energetesch an déi sozioekonomesch Subside fir de Logement, fir déi an engem Gesetz ënnerzekréien an esou gutt ze harmoniséieren, ob deen Text och virugefouert gëtt.

A schlussendlech soen ech nach eng Kéier ganz kloer, mä de Fraktiounspresident Juncker huet et virdru scho gesot, datt déi Iddi fir deen Taux super-réduit vun der TVA vun 3% net op dem Logement ze maachen, dee geduecht ass, fir duerno Logement locatif ze ginn, dat heescht fir dat zweet oder drëtt Haus, wat ee baut, eiser Meenung no méiglecherweis eng ganz Rei Problemer ka stellen, fir déi Investissementer unzeéien, déi an de lokative Wunnengsbau awer eraginn an déi et attraktiv maachen, fir Suen an de lokative Wunnengsbau ze stiechen. Mir hätten effektiv do gär Zuelen. Mä mir mengen, datt dat kéint e gréisseren Iertum sinn, wann ee wëllt där Logementspénurie entgéinttrieden.

Zur Kulturpolitik huet de Premierminister e Konzept versprach vun der Kulturentwécklung. Dat soll an deenen nächste Méint ausgeschafft ginn. Mir stellen awer just fest, datt an Tëschenzäit an elo schonn am Budget alle konventionéierte Kulturassociatiounen op hire Käschte gespuert gëtt, an dat zwar ouni Konzept. Emol an de Käschte gespuert gëtt. Ouni Konzept. Ech verstinn, datt ee spuert.

Ech verstinn, datt ee spuert. Ech kann och méi lues schwätzen, Här Bettel, wann Der dat da besser verstitt.

Plusieurs voix.- Aaahhh!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen, mä et erkennt een lech guer net, Här Vizepresident.

M. le Président.- Also, de Riedner adresséiert sech un d'Chamber. An ech wär frou, wann d'Regierung schéi géif nolauschteren an da géif drop äntwerten. Merci villmools.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et gëtt also elo un de Käschte gespuert, wou u sech kulturell Associatiounen dovunner ausgaange sinn, datt se se kéinten dëst Joer kréien. Dat ouni Konzept.

Mir hätte gär fir d'Éischt - an et wär logesch gewiescht, wann Der dat Konzept emol op den Dësch geluecht hätt, éier Der spuert. An et ass gesot ginn, elo géifen emol all Konventiounen à partir vum 1. September gekënnegt ginn, fir frësch verhandelt ze ginn. Domat bréngt Der, ouni Äert Konzept gläichzäiteg op den Dësch ze leeën, eng ganz Rei Onsécherheeten an d'Kultur. Well déi net méi wëssen, wat se 2014 zegutt hunn, déi net wëssen, wat se 2015 zegutt hunn, an déi wierklech Schwieregkeeten hunn, déi Zukunftsgestaltung esou ze maachen, wéi et normal wär, an där Kontinuitéit an an där Sécherheet vun der Politik.

Et ass kritiséiert gi vun der Kulturministesch, datt de Projet vun der Nationalbibliothéik ze vill deier wär. Mir hunn deen, no laangen Diskussiounen, vun 180 op 112 Milliounen erofgesat. Nodeem datt mer méintelaang diskutéiert hu mat deene Leit, déi responsabel si fir d'Gestioun vun der Nationalbibliothéik, nodeem datt mer all Metercarré duerchgekuckt hunn. An am Léifste géif ech Iech elo haut soen: „Mä wann Der déi 30% - wéi d'Kulturministesch gesot huet - méi bëlleg kënnt maachen, da stoppt et an da maacht et! Mä sot eis just wéi a setzt net einfach esou Behaaptungen an d'Welt: «Wa mir do gewiescht wären, da wär dat gaangen.»"

Ech géif einfach gär wëssen, wéi Der et gemaach hätt a wat Der ewechgesat hätt. A wéi déi Nationalbibliothéik dann nach fonctionnéiert hätt. Wann een esou grouss Téin späizt, da soll een och den Detail soen, wéi een et gemaach hätt. Fannen ech net seriö.

Da gëtt gesot, mir hätten d'Nationalbibliothéik an d'Nationalarchiven zesummegesat. Mol einfach esou gesot: „An Dir waart jo esou domm, fir dat ze maachen."

Ech wëll just soen, datt mer déi do Diskussioun hate mat all deenen, déi d'Nationalbibliothéik gefouert hunn, mat deene Leit, déi d'Archive maachen. Datt déi eis awer gesot hunn, datt dat wierklech keng gutt Iddi wär an datt een déi Gestioun net soll esou maachen. Datt een dat soll separat loossen. A mir hu gekuckt, datt mer et esou géife maachen, wéi a sech déi Leit, déi d'Gestioun vun deenen Instituter kennen, eis och geroden hunn, datt et soll gemaach ginn. Fir dann dohinner ze kommen an einfach emol iergendeng Behaaptung an d'Welt ze setzen, fir dobausse gutt unzekommen, ech fannen dat richteg onseriö. An ech wëll net méi doriwwer soen.

Den OPL geet net a China. Bon, ech ka verstoen, datt een Aspuerunge mécht. Mä ech hunn d'Ausso awer ganz komesch fonnt, datt jo näischt geschitt wär an der Kulturpolitik, well jo all Concert zu Lëtzebuerg bliwwe wär. Do wär kee gestrach.

Ech muss soen, den OPL ass dach awer just dat Instrument, wat eis dobausse vertrëtt. Wat soll Lëtzebuerg an eng aner Erscheinung brénge wéi just eng Bankeplaz an, respektiv a China, wéi just d'Cargolux mat engem Flughafen?

(Interruption)

Et ass dach do, wou mer sollen en anert Bild vun eis dobausse sinn. Fir dann ze soen: „Et ass näischt geschitt. Si huele jo all Concert hei wouer", muss ech soen, ass awer eng einfach Erklärung. A wann ee weess, wéi et a China fonctionnéiert a wéi d'Diplomatie do geet, da weess een, datt ee vill Leit mat esou kuerzfristegen Ofsoen op d'Féiss getrëppelt huet. An duerfir muss ee seng Responsabilitéit huelen.

Och e puer Wuert iwwert déi Ausstellung vum Éischte Weltkrich, déi ofgesot ginn ass. Well ech déi Explikatiounen, déi de Statsminister hei ginn huet, net ganz flott fonnt hunn.

Mir hunn dat nogekuckt, wéi dee ganze System do war. Et ass e Kontrakt ënnerschriwwe ginn 2013, wou och eng Rei Käschte virgesi waren, an zwar 800 Euro pro Metercarré, mat enger Angab vun 320 Metercarré Besoin, fir déi Ausstellung ze maachen, wat e Subsid vun 256.000 Euro ausmécht. Dat stoung ënnerschriwwen am Kontrakt zwëschent der Uni an op där anerer Säit dem Kulturministère. Dee Kontrakt ass vun der Madame Nagel, en Avenant dozou, am Dezember nach eng Kéier frësch ënnerschriwwe ginn. Dat heescht, dat Engagement ass kontraktuell nach eng Kéier widderholl ginn.

Elo kann ee soen, et ass näischt am Budget virgesi gewiescht.

Une voix.- Dat kann net sinn!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Mä ech froen lech just: Wien huet dann de Budget déposéiert? Wien huet de Budget dann déposéiert? An do wär duerchaus, wann Der et gewollt hätt,...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech géif an Ärer Plaz méi diskret an deem doten Dossier ëmgoen, Här Wiseler!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...d'Méiglechkeet gewiescht, et dranzeschreiwen. Mir soe just, datt dee Budget drageschriwwe gi wär, wann e vun eis déposéiert gi wär, well déi Ausstellung wichteg war. Ech wëll just soen,...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir wësst jo... Dir hutt et selwer... Jo, bon.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...Dir kënnt déi Décisiounen huelen, déi Der wëllt. An ech kritiséiere se jo och manner, wann Der se einfach aus Spuermoossname maacht. Ech wëll Iech just bieden, datt net dann d'ganz Schold eriwwergeschott gëtt. Dir sollt zu Ären Décisioune stoen, an dann ass et okay.

D'Simplification administrative: Do muss ech..., maachen ech mer och e Pleséier, awer e puer Wuert driwwer ze soen.

Éischtens hutt Der d'Omnibusgesetz ëmgedeeft an „TGVs-Gesetz". Dat ass och okay. Domat hunn ech kee Problem. Just, datt ech natierlech wëll wëssen, wa mer elo en „TGVs-Gesetz" op d'Schinne setzen, da wëll ech natierlech wëssen, wat dann an deem „TGVs-Gesetz" dran ass a wat dann do gemaach gëtt. Sinn dat déi Saachen, déi ofgemaach ware mat den Entreprisen? Oder ass et dat, esou wéi an der Regierungserklärung ugekënnegt, wat de Vizepremier als Simplification-administratives-Moossnamen dem fréiere Statsminister déizäit als Just- oder Eréischt-Ekonomiesminister geschriwwen huet? Sinn et déi Saachen, déi, wéi an der Regierungserklärung steet, an esou een „TGVs-Gesetz" kommen?

Well ech wëll dann direkt d'Fro stellen: Ass déi Dispens vum PAP fir Zones d'activités économiques eppes, wat an dat Gesetz kënnt? Well dat ass dat, wat de Vizepremier geschriwwen huet a gär gehat hätt. Ass déi Dispens d'Autorisation de construire bei Saachen, déi d'utilité publique sinn, wéi zum Beispill déi Héichspannungsleitungen zu Suessem, wou da keng Autorisatioun vum Buergermeeschter misst sinn, ass dat eppes, esou wéi de Vizepremier et gefrot huet, wat an dat „TGVs-Gesetz" erakënnt, jo oder neen?

Ass et esou, datt beim Ausbau vum PAG bei der Construction d'utilité publique u sech d'Buergermeeschteren net méi kënnen décidéieren, keng Constructions d'utilité publique dranzemaachen? Ass et esou, wéi de Vizepremier et gefrot huet, datt den Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, deen d'Biotopen definéiert, elo u sech innerhalb vun den Agglomeratiounen net méi zielt an datt et keng Biotopen an den Agglomeratioune méi ginn? Ass et dat?

An da wëll ech just wëssen, wann dat drakënnt, esou wéi et vum Vizepremier gefrot ass: Huet dat dann den Accord vun dem Ëmweltministère an der grénger Partei? Wëll ech just wëssen. Well dat muss een da kloerstellen, datt dat esou ass. Well dat ass genau de Contraire, wéi dat an der leschter Legislaturperiod vun där grénger Fraktioun respektiv an hirem Wahlprogramm op deene meeschte Punkten hei gefrot ginn ass. Da muss ee kloer Aussoen dozou maachen. Ech wëll wëssen, wat am „TGVs-Gesetz" drasteet.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Här Wiseler, Dir hutt jo héieren, de Premier huet dat jo gëschter gesot, dass dat „TGVs-Gesetz" viru Péngschten hei déposéiert gëtt. An da gesitt Der, wat alles dran ass a wat alles net dran ass. An ech mengen, dass mer dann och ganz gär, souwuel an de Kommissioune wéi och am Parlament, doriwwer wäerten diskutéieren.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Här Vizepremier, ech sinn esou gespaant, datt ech et am léifste schonn haut gehat hätt, fir et ze wëssen. Mä ech kréie mech och nach gedëllegt.

(Interruption)

Schrecklech ongedëlleg!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Gleeft mer es, ech sinn och immens gespaant.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ma voilà.

(Interruption)

Da waarde mer op déi... Wéi mer op esou villes waarden, waarde mer dann och dorop mat ganz vill Spannung a mat ganz vill Diskussiounsbereetschaft. A wann u sech déi Simplification administrative op deene Punkte kënnt, da fannt Der och bei eis sécherlech een, mat deem Der kënnt doriwwer ouni Problem diskutéieren.

Dee leschte Punkt, dat ass dee vun der Transparenz an der Diskussiounsbereetschaft. Mir haten op e puer Plazen d'Regierung gefrot, fir an d'Chamber ze kommen. Mir hate se gefrot, virun dem Sommet de la Grande Région an d'Chamber ze kommen, well mer wollte wëssen, wat dann op deem Sommet fir Positioune géifen ageholl ginn. Mir kruten dat kuerzfristeg ofgesot a mir kruten eréischt nom Sommet zougesot, fir u sech eng Entrevue mat der Regierung ze hu respektiv d'Regierung, déi an d'Kommissioun komm ass. Wat am Fong eng Obligatioun ass, wann een d'Chambersreglement richteg kuckt!

An do hu mer festgestallt, datt den Här Gira eis gesot huet, wat ech awer trotzdeem eng ganz komesch Ausso fannen, datt hien eleng do gewiescht wär, well et esou ass, datt kee Sujet um Ordre du jour stoung, deen de Minister vun der Groussregioun eppes ugaange wär.

Da muss ech soen, wann op engem Sommet vun der Groussregioun de Minister vun der Groussregioun net do ass, well d'Sujeten, déi do traitéiert goufen, de Minister vun der Groussregioun näischt uginn, da muss ech froen, firwat e Minister vun der Groussregioun do ass. An op där anerer Säit stoung dann um Ordre du jour: d'Energiepolitik an der Groussregioun.

Ech stellen awer och fest, datt weder den Energieminister nach seng Statssekretärin do waren. An ech stellen et net eleng fest, mä dat ass och an den auslänneschen Zeitungen, notamment am „Trierer Volksfreund" festgestallt ginn, wou u sech kloer an däitlech ënnerstrach ginn ass, datt hei géif manner Respekt virun der Groussregioun komme wéi bei där Regierung virdrun.

(Interruptions)

Elo gëtt hei ironesch driwwer gelaacht, well Groussregioun jo just Groussregioun ass. Och dat ironescht Laache bezeechent, wat vun deem do Deel vun der Politik gehale gëtt.

(Interruption)

An datselwecht ass, mir hunn d'Regierung gefrot, fir an d'Kommissioun ze kommen, fir eis den Debriefing ze maache vun dem Sommet vum leschte Conseil, wou iwwert déi Steierdirektive geschwat ginn ass. Wat jo wesentlech Diskussiounspunkte waren, notamment fir d'Zukunft vun eisem Land. Bis haut ass d'Regierung nach net komm a wësse mer net, wat se dozou bruecht huet, déi Décisiounen esou ze huelen, wéi se se dohanne geholl huet. Och do waarde mer mat schrecklech vill Ongedold drop, datt Der an déi Kommissioun kommt.

Ech wëll domadder ophalen: Mir waarden, datt d'Regierung Explikatioune gëtt. Si ass d'ailleurs verflicht, d'Explikatiounen un d'Chamber ze ginn. Mir waarden, datt d'Regierung hir Politik erkläert. Mir waarden, datt d'Regierung hir Iddie seet, a mir waarden haaptsächlech drop, datt d'Regierung Iddien huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Nächste Riedner ass den Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, et gëtt vill iwwert d'Erwaardungshaltunge geschwat. Et gëtt vill reklaméiert, dass net genuch Informatioune komm wieren. Ech mengen, dass d'Regierung doru selwer schold ass. D'Regierung huet mat hirer Ukënnegung, d'Fënstere wäit opzerappen, alles ze änneren, d'Problemer aneschters unzegoen, d'Erwaardungen héichgeschrauft, an dofir ass et och vläicht normal, dass haut gäre jiddwereen eppes gehat hätt a jiddweree gär gewosst hätt, wou et higeet, wou mer dat awer nach ëmmer net wëssen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den État de la nation ass jo am Fong do, fir Bléck ze maachen iwwert d'Problemer vum Land. Fir ze kucken, wou ass Potenzial a wat sinn d'Perspektiven. A wann ee kuckt, wat d'Potenzial ass, hat ech mer erlaabt, och nach eng Kéier déi nozeliese vun 2012, den État de la nation, den État de la nation vun 2013, do hunn ech festgestallt: Am État de la nation 2012 war den Haaptdiskussiounspunkt dee vum Index. Well mer deemools just dat Gesetz gemaach hate vum Index, wat jo elo den 1. Oktober 2014 ofleeft.

Mir hu geschwat iwwer Industriebraachen, Industrieterrainen zu Wolz, wou en Industrieterrain wier, dee misst revaloriséiert ginn, fir Aarbechtsplazen ze maachen. Mir hunn dovu geschwat, wéi et mat deenen aneren Terraine vun der Sidérurgie wier. Bei der Sidérurgie, notamment de Site vun Terres Rouges, dee schonn zënter de 70er Joren net méi exploitéiert gëtt.

Mir hu geschwat an der Ried vun 2013 iwwert d'TVA. Elo ass de Landwirtschaftsminister net méi do. De Landwirtschaftsminister huet 2013 an der TVA-Debatt d'Haaptwuert gefouert. Dat kënnt Der noliesen am Rapport vun där Sitzung vum 11. Abrëll 2013 op der Säit 361, dass een eng TVA-Erhéijung net einfach esou kéint maachen, mä dass ee bei enger TVA-Erhéijung fir d'Éischt misst kucken, wat d'Konsequenze wieren op déi jeeweileg Wirtschaftszweiger, wat d'Konsequenze wieren op d'Konsumverhale vun de Leit a wat d'Konsequenze wieren iwwert d'Deierecht, déi déi jeeweileg Leit géife betreffen.

An därselwechter Debatt ass deeselwechten Dag awer vun engem anere Riedner, och haut Member vun der groussherzoglecher Regierung, d'Fro gestallt ginn, ob d'Logistik de richtege Secteur wier, fir dran ze investéieren, ob ee sollt Aarbechtsplazen an der Logistik schafen, ob dat richteg wier, well an der Logistik sech alles esou séier géif änneren, dass et net méi wichteg wier, fir dat... ob dat de richtegen Industriesecteur wier, an deen ee soll ausgläichen. Dat war kee vun der jëtzeger Oppositioun, deen déi Fro gestallt huet, mä e Regierungsmember vun haut.

Et ass geschwat ginn iwwert d'Plans sectoriels, iwwert déi véier Plans sectoriels. Well do gesot ginn ass, si wiere bis den Hierscht - dat war den Hierscht 2013 - do, dass dat awer alles iwwert de Knéi gebrach wier. Dat kënnt Der och noliesen. Dass beim Chômage villes géif ugekënnegt ginn, mä näischt géif gemaach ginn. Och dat war an där Ried.

Et ass nach eng Kéier diskutéiert ginn iwwer e Spuerpak, en zousätzleche Spuerpak, deen deemools heibannen an der Chamber vun den CSV- an LSAP-Fraktioune gemaach gi war. An do hunn ech en Artikel erëmfonnt, och vun engem heutege Regierungsmember, deen huet geheescht: „Was soll das?" An dee stoung am „Tageblatt".

An den Här Kersch ka sech sécherlech nach drun erënneren, wou sech deemools driwwer opgereegt ginn ass, wat dat soll, dass déi Regierung nach eng Kéier probéiert huet, 963 oder 953 Milliounen ze spueren. Dass et jo awer e Witz wier, dass do esou vill Saache géife gemaach ginn, an dass hien d'Gefill net géif lassginn, dass do just verschidde Leit sech hätte wëllen an de Vierdergrond setzen, an dass et net ëm d'Saach gaange wier. Dat waren deemools 953 Milliounen, déi an deem Package

erauskomm sinn. Den Här Kersch huet dat deemools kritiséiert an en huet fonnt, dass dat allerhand wier, fir esou eppes ze maachen an op déi Aart a Weis virzegoen.

Ech hunn an deene Saachen, wéi ech mech da virbereet hunn, a fir all déi Saachen nach eng Kéier ze liesen, erëmfonnt: „Mit weniger Geld bessere Politik machen." Dat war en aneren heutege Regierungsmember. En ass net heibannen, well soss hätt een och deem kënnen d'Fro stellen, wéi et ass. Deen huet och gesot beim Jugendchômage: „Als Gegenleistung schlagen wir vor, zumindest eine Indextranche ausfallen zu lassen, um die Wettbewerbsfähigkeit der Unternehmen zu steigern und Mittel frei zu machen für eine aktive und messbare Politik gegen Jugendarbeitslosigkeit." Dat war d'Äntwert vum Här Meisch, deemools, op de Jugendplang, dee vum Nicolas Schmit schonn ugedeit gi war.

Och dat si Saachen, wann een dat emol eng Kéier alles noliest, wat een dann alles erëmfënnt a wat een alles gesäit, an dass dat net méi deem entsprécht, iwwert dat een haut heibannen diskutéiert an debattéiert. Ass dat vläicht, well den Här Schneider säi soziaalt Gewëssen, wat den Här Lux jo am Wahlkampf offiziell esou duergestallt...

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Här Spautz, Dir hutt als Generalsekretär vum LCGB och ganz aner Saache gesot wéi als Minister!

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ech war just net esou laang Minister wéi ech Generalsekretär war vum LCGB, Här Schneider.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Dofir wahrscheinlech, dofir!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Fir méi Beweiser ze liwweren.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dann ass et drëms gaangen, wéi mer géife mam Spëtzesteiersaz verfueren, well deemools ass an deem Steierpak jo och de Spëtzesteiersaz an d'Luucht gaangen. An dat waren deemools Diskussiounen, déi gefouert gi si vum Här Lux a vum Här Bodry, op der Säit vun der LSAP, vum Här Wolter a vu mir op der Säit vun der CSV, a wou all Kéiers zwee Ministeren derbäi waren. Den Här Schneider war ee vun deenen zwee, déi do ëmmer an deenen Diskussiounen derbäi waren, wou mer dee Package ficeléiert hunn.

Wou mer och gläichzäiteg iwwer aner Moossnamen diskutéiert hunn, notamment iwwert dat, wat ee kéint an der Familljepolitik maachen; notamment iwwert dat, wat ee kéint an der Aarbechtsmaartpolitik maachen; wou all déi Gespréicher gefouert gi sinn. A wann ech dat haut kucken, stellen ech mer d'Fro, ob dat nach ëmmer déiselwecht Leit sinn, déi dat matgemaach hunn, oder ob deenen hir Iddie grondleeënd geännert hunn!

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Här Spautz, ech wëll Iech just warnen am Gudden, am Gudden: Mir hunn nach eng Lëscht vum Här Frieden, mat senge Spueriddien, déi nach net public ass.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Ma dach, den Här Lux hat se public gemaach, Här Schneider.

M. le Président.- Also, ech wëll dem Här Schneider roden, dass, wann en d'Wuert wëllt, e freet. An ech mengen, den Här Spautz ass meeschtens och do dermat d'accord.

M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre.*- Entschëllegt, Här President, Dir hutt recht.

M. le Président.- Entschëllegung ugeholl.

(Hilarité)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dann hu mer och an deenen Diskussiounen iwwert de Chômage geschwat. An dat war jo och gëschter en Deel vun deem, wat an der Ried vum Här Bettel komm ass. Ech hunn och do d'Chifferen nach eng Kéier nogekuckt. Den Här Schneider huet nach eng Kéier gutt u meng al Sourcen erënnert.

Am Januar 2000 waren et 5.182 Chômeuren, 1.932 Leit an enger Beschäftegungsmoossnam, dat waren 2,5%. De Januar 2009 waren et der 9.600 am Chômage, 3.318 an enger Beschäftegungsmoossnam, dat ware 4%. An 2014 waren et 19.565 Chômeuren a 4.541 an enger Beschäftegungsmoossnam, ass 7,1%. Ech hat festgestallt, dass déi Donnéeë beim Här Bodry de Moien e bëssen aneschters waren. Ech baséiere mech op déi vun der ADEM vum Januar, aus dem Bulletin vum Januar 2014, net dass herno eng Diskussioun opkënnt, op wat baséiert deen anere sech an op wat baséiert hie sech. Dat ass de Bulletin vun der ADEM vum Januar 2014.

Wat ech awer domadder wëll soen, an den Här Bodry huet haut de Moie gesot: „Et ass net dem Aarbechtsminister seng Schold fir dat, wat am Chômage lass ass." Do sinn ech honnertprozenteg mam Här Bodry d'accord. Ech wëll just drun erënneren, wéi den Här Juncker nach Aarbechtsminister war, a mer also e Chômage hate vun ënner 2,5%, ass geknoutert ginn, et wier dach allerhand, dass mer kee Fulltime-Aarbechtsminister hätten, fir sech ëm de Chômage ze bekëmmeren.

Ech wollt just déi Klammer opmaachen, opgrond vun där Remarque haut de Moie vum Här Bodry, wou ech him honnertprozenteg recht ginn, dass net den Aarbechtsminister dofir do ass. Mä och den Här Juncker war deemools net dorunner schold, dass dee Chômage do war, just fir dat eng Kéier awer ze rappeléieren.

Mä et ass un der Politik, fir d'Rahmebedéngungen ze schafen, dass mer an der Schoul déi Leit ausbilden, déi mer brauche fir op den Aarbechtsmaart. An haut de Moien hunn ech um Radio den Här Bausch héiere vun der SES - net deen, deen heibanne sëtzt, mä den Här Bausch vun der SES -, deen ënnerstrach huet, wéi vill Aarbechtsplaze si bei der SES hätten, déi se net kéinte besetzen, well mer hei zu Lëtzebuerg net déi Leit hu mat där Qualifikatioun an déi bereet sinn, dohinner schaffen ze goen.

Da muss ee sech d'Fro stellen, wann dat an der Schoul esou ass, et ass esou an der Wirtschaft, ob och do net eng Responsabilitéit ass a puncto vun der Wirtschaft. An do mengen ech net als Persoun de Wirtschaftsminister, mä dass et och do wichteg ass, déi Rahmebedéngungen ze setzen, fir dass ee sech kann nidderloossen.

An dann ass et och wichteg, mam Aarbechtsministère, Wirtschaftsministère an Éducatiounsministère zesumme mat de Betriber eng aktiv Aarbechtsmaartpolitik ze maachen, fir dass mer et och fäerdegbréngen, déi Leit, déi net esou vill Chance haten an déi net esou gutt waren am Léieren, fir dass déi och erëm eng Kéier eng Chance zréckkréien. An dofir ass et wichteg, Industrieaarbechtsplazen ze schafen.

Dofir ass et awer och wichteg, Terrainen ze hunn, déi een der Industrie kann ubidden. An do, mengen ech, wier et och wichteg, dass een dann déi al Industrieterrainen, déi nach eng grouss Méiglechkeet bidden, fir dann och deementspriechend mat den Industrien ze verhandelen, dass de Stat déi Terraine kritt, dass déi Terraine sanéiert ginn an dass déi och kënnen Industriebetriber zur Verfügung gestallt ginn, fir Aarbechtsplaze kënnen ze schafen.

A wa mer schwätze vu Mesuren, esou wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen dat vun der fréierer Regierung an d'Wee geleete Gesetz vun de Jugendmesuren, dass dat eis honnertprozenteg Zoustëmmung fënnt, an dass et och wichteg ass fir eis - an do ass et eis net séier genuch gaangen, mä och do hate mir net d'Soen -, dat ass beim Reklassement, dass elo endlech och do am Reklassementsgesetz eppes kënnt, well et och wichteg ass, do eppes ze maachen.

An do huet net méi spéit wéi d'lescht Woch de Sozialminister eis nach eng Kéier drun erënnert, dass dat elo kéim, fir dass mer och do Méiglechkeeten hunn, aner Leit a Beschäftegung ze kréien, an dass mer och do mussen eng Diskussioun féieren. An den Här Statsminister huet gëschter och drop opmierksam gemaach, wéi wichteg et ass, och eppes um Handicap ze maachen. Well mer grad feststellen, dass duerch d'Reklassementsgesetz vill Leit op esou Aarbechtsplazen zréckgräifen, déi awer fir aner Leit geduecht waren, déi net déi Chance haten an eiser Gesellschaft, fir kënne gesond ze sinn, fir dass déi och erëm eng Méiglechkeet kréien, op déi Aarbechtsplazen zréckzekommen.

Ech wëll awer och do ënnersträichen, an et ass scho gesot ginn, TVA/Logement - an ech wëll mech elo net mam Wunnengsbau beschäftegen -, mä ech hunn awer d'Gefill, an ech géif dofir och d'Regierung bieden, nach eng Kéier doriwwer nozedenken, dass déi Décisioun, beim zweeten Haus net méi 3% ze ginn, mä op 17% ze goen, dass dat och Aarbechtsplaze kascht! Nämlech Aarbechtsplaze kascht an där Hisiicht, dass verschidde Leit manner wäerten investéieren an de Wunnengsbau.

An dass - wéi dat deemools diskutéiert ginn ass, an do ware jo verschidde Kolleegen heibannen och schonn derbäi - dat och eng vun den Ursaache war vun der Schwaarzaarbecht. Dass grad de Bau an d'Handwierk ee vun deene gréisste Wirtschaftssecteure war, wou d'Schwaarzaarbecht eng Concurrence déloyale duergestallt huet. A wa mer elo do an d'Luucht gi vun 3% op 17%, ob dat net och erëm dozou féiert, dass de Produit vun der Schwaarzaarbecht an deem Secteur erëm unzitt. An dann hu mer d'Betriber zweemol bestrooft a mir hu gläichzäiteg näischt gemaach fir den Aarbechtsmaart.

Dofir géif ech och nach eng Kéier d'Regierung bieden, dat nach eng Kéier gutt ze iwwerleeën. Well domadder géif een de Bau an d'Handwierk net ënnerstëtzen, mä au contraire fäerten ech, dass een dem Bau an dem Handwierk, wat awer nach ëmmer ee vun deene gréisste Wirtschaftsberäicher hei zu Lëtzebuerg ass, déi Leit vun héich qualifizéiert bis net qualifizéiert hunn, domadder och Schwieregkeete mécht, fir nach weider kënnen eng aktiv Personalpolitik ze maachen.

Wa mer schwätze vum Aarbechtsmaart, musse mer och schwätze vum Absentéismus. Dat ass eppes, wat d'lescht Woch grouss an de Vierdergrond gestallt ginn ass. Ech schwätzen net vun Absentéismus, mä ech schwätze vu Krankmeldungen.

De Statsminister huet ënnerstrach, dass mer hei zu Lëtzebuerg en „Plan suicide" bräichten, wa Leit sech géifen ëmbréngen. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob d'Virstuf dovun net och an de Krankeschäiner ze fannen ass. Ob do net och d'Virstuf ass, dass d'Leit sech net méi wuelfillen. Sief et op der Aarbecht, dass se sech ausgeschloss fillen. Ob mer net och do mussen driwwer diskutéieren, wat de Mobbing ubelaangt. Iwwert d'Klima op den Aarbechtsplazen. Ob dat net och mat dozou bäidréit, dass den Absentéismus esou héich ass. A gläichzäiteg och dat herno an der Endphas, wat ni ze hoffen ass - mä awer, wann dee Chiffer esou ass, deen de Statsminister jo gëschter gesot huet -, an engem Suicide endegt, dass et do wichteg ass, dass dee Plang, dee scho vum viregte Gesondheetsminister ausgeschafft ginn ass, dass deen awer och dann erweidert gëtt.

A mir haten d'lescht Woch eng Diskussioun an der Sozialkommissioun, an ech géif dat hei nach eng Kéier soen, dass et wichteg wier, eng Debatt ze féieren an der Chamber doriwwer, souwuel wat den Absentéismus ubelaangt wéi de Stress op der Aarbechtsplaz. Well, wann ee seet, d'Statistik geet an d'Luucht, da muss een awer och vläicht d'Ursaachen analyséieren. An déi misst een analyséieren, souwuel wat den Travail ubelaangt wéi d'Sécurité sociale a wéi d'Santé, déi do gefuerdert sinn, fir ze kucken, wat kann een do änneren. Well et ass nëmmen iwwert dee Wee, wéi een deem och kann nogoen.

Och den „Plan démence" wëll ech ënnersträichen. Och ass et wichteg, déi Leit, déi de Räichtum geschaf hunn, dee mer hei am Land hunn, an dass mer esou kënne liewen, wéi mer déi lescht Jore gelieft hunn, an hoffentlech et och nach fäerdegbréngen, wirtschaftlech kënnen dovun ze profitéieren, an Zukunft esou ze liewen, dass mer och deene Leit hëllefen. An dofir war den „Plan démence" eng éischt Aktioun, déi gestart ginn ass. Elo soll och nach den „Plan cancer", deen och nach vum fréiere Gesondheetsminister ausgeschafft ginn ass, dass deen och soll kommen, dass et wichteg ass, dass eppes geschitt.

Well ech kann Iech soen aus perséinlecher Erfahrung, wann een dovu betraff ass an et weess een, ëm wat et geet, dass et wichteg ass, dass een déi Hëllef an déi Ënnerstëtzung kritt, déi ee brauch. An all Früherkennung, wat se éischter gemaach gëtt, féiert och éischter zur Heelung. Dass et do wichteg ass, déi Investissementer ze huelen, déi noutwendeg sinn.

A wa mer schwätze vu Gesondheet a wa mer schwätze vum Aarbechtsmaart, do ass ëmmer geschwat gi vun Aarbechtslosen... Ännerungen, déi misste virgeholl ginn. Ech weess, ech hunn et scho virdru gesot, den Här Bodry war bei deenen Diskussiounen och derbäi, wou mer zesummen eng Kéier de Fonds pour l'emploi ënnersicht hunn. Ech huele jo un, dass déi nei Regierung och amgaangen ass, dorop fortzefueren a weiderzediskutéieren, wat een do alles muss maachen.

Dann däerf een och net vergiessen, d'Diskussioun ze féieren iwwert den RMG, dee jo zënter dem Juli 2013, och schonn opgrond vum Avis vun der Sécurité sociale, vum deemolege Sécurité-sociales-Minister, deen déi och schonn aviséiert hat, fäerdeg am Familljeministère läit, dass et dann och net schlecht wier, dass e géif an d'Prozedur kommen. Wann ee wëllt eppes dorun änneren, dass een dat dann och mécht.

A wa mer schwätze vun deem Sozialen, da muss een och nach eng Kéier schwätze bei der TVA-Erhéijung: Wat geschitt mat deene Leit, déi méi schwaach dru sinn? De Statsminister huet gëschter gesot: „Mir maachen näischt. Mir maachen eréischt eppes méi spéit." Et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob dat dee richtege Wee ass, ob een net awer elo scho soll kucken, och do Mesuren ze huelen, fir dat ze begleeden. Well dat awer bei verschidde Leit bis zu 500 Euro kann ausmaachen, iwwert d'Joer gekuckt, suivant Source Chambre des Salariés, déi dee Montant gesot huet.

Ob een dann net och misst bei der Allocation de vie chère, fir déi als Beispill ze huelen, dass een do eppes muss maachen an dat direkt soen, an net waarde bis zum Schluss a bis et ze spéit ass. Mä dass een direkt seet, wat fir eng Mesuren dat sinn, déi deene Leit sollen hëllefen. Well et wichteg ass, dass déi Leit awer och gehollef kréien, net nëmmen am Supermarché, si gi jo och vläicht op de Maart. Och um Maart kann een, wann d'TVA an d'Luucht geet, nach ëmmer seng Produite kafe goen.

Ech wëll och nach ënnersträichen, wann ee schwätzt vum Index, d'Gesetz leeft aus. Dofir verstinn ech net, an ech hunn och zwee vun dräi Gewerkschaftspresidenten de Moien am Radio héieren, déi verstinn och net, wat deen Accord global soll sinn. Well déi Prozedur leeft jo aus op den 1. Oktober. Ma wann Der jo alles erëm maacht wéi et war, da braucht Der jo och näischt ze änneren. An dann ass den 1. Oktober erëm alles wéi et war.

Et sief dann, Dir wëllt eppes änneren. Da musst Der d'Sozialpartner ustellen, doriwwer ze verhandelen. Well ech awer den Dossier Index e puermol materlieft hunn op sämtleche Säite vum Dësch, wëll ech Iech soen, dass do d'Meenungen tëschent dem Patronat an de Gewerkschaften awer relativ wäit auserneeginn! An dass ech, bei allem gudde Wëllen - ech géif hinnen et zwar wënschen, dass se en Accord géife fannen am Indexberäich -, mer dat net esou richteg ka virstellen, an dass et jo och schonn d'leschte Kéier esou war, dass, well sech nämlech d'Sozialpartner net eens gi sinn a well mer keen Accord fonnt hunn, d'Politik deemools eng Entscheedung geholl huet 2012, an déi Entscheedung war, dass nach eng Indextranche pro Joer sollt kommen.

Dofir wëll ech vun Iech wëssen: Wat ass deen Accord global? Wat ass an deem Accord global mat dran? Ass do eng Ännerung dran am Index-Wuerekuerf? Well, wann ee jo un d'Fëmmgesetz denkt: Den Tubak ass am Wuerekuerf! Ass do eppes mat dra vum Alkohol? Den Alkohol ass am Wuerekuerf! Et ass eng Fro. Well mat deem Accord global beim Index, ech ka mer et net esou richteg virstellen. Well, wann een einfach seet, mir maachen näischt, dann ass erëm deen ale System do. Da brauch ee jo näischt ze fäerten. Da brauch ee jo och keen Accord global ze maachen. Wann dat de Wee ass, deen d'Regierung wëllt aschloen.

(Interruption)

Gelift? Ech war där Meenung, et misst ee kucken, fir déi Mesure gegebenenfalls vun enger Indextranche pro Joer weiderzefeieren. Mä wann do aner Moyene sinn an aner Méiglechkeeten, déi ech net kennen, well ech net méi un der Quell sëtzen, mä et sëtzen elo aner Leit un der Quell, dass déi eis kënne soen, wat dann do hannendrustécht.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Am Wahlprogramm sot Dir liicht eppes aneschters, wat den Index ugeet.

M. Marc Spautz *(CSV).*- A wat se wëlle maachen. Neen, neen, Här Bodry, Dir verwiesselt do eppes. Neen, neen, dat steet net am Wahlprogramm, Här Bodry. Dat stoung virdrun an Dokumenter, mä et steet net am Wahlprogramm.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- An den Här Juncker gehéiert net méi zu Iech, zu der Partei?

M. Marc Spautz *(CSV).*- Dir hutt elo grad de Wahlprogramm zitéiert. Dir hutt elo grad gesot, dat stéing am Wahlprogramm. Liest eise Wahlprogramm, do steet eppes aneschters! Mä et ass awer richteg...

(Interruption)

Mir hu vun der Deckelung geschwat, dat streiden ech net of. Mä dat steet net am Wahlprogramm.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat heescht, den Här Juncker vertrëtt net méi d'Positioun vun der CSV.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Och den Här Juncker vertrëtt nach ëmmer d'Positioun vun der CSV.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Et geet hei ëm déi nei Regierung. Déi soll soen, wat se mengt.

M. le Président.- Et ass um Här Spautz. Ech géif Iech bieden, him nozelauschteren...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Da sinn ech berouegt.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci, Här Urbany, fir Är Ënnerstëtzung.

M. le Président.- ...a kee méi hien ze ënnerbriechen. Här Spautz, Dir hutt ganz eleng d'Wuert.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Merci, Här President. Dann, wa mer bei deene Saache si vu Spueren a vun Ännerungen, da muss ee sech

och d'Fro stellen, deemools an deem Spuerpak ass och diskutéiert ginn iwwert d'Familljemesuren. Et ass driwwer geschwat ginn, wat ee bei de Famillje kéint änneren. Do war awer op den 1.1.2013 eng éischt Moossnam agefouert ginn, déi dozou gefouert huet, dass mer eng Millioun de Mount gespuert hu bei de Chèques-services. Déi Änneruge ware komm.

An doropshin ass nach vun zwee aner Projeten den Dépôt gemaach gi vum Marie-Josée Jacobs. An dat war de Projet iwwert d'Assistance parentale, an et war de Projet iwwert d'Gesetz Jeunesse, genannt ënnert de Chambersnummere 6409 a 6410, wou och festgehale ginn ass, wat ee misst, deemno wat fir eng Revenuen een huet, bezuelen, fir kënnen an der Maison relais ze sinn. Dass do festgehale gi war, dass et kee Wäert méi huet, sech ze entpacsen oder ze scheeden, fir kënne vun enger anerer Moossnam ze profitéieren. Well bis elo ass et theoretesch méiglech, wann Der Iech entpacst oder wann Der lech scheet, dass nëmmen eng Pai berücksichtegt gëtt. Mä do ass drastoe komm, dass et soll den „revenu du ménage" sinn, d'selwecht wéi et am RMG ass.

Dee Projet, ass eis gesot ginn an der Kommissioun, dee Projet wier fir d'Regierung net méi prioritär. Dofir verstinn ech dat net esou richteg. Well mam Projet 6409 a 6410 hätt ee kënnen eng sozial Selektivitéit, déi schonn um Dësch louch, et hätt een déi kënne bei de Chèques-services uwenden an domadder och zu Aspuerunge kommen. Firwat dat net méi prioritär ass, ech weess et net. Mä den Här Hansen kann eis vläicht drop äntwerten, well dat ass vun der Famill eriwwer an d'Éducatioun gaangen. Dat ass net méi am Familljeberäich. Mä dass een och do wéisst, wat an deem Projet gemengt gëtt.

Am Koalitiounsaccord steet jo och vill dran iwwert d'Familljenzoulagen. Et misst een eng kritesch Analys maache vun de Familljenzoulagen. Et misst een alles kucken. D'Regierung hat schonn den 9. Januar villes ugekënnegt, wat géif am Familljeberäich kommen.

Dofir ware mer och e bëssen iwwerrascht, dass weder beim Budget nach elo gëschter eppes komm ass, wat dann elo an de Familljenzoulage géif geschéien. Et ass geschwat gi vun enger Allocation unique pro Kand. Nodeems nach aner Piste géifen zitéiert ginn, dat war den 9. Januar, ass dat an engem Interview gesot ginn. D'Begrënnung wier, dass d'Allocation unique géif bedeiten, dass méi Kanner net onbedéngt méi Käschte géife bedeiten. Do ass sech op eng Schwäizer OECD-Etüd beruff ginn. D'Schwäiz, just fir dat ze soen, wann Der d'OECD-Standarden eng Kéier ukuckt, ass, wat d'OECD ubelaangt, definitiv kee Virbild, well bei bal allem, wat d'OECD-Etüden ubelaangt, an der Schwäiz (veuillez lire: iwwert d'Schwäiz) ganz vill komesch Saachen drastinn. Do ass déi als Modell zitéiert ginn.

Ech muss awer fairnesshalber soen, deen Éischten, dee se zitéiert hat, war dem Alex Bodry säi Virgänger, de Lucien Lux, dee se eng Kéier heibannen zitéiert huet. Mä an der OECD-Etüd aus der Schwäiz steet och dran, wat d'Kanner méi al ginn, wat déi Suen, déi ee kritt, vill méi héich an d'Luucht ginn, dass dat alles altersméisseg berücksichtegt gëtt.

An duerno huet den Här Bettel mer eng Kéier gesot, ech géif ëmmer vun enger Etüd schwätzen an ech hätt ni eng Quell uginn. Bon, ech soe se nach eng Kéier: d'CEPS. Dat ass eppes hei zu Lëtzebuerg. Dat ass hei am Land. Dat si Chercheuren, déi dat hei am Land maachen. Déi sinn zu engem aneren Entschloss (veuillez lire: zu enger anerer Konklusioun) komm. Déi soen nämlech, dass, deemno wéi vill Kanner Der hutt an deemno, wat fir een Alter se hunn, dann de Käschtepunkt ëmmer méi grouss gëtt, an dass dann och nach matspillt, ob se deemselwechte Sexe ugehéieren oder zwee verschidde Sexë sinn, dass dann deementspriechend d'Käschte fir déi Familljen, déi déi Kanner hunn, vill méi grouss an d'Luucht ginn.

An dofir meng Fro: A wat fir eng Richtung wëllt d'Regierung goen an där Familljepolitik? A wat wëllt se do maachen? Oder waart se, fir dat gemeinsam ze maache mat der Steierreform, wat jo richteg wier, mat der Steierreform, mat de Wunnengshëllefen an och nach vläicht mat de Studentebäilagen?

Well, wann ech de Projet richteg verstanen hunn - ech muss zwar éierlechkeetshalber zouginn, ech hunn en nach net gelies -, wann Der dann zwee Kanner hutt, kritt Der elo manner wéi 2010, wéi d'Kannergeld nach bezuelt ginn ass bis zum Alter vu 27 Joer, wa se op d'Uni gaange sinn. Mä wéi gesot, mir kréie jo déi nächst Deeg dat vum zoustännege Minister erkläert. Mä wann ech et richteg verstanen hunn, kritt ee manner wéi ee virun 2010 kritt huet.

Dass een eppes huet missen dru maachen, wëll ech ganz kloer soen, hu mer och selwer als CSV gesot. A meng Kolleegin Martine Hansen hat jo och schonn eng Kéier Änneruge virgeschloen, déi awer net d'Zoustëmmung fonnt hunn. Mä op alle Fall kann et net sinn, dass dat alles zréckféiert, nach méi schlecht gëtt, wéi et virun 2010 war.

Da wëll ech och wëssen, wat d'Regierung wëlles huet, wa mer vun der Familljepolitik schwätzen. Et ass éischtens gesot ginn, dass déi Blo-rout-gréng-Koalitioun sech fir eng Politik ausschwätzt, déi éischter d'Fraen ënnerstëtzt, déi schaffen.

Dat hunn net ech gesot, dat kënnt Der noliesen op dem www.gouvernement.lu. Dat ass eng Ausso vun der Madame Cahen vum 9. Januar 2014. An den Här Gramegna huet gemengt, et misst een eng Familljepolitik, déi engersäits beruffstäteg Elteren ënnerstëtzt an anerersäits Elteren, déi de Choix gemaach hunn, fir doheem ze bleiwen an hir Kanner grousszezéien, dass esou eng Politik ze hannerfroe war a wier.

Da ginn ech also dovun aus, dass, wann zwee liberal Politiker sech doriwwer froen, dass déi eng aner Astellung hu vun der Fräiheet vum Mënsch, fir ze décidéieren, wat fir eng Form vu Liewe si géifen iwwerhuelen. An dat wonnert mech am meeschte grad bei liberale Politiker, well déi Liberal dat jo ëmmer grouss an d'Fënster stellen, dass si all Mënsch wëllen dee Choix loossen, dee si gären hätten, dass dat elo net de Fall ass.

(Interruptions)

Dann ass en anere Punkt, an den Här Gibéryen hat schonn doriwwer geschwat, dann ass et och wichteg: Wat geschitt mat der Mammerent? Wéi geet et virun domadder? Och do wier et wichteg,…

(Interruptions)

…dass een eng Kéier…

M. le Président.- Här Gibéryen!

M. Marc Spautz *(CSV).*- …misst dozou kommen, dass mer och do gesot kréien, wéi et virugeet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President!

M. Marc Spautz *(CSV).*- A wann ee schwätzt vun der Allocation d'éducation, wat jo och esou d'Trommele soen dorëmmer, dass do och verschidden Änneruge géife kommen, da soll een dat riichteraus soen an da soll een och wann ech gelift domadder kommen an eis soen, a wat fir eng Richtung dass et geet.

A wann ee schwätzt vu Geldleeschtungen, an déi Diskussioune sinn och gefouert ginn, an do war den Här Bodry och derbäi, ob een dee Rentrée scolaire zum Beispill net soll a gratis Schoulbicher ëmwandelen. Am Primär kréien d'Kanner d'Material gratis. Am Secondaire net. A wann ee kee Geld méi wëllt ginn, well ee fäert - wéi hat den Här Berger et genannt? Plasmabildschierm -, dass et géif an e Plasmabildschierm ëmgewandelt ginn, da kéint een et jo am Secondaire an d'Bicher setzen, an et géif een décidéieren, de Stat géif d'Bicher ginn. Dann ass et jo sécher net méi am Plasma, mä dann hëlt ee kengem eppes ewech. Mä da seet een, da kritt een d'Bicher direkt vum Stat an et brauch ee se net méi kafen ze goen. Dann ass ee wéi deen anere behandelt an et ass sécher net an de Plasmabildschierm gestach ginn.

Mä all déi Froen, déi ech elo gestallt hunn an der Familljepolitik, do ass et wichteg, dass mer dozou Äntwerte kréien. Well, esou wéi et wichteg ass fir d'Betriber, dass se wëssen, wou et higeet a puncto TVA, a puncto Steieren, ass et och wichteg fir d'Privatleit, ass et och wichteg fir Leit, déi Kanner hunn, a wat fir eng Richtung et geet a wat d'Regierung an deene Saache plangt.

Genausou wichteg sinn, an hei ass dat ënnerstrach ginn, an der Gesellschaftspolitik all déi Reformen, déi kommen. Also, wann ech d'Projeten alleguerte richteg haut de Moie gelies hunn, mä den Här Braz, dee weess dat besser wéi ech, dann droen déi d'Ënnerschrëft nach, déi eng vum Här Biltgen, déi aner vun der Madame Modert, an dass een dat awer och dann eng Kéier muss ervirsträichen an net soen, wéi wann dat elo alles just déi nei Koalitioun wier, mä déi Froe bei der Scheedung, bei dem Mariage vun de gläichgeschlechtleche Koppelen, dass do awer nach déi fréier Regierung déi Projete mat op de Wee bruecht huet, an dass dat näischt ass, wat elo ganz nei ass.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- No eelef Joer.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Da wollt ech awer soen, d'Trennung vu Kierch a Stat,…

(Interruption)

…wat jo schliisslech den Dénominateur commun vun dëser Koalitioun ass, do si mer net vill gewuer ginn. Do si mer net vill gewuer ginn, a wat fir eng Richtung et géif goen, ausser dass et wichteg wier, dass jiddweree konstruktiv géif matschaffen, an dass et kengem géif un d'Liewecht goen. Dat ass dat Eenzegt, wat mer héieren hunn.

Ech fannen et op alle Fall komesch, wann een de Reliounsunterrecht an der Grondschoul wëllt ofschafen, an der Grondschoul, wou d'Majoritéit vun den Eltere sech haut derfir décidéiert hunn, e Reliounsunterrecht ze maachen. Ech fannen et komesch. An da wier et och vläicht net schlecht, dass d'Regierung géif soen, wou se hiwëllt, an net d'Leit all Kéiers an enger Grozon léisst, wéini dat da kënnt a wat kënnt, mä dass een engem genau seet, a wat fir eng Richtung dass et geet.

Dass d'Leit esou vill Erwaardungen hunn un d'Regierung, et ass an de Couloire gesot ginn, firwat haut esou vill Froe géife gestallt ginn, et wier näischt Konkretes do an et wier net genuch am Fong. Mä dat muss ech soen: Dat ass, well déi Regierung hei jo ëmmer gesot huet, si wéilt reagéieren, de Mif misst eraus, et misst alles aneschters ginn, et misst alles besser ginn, et misst alles méi kloer ginn. An dofir waarde mer alleguerten drop, wou déi Saachen da sinn.

Ech stelle mer d'Fro, ob d'Regierung sech d'Lat net ze héich geluecht huet, fir net brauchen driwwer ze sprangen, mä ënnendrënner erduerchzelafen. Mä dat wäerte mer, an dat huet den Här Bodry de Moien ënnerstrach, no fënnef Joer gesinn.

(Interruption)

Gi mer emol dovunner aus. Ob d'Lat ze héich war oder och net. Et ass op alle Fall wichteg, dass mer wësse spéitstens awer da beim nächste Budget, a wat fir eng Richtung et soll goen, well soss gëtt et awer ganz schwiereg ze verstoen, a wat fir eng Richtung dës Regierung wëllt goen.

Ech hunn haut de Moien en RTL-Speaker héieren, deen huet vun dem Här Bettel senger éischter Ried gehalen, dee géif héchstwahrscheinlech an d'Annalen agoen als seng éischt, awer och méi net. Do hunn ech emol gekuckt, wat alles esou am Buch steet iwwert den Datum vum Abrëll. Do steet dann dran, den 3. Abrëll 2007 - a lauschtert ganz gutt, Här Berger! -, do ass den TGV mat 574,8 Kilometer an der Stonn déi éischte Kéier e Weltrekord gefuer op der Schinn. Et war een TGV,…

Une voix.- Dir wësst awer Saachen!

M. Marc Spautz *(CSV).*- …an dat war op der Streck Paräis/Stroossbuerg. Dat fannt Der haut alles an de Bicher.

An eppes aneschters, wat ech fonnt hunn, wat och den Abrëll 1865 erauskomm ass. An den Här Bettel hat gesot, e géif heihinner keng Märercher ziele kommen. Ech wëll Iech just soen: Den Abrëll 1865 huet de Wilhelm Busch e Buch geschriwwen: „Eine Bubengeschichte in sieben Streichen". An dat waren de Max und Moritz. A wéi déi gëendegt hunn, dat wësse mer jo nach alleguerten.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Spautz. Domat huet d'Regierung d'Wuert. Här Premierminister, d'Wuert ass un Iech.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, ech soen Iech e grousse Merci. Ech wäert och par respect fir verschidde Membere vun der CSV, déi net kënnen do si wéinst engem Begriefnis, net ze laang iwwert déi Leit schwätzen, déi net do sinn. Ech wäert dann iwwert de Max Wiseler an de Moritz Spautz méi laang diskutéieren.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, jo, et ass eng Regierungserklärung, et ass keng Budgetsried. Et ass kee Koalitiounsaccord, deen ee presentéiert. Et ass dat, wat dës Regierung déi nächst zwielef Méint wëllt maachen.

Ech hu fonnt, dass de Fraktiounspresident vun der CSV de Moien och ganz räsonabel a senge Propose war, dass en och gesot huet, dass et no honnert Deeg ganz schwéier wier, kënnen e Bilan ze zéien, dass dat en Usage war, an och den Alex Bodry ass drop agaangen, d'Madame Loschetter an den Här Berger. An ech hat ëmmer gemengt, dass d'CSV do an där Linn vun där konstruktiver, positiver Oppositioun och da géif stoe bleiwen. Ech hunn duerno festgestallt, wéi de Vizepresident an de Vizevizepresident vun hirer Fraktioun méi Schwieregkeeten haten, fir an där Perspektiv hei dann ze schwätzen.

Ech wëll op e puer Punkten agoen, déi mech awer de Moie schockéiert hunn, Dir Dammen an Dir Hären. Deen éischten ass am Fong, wéi d'Politik virdru gemaach ginn ass. An dat hu mer hei elo nach eng Kéier vum Här Spautz héieren, dat hu mer de Moie vum Här Juncker héieren an dat hu mer och vum Här Wiseler héieren. Wann ee weess, dass den E-Commerce ewechfält, an een hätt gären e Fong gemaach, kritt ee gesot, dann hätt ee jo missen nei Scholde maachen. Dat ass de Moien hei gesot ginn. Dat heescht: Spueren, on connaît pas! Wa Suen do sinn, musse mer se ausginn! A wa mer der gären op d'Säit leeën, da musse mer méi grouss Schold maachen.

Neen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat mécht dës Regierung net! Dës Regierung…

(Interruption)

Här Spautz, sot net, et hätt keen dat gesot! Dat huet de Moien den Här Juncker gesot. Dann iwwerliest… Dat huet en de Moie gesot, Här Spautz. An ech brauch net bis op 68 Saachen zréck sichen ze goen, mä just de Moien um Véirel op néng. Et ass wichteg…

(Interruption)

Et ass wichteg ze wëssen, wat ee seet, wat ee wëllt, a wéi eng Richtung ee wëllt goen!

Mir kréien hei de Virworf gemaach wéinst der TVA: Elo muss direkt kompenséiert ginn! Dat ass typesch d'Politik, déi d'CSV zu Lëtzebuerg prônéiert: Wann ee probéiert, iergendzwousch eppes ze spueren, da muss een awer direkt op där anerer Säit dat kompenséieren an et dierf ee virun allem kengem eppes ewechhuelen!

Mir kënnen net, mat där Finanzlag, an där mer sinn, maachen, wéi wann hei am Land näischt wär! Mir kënnen net den nächste Generatioune soen, dat, wat mer riets vläicht huelen, musse mer lech nees lénks kënne ginn. Esou eng Politik wëllt dës Regierung net maachen. Dat ass eng éierlech Politik, dat ass eng zukunftsorientéiert Politik an dat ass eng realistesch Politik!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et muss een awer och d'Kohärenz vun de Politike kucken. Dat eent…

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Jo, jo, ech hunn d'Beispill jo de Moie geholl. Sidd Dir der Meenung dann och, Här Wiseler, dass wéinst dem Commerce électronique, wann een d'Sue wëllt op d'Säit leeën, dass een da muss Scholde maachen? Ass dat och Är Meenung?

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Meng Meenung ass, wann ee seet, et hätt een déi Sue sollen an de Fonds souverain setzen, da soll een de Fonds souverain maachen, wann een et kann, a se drasetzen. Da maacht dat!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Mä da mécht ee keng nei Dépensen! Wat hält dann elo vläicht de Vizevizepresident dovun? Wëllt deen och nach vläicht seng Meenung soen? Neen? Bon, ech wëll just soen, dass ech…

M. le Président.- Entschëllegt, Här Statsminister, den Här Gibéryen wëllt Iech wahrscheinlech eng Fro stellen. Sidd Der domat d'accord?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Selbstverständlech!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech ginn dem Här Premier recht, wann e seet, datt déi lescht Regierung keng Reserve geschafen huet, wéi se déi Sue vum E-Commerce erakritt huet an datt se weider Scholde gemaach huet. Ech wollt just den Här Premier froen - déi nei Regierung huet jo och elo e Budget deponéiert -, ob si déi Sue vun dem E-Commerce, déi se dëst Joer erakritt huet, ob si déi an e Reservefong dann elo gesat huet dëst Joer a keng weider Schold gemaach huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här Gibéryen, just fir Iech ze äntwerten: Mir si gebonnen un déi Engagementer, déi elo geholl gi sinn.

(Hilarité)

Mir hunn Iech haut annoncéiert, wou mer wëlle spueren. Mir hunn Iech selwer jo gesot: 251 Milliounen hu mer gespuert! Dir schwätzt iwwert déi Rentrée vun 300 Milliounen oder 350 Milliounen TVA. Esou vill wéi dat géif erabréngen, hu mir och schonn op eiser Säit och gespuert. Dat heescht, mir hu bei eis ugefaange mat spueren! Mir hu mat der Regierung ugefaangen, éier mir ugefaangen hunn, aner Mesuren ze huelen. Mir hunn eis Hausaufgabe gemaach, an dräi Méint!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Do schwätze mer awer am Budget nach eng Kéier driwwer, ob Dir d'Hausaufgabe gemaach hutt.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- An dräi Méint!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …14 Deeg.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech wëll och soen, et ass gesot ginn de Moien, et misst een ëmmer op Bréissel kucken,

wann een d'Budgetsplanung mécht. Dës Regierung fänkt un emol mat Décisiounen, déi vun där viregter Regierung net geholl gi sinn an déi eis haut Sue kaschten!

D'Studentebourssen - kommt, mir sinn eis jo nach eng Kéier eens: Ech weess, dass dat net agréabel ass fir d'CSV, mä dat sollt am Ufank eng Spuermesure sinn! Ech versti spueren an engem anere Kontext wéi wann ee seet, et misst 55 Millioune kaschten, an op eng Kéier 178 Millioune ginn! Wann dat d'Spuermesurë si vun der CSV, dass een 123 Millioune méi ausgëtt! Mir gesinn dat aneschters, Här President, spueren. Mir gesinn dat net, andeems een op eng Kéier bal eng Dépense verdräifacht. Dass mer do net an d'Hänn geklappt kréien...

Den Här Spautz huet gesot: „Do si jo verschidde Schüler, déi kréie vläicht manner wéi virdrun." Mä et ass sozial gestaffelt! Mir wëlle gären eng sozial Selektivitéit bei eise Subside maachen. Mir wëllen eng sozial Selektivitéit maachen, wann de Stat Sue gëtt!

Jo, ze laang ass näischt sozial selektiv gemaach ginn an einfach d'Fënster op an d'Suen zur Fënster erausgehäit! A wann ech soen..., ech kéint och nach weiderfueren, wa mer vun de Studentebourssen, Kläranlagen, et cetera, et cetera schwätzen, wou mer dann a Retarde si bei enger ganzer Rëtsch vun Transpositiounen, och vun Direktiven, wou mer hätte missen eppes maachen!

Ech kréien de Virworf och gemaach, ech hätt net genuch iwwert de Stabilitéitsprogramm gesot; an erlaabt mer, dass ech direkt schonn op déi Motioun vum Här Turpel, vum Här Wiseler, vum Här Urbany a vum Här Gibéryen aginn - eng nei Koalitioun, do déi véier -, déi eis gefrot hunn, fir de Semestre européen ze presentéieren.

Also, den Här Gramegna wäert den 23. Abrëll selbstverständlech bei senger Budgetsried och dorop agoen. De 25. Abrëll ass virgesinn, am Conseil de Gouvernement de Pabeier unzehuelen, d'Positioun unzehuelen, an ech géif Iech da proposéieren, dass een déi Woch drop, méindes den 28., an der Cofibu (veuillez lire: an der Commission des Finances et du Budget) dann och doriwwer kann diskutéieren. An dofir géif ech Iech dann och proposéieren, dës Motioun net unzehuelen. Et gëtt näischt aneschters méiglech, och wéinst dem Timing, an dofir géif ech och proposéieren, se dann net unzehuelen.

Hei gëtt och geschwat vun der TVA am Logement. Ech sinn e bëssen iwwerrascht och vum Här Gibéryen, dee jo ëmmer gären d'Bild gëtt vun där Partei vun de klenge Leit. Jo, mir wëllen, fir dass déi Leit sech eng éischt Wunneng kënne leeschten, en déiwen Taux vun 3% halen! Mir wëllen, dass jonk Famillje sech kënnen den déiwen Taux vun 3% halen. Mir hätte gären, dass jonk Leit och sech kënnen un 3% halen.

(Interruption)

Mä all déi Leit, déi fënnef, sechs, zéng, zwanzeg Wunnengen hunn, ech wéilt...

Dat ass vläicht Är nei Clientèle!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An déi Leit, déi sech keng Wunneng kënne leeschten...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat ass vläicht Är nei Clientèle!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An déi Leit, déi sech keng Wunneng kënne leeschten, déi musse loune goen, déi mussen e Loyer bezuelen!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Wësst Der, de Präis vun de Wunnengen ass selon l'offre et la demande!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Déi mussen...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- A wann de Stat...

M. le Président.- Wann ech gelift, Här Gibéryen, Dir sidd jo och net ënnerbrach ginn...

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- A wann de Stat dat mécht, an dat ass..., an Dir wësst jo ganz genau... Ech ka mech erënneren hei iwwert de Logement - ech weess, dass et e schwéiere Sujet ass! -, ech ka mech erënneren als jonken Deputéierten, wéi ech dohanne souz, wéi den Här Juncker eis hei gesot huet: „Ech wäert de Promoteuren d'Liewe schwéier maachen! Ech wäert Dausenden an Dausenden an Dausende vu Bauplazen op de Marché setzen, fir deene Promoteuren do dee Präis futtizemaachen!" Dat war eng Ausso, déi hei gemaach ginn ass. Dat war net esou einfach, well et huet jo net geklappt!

Dowéinst mengen ech, dass et wichteg ass - mir hunn Iech et och gëschter gesot -, dass mer amgaange sinn, déi verschidde Mesuren och ze huelen. Mä et soll net, mir sollen net d'Affekote vun de Promoteure sinn! Mir sinn der Meenung, dass jonk Leit solle kënne bei deenen 3% bleiwen.

A virdrun huet den Här Spautz...

(Interruption)

...och vu Schwaarzaarbecht geschwat. Ech gleewe kaum, dass...

Oh, Madame Hetto, als fréier Ministesch vun de Classes moyennes hätt ech mer e bëssen do awer Iwwerleeunge vun Iech erwaart, andeem Der vläicht wësst, dass net d'TVA d'Schwaarzaarbecht kontrolléiert, mä d'Kontroll, déi ee soll sur place maachen! An et ass bestëmmt net wéinst enger TVA, dass eng Schwaarzaarbecht an d'Luucht oder erofgeet.

Mir hätte gäre Moyenen,...

(Interruptions)

...fir op de Chantieren ze kontrolléieren. Mir hätte gäre Moyenen, esou wéi den Nicolas Schmit dat och gemaach huet, géint den Dumping social, awer et ass bestëmmt net elo d'Argument ze soen: Well d'TVA an d'Luucht geet, geet d'Schwaarzaarbecht an d'Luucht. Dat ass awer wierklech e bësse simplistesch! An ech hat geduecht, vun enger fréierer Ministesch, déi deen...

Une voix.- Oh!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- ...Ressort awer hat, awer déi Kloerheet ze fannen.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat do ass zwar e wéineg einfach als Ausso! Dir musst de Problem och ganz kucken!

(Interruption)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Zum Index: Zum Index sinn hei ganz vill Saache gesot ginn. Jo, Här President, dës Regierung ass net d'Regierung, déi mam Kapp duerch d'Mauer wëllt! Dat schéngt dee gréisste Problem ze si vun dëser Regierung, dass mir net mordicus déi sinn!

Wa mer am Programm drastoen hunn, dass mer géifen analyséieren, wéi et mat den Intérêts notionnels wär, an zur Konklusioun kommen elo, well mer et analyséiert hunn, dass dee belsche System vun Intérêts notionnels, dee contestéiert war, net gutt ass, et dann net maachen, da kréie mer dee Reproche gemaach! Ech verstinn: Wann ee mat enger CSV an der Regierung wär, hätt een et misse maachen!

Et steet am Regierungsaccord - da liest en, well virdrun ass jo vu Parteiprogramm geschwat ginn, elo schwätze mer vun engem Regierungsaccord -, mir géifen dat analyséieren a kucken. A wann d'Konklusioun ass, dass et näischt bréngt, déi Intérêts notionnels à la belge, da maache mir se net! Mir mussen net onbedéngt recht behalen, wa mer schwaarz op wäiss gesot kréien, dass mer net recht hunn! Mir si léierfäeg. Verschidde Leit manner.

Ech wëll hei och nach..., ech sinn e bëssen iwwerrascht, well et si Punkten, iwwert déi näischt gesot ginn ass. Ech verstinn, dass verschidde Parteie Schwieregkeeten hunn. D'SRELs-Gesetz hunn ech gëschter déposéiert. Ech hunn d'Gefill, dass verschidde Leit dat hei net matkritt hunn. D'SRELs-Gesetz ass gëschter hei déposéiert ginn!

An et soll kee mer soen: „Ma d'Virregierung hat eng gutt Aarbecht gemaach", well mat deem, wat mer haten, konnte mer net méi vill ufänken! An dowéinst ass et e ganz neien Text, an ech wëll wierklech hei dem Ministère a wierklech all de Leit, déi dru geschafft hunn, e risege Merci soen. Mir hunn et fäerdegbruecht, a kuerzer Zäit deen Text zesummen ze maachen an e gudden Text ze maachen, wou och Kontroll do ass, wou d'Aarbechten, déi de SREL ka maachen, och kloer definéiert sinn.

Mä et schéngt es, wéi wann dat deen een oder deen aneren net matkritt hätt.

Den Avortement, deen ass och vu kengem CSVs-Member abordéiert ginn.

Plusieurs voix.- Dach, dach. Den Här Statsminister..., de fréieren Här Statsminister...

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Oh, ech hunn awer net matkritt, dass e beim Avortement...

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV).*- Ech hunn et awer matkritt!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- ...dass e beim Avortement iwwert déi zweet Consultatioun...

M. Gilles Roth *(CSV).*- Den Här Juncker huet Iech scho bei der Regierungserklärung gesot, dass den Här Juncker mat der zweeter Consultatioun ofschafen d'accord wier am Numm vun der CSV.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech sot awer, haut de Moien ass näischt gesot ginn, vun engem CSVs-Vertrieder ass haut näischt gesot ginn, well mer och jo gesot hunn, dass mer och den Text déposéiert hunn. Ech si ganz frou, dass dat och gesot ginn ass.

Ech muss Iech awer soen, dass ech, wann ee vu Mariage schwätzt, an ech sinn och ganz... Ech muss Iech soen, ënnert dem Paul-Henri Meyers oder dem Här Roth selwer an elo d'Madame Loschetter, wéi déi Diskussiounen och komm sinn iwwert den Homomariage...

Well ech muss Iech soen, Här President, dass ech déi extremistesch Positiounen, déi homophob Positiounen, ech menge souguer, dass... ech kann emol net vun... ech fanne keng Wierder, fir esou eppes ze beschreiwen, déi d'Vertrieder vun der ADR am Moment hei zu Lëtzebuerg hunn.

A wa jonk Leit sech d'Liewen huelen - wa jonk Leit sech d'Liewen huelen! -, well se net wëssen, wéi se sollen domadder eens ginn, an ech liesen dann an enger Question parlementaire vum Här Kartheiser: Ginn d'Kanner mam Phenomeen wéi der Homosexualitéit oder der Transsexualitéit am Kader vun deem Unterrecht konfrontéiert an, wa jo, vu wéi engem Alter un? Sollen d'Kanner - wéi dat schonn am Ausland geschitt ass - zur Homosexualitéit encouragéiert ginn?

(Brouhaha général)

Här Kartheiser, jo! Mir hätte gär...

(Interruption)

...awer all Mënsch selbstverständlech.

(Interruption)

Ech schécken Iech als Éischten an de Cours, an da kuckt Der. Esou Proposë sinn inakzeptabel!

(Brouhaha)

Här Gibéryen, ech weess net, ob Dir Iech do...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här Bettel, et gëtt keng inakzeptabel Froen an engem Parlament, Här Bettel!

(Brouhaha)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech weess net, an Ärer Fraktioun, wéi Dir Iech do kënnt erëmfannen.

An ech gesinn awer grad an deeneselwechte Proposen zum Beispill,...

(Interruption)

...well d'ADR huet elo eng Publikatioun gemaach virun e puer Deeg, wou se mam Här Cameron iwwerall drop publizéiert ginn - den Här Cameron mam Här Kartheiser oder mam Här Reding, deen Trésorier ass. Déi hunn et d'lescht Woch opgemaach!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Däerf ech dem Här Statsminister eng Fro stellen?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Déi hunn et d'lescht Woch opgemaach, déi hunn déi Saache gemaach...

(Brouhaha)

Mä et schéngt es, wéi wann an Europa déi eng oder déi aner net där Meenung wieren.

Ech wëll just soen, Här President, dass, wann een hei d'Gefill gëtt, dass eng Regierung iergendengem seng Sexualitéit, seng Relioun wëllt encouragéieren, fannen ech dat inakzeptabel! Inakzeptabel! An akzeptéiert, Här Kartheiser, dass ech an Ärer Fro déi Ënnerstellung, déi Der maacht,...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, jo!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- ...wéi wann et fir dës Regierung eng Prioritéit wier, fir d'Kanner esou ze formëieren, fir hir Sexualitéit an déi eng oder déi aner Richtung ze lenken, gleeft mer et, et ass schonn net einfach, et ass schonn net einfach, dowéinster also...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo. Däerf ech dem Här Statsminister eng Fro stellen? Dir cumuléiert...

M. le Président.- Eng Sekonn, Här Statsminister. Erlaabt Der, dass den Här Kartheiser Iech eng Fro stellt?

Plusieurs voix.- Neen!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen, Här President.

(Interruptions)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dann de Fait personnel.

M. le Président.- Majo, da frot Der deen herno.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, dee froen ech och. A parole après ministre ass och mäi Recht.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ma da stellt Är Fro, Här Kartheiser, ech...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- An dat eent schléisst dat anert net aus, well eist Reglement gëtt dat hier.

Ech wëll dem Här Statsminister Verschiddenes da soen a froen, vu datt déi zwou Saachen akut sinn.

Éischtens: An engem Parlament huet all Parlamentarier dat Recht, déi Froen ze stellen, déi hie fir richteg fënnt. Et ass net un der Regierung, Här Statsminister, fir eis als Parlamentarier ze soen, wat mir däerfe froen a wéi mir dat däerfe froen. Dat nennt een demokratesche System, an ech bieden Iech, dat ze respektéieren!

Zweetens: Ech hunn Iech gefrot, well et wichteg ass a well et an Ärem Regierungsprogramm steet, wéi Dir déi Éducation sexuelle an de Structures d'accueil an der Éducatioun do wëllt gestalten. Et steet an Ärem Regierungsprogramm. Ech hat dem Här Meisch an der Kommissioun vun der Éducatioun déi Fro gestallt. En huet mer keng kloer Äntwerte ginn, an ech géif gär wëssen, a wéi engem Alter datt dës Regierung wëllt déi Éducation sexuelle bei de Kanner virstellen, well déi Alterskategorie, an där hei geschwat gëtt, dat ass déi vun de Crèchen an déi vun de Spillschoulen.

Am Ausland sinn esou Saache gemaach ginn, an déi Fro ass valabel. A wéi engem Alter wëllt Dir d'Kanner mat esou Saache konfrontéieren? Gitt Der an d'Autoritéit vun den Elteren eran, well u sech sinn et déi, déi dat Recht hunn, hir Kanner sexual ze erzéien? Wat moosst de Stat sech un? A wat soll de Kanner bäibruecht ginn? Dat si gerechtfertegt Froen, an ech bieden Iech, dat ze soen!

An drëttens ass et net egal, wéi een de Kanner schwätzt vun Heterosexualitéit an Homosexualitéit. Et ass net egal. An ech géif gär vun Iech wëssen,...

(Brouhaha)

...an ech géif gär vun Iech wëssen,...

(Brouhaha)

...Här Statsminister, a vun deenen anere Membere vun der Regierung, wéi Dir déi verschidde Forme vu Sexualitéit wëllt an deem Unterrecht vermëttelen. Domadder maachen ech elo an dëser Fro keng Wäertung. Dir hutt mer eng Wäertung ënnerstallt. Ech hunn elo keng gemaach.

A véiertens, Här Statsminister, wat den Här Gibéryen virdrun...

M. le Président.- Dat war méi wéi eng Fro, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen!

M. le Président.- Ech ginn elo dem Här Statsminister d'Geleeënheet, fir dorop...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Da maachen ech déi Fro awer fäerdeg...

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift, Här Kartheiser! Ech wëll Iech just drop opmierksam maachen, dass ech Iech drop opmierksam gemaach hunn, bei Ärer Question parlementaire,...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo.

M. le Président.- ...dass an Ärer Question parlementaire esou eppes dran ass wéi eng Ënnerstellung, an Dir mir gesot hutt: Ech wëll déi esou stellen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech wëll déi Questioun och esou stellen.

M. le Président.- Ech wëll...

(Brouhaha général)

...Iech also just drop opmierksam maachen, dass Der vum President vun der Chamber gesot kritt hutt, dass dat do no Ënnerstellung richt.

Une voix.- Voilà! Jo!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ärer Meenung no, Här President.

M. le Président.- Wéinst der Wourecht wollt ech Iech dat just soen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Fein, Merci, Här President. Ech maachen elo mäi Saz fäerdeg an ech soen nach...

(Brouhaha général)

...dem Här Bettel a menger véierter Bemierkung, datt den Här Gibéryen virdrun däitlech gesot huet, datt d'Positioun...

M. le Président.- Rappel à l'ordre!

(Coups de cloche de la présidence)

Här Kartheiser, déi éischte Kéier Rappel à l'ordre. Ech muss Iech soen, dass, wann Der Iech elo net drun haalt, ech méi wäit muss goen. Wann ech gelift, huelt Iech Plaz an de Statsminister huet d'Wuert a soss keen!

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Merci, Här President. Ech wollt elo op déi verschidden Interventiounen agoen. Den Här Bodry huet eppes gesot, wat, mengen ech, ganz, ganz wichteg ass, wou ech och de Moie bal e Reproche gemaach kritt hunn, mir hätten déi Froe vum Referendum nach net kloer definéiert.

Jo, well mer déi gären am Dialog mat der Chamber ausschaffen. Hei ass net d'Regierung, déi elo seet, dat dote sinn d'Froen, déi elo d'Chamber ze akzeptéieren huet. Mir hätte gären, esou wéi et och gesot ginn ass de Moie vum Här Bodry, dee largeste Konsensus bei dëse Froen.

Mir wëllen net bei dëse Froen d'Leit splécken, d'Land splécken. Mir wëlle bei dëse Froen dat och net wëssen, well mer just gären eng positiv Äntwert hätten. D'Leit sollen de Choix treffen, mä mir wëllen d'Land och net splécken. An ech mengen, dass et och ganz wichteg ass, e grousse Konsensus hei am Haus op deenen dote Saachen ze fannen.

Et ass virdrun och vu Sozialdialog geschwat ginn. Jo, de Sozialdialog ass méi wéi wichteg. A gleeft mer et, hei ass gesot ginn: Jo, et si Bipartiten. Wann ech mech net iren, woren déi lescht Joren „pas de partites du tout". A fir eis wor et ganz, ganz wichteg, egal wéi et elo heescht.

Elo gëtt gesot vun enger Gewerkschaft, mir bräichte schonn eng Tripartite. Eng Tripartite ass selbstverständlech wichteg, wa schwéier Situatiounen do sinn. A Krisesituatioune soll d'Tripartite do sinn. Mir sinn der Meenung, dass am Moment eng Tripartite net muss sinn an dass et mat Bipartiten duergeet. Mä wann d'Demande do ass vun de verschiddene Partneren, da géife mer dat doten och maachen.

D'Fro zum Index. Et ass gefrot ginn: Wat wëllt dann dës Regierung? Mir sinn der Meenung, dass een am Moment… a kuckt, wéi et an Däitschland ass, haut a muer streikt zum Beispill d'Lufthansa. Kommt, mir kucken, wéi mer hei eng Paix sociale zu Lëtzebuerg hunn! Kommt, mir sollen houfreg sinn iwwert déi Paix sociale, déi mer hunn!

Dat gehéiert och zu där Attraktivitéit vun eisem Land, dass een hei zu Lëtzebuerg net muss fäerten, ob de Fliger fiert, ob den Zuch fiert, ob e Betrib zou ass, ob d'Spidol op ass, ob Proffen do sinn. Dat gëtt et zu Lëtzebuerg que très rarement, a mir sollen houfreg sinn iwwert deen Dialogue social, dee leider déi lescht Jore vläicht net stattfonnt huet, an dass deen nees stattfënnt.

Mir stellen awer och fest am Moment, dass d'Inflatioun ganz niddreg ass, ganz niddreg ass. An all Pronostik, also all Prognosen, déi mer de Moment hunn, soen, dass dat och nach eng Zäitche bleift. Dofir si mer der Meenung, dass een elo net soll direkt eng Modulatioun aféieren. Et soll een zesumme mat de Partner, mat de Partenaires sociaux virun der Summervakanz zesummekommen a soen, soulaang se bleift, soll een net moduléieren.

Mä wann eng Kéier d'Inflatioun nees ausrutscht, wann et zu enger Kris kënnt, musse mir als Regierung eis Verantwortung droen, well mer musse selbstverständlech dann och déi Regelen, déi wichteg si fir eis Ekonomie an och d'Garantie vun deem engen a vun deem aneren, kënne weiderféieren. Mä gleeft mer et, probéieren en Dialogue social ze hunn, probéieren ze évitéieren, Saachen ze maachen, déi net néideg sinn, steet an dëser Regierung selbstverständlech groussgeschriwwen, dass een dat mécht.

Ech kréien hei… och den Här Bodry an den Här Spautz sinn drop agaang, iwwer Kierch a Stat. Hei geet et wierklech net drëms, ee géint deen aneren opzehetzen. Hei geet et just ëm de Finanzement, ëm d'Coursen. An do kréien ech gesot: Wéini ass dat da fäerdeg? Ma wa mer net wéilte mat de Leit diskutéieren, gleeft mer et, dann hätt ech haut schonn e Projet dohinnergesat. Ech hätt mat kengem geschwat, mat kengem, weder mat de Culten nach mat den Enseignanten nach mat de Katechetinnen. Ma mir sinn awer net esou!

Ech hunn et virdru gesot, mir sinn net déi Regierung, déi mam Kapp wëllt duerch d'Mauer goen, ouni mat de Leit ze diskutéieren. An dat hëlt dann eben Zäit. A mir mussen dann dat ausschaffen. Ech hunn och vis-à-vis vun de Communautés religieuses gesot, dass ech virun der Vakanz, virun der grousser Vakanz gären iwwer e Projet mat hinnen diskutéieren, dass ech kann Enn des Joers mat enger konkreter Propositioun och kommen. Mä ech maachen et, nodeems ech mat de Leit schwätzen, den Istzoustand kucken a kucken, wéi et dann och weider ka goen.

Den Här Berger hat och dee Sujet abordéiert, jo. An déi zivil Zeremonie, esou wéi Der drop agaange sidd, ass och wichteg. Mir kënnen - an et soll kee mech falsch verstoen, och net den Arméiminister - net eisen Nationalfeierdag résuméieren op eng Militärparad an op e reliéisen Akt. Dat geet net.

Am Joer 2014 muss et méiglech sinn, dass een, deen net fir d'Arméi ass oder deen net un eng Relioun gleeft, awer Nationalfeierdag matfeiere kann a seng Aktivitéit net just ass, de Virowend owes d'Freedefeier an d'Stad kucken ze kommen. E Feierdag ass och eppes aneschters, en Nationalfeierdag. An dofir menge mer, dass déi zivil Zeremonie och ganz, ganz wichteg ass.

D'Madame Loschetter huet och vum Accord salarial geschwat. Jo, den Accord salarial, dat ass ganz…, et kann ee jo och populistesch sinn, andeems ee seet: „Jo, elo gitt Der deenen engen eppes bäi an deenen aneren huelt Der eppes ewech." Mir ginn net deenen engen eppes bäi, well mer wollten eppes bäiginn, mä pacta sunt servanda. Dat gehéiert zu deenen Dispositiounen, déi vun der viregter Regierung décidéiert gi sinn a vun deene mer net kënnen einfach soen: „Mir maachen et net." Mir hunn nogekuckt, ob et do net eng Méiglechkeet géif ginn, fir ze strecken, wéi, wat a wou. Mir krute gesot, dat doten ass en Engagement vun der Regierung.

A stellt Iech emol vir, mir wieren ugesicht ginn, mir hätten onrecht kritt, wéi ee Klima dat tëschent engem Patron a sengen Dausende vu Leit, mat deenen e schafft, och wier.

Dofir, mir sinn zur Konklusioun komm, dass mer et net kënnen. Mä ech muss awer nach eng Kéier drun erënneren, dass am Koalitiounsaccord drasteet, dass déi nächst fënnef Joer näischt bäikënnt. Et sinn Nullronne fir déi nächst fënnef Joer och virgesinn.

Den Här Gibéryen. Ech stelle mer just eng grouss Fro: Här Gibéryen, wat sot Dir de 26. Mee? Well bis de 25. Abrëll ass Är Ried jo elo färdeg, an ech weess just net, wat Der dann no der grousser Vakanz wäert soen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma, datt ech recht hat.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Iwwert d'Gesellschaftspolitik hunn ech scho geschwat.

Den Här Urbany. Ech muss just dem Här Urbany awer soen, dass een och muss realistesch sinn, Här Urbany. Mir kënnen net eng…, op där enger Säit kréie mer gesot, mir wieren eng betribsfrëndlech Regierung, déi net genuch géif op d'Impositioun vun de Betriber pochen.

Ech muss just eppes soen: Wa mer haut kënnen e Sozialstat sinn, deen d'Leit esou ënnerstëtzt, wéi e se ënnerstëtzt, ass et, well d'Betriber hei zu Lëtzebuerg sinn, ass et, well Suen hei produzéiert ginn.

Mir kéinten déi Leeschtungen, de Chômage, den RMG, d'Sozialwunnengen, mir kéinten d'Schoulen net bauen, wa mer keng Betriber zu Lëtzebuerg hätten. An d'Fiskalitéit gehéiert zu deene Punkten, déi selbstverständlech e Betrib och kuckt, ier e sech entscheet, firwat en op déi eng oder op déi aner Plaz geet. A wa mir hei zu Lëtzebuerg weder eng Prévisibilitéit nach eng Montée vun den Dépensen hätten ouni opzepassen, wier dat selbstverständlech ganz, ganz geféierlech och fir eis alleguerten.

Da wëll ech op d'Plans sectoriels net laang agoen. Ech wëll och kengem e Virworf maachen. Ech kann Iech just soen, dass ech ganz frou sinn, dass d'Madame Nagel, den Här Kersch an den Här Bausch déi Planung, déi virdru virgesi war… An ech soen et nach eng Kéier, well hei gëtt gesot, mat 3% wäerten d'Präisser an d'Luucht goen. Ech kann Iech just soen, wa mer 1.000 ha hei an dësem Land aus dem Bebauungsplang geholl hätten, aus dem Perimeter erausgeholl hätten, da wieren d'Präisser net ëm 3% oder 10% a 15% an d'Luucht gaangen. Dat hätt d'Präisser selbstverständlech vill méi héich gedriwwen.

Dann ass vun der Groussregioun geschwat ginn, mir wieren net an d'Kommissioun komm. Ech sinn ëmmer ganz iwwerrascht, wéi elo dat muss sinn, wéi et virdrun net war.

Mir hu kee Problem, fir bei Iech an eng Kommissioun ze kommen, Här Wiseler, fir mat Iech ze schwätzen. Et wier vläicht och eng Kéier interessant, dass mer iwwert de Bilan vun de leschten zéng Joer vun der Groussregioun géifen eng Kéier diskutéieren iwwer CSV-Ministèren, well da brauche mer keng Sitzung, da kënne mer déi direkt…

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech hat tatsächlech, Här Statsminister, gesot, Dir wäert net op de Sommet gaangen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- …da kënne mer, da brauche mer…

Jo, mä ech soen et just, also wësst Der, an dëser Regierung ass et net eng Hierarchie,…

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Très bien! Genau!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- …wien do ass. Wann an dëser Regierung de Premier net ka goen, ass e Vizepremier do, e Minister oder e Statssekretär. Et gëtt net ee Minister, dee besser ass wéi deen aneren an dëser Regierung. Et ass eng Équipe vun 18 Leit. An déi 18 Leit hunn déiselwecht Flichten, déiselwecht Rechter, déiselwecht Aarbecht an déiselwecht Représentativitéit wéi egal wien, deen an dëser Regierung ass.

(Interruption)

Hei gëtt et net e bessere Minister wéi net ee manner gudde Minister.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech wëll just dann nach zur Konklusioun soen, Här President, dass ech och feststellen, dass iwwert d'Familljepolitik ganz vill geschwat ginn ass.

Jo, dës Regierung ass der Meenung, dass et wichteg ass, d'Fraen ze ënnerstëtzen, schaffen ze goen. Mir schummen eis net derfir. Mir schummen eis net derfir, well mer der Meenung sinn, dass mer gesinn, wat dat elo fir Problemer ginn. Mir schwätze scho vu Splitting, wa mer iwwert den Divorce schwätzen.

An ech wëll just soen, hei gëtt gesot, dat sinn alles CSV-Projeten. Also e bëssen Éierlechkeet. Virun eelef Joer huet en CSV-Minister et déposéiert. A firwat ass den Text net duerchgaangen? Dat wësse mer alleguerten: Well se an der CSV-Fraktioun net eens waren! Doséinst brauch een elo net hei ze maachen, wéi wann et e grousse Progrès wier vun där enger oder vun där anerer Saach. Et soll een éierlech sinn, firwat et och esou blockéiert huet.

Jo, dës Regierung steet zu deem Engagement. Wann Dir gären hätt, ech hätt solle méi Zuele presentéieren, ech erënnere just, dass de Jean-Claude Juncker ëmmer gesot huet, an dat wor d'lescht Joer, wou e gesot huet, hie wier 25 Joer laang Budgets- a Finanzminister, dofir géif en ëmmer vill ze vill Zuele soen, dat wier säin Dada.

An där Logik erkläert sech vläicht, dass ech no 14 Joer laang Deputéierten, sechs Joer laang Sozialschäffen an zwee Joer laang Buergermeeschter, do huet een ebe méi mat deem, wat de Bierger direkt concernéiert, wat en interesséiert a wat e virun allem versteet, ze dinn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Hei ech froen nach…

(M. Fernand Kartheiser demande la parole.)

M. le Président.- Här Kartheiser, ech wëll Iech just soen, dass mer an der Prozedur si vun engem Rappel à l'ordre. Ech wëll Iech dat just soen. Dir kënnt zum Schluss vun der Sëtzung, wann Der insistéiert, nach e Wuert zu deem soen, wat hei diskutéiert ginn ass, mä op jidde Fall elo net. Mir sinn net an enger Prozedur Parole après ministre. Ech wollt Iech dat just soen. An ech géif elo direkt dem…

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, pardon.

M. le Président.- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- De Rappel à l'ordre hutt Der mer ginn, awer Dir hutt mer d'Wuert net zréckgezunn. Am Reglement steet, datt et just e Rappel à l'ordre ass, mä Dir hutt mer d'Wuert net entzunn. Dat heescht, et ass e ganz…

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ma selbstverständlech hunn ech...

(Brouhaha général)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Dat ass eng extra Prozedur.

M. le Président.- Här Kartheiser, firwat mengt Der, dass ech Iech de Rappel à l'ordre gemaach hunn? Well Der net opgehalen hutt mat schwätzen! An dofir hunn ech Iech gesot: Dir haalt op mat schwätzen! Mir sinn an der Prozedur vum Rappel à l'ordre, wann Der insistéiert, mat Androen an de Procès-verbal, a wann Der weider insistéiert, kritt Der d'Wuert zum Schluss vun der Réunioun. Mä elo am Moment huet…

Här Gibéryen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wat ass dat hei da fir eng Prozedur?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, ech wëll net elo hei een Débat doriwwer féieren. Mä den Artikel 37 (8) seet awer kloer, datt all Deputéierten am Kader vun engem Débat d'Recht huet, fir Parole après ministre ze froen.

M. le Président.- Ausser deem, deen e Rappel à l'ordre kritt huet.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat steet néierens heidran.

M. le Président.- Majo hei…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ah, non.

M. le Président.- Hei si mer an enger Procédure disciplinaire.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen.

M. le Président.- Wann Der…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, neen.

M. le Président.- Majo selbstverständlech.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, wann Der erlaabt?

M. le Président.- Jo.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Loosst den Här Kartheiser schwätzen!

M. le Président.- Neen.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Duerno spille se d'Victimen, déi net d'Recht hunn, fir eppes ze soen. D'Leit solle wëssen, wéi eng Valeure se prônéieren. Bon, ech verstinn, hiert Géft gëtt hei verbreet.

Ech wollt just nach drop agoen, well den Här Wiseler jo ganz vill Froen och iwwert den Transport gestallt huet, dass den Här Bausch, wann Der erlabe géift, Här President, awer och nach op d'Riednerpult géif kommen, fir dass en op déi vill Saachen, déi den Här Wiseler gesot huet, ka reagéieren.

M. le Président.- Jo, Dir sidd jo net an enger Prozedur wéi den Här…

(Hilarité)

An ech mengen, dass et eng fair Propositioun ass, fir zum Schluss vum Débat dem Här Kartheiser d'Wuert ze ginn. Da kann en och Explikatioune ginn zu där Prozedur vum Rappel à l'ordre. Ech fannen dat u sech méi fair wéi elo Parole après ministre. An elo huet en anere Minister d'Wuert: den Här Nohaltegkeetsminister.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wëll dann d'Thema nach eng Kéier wiesselen, well eng Rei Saachen hei, Froe gestallt gi sinn un den Nohaltegkeetsminister vum Här Wiseler, an och eng Rei Behaaptungen opgestallt gi sinn, op déi ech awer menge missen ze reagéieren.

Ech fänken u mat där ganzer, ech géif bal soen an Zwëschenzäit leideger Fro vum Stadion, der Polemik ronderëm de Stadion. An ech muss soen, ech sinn immens iwwerrascht iwwert dem Här Wiseler seng Ausso - iwwregens huet den Här Mosar jo och mat him zesummen, mengen ech, eng Question parlementaire gemaach zu deem Thema - iwwert dee ganze Komplex vun där sougenannter „Zone verte interurbaine".

Just zur Prezisioun, fir datt jiddwereen och versteet, ëm wat et geet: Dat ass e Begréff, dee gëtt et nach net an eisem Rechtssystem haut. Dat ass e Begréff, dee just den Här Wiseler natierlech ka kennen, well e mäi Virgänger war a well en natierlech och mat an der Prozedur dra war fir d'Ausschaffung vun de Plans sectoriels. Dat ass en neie Begréff, dee wäert geschafe ginn oder soll geschafe ginn, wann dat um Enn vun der Prozedur esou zréckbehale ginn ass, wann d'Plans sectoriels duerch d'Prozedur gelaf sinn.

An ech muss Iech soen, et mécht mer besonnesch Freed, hei emol endlech kënnen dorobber ze reagéieren. An dat mécht mer och méi Freed, dat mëndlech hei ze maache virun Iech, wéi op eng Question parlementaire, well da kann een dat méi prezis maachen.

Wéi ech an de Ministère komm sinn, dunn hunn ech festgestallt, wéi déi ganz Diskussioun mam Stadion ugaangen ass, datt um Ban de Gasperich op der Cloche d'Or, iwwregens och schonn iwwer e Gesetz, wat den Här Wiseler hei duerch d'Parlament goe gelooss huet, e Boulevard virgesi war, nämlech de Boulevard de Kockelscheier. Dee Boulevard de Kockelscheier geet iwwert d'Autobunn hannert der Cloche d'Or bis op déi aner Säit, mécht e Schlenker a soll (veuillez lire: münt) do op en

neie Rond-point, deen nach sollt gebaut ginn, am Kader vun deem Gesetz, wat d'Chamber scho gestëmmt huet.

An do dertëschent, tëschent där Strooss, tëschent deem Boulevard an der Autobunn, do war virgesinn am Plan sectoriel «Transports», datt e Park & Ride soll gebaut ginn. Du war ech emol schonn net schlecht erstaunt, datt d'Regierung op engem Terrain e Park & Ride virgesinn hat, déi viregt, wou den Terrain hir net gehéiert huet a wou glécklecherweis d'Stad Lëtzebuerg den Terrain dann elo emol endlech kaaft huet. Dat war emol dat Éischt.

Mä nach méi war ech awer iwwerrascht, wéi ech gesinn hunn, datt e Boulevard geplangt war am Plan sectoriel «Transports» mat engem Park & Ride vun där Capacitéit an der Zone verte interurbaine. Dat heescht, datt e Widdersproch bestanen huet tëschent dem Plan sectoriel «Paysage» engersäits an dem Plan sectoriel «Transports». An ech wëll Iech soen, Här Wiseler, dat ass net deen eenzege Widdersproch, dee mer an deene leschten dräi Méint aus deene Plans sectoriels erausgeholl hunn!

An ech géif Iech wierklech opfuerderen, opzepassen an deenen nächste Méint, wéi Der mat deem Thema ëmgitt. Ech kucken net gär an d'Vergaangenheet, well ech kucke gär an d'Zukunft. An ech wollt déi Plans sectoriels hei presentéieren an engem konstruktive Geescht. Sollt dat awer esou weidergoen, da wäert ech mer erlaben, alleguerten déi Widdersprëch, déi mer erausgehäit hunn, déi ganz dramatesch Konsequenzen zum Deel haten, da wäert ech mer erlaben, déi alleguerten hei opzezielen. Da kann emol d'Land gesinn, wat déi viregt Regierung amgaang war ze bastelen am Kader vun de Plans sectoriels!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Den zweete Punkt ass, déi Plaz, déi do ass, ech hunn natierlech du gesot, datt dat jo absurd ass, fir eng Zone verte interurbaine ze definéieren op enger Plaz, wou e Boulevard virgesinn ass, e Park & Ride an iwwregens de Centre de remisage. Zwar war den Tram jo eréischt virgesinn dohinner no 2020, war awer och do virgesinn. Dat heescht, alles dat war do virgesinn.

Do hunn ech natierlech gesot, jo, dat ass jo awer total evident, datt do, wou dat souwisou virgesi war, datt mer do net eng Zone verte interurbaine maachen. Ech hunn natierlech entre-temps dee betreffende Plan sectoriel deementspriechend korrigéiere gelooss. Ech hunn dat am Fong geholl gemaach, wat Dir, Här Wiseler, hätt misse maachen als mäi Virgänger, wann Dir Är Pläng uerdentlech gekuckt hätt!

An duerfir fannen ech et eben, wéi gesot, net gutt, datt op deem do Thema polemiséiert gëtt. Well dat hei ass wierklech Polemik, déi gemaach gëtt. Am Endeffekt hätt ech vill léiwer, ech géif emol vun der CSV endlech gewuer ginn, ob si et net wierklech eng gutt Iddi fannen, datt déi nei Regierung versicht, dat, wat souwisou virgesi war do op där Plaz, ze kombinéiere mat deem Stadion, nämlech well en do vill besser ugebonnen ass un den ëffentlechen Transport, de Park & Ride derbäi ass, wat einfach vill méi Sënn mécht.

A well et der Stad Lëtzebuerg erlaabt, an da kommen ech zum Logement, e risegt Gebitt fräi ze maachen, wou mer mat Sécherheet kënnen e gréissere Plan logement d'envergure schafen, matzen an der Stad, do, wou en higehéiert, wou mer kënnen Honnerte Logementer schafen! Ob dat net besser ass, wéi déi Léisungen, déi virdrun zréckbehale gi waren. Ech mengen, dat op alle Fall dach. An dës Regierung ass dovunner fest iwwerzeegt an dofir ass se och houfreg driwwer, datt se zesumme mat der Stad Lëtzebuerg dat do hikritt huet.

An iwwregens huet entre-temps d'Stad Lëtzebuerg och déi Terrainen dernieft kaaft, déi mer brauche fir de Centre de remisage. Dofir soen ech hinnen och Merci. Well dat erlaabt eis, dee Projet do relativ séier ëmzesetzen.

An da kommen ech...

M. le Président.- Erlaabt Der eng Fro?

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Hien huet jo eng Fro gestallt, da kritt en och direkt eng Äntwert dorobber. Dir hutt gefrot: Wat ass der CSV hir Positioun dozou, zum Stadion dohinner?

Mir hunn ëmmer kloer an däitlech gesot, datt mir kee Problem hunn, de Stadion dohinner ze maachen. Mä just, mir musse sécher sinn, datt et och klappt. Mir musse sécher sinn, datt et klappt mam Raum, datt et grouss genuch ass tëschent deenen zwou Stroossen. A mir mussen haaptsächlech sécher sinn, datt déi ganz Prozeduren, déi ugefaange sinn, och engem d'Méiglechkeet ginn, an enger Zäit ze endegen, wou et sënnvoll ass, esou ee Stadion ze bauen, well mer d'Urgence dovunner kennen.

Dat hu mer vun Ufank u gesot. Bei där Positioun bleiwe mer och. Mir hunn et just komesch fonnt, datt mer zwee Deeg virdrun hei an der Chamber e Gesetzestext gestëmmt hunn, wou de Contraire gesot ginn ass.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen, neen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wou de Contraire gesot ginn ass hei op der Chambertribün, wëll ech Iech just soen. Ech hunn net gesot, „geschriwwen". Ech hu gesot, „gesot ginn ass". Dir braucht nëmmen nozekucken, wat de Sportsminister eis erkläert huet iwwert de Stadion. Mä dat ass elo ofgeschloss, vu mir aus; duerno kënnt Dir dorop äntwerten.

Ech wëll nach zwou Saache soen iwwert déi Zone verte interurbaine. Den Här Bausch seet hei ganz léif, datt mer do Stroosse geplangt hätten an och an de Plan sectoriel «Transports» ageschriwwen hätten, wou d'Terrainen nach net dem Stat...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Och de Park & Ride!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- ...wou d'Terrainen nach net dem Stat gehéiert hätten, weder der Stad nach dem Stat. Mä justement ginn d'Plans sectoriels jo zu engem groussen Deel gemaach, fir Previsiounen anzeschreiwen. An eng ganz Rei vun deene Stroosseprojeten, eng ganz Rei vun deenen Zuchprojeten, déi an de Plans sectoriels stinn, do gehéiert den Terrain net dem Stat. Mä de Plan sectoriel ass jo précisement gemaach, fir déi Terrainen ze blockéieren.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- A fir datt Dir...

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här President, mir si jo elo hei an engem Dialog. Här Wiseler, ech wëll Iech just soen, de Boulevard Kockelscheier steet net am Plan sectoriel «Transports» aus engem ganz gudde Grond, well e scho längstens vun der Chamber gestëmmt ass. An am Plan sectoriel steet, dat wësst Der jo, näischt dran, wat souwisou schonn décidéiert ass. Duerfir ass dat net richteg, wat Der sot. Dir hutt déi Strooss décidéiert a geplangt bis dohinner an Dir hat d'Terrainen nach net. Mä dat ass och net relevant. Dat ass och net relevant!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dat geschitt awer bei Honnerte Projeten.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Bei Honnerte Projete geschitt dat awer.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech wëll Iech just soen, datt bei Honnerte Projete kann awer net geschéien, datt dat eent am Widdersproch steet zu deem aneren.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Mä Dir hutt meng Fro nach net beäntwert. Meng Fro, dat war déi, ob dat, wat projetéiert ass, de Stadion op där enger Säit - dat ass eng einfach Fro -, de Stadion op där enger Säit, de Park & Ride op där anerer Säit mat där Zuel Autoen, déi do geet, plus a sech de Remisage vum Tram, ob dat op den Terrain geet oder net. Dat ass eng einfach Fro, wou ech gär eng Äntwert hätt.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Do wollt ech nach zum Schluss drop kommen. Et ass einfach, d'Äntwert ass ganz einfach: Jo. Mir hunn natierlech dat genau gekuckt. A mir hunn natierlech déi Surface, déi mer brauchen. A wat jo elo ebe wichteg ass, mir hu souguer schonn d'Terrainen, well d'Stad Lëtzebuerg d'Terrainen alleguerte kaaft huet. An deen Deel lénks, deen hat de Stat, e klengt Stéck kaaft. Mir hunn all déi Terrainen, déi mer brauchen.

Dat Eenzegt, wat eis nach feelt, dat ass fir de Boulevard selwer, dee geplangt war vun Iech, do feelen nach e puer Emprisen an déi Richtung, well d'Strooss ganz liicht verréckelt gëtt ëm 25 Meter par rapport zum urspréngleche Projet. Do feelen eis nach e puer Emprisen, mä do hu mer awer scho Gespréicher am Lafen, déi...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Wann et esou ass, tant mieux! Ech si just gespaant, d'Pläng ze gesinn.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo. Ech hoffen, Här President, datt mer elo ee fir alle Mol déi Fro do gekläert hunn.

Da kommen ech zu der Fro vum Tram. Ech wollt Iech soen, de Projet, wéi en elo vun der Regierung ugeduecht ass, datt dat meng Meenung ass, dat ass guer näischt Neits. An dat weess den Här Wiseler och. Dat war meng Meenung scho mat enger anerer Kap, op enger anerer Plaz, wou ech jo och mat um Dësch souz, fir driwwer ze diskutéieren. Ech hunn ëmmer gesot, et ass e Feeler, datt dee Projet net d'office geplangt gëtt vun der Cloche d'Or bis op de Findel.

A firwat hunn ech dat gesot? Majo, aus engem ganz einfache Grond, well dat am Bezierk Zentrum déi gréissten Entwécklungsgebidder sinn, wat d'Aarbechtsplazen ubelaangt, déi mer iwwerhaapt am Zentrum hunn, ech géif souguer soen, am Land hunn! Wann Der kuckt, wat alles am Ban de Gasperich, och déi aner Säit Houwald, also Hesper Gemeng, Aktivitéitszon, respektiv op där anerer Säit Findel ronderëm de Logistikzenter, vun Aarbechtsplazen entsteet, dann ass dat eng Evidenz, datt, wa mer net wëllen, éischtens, am Verkéier ënnergoen, an zweetens, wa mer déi Entwécklungsgebidder do uerdentlech wëlle matenee verknäppen, da musse mer deen Tracé esou maachen. Dat war ëmmer meng Meenung.

Duerfir ass et och keng Iwwerraschung, datt, wéi déi nei Regierung komm ass - an ech war och frou, datt mer an där Regierung eis alleguerten domadder total eens waren -, de Projet deementspriechend korrigéiert gouf, an datt mer gesot hunn, neen, mir hätte gär, datt deen Tracé d'office geet Cloche d'Or bis op de Findel. Soit, datt en a Phase gebaut gëtt. Mir kënne jo net... mir musse jo iergendwou ufänke mat bauen. Dat ass net de Punkt. Mä datt dat soll geschéien.

An elo zu Ärer Fro mat de Gespréicher respektiv d'Stad Lëtzebuerg, net d'Stad Lëtzebuerg. Mä et ass jo awer eng Evidenz, eng Évidence même, datt d'Stad Lëtzebuerg just deen Drëttel bezilt vun deem Tracé vum Tram, wou en och op hirem Territoire fiert. D'Stad Lëtzebuerg ka jo awer net... Mir kënnen net d'Stad Lëtzebuerg mat bezuelen doen, wann et op de Findel geet oder op den Territoire vun enger anerer Gemeng geet. Dat ass evident.

Elo sot Der mer, hutt Der scho mat de Gemengen Hesper an Nidderaanwen geschwat. Neen, hunn ech nach net gemaach. Mä ech soen Iech souwisou, mir mussen deen Tracé do realiséieren. An dat ass eben der Regierung hir Meenung, emol onofhängeg vun der Bereetschaft vun anere Gemengen, mat ze finanzéieren. Well et ass e wichtege Bestanddeel an deem Gesamtverkéierskonzept, mat deene Plates-formes multimodales, mat dem Zuchausbau an esou weider, mat de Park & Ride, mat de Stroossen, ech kommen nach dorobber ze schwätzen, déi solle gebaut ginn, och nach an Zukunft, fir datt dat Ganzt iwwerhaapt fonctionnéiert. An dat ass eng wichteg Korrektur, déi dës Regierung virgeholl huet. An dozou sti mer. An Dir wäert gesinn, mir wäerten dat och hikréien.

Ech hu vum Dezember u bis elo intensiv mat menge Leit un deene Projete geschafft. Dat huet och dann dozou gefouert, an da kommen ech zum Stroossebau, datt zum Beispill mir - an dat beäntwert och d'Froe vläicht vun aneren heibannen, déi ëmmer mengen, mir géifen elo keng eng Strooss méi bauen -, éischtens emol sinn der nach e puer am Bau, mä et huet awer dozou gefouert, datt zum Beispill déi Nouvelle N3, déi a Richtung Hesper soll gebaut ginn, datt den nërdlechen Deel, deen am Plan sectoriel «Transports» an der Phas 2 virgesi war, dat heescht no 2020 - no 2020! -, datt mer déi virgezunn hunn, an datt d'Ponts & Chaussées relativ séier weiderkomm ass, an datt mer mat relativ grousser Vitesse wäerte kënnen déi nei Strooss bauen an deenen nächste Joren, bis op den Houwald erop a bis an d'Rue des Scillas.

Une voix.- Dat kënne mer nëmmen ënnerstëtzen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, ech soe Merci fir d'Ënnerstëtzung.

Da wëll ech just soen zu den anere Stroossebauten. Éischtens ass et jo net ganz fair, datt Der sot hei oder maacht hei, wéi wann ech nach ni ugekënnegt hätt oder ni gesot hätt, wat fir eng Stroossebauprojeten dës Regierung wéilt realiséieren. Ech war nämlech an der Kommissioun. Dir waart zwar, mengen ech, do net do an der Kommissioun.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech si jo net Member vun där Kommissioun.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dir sidd net Member an där Kommissioun, mä Är Fraktiounskolleegen, déi do waren, déi wëssen dat awer pertinemment. An duerfir, déi Froe gi jo de Moment gebetsmillenaarteg ëmmer erëm an der Press verbreet. Ech hunn an der Kommissioun all d'Projeten, déi mer wëlle bauen, gesot. An déi, déi Dir opgezielt hutt, déi gehéieren dozou: de Boulevard de Merl, de Boulevard de Cessange.

Firwat sollt ech op eemol als Nohaltegkeetsminister e Stroossebauprojet eraushuelen, deen ech hei selwer als Deputéierte matgestëmmt hunn? Well ech hunn dee matgestëmmt. Meng ganz Fraktioun huet déi mat hei gestëmmt an der Zäit. Kënnt Der mer dat soen? Ech weess et net.

An dann och déi aner Projeten, déi dra sinn, déi Sënn maachen, d'Transversale vu Klierf, d'Voie de délestage vun Iechternach, den Échangeur Accès Fridhaff, déi ginn natierlech gebaut.

Ech wëll awer just emol och eppes hei rappeléieren, well dat mer ufänkt immens op d'Nerven ze goen an der ëffentlecher Diskussioun. Hei gëtt et jo duergestallt, wéi wann déi nei Regierung alles géif verschieben, op déi laang Bänk schieben an alles eréischt géif, ech weess net wéini, wéilt realiséieren am Stroossebau. Da wëll ech Iech emol soen, wat da bei där aler Regierung am Plan sectoriel «Transports» fir e Phasage war bei deenen eenzelne Stroossbauprojeten, déi hei opgezielt gi sinn.

De Contournement Hesper Süd war virgesinn an der Phas 2, dat heescht no 2020. Jo, elo ka jo awer kee vu mir verlaangen, wann déi fréier Regierung et eréischt no 2020 virgesinn hat, datt ech an dräi Méint schonn d'Pläng, alles fäerdeg doleien hätt, déi net a mengem Tirang louchen! Dat ass reng onméiglech! D'Sécurisatioun vun der B7: no 2020. De Contournement vun Housen: no 2020. De Contournement vun Ettelbréck: no 2020.

Dat heescht, alles Projeten, déi eréischt a fënnef, sechs Joer sollten ugefaange ginn. An da verlaangt Der vu mir, datt ech an dräi Méint soll Iech elo hei d'Pläng virleeën, wann Dir d'Aarbecht virdrun net gemaach hutt a selwer der Meenung waart, datt se eréischt sollen no 2020 diskutéiert ginn!

(Interruption)

An da kommen ech bei anerer. De Contournement vun Heiderscheid: no 2030, a 15 Joer! De Contournement vun Dippech: no 2030. Do ass a mengem Tirang emol keng Fatz Pabeier gewiescht vu fäerdege Pläng!

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Vun deenen hunn ech net geschwat, Här Bausch, wëll ech just soen.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- De Contournement vun Ëlwen: no 2030. Jo, mä ech wëll dat awer eng Kéier hei emol opzielen, fir datt et ee fir alle Mol kloer ass...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech stelle just fest, datt de Statsminister vu kengem geschwat huet. Dofir hunn ech d'Fro gestallt: Wéi ass et dann elo domadder?

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, mä ech wëll Iech just soen, dat Eenzegt, wat dat Kuerzfristegt ubelaangt, wou eis Prioritéit ass am Stroossebau, ass ganz kloer: Éischtens, déi Boulevarden, déi opgezielt gi sinn, gi gebaut wéi virgesinn, well se si wichteg, sinn eleng scho wichteg och fir déi néideg Capacitéit ze schafe fir den ëffentlechen Transport op aneren Tracéën. An natierlech well et och zum Deel Erschléissungsstroosse si fir nei Quartieren, zum Beispill an der Stad oder an anere Gemengen.

Dat Zweet ass, den Autobunnsausbau vun der franséischer Grenz op d'belsch Grenz. Wat mer maache wäerten, dat ass, vu Beetebuerg bis op d'Helfenter Bréck gëtt d'Autobunn op sechs Spuren ausgebaut. Den Échangeur Helfenter Bréck ass e Sécherheetsproblem, dee gëtt ëmgebaut. Wat mer awer gestrach hunn, wat am PST (veuillez lire: Plan sectoriel «Transports») drastoung, dat ass vun der Helfenter Bréck op Sterpenich, well mer der Meenung sinn, datt dat am Moment wierklech net prioritär ass, an déi Suen investéiere mer léiwer dann an den ëffentlechen Transport.

Mir hunn e grousse Capacitéitsproblem tëschent Beetebuerg a Lëtzebuerg an Helfenter Bréck. An an déi aner Richtung ass de Problem... Virun allem léist en eis och guer kee Problem. Mir hu virun allem op där Streck Beetebuerg/Lëtzebuerg e Sécherheetsproblem. A mir hunn e Problem mam Multimodal, iwwert deen ech och nach wäert e Wuert verléieren.

Da kommen ech zum Contournement vu Bascharage. Also ech muss Iech jo soen, ech hunn en éischten Interview ginn, direkt kuerz nodeems ech vereedegt war, datt ech der Meenung wär, wann déi Aktivitéitszon do zu Käerjeng kënnt plus déi Tanken, déi solle gebaut

ginn, da wär ech der Meenung, da bräicht déi Uertschaft e Contournement. Mä ech muss lech awer soen, dat, wat ech virfonnt hu vun Iddie fir de Contournement, war éischtens emol extrem komplizéiert duerch d'Natura 2000, mat Prozeduren, wou ech véier, fënnef, sechs Joer fort sinn. Dat misst Dir och wëssen.

Dir wësst jo och, datt deen dote Contournement, souguer wa mer dee wëlle maachen, extrem komplizéiert ass, an datt mer wahrscheinlech dauernd Asprech kréien. An da sinn ech an enger Situatioun, datt ech an engem juristesche Krich sinn tëschent zwou Gemengen, wou d'Nopeschgemeng, aus hiren Iwwerleeungen eraus, alles wäert maachen, fir awer all Faille auszenotzen, juristesch, déi se hei huet - an där huet se der relativ vill, soen ech Iech -, fir derfir ze suergen, datt dee Contournement soubal nach net wäert gebaut ginn. Mir awer dann elo hei... mech dann hei ze froen: Wéini baut Der de Contournement Bascharage? Bei där Variant! Also ech muss Iech soen, ech hunn e bësse Méi gehat, fir nach roueg um Stull sëtzen ze bleiwen.

Ech wëll Iech awer soen, datt ech entre-temps och do net faul war, mä datt ech versicht hunn, mat deenen zwou Gemengen ze schwätzen, datt mer amgaange sinn ze kucken, ob et net nach aner Variante gëtt, fir ze kucken aus deem Dilemma do erauszekommen.

Duerfir, ech kann Iech just ee gudde Rot ginn, als CSV generell...

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Gitt mer en!

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Ech loosse mer gär eppes soen, ech sinn eréischt dräi Méint an der Regierung, ech hu manner Erfahrung an der Regierung an ech loosse mer gär eppes soe vu Leit, déi an der Regierung waren, wéi ee soll regéieren. Ech sinn do ganz lernfäeg an ech hunn och en oppent Ouer.

Mä ech soen Iech awer, ech kann Iech och en Tuyau ginn, well ech war laang an der Oppositioun. Oppositioun besteet net doran, sech permanent als schlechte Verléierer ze gesinn. Ech mengen, dat ass dee Rot, deen ech Iech wëll ginn. A wann Der dee géift eescht huelen, mengen ech, da kéimen och vill Froen, déi Der haut gestallt hutt, hätten déi net dierfen opkommen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Sportsminister huet d'Wuert nach gefrot. Här Urbany, ech hunn Iech net vergiess. Dir hutt souwisou nach Riedezäit am Rahme vun Ärer Motioun.

M. Romain Schneider, *Ministre des Sports.*- Här President, ech wollt just kuerz drop agoen, awer net ze laang, well ech d'Remarque gemaach krut vum Här Wiseler, datt ech jo zum Stadion eng Ausso gemaach hat am Kader vum 10. Fënnefjoresplang. Ech ginn net drop an, éischtens, well ech engersäits schrëftlech an enger Question parlementaire vum Här Mosar ganz kloer drop geäntwert hunn. An zweetens, well ech och schonn d'urgence an enger Kommissioun, déi zesummegeruff gi war, do war, fir Explikatiounen ze ginn. Explikatiounen, wou eigentlech just de Sënn vun där Commission d'urgence war, de Sportsminister als Ligener dohinnerzestellen. Ech hunn et an där Kommissioun ganz kloer bewisen, an dat Pièces à l'appui, mat Aussoen, mat Datumen, datt dat net de Fall war. An ech wollt och, datt dat zréckbehale gëtt, wat iwwregens och am Rapport steet.

Ech si frou ze héieren, an ech schléissen domat déi Saach of, well ech kee sinn, deen nodroend ass an deene Saachen, datt ech héieren hu vun der CSV, datt och si hannert dem Projet vum Stadion op där neier Plaz stinn. An ech mengen, Dir hutt gëschter d'Aussoe vum Statsminister héieren, datt mer een Avant-projet, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, bis Enn des Joers wäerte presentéieren.

D'Aarbechte lafe gutt un. An ech hoffen, datt mer endlech aus der Polemik géint dëse Stadion erauskommen, an datt mer zesummen als Chamber an als ganz Regierung dëse Projet och virundreiwen. An ech mengen, dann erreeche mer alleguerten dat, wat jo jiddwereen heibannen awer wëllt, wéi ech ëmmer erëm héieren, endlech der FLF en neie Stadion ze ginn.

Ech soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Sportsminister.

Mir wieren domat um Enn vun der Diskussioun ukomm. Den Här Urbany huet d'Wuert nach gefrot. Hien ass och Auteur vun där Motioun. Ech géif him selbstverständlech d'Wuert ginn. Här Urbany, wann ech gelift.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Ech wollt awer elo, Här President, net zu där Motioun do eng Fro stellen oder intervenéieren. Mä ech wollt eigentlech Parole après ministre nach eng Kéier huelen, fir op zwou Saachen ze reagéieren, déi den Här Bettel jo virdru virbruecht huet. Dat eent ass dat mat der Betribsbesteierung.

Also ech si wuel ganz realistesch an dofir weess ech, dass d'Betriber zu Lëtzebuerg notoresch ënnerbesteiert sinn. An dass dat e Riseproblem ass, an dass 80% vun de Betriber iwwerhaapt keng Steiere bezuelen! Ech weess och, dass d'Kapitalsteieren immens niddreg zu Lëtzebuerg sinn, dass de Räichtum net richteg erfaasst gëtt. A wann ech gläichzäiteg héieren, dass soll am Sozialstat gekierzt gi bei deene verschiddene Prestatiounen, ech ziele se net nach eng Kéier op; wann ech héieren, dass d'TVA soll elo erhéicht ginn, dat heescht bei de Ménagë soll geholl ginn; wann ech och héieren, dass beim Index soll eppes geschéien, dann hunn ech awer do meng grouss Bedenken.

An da mengen ech weiderhin, dass de Problem vun der Betribsbesteierung a vun der Besteierung vum Räichtum zu Lëtzebuerg e wichtege Problem bleift, deen iwwregens och a gewësse Wahlprogrammer Agank fonnt huet, déi sech net erëmfannen am Koalitiounsprogramm a bis elo och net an deem, wat d'Regierung erklärt huet.

Meng Fro, déi ech awer nach eng Kéier wollt stellen un de Premierminister, ass ganz prezis. Ech hu seng Ried nach eng Kéier genau nogelies, wat en iwwert den Index gesot huet. An ech hätt gär eng prezis Äntwert, wann et méiglech ass, dorobber, wat dat heescht, wa gesot gëtt, dass hien oder d'Regierung e globalen Accord virum Summer sicht, fir de Betriber an de Beschäftegten Planungssécherheet ze ginn. An dass, wann et net zu deem Accord kënnt, en da wëllt iwwer Gesetz verfueren.

Also och do, ech sinn natierlech net géint de Sozialdialog, dee muss och mat de Gewerkschafte gefouert ginn, mä grad op deem dote Punkt weess ech awer guer net, ob d'Gewerkschaften interesséiert sinn ze diskutéieren oder zu engem Ofschloss ze kommen. An do ass et awer, mengen ech, legitim, och an dëser Chamber kënnen d'Fro ze stellen: Wat ass gemengt domadder? Op wat wëllt d'Regierung eraus an deenen Diskussioune mat de Gewerkschaften?

M. le Président.- Wëllt den Här Statsminister dorop reagéieren?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ganz kuerz. Merci, Här President. Ech wëll just dem Här Urbany soen, dass mer mat de Gewerkschaften en Accord sichen. Dir sot, si wieren net interesséiert. Wa mer mat hinnen net driwwer diskutéiert hunn, kënne mer net wëssen, ob se interesséiert sinn oder net.

Fir eis geet et drëms, Mesuren ze maachen, den Dialog nees unzefänken. Dat doten ass eng vun deene Mesuren. Dir wësst jo, wat am Koalitiounsaccord drasteet. Mir sinn der Meenung, et sollt een elo emol diskutéieren, kucken, wéi eng Pisten et gëtt. Et muss een elo net légiféréieren, wann de Besoin net do ass, an et soll ee keng Dier zoumaachen. Dat ass dat, wat dës Regierung wëllt maachen.

Erlaabt mer just, Här President, och nach am Numm vun der Regierung de Gebärdendolmetscher Merci ze soen an der Traduktioun. An ech soen et nach eng Kéier: Et ass fir d'Éischt wou d'Chamber de ganzen Débat a Gebärdesprooch an och iwwersat huet. Ech fannen dat e flott Zeeche vun Ouverture, déi Äre Chambersbureau och décidéiert huet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci villmools. Ech mengen, et war effektiv eng ganz gutt Décisioun a fir déi Leit, déi eis gehollef hunn, sécher keng einfach Aufgab. Ech géif dann zur Motioun iwwergoen. Net vergiess, dass nach een Deputéierten zum Schluss vun der Sëtzung d'Wuert kritt.

Zu der Motioun, wëllt do nach ee Positioun bezéien? Den Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, Merci fir d'Wuert. Merci och fir d'Dolmetscher. Ech wëll mech gären deem Merci uschléissen. Ech wëll just drop hiweisen, datt mer och solle wierklech eng Kéier haart driwwer nodenken, fir eng franséisch Iwwersetzung ze maachen, well dat betrëfft och vill Leit. Mä do komme mer eng Kéier drop zréck.

M. le Président.- Zur Motioun.

Motion 1

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Zu der Motioun: Wann ech dat richteg verstanen hunn, proposéiert de Statsminister, datt de Finanzminister géif den 23. zu dem Stabilitéitspakt an zu den Donnéeën, déi op Bréissel ginn, Stellung huelen. An de 25. géif de Regierungsrot eng Décisioun huelen an den 28. wier dann den nämlechte Minister bereet, an d'Kommissioun ze kommen, fir dat nach eng Kéier méi am Detail oder anescht ze erklären.

Ech verstinn net, firwat datt de Minister..., de Finanzminister net kann an der Chamber den 23., well Zäit hu mer, wierklech erklären, och Pièces à l'appui, wat d'Regierung do wëllt proposéieren.

Well nom 28., Dir wësst dat och, dat ass eng net ëffentlech Diskussioun - et ass e groussen Ënnerscheed, ob een eng Diskussioun ëffentlech féiert. An an esou enger wichteger Saach wier et awer wichteg, wann ee kéint eng ëffentlech Diskussioun féieren.

Wann dat eenzegt Hindernis dat wier, datt de Regierungsrot nach net seng Décisioun formal geholl huet, dann, mengen ech, géift Der sécherlech do och eng Léisung fannen, aus Rücksicht dorobber, datt e Parlament wierklech kann eng ëffentlech Diskussioun doriwwer féieren, soit den 23. oder de 24., esou wéi den Ordre du jour dat géif zäitlech erlaben.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Reaktiounen dorop?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, wann Der erlaabt. Ganz kuerz.

M. le Président.- Jo.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Also, ech hunn erkläert, firwat. Ech bleiwe bei där Meenung. Et sinn elo Deeg, déi op eis duerkommen, wou ganz vill Leit net do sinn. Hei zielt all Dag. Ech géif wierklech... Mir hunn am Regierungsrot de 25. net virgesinn. Den Här Gramegna kënnt och den 28. an d'Kommissioun an der COFIBU. Duerno steet souwéisou d'Press do. Dat heescht, da ka jiddweree scho säi Statement maachen.

M. le Président.- Keng weider Stellungnahm dozou? Ech mengen, et ass eng kloer Haltung vun der Regierung. Domat géif ech dann de Vote lancéieren.

Vote sur la motion 1

Déi, déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo. De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Fin du vote.

Et hu 54 Deputéierte par procuration oder direkt um Vote deelgeholl. Jo: 22 Stëmmen; Neen: 32 Stëmmen. Domat ass d'Motioun verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Diane Adehm), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Virum Enn vun der Sëtzung géif ech dem Här Fernand Kartheiser d'Wuert ginn zu deem Intermezzo, dee mer virdrun haten.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, ech soen Iech villmools Merci. Här Statsminister, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht e puer Punkten dozou. Ech hat dat Gefill an der Diskussioun, déi mer virdrun haten, datt menger Partei oder mir perséinlech eng gewëssen Homophobie ënnerstallt gi wär. Dofir wëll ech dozou emol eng kloer Stellung huelen.

Dir fannt an eise Positiounen als ADR näischt, wat an iergendenger Hisiicht als homophob kéint interpretéiert ginn. An ech wiere mech grondsätzlech géint d'Impressioun, datt eng Oppositioun géint e Bestietnis tëschent gläichgeschlechtleche Partner gläich wär wéi eng homophob Astellung. Et gëtt do ganz grondleeënd Ënnerscheeder. Et ass wichteg, fir festzestellen, datt kee Mënsch...

Ech wonnere mech och, Här President, datt den Här Statsminister, dee mech op deem Punkt interpelléiert huet, anscheinend wëlles huet, elo de Sall ze verloossen. Wann ech keen Diskussiouns...

(Brouhaha)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här Kartheiser, Dir hutt eng Fro gestallt.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech kommen dorop.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dir schwätzt vum Phenomeen vun der Homosexualitéit.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat ass kee Phenomeen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- D'Heterosexualitéit ass och e Phenomeen. Also do ass... Dir liest do Saachen eran, déi net dostinn. Jo, si ass phenomenal flott, jo.

Ech wëll also probéieren, dem Här Statsminister eppes ze erklären an eng Äntwert op eng Fro ze ginn. An ech wär dofir frou, wann den Här Statsminister géif bei eis bleiwen, bis en déi Äntwert dann héieren huet.

(Interruption)

Ma neen, ech ginn Iech eng Äntwert op eng Fro, déi Dir mir gestallt hutt, Här Statsminister.

Also, et gëtt e grondsätzlechen Ënnerscheed tëschent enger Positioun, tëschent dem homosexuelle Bestietnis an enger homophober Astellung.

Den Här Gibéryen huet de Moien erkläert, oder de Mëtten, datt déi Ursaachen, déi eis als Partei dozou bréngen, fir eis géint en homosexuellt Bestietnis auszespriechen, den Interessi vun de Kanner ass. Wou mer soen, d'Kanner hunn e Recht, an et huet kee Recht op e Kand. An Dir wësst, datt déi Leit, déi sech fir en homosexuellt Bestietnis asetzen, och der Meenung sinn, datt herno duerch PMA oder duerch Leihmutterschaft déi Koppelen en Usproch op Kanner kënne kréien.

Dat ass net eis Positioun. Mir denken, datt dat Bescht ass fir d'Entwécklung vun engem Kand - do kann een och anerer Meenung sinn -, datt se souwuel dee weibleche wéi dee männleche Pôle an hirer Entwécklung kenneléieren. An dofir si mir do dergéint, datt Kanner an esou Situatiounen, déi ech elo net weider bewäerten, opwuessen.

Dat ass eng legitim politesch Positioun am Interessi vum Kand. Déi Fro, déi ech gestallt hunn, déi bezitt sech op reell Virkommnisser, déi am Ausland geschitt sinn. Am Kader vun esou enger Éducation sexuelle bei ganz klenge Kanner an och bei e bësse méi ale Kanner an der spéider Primärschoul, wou se wierklech encouragéiert goufen, fir homosexuell Verhaltensweisen unzehuelen, wat eppes anescht ass wéi homosexuell Kanner unzehuelen, déi déi Neigung hunn. Do ass e grondleeënden Ënnerscheed, ob een een unhëlt, esou wéi en ass - an dat ass eis Positioun a jiddwerengem seng vun eis -, oder ob ee Leit encouragéiert, bewosst, fir eppes Gewësses auszeprobéieren oder ze maachen.

An ech wëll wëssen, ob an deem, wat hei geplangt ass, an där Éducation sexuelle an de Schoulen och op dee Wee gaange gëtt, wéi et am Ausland eben zum Deel probéiert gouf an duerch de Protest vun den Elteren agestallt gouf, oder ob dat net envisagéiert ass. Och dat ass eng legitim Fro am Kader vun eiser Unterrechtspolitik.

An da wëll ech nach ee leschte Punkt maachen. An dat ass mer och ganz wichteg. Dir schwätzt ëmmer och, am Kader vun der Ofdreiwung, vun de Rechter vun der Fra. Mir sinn eng Partei, déi och un d'Kanner denkt. An, Här Statsminister, fir déi Leit, déi d'Televisioun kucken, en ass amgaangen de Sall ze verloossen.

(Brouhaha)

Ah neen, en dréit sech nees ëm - ech si frou, Här Statsminister, datt Der heibleift.

M. le Président.- Här Kartheiser, wann ech gelift, kommt zum Enn vun Ärem Räsonnement, soss muss ech Iech eng zweete Kéier à l'ordre rappeléieren.

(Brouhaha)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, hei ass eng mauvaise foi.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hu fënnef Minutten!

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Hei gi Saache behaapt...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hu fënnef Minutten, fir ze schwätzen.

(Brouhaha)

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Loosst e säi Gëft sprëtzen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech maache jo kee Feeler doduerch, datt ech als Parlamentarier am Parlament hei d'Wuert huelen a politesch Positiounen do erklären. Och, wa se vläicht net am Interessi vun der Majoritéit sinn.

(Interruptions)

M. le Président.- Hei geet et net ëm den Inhalt, hei geet et ëm d'Form.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ma da loosst mech wann ech gelift schwätzen!

M. le Président.- Da fuert weider!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Meng Form wor héiflech.

M. le Président.- Da fuert weider!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hu souguer den Här Statsminister gebieden, heizebleiwen, fir datt e mer kann nolauschteren.

Also, Här Statsminister, mir sinn eng Partei, déi sech konsequent fir d'Rechter vun de Kanner asetzt, inklusiv dem Recht op d'Liewen. Ech ka verstoen, datt Dir bei der Ofdreiwung sot, Dir wëllt d'Souveränitéit vun der Fra voll respektéieren. Mä et geet net nëmmen ëm d'Fra an ëm d'Mamm, et geet och ëm d'Liewe vum Kand. An et ass eng ganz, ganz bedenklech Entwécklung. Wann Dir elo higitt mat Ärer Majoritéit, fir souguer d'Ofdreiwung ze depenaliséieren, dat ass wierklech e Paradigmewiessel an eiser Rechtskultur.

M. le Président.- Jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Bis elo... Meng fënnef Minutte sinn nach net eriwwer, Här President.

(Brouhaha)

M. le Président.- Jo, mä et deet mer leed, Här Kartheiser, Dir sidd net méi hei an der...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hu fënnef Minutten an dësem Parlament, fir meng Positioun duerzeleeën. Et ass näischt am Reglement, wat mer dat verbitt. A wann hei eng Positioun vertrueden ass, déi vläicht eng Majoritéit net arrangéiert, dat heescht awer net, datt dat hei net däerf gesot ginn.

(Interruption)

M. le Président.- Här...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Mir sinn an engem demokratesche Stat.

M. le Président.- Här Kartheiser!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Wou gëtt et dat?

(Brouhaha)

M. le Président.- Här Kartheiser, Dir hutt en éischten Appel à l'ordre hannerun Iech gehat. Ech hunn Iech d'Wuert ginn, fir Iech ze explizéieren. Ech hunn Iech d'Wuert net ginn, fir nei Chantieren opzemaachen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ma, ma...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, dat do geet dach net.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir hunn e Reglement, an do huet all Deputéierten d'Recht, Parole après ministre...

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- ...ze froen. An en huet fënnef Minutten zegutt. Loosst deen Deputéierte seng fënnef Minutten hei schwätzen, ob dat engem gefält, wat e seet, oder net gefält, dat ass eng aner Saach. Mä et huet jiddwereen dat Recht.

(Interruptions)

M. le Président.- Ech wëll Iech just nach eng Kéier drun erënneren, Här Gibéryen, dass de Member vun Ärer Fraktioun zur Uerdnung geruff ginn ass.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Maja.

M. le Président.- A beim Rappel à l'ordre si mer an enger anerer Prozedur, an déi Prozedur...

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ma neen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ma neen.

M. le Président.- ...an déi Prozedur leeft. Här Kartheiser, féiert Äre Räsonnement zu Enn!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ma, Här President, d'Auer ass gelaf, obschonn ech elo net geschwat hunn. Mä ech wëll awer mäi Versteesdemech..., ech wëll net Ärt Versteesdemech interpretéiere vum Reglement, mä mäi Versteesdemech. An no deem Versteesdemech krut ech e Rappel à l'ordre, an deen Ableck, wou Der et ausgeschwat hutt, ouni Inscription de tracé verbal an ouni datt ech d'Wuert entzu kritt hätt. Sou steet et am Reglement. A wann een awer hei an engem Rechtsstat ass, an engem Parlament, wat no Regelen existéiert, da muss d'Reglement applizéiert ginn, an zwar fir jiddwereen, mengen ech.

Ech kommen zum Schluss. Ech wëll elo dem Här Statsminister awer nach dee leschte Saz soen, deen ech him wollt soen. Dat ass, datt e Paradigmewiessel an dësem Stat ze existéiere schéngt, deen d'Doutmaache vun engem Mënsch, och wann en nach net gebuer ass, aus dem Code pénal eraushëlt. Dat bedaueren ech.

Ech soen Iech villmools Merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Bodry huet d'Wuert gefrot.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, ech wëll, opgrond vun där Interpretatioun, déi hei vun eisem Reglement vun eenzelne Leit gemaach gëtt, awer op eppes hiweisen. D'Parole après ministre setzt viraus, dass ee sech bezitt op eng Ausso, déi de Minister direkt virdru gemaach huet.

M. le Président.- Ganz richteg.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Ech ka mech net erënneren, dass de Statsminister a senger Äntwert hei - dat war seng lescht Interventioun, wou Dir duerno d'Wuert gefrot hutt - eng Ausso zum Beispill zum Avortement gemaach hätt. An déi Parole après ministre muss sech op eng Direktausso bezéien, déi de Minister gemaach huet. Soss féiert dat zu engem Détournement vun eise Regelen a vun de Riedezäiten.

Well, mat Ärer Interpretatioun kann all Deputéierten no enger Debatt, wann de Minister geschwat huet, erausgoen a während fënnef Minutten egal wat soen.

Une voix.- Jo.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dat däerf et net ginn. Wann dat doten d'Interpretatioun ass, da musse mer dat an eisem Reglement, Här President, kloerstellen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Très bien.

Merci fir déi gutt Debatt iwwer ganz laang Strecken. Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.53 heures)

SÉANCE 16

MARDI, 22 AVRIL 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. Communications
- *M. le Président*

3. 6611 - Proposition de loi relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes
- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

4. Ordre du jour
- *M. le Président*

5. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant
1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Eugène Berger*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn, Félix Braz, Nicolas Schmit, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Häre, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis Sëtzung ass op.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Dat ass net de Fall, Här President.

2. Communications

M. le Président.- Merci, Här Statsminister. Ech wollt der Chamber da folgend Kommunikatioune maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Chambersbüro deponéiert.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung an der Administratioun ukomm sinn, ass un d'Fraktioune gaangen.

3) Op Ufro vun der Regierung ass iwwert den Arrêté grand-ducal de retrait vum 3. Abrëll 2014 de Projet de loi 6379 iwwert d'Disziplin an der Arméi an an der Police an an der Inspection générale de la Police den 10. Abrëll 2014 vum Rôle gestrach ginn.

4) Dann hunn d'Petitiounskommissioun an d'Conférence des Présidents eng nei Serie vu Petitioune fräiginn, déi kënnen um Portail vun der Chamber ënnert dem Kapitel „Pétitions publiques" consultéiert a suivéiert ginn.

Communications du Président - séance publique du 22 avril 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducaux suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6677** - Projet de loi:*

1) relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de probation et aux peines de substitution et

2) favorisant l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions rendues en l'absence de la personne concernée

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 03.04.2014

***6678** - Projet de loi portant modification du Code du Travail et portant introduction d'un paquet de mesures en matière de politique d'âges*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 03.04.2014

***6679** - Projet de loi portant financement du Max Planck Institute Luxembourg for International, European and Regulatory Procedural Law*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 09.04.2014

***6680** - Projet de loi prévoyant la procédure applicable à l'échange de renseignements sur demande en matière fiscale et modifiant la loi du 31 mars 2010 portant approbation des conventions fiscales et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 10.04.2014

***6681** - Projet de règlement grand-ducal abrogeant le règlement grand-ducal du 17 juin 1992 portant exécution de l'article 102, alinéa 8 de la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (transferts des plus-values)*

Dépôt: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 14.04.2014

6682 *- Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à des missions d'observations de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe (OSCE) des élections présidentielles et parlementaires en 2014*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 16.04.2014

6683 *- Projet de loi portant modification:*

1) du Code pénal et

2) de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption volontaire de grossesse

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 16.04.2014

*3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 3 avril 2014 le projet de loi n°**6379** ayant pour objet la discipline dans l'armée, la Police grand-ducale et l'Inspection générale de la Police a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés en date du 10 avril 2014.*

4) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 3 avril 2014:

*Pétition publique n°**333** - Géint den Tram a fir d'Ofhale vun engem Referendum*

Dépôt: 21.03.2014 par M. Philipp Bützow

*Pétition publique n°**334** pour la révision de la hauteur des trottoirs et l'ajustement de cette hauteur*

Dépôt: 21.03.2014 par M. Yves Ross

*Pétition publique n°**335** pour l'introduction d'un revenu de base universel pour tous les citoyens du Luxembourg*

Dépôt: 21.03.2014 par M. Alfred Groff

*Pétition publique n°**336** - Étude destinée à l'évaluation des paramètres de la «Fonction d'Utilité» conditionnant le «modal-split» en matière d'utilisation du transport en commun à Luxembourg*

Dépôt: 24.03.2014 par M. Adolphe Faber

*Pétition publique n°**337** - Services multimédias ayant leur siège au Luxembourg*

Dépôt: 25.03.2014 par M. Romain Duhr

*Pétition publique n°**338** - Subvention de la mobilité 100% électrique à deux roues*

Dépôt: 29.03.2014 par M. Luc Bernardin

*Pétition publique n°**339** pour un système d'aides financières compétitif, équitable et socialement juste pour les études supérieures*

Dépôt: 01.04.2014 par M. Christophe Knebeler

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 6611 - Proposition de loi relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes

Déclaration de recevabilité

Dann hunn an hirer Réunioun vum 3. Abrëll d'Presidenten an der Presidentekommissioun fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi sech ausgeschwat. Et ass d'Proposition de loi N°6611 iwwert d'Égalité salariale vu Mann a Fra, déi vum Här Lucien Lux de 6. Dezember 2013 deponéiert gouf an déi d'Madame Cécile Hemmen de 27. Mäerz 2014 iwwerholl huet.

Schléisst d'Chamber sech dësem Virschlag un?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Zum Ordre du jour brauch ech net an den Detail ze goen, dee fannt Der op Äre Schiermer respektiv um Portail vun der Chamber. Dir wësst, dass mer dës Woch véiermol wäerte siégéieren, haut mat der Presentatioun vum Rapport vun dem Budgetsberichterstatter, muer der Stellungnahm vun der Regierung an iwwermuer moies a mëttes den Debatten.

Domat géife mer dann zum éischten Deel vun de Budgetsdebatten iwwergoen, dat ass d'Presentatioun vum Rapport vun der Finanzkommissioun. An d'Wuert huet elo direkt de Budgetsberichterstatter, den honorabelen Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

5. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här Premierminister, Dir Dammen an Häre vun der Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg huet 2018 eng Schold vun iwwer 16,3 Milliarden Euro, Tendenz weider steigend, fir net ze soen, d'Schold leeft aus dem Rudder. D'Administration centrale huet 2018 en Defizit vun 1,1 Milliarden Euro.

De Lëtzebuerger Stat muss 2018 iwwer 330 Milliounen opbréngen, eleng fir seng Scholdzënsen ze bezuelen. Mir erfëllen 2018 net méi verschidde Kritäre vun dem europäesche Stabilitéitspakt an eisem Objectif à moyen terme, well mer e Solde structurel vu -1,2% vum PIB hunn.

Och e Wirtschaftswuesstum vun 3,8% ännert 2018 näischt drun, datt eis Statsfinanzen an engem Déséquiliber sinn, déi all Initiativ, all Spillraum fir Politik mëttelfristeg erstécken doen.

Dat sinn e puer Zuelen a Fakten, déi beschreiwen, wéi d'Situatioun an eisem Land 2018 ass, wa mer esou weiderfuere wéi bis elo, wéi de Comité de prévision seet „à politique inchangée". À politique inchangée, wa mer eis Politik net änneren, hu mer Lëtzebuerg spéitstens 2018 an dës ganz schwiereg a bedenklech finanziell Lag eramanövréiert.

Här President, déi Zuelen, déi ech elo opgezielt hunn, sinn awer keng Fatalitéit. Mir kënnen déi genannten Zuelen, mir kënnen dëse Budgetsdéséquiliber verhënneren.

Wéi kënne mer e verhënneren? Wa mer aus der Politique inchangée e Changement de politique maachen. Wa mer also eis Politik änneren an d'sozial Selektivitéit an de Mëttelpunkt stellen. Wa mer eis nei opstellen an der Finanzpolitik a konsequent déi strukturell Reformen uginn, déi noutwendeg sinn. Wa mer déi Erausfuerderungen, déi sech eis stellen, zesummen a solidaresch uginn.

Et läit un eis alleguerten, un der Politik, un der Regierung, un der Chamber, un de Gewerkschaften, un de Forces vives, awer och un all de Biergerinnen a Bierger dobaussen am Land, dës Erausfuerderungen unzegoen an eisem Land nei Chancen ze verschafen.

Här President, no de Wahle vum 20. Oktober hunn déi dräi Koalitiounsparteie bei dem Comité de prévision eng Note gefrot, fir den Iwwerbléck iwwert d'Finanzsituatioun vu Lëtzebuerg ze kréien. Et ass eng evident, eng wichteg Prozedur, wann ee Koalitiounsgespréicher ufänkt a wann eng nei Regierung d'Geschäfter vum Land iwwerhëlt, well et wëllt ee genau wëssen: Wou si mer drun? Wéi steet et ëm d'Land?

De Comité de prévision, deen déi nei Regierung och elo institutionaliséiere wäert, huet der Finanzkommissioun ganz rezent den 9. Abrëll nach eng Kéier eng aktualiséiert Note presentéiert, déi net méi konnt ganz an de schréftleche Rapport erakommen, duerfir wäert ech se dann elo am Mëndleche virhuelen.

En huet also eis do den 9. Abrëll eng Note presentéiert an nach eng Kéier aktualiséiert Zuele vun de leschte Méint, déi konnten nach verfeinert ginn, op de leschte Stand bruecht ginn. Déi Note huet nach eng Kéier kloer opgezeechent, wéi d'Evolutioun vun de Statsfinanzen ass, wa mer zu Lëtzebuerg net nei Weeër an der Finanzpolitik aschloen.

Eng interessant Donnée, déi sech nach net esou kloer ofgezeechent huet am Hierscht, krute mer elo den 9. Abrëll. An zwar ass dat déi vun der Evolutioun vun der Konjunktur. Do ginn et a priori e puer Liichtblécker um Horizont. Fir 2014 sinn 3,1% Wuesstum ugesot, fir 2015 3,2%, dann 3,6% fir 2016 a schliisslech 3,8% fir 2018.

Mä, Här President, och wann déi puer Sonnestrahlen de Réck liicht wiermen, ass dat nach kee Summer, well trotz allem lafen eis, wa mer näischt an eiser Finanzpolitik änneren, d'Käschte vum Zentralstat fort. Trotz dem Unzéie vun der Konjunktur bis 2018, riskéiere mer a fënnef Joer eben déi Schold vun deene 16,3 Milliarden ze hunn, déi ech direkt um Ufank hei genannt hunn an déi aus der Note ebe vum Comité de prévision vum 9. Abrëll stamen.

Domat hätte mer dann och 2018 e Solde structurel vun 1,2% minus. Domadder géife mer also och net de Virgabe vu Bréissel entspriechen, well mir mussen am Kader vun dem Volet préventif vum Pacte de stabilité an och am Sënn vum Objectif à moyen terme op e Solde structurel vu plus 0,5% vum PIB kommen.

Oder an anere Wierder: Mir mussen eis Schold bis 2018 ëm 1,2 Milliarde verkierzen. 1,2 Milliarde spuere bis 2018, dat heescht also an der Moyenne iwwer 300 Milliounen d'Joer all Kéiers zousätzlech, net eng Kéier, an dat Joer och nach eng Kéier, mä mir mussen awer all Kéiers dobäi nach eng Kéier op 300 Millioune komme par rapport zu deem Joer virdrun. Dat ass eng Virgab, laansicht déi komme mer einfach net.

Wa mer déi Schold net an de Grëff kréien, heescht dat, der nächster Generatioun, den nächste Generatiounen, eise Kanner eng enorm Hypothéik, e Rucksak voller Laascht ze iwwerloossen, mat deem sengem Gewiicht kee méi richteg goe kann a scho guer kee méi ka Spréng maachen.

Här President, an all Stot mécht ee sech seriö Gedanken a ginn d'Alarmsignaler un, wann een dauernd muss Schold ophuelen, Sue léine muss, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, fir déi lafend Käschten, fir d'Iessen, fir de Bensin, fir d'Elektresch an esou weider. Do ass een dann an engem Däiwelskrees dran, aus deem een net méi erauskënnt. Et ass net aneschters beim Stat. Och do geet iergend eng Kéier d'Rechnung vir an hannen net méi op.

Déi Analys vum Zoustand vun de Statsfinanzen, déi Note vum Comité de prévision ass e Message un d'Politik. Mir liewen zu Lëtzebuerg iwwer eis Verhältnisser a mir kënnen net esou weiderfueren.

Déi Previsioune sinn a mengen Aen och e kloren Optrag un déi politesch Verantwortung, déi noutwendeg Schrëtt an Décisiounen ze huelen, déi sech aus där Analys opdrängen. Et geet net nëmmen drëms, se einfach zur Kenntnis ze huelen. An dat ass dee méi schwéieren Deel, awer och dee méi erausfuerderenden Deel vun der Politik.

Politik ze maachen, wann d'Keese voll sinn, wann ee Cadeaue ka verdeelen, ass eigentlech e relativ einfacht Geschäft, mä wann et net méi ronndréit, wann d'Finanze mussen nei opgestallt ginn, da gëtt d'Politik richteg gefuerdert, well dann heescht Politik, Choixen treffen, dann heescht Politik, Courage hunn, Décisiounen ze huelen. Politik maachen an esou Zäiten heescht och, Entscheedungen ze huelen, bei deenen net ëmmer jiddwereen an d'Hänn klappt viru Begeeschterung, mä bei deenen een iwwerzeegt ass, datt et déi richteg Décisioune si fir d'Land.

Eppes ass awer och ganz kloer fir de Budgetsrapporteur: Strukturell Reformen, déi mer mussen ugoen an deenen nächste Joren, dat dierf net heeschen, Austeritéitspolitik maachen, net spueren, fir ze spueren. Neen, dat muss heeschen, d'Land aneschters opstellen, fir nei Chancen ze schafe fir Lëtzebuerg an och fir jiddwer eenzelne Bierger hei am Land.

Här President, hu mer et eis an deene leschte Joren net ze vill an der Inertie, am Stëllstand bequem gemaach? Wann een an der Geschicht zréckbliedert - deen Exercice mécht een och als Budgetsrapporteur, datt ee kuckt, wat aner Budgetsrapporteure geschriwwen a gelies hunn -, da sinn eigentlech säit 2006/2007 d'Budgetsrapporteuren net midd ginn ze widderhuelen, datt mer strukturell Problemer hunn, déi mer mussen an de Grëff kréien.

Bon, d'Sue sinn natierlech déi Joren duerno weider erakomm, haaptsächlech duerch déi nei Recetten aus dem E-Commerce. An de Lëtzebuerger, dee seet sech jo gären, datt um Enn sech iergendwéi dach alles wäert arrangéieren.

Här President, dës Kéier wäert dat net de Fall sinn! De Budgetsrapporteur ass een, deen och gäre Sport mécht; ech wéilt et vläicht aneschters vergläichen: Et ass wéi beim Sport, do kënnt een heiansdo an eng Confort-Zon, esou nennt een dat. Dat ass wann een zum Beispill lafe geet an dann ëmmer erëm déiselwecht Distanz mécht, zéng Kilometer an deemselwechte Rhythmus. An dann ass een der Meenung - wow! -, elo hunn ech eppes gemaach, ech hunn eppes Guddes fir mech gemaach.

Neen, d'Sportler wëssen, an ech gesinn der hei, an der Chamber sinn der jo, déi wénken och elo mam Kapp Neen, da baut ee lues a lues of. Dat ass eigentlech…, mir sinn och e bëssen an där Situatioun.

Wann een also wëllt progresséieren, besser Zäite lafen, méi staark ginn, da muss een aus där Confort-Zon do eraus. Et muss een heiansdo forcéieren, et muss een heiansdo ausser Otem sinn. Heiansdo mussen d'Muskele wéidoen, fir datt een erëm méi staark gëtt.

Also, Lëtzebuerg kéint ee vläicht och heiansdo e bësse mat där Situatioun vergläiche vun där Confort-Zon. Mir mussen also do eraus. Mir musse méi Efforte maachen, fir datt mer eben als Land a fënnef Joer erëm méi fit sinn, datt mer besser Zäiten, besser Budgeten och kënnen a fënnef Joer hunn.

Här President, wann an deenen nächste Méint a Jore musse strukturell Reforme gemaach ginn, wann Efforte vun de Leit verlaangt ginn, da muss déi Ustrengung solidaresch a gerecht verdeelt ginn a vu jiddwerengem gedroe ginn.

Et muss sozial gerecht verdeelt ginn. Dat heescht, déi Ënnescht op der Leeder kënnen net déiselwecht Efforte maache wéi déi uewen op der Leeder. Wann de Budgetsrapporteur elo verschidde Reaktiounen am Land gesäit op déi éischt Mesuren, déi ugekënnegt gi sinn oder déi sollen ëmgesat ginn - ech denken do un d'Studentesubsiden oder verschidden Änneruge vun der TVA -, da stëmmt mech dat nodenklech. Schnell melle sech dann déi eng oder aner zu Wuert. Et sinn der, déi wëlle streiken, anerer gi Petitiounen eran. Anerer kritiséiere ferm a soen: „Net esou mat eis!"

Et ass kloer, et ass legitim, wann ee vun neie Mesuren net direkt begeeschtert oder iwwerzeegt ass, datt een dat och zum Ausdrock ka bréngen. Mä et ass awer wichteg, datt d'Solidaritéit muss spillen, datt jiddwereen e klenge Bäitrag leescht an net ëmmer nëmme verlaangt gëtt, datt bei deenen anere muss gespuert ginn.

Ech kommen herno nach op déi eng oder aner Mesure ze schwätzen. Et wier awer emol gutt, déi Mesuren, déi an deenen nächste Méint wäerte geholl ginn, och an de richtege Kontext ze setzen, a wa se an de Vergläich zum Beispill och mam Ausland géife gesat ginn.

Här President, mir mussen op alle Fall hei zu Lëtzebuerg, wa mer déi Reformen uginn, och den Nimby-Reflex - dat heescht, bei jiddwerengem, nëmmen net bei mir hannen am Gaart -, dee Reflex iwwerwannen, fir datt mer zesumme Lëtzebuerg erëm fit maachen.

Mir all heibannen, ech mengen - tous partis confondus -, ech ka fir all Parteie schwätzen, hu mer virun dem 20. Oktober Wahlversammlunge gemaach, an owes an de Wahlversammlungen huet sécherlech déi eng oder déi aner Partei gesot, datt missten Ustrengunge gemaach ginn an deenen nächste Joren an der Finanzpolitik, datt ee misst de Budget an de Grëff kréien. An da souzen da vill Leit do, mir ass et op alle Fall esou gaangen, déi mam Kapp gewénkt hunn, déi gesot hunn: „Jo, dat musse mer elo maachen."

Elo no de Wahlen, dann ass et un de Politiker, fir hir Engagementer anzeléisen. An da wëllen awer op eemol vill, déi virdru mam Kapp gewénkt hunn, näischt méi dovunner wëssen, oder d'Leit sinn d'accord, mä awer, wéi gesot, et dierf just net bei hinne sinn.

Här President, esou kann d'Rechnung herno net opgoen. Jiddwer Eenzelnen hei am Land muss eng Hand mat upaken, aus senger Confort-Zon eraus. Wat mer brauchen, ass e kollektiven Effort. Nëmmen da kënne mer d'Kéier kréien an eis besser fir d'Zukunft opstellen.

Här President, ech hunn a menger Introduktioun mat enger Rei zum Deel méi perséinleche Bemierkungen d'Enjeue vun deenen nächste Jore skizzéiert, déi iwwert den Exercice vun 2014 erausginn. Ech fannen, datt dëst och zur Aufgab vun engem Budgetsrapporteur gehéiert, zur Démarche vun engem Budgetsrapporteur, fir de Bléck méi wäit no vir ze werfen an d'Enjeux politiques och eng Kéier kuerz duerzestellen.

Wat de Budget 2014 ubelaangt, esou ass dat en Iwwergangsbudget. En ass awer an der Logik, fir de Budget bis 2018 an den Équiliber ze kréien, an éischt Efforte goufen an deem Sënn gemaach. De Stat geet mat guddem Beispill vir a spuert bei sech selwer. Éischt strukturell Reformen am Sënn vun „mat manner Sue méi maachen" ginn op d'Schinne gesat. An d'sozial Selektivitéit steet hei och als „guideline" am Vierdergrond.

Här President, ech kommen dann elo an den Detail vum Rapport vun der Finanz- a Budgetskommissioun vum Budget 2014. Ech wéilt op dëser Plaz de Memberen, all de Membere vun der Cofibu, vun der Commission des Finances et du Budget, Merci soe fir hir konstruktiv Mataarbecht bei der Preparatioun an Zesummestellung vum Rapport.

Merci wéilt ech och alleguerten deenen Institutiounen an Organisme soen, déi an d'Kommissioun komm sinn, fir hir Avisen ofzeginn. Et sinn der och, déi hunn e geschriwwenen Avis ofginn. Ech hat och eng Rei Entrevuen, net an der Chamberskommissioun, mat de Sozialpartner, mat verschiddenen Interesseverbänn, an dat waren op alle Fall ganz opschlossräich Gespréicher. Alleguerten deenen e grousse Merci.

E grousse Merci och de Beamten aus der IGF, déi mat hire Mataarbechter mat Rot an Dot zur Säit stoungen an och déi Grafiken, déi Der an dem Rapport fannt an déi och nach wäerten a gedréckter Versioun méi lieserlech ginn, déi eis déi all zur Verfügung gestallt hunn.

Last but not least och e grousse Merci un d'Madame Guezennec, déi d'Cofibu vun der Chambersadministratioun aus suivéiert huet, a virun allem och dem Jean Lammar, Vizefraktiounssekretär vun der DP, dee mer eng ganz grouss Hëllef bei der Ausaarbechtung vun dësem Rapport war.

Här President, wou si mer drun an der Welt, an Europa, zu Lëtzebuerg? Wat ass den État des lieux?

Eist Land evoluéiert net an engem loftleere Raum. Mir sinn eng kleng Ekonomie, déi staark ofhängeg ass vun deem, wat an der Welt passéiert. 2013 huet weltwäit dat ekonomescht Émfeld eng gewësse Stabilitéit erreecht. Et gëtt vu Reprise geschwat bei wirtschaftsstäerksten Natiounen. Esou geet zum Beispill Rieds vun engem Wirtschaftswuesstum vun 1,6 bis 1,7% fir d'USA - d'Vereenegt Staten - fir 2013.

Wéi gesäit et an der Eurozon aus? De Statec confirméiert och hei d'Reprise vun der Konjunktur. Mä e weist awer och drop hin, datt d'Entwécklung an Europa net ganz homogen ass. D'Perspektiven an d'Entwécklungen an de südeuropäesche Länner sinn anerer, behalen eng Rei Risiken. Besonnesch do muss een d'ëffentlech Verschëldung am A behalen. Et muss een awer soen, och déi rezent Entwécklungen a Griichenland, déi gesi sech éischter positiv un. Mir bewegen eis also an engem positiven internationale Klima. An dat huet natierlech och seng Répercussiounen op d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg.

Här President, am schréftleche Rapport sinn an deem Kontext déi Donnéeë verschafft, déi zum Moment vum Dépôt vum Budget de 5. Mäerz disponibel waren. Ech hunn et schonn e puermol gesot, mëttlerweil hu mer eng Note vum 9. Abrëll vum Comité de prévision, an där déi eng Kéier aktualiséiert gi sinn. Ech huelen déi dann elo a mengem mëndleche Rapport mat erduerch.

D'Tendenz zu Lëtzebuerg, déi läit am internationalen Trend. D'Konjunktur, déi zitt un: 2012 0,2%; 2013 2,2%; 2014 3,1%; 2015 3,2%, fir da bis op 3,8% 2018 ze goen. Wéi gesot, dat si Projektioune vum Comité de prévision.

Nach vläicht een, zwee Detailer, déi net ointeressant sinn: De Statec stellt hei zu Lëtzebuerg eng Hausse vun der Produktioun am industrielle Secteur a vun der Konstruktioun fest, besonnesch fir dat lescht Trimester 2013. Dogéint hunn d'lescht Joer déi finanziell Aktivitéite sech éischter negativ op de Wuesstum ausgezeechent. En Zeechen, datt et also op der Bankeplaz Lëtzebuerg d'lescht Joer nach net esou floréiert huet, wéi mer eis dat wënschen.

Eng interessant Fro ass och déi, wéi sech d'Verbesserung vun der Konjunktur op den Aarbechtsmarché soll auswierken. De Statec geet vun enger Hausse vum Emploi aus: 1,9% fir 2014, a plus/minus 2,5% zwëschent 2015 an 2018.

Déi Zuel, Här President, dierf awer net driwwer ewechtäuschen, datt ënnert dem Stréch d'Zuel vun de Leit, déi keng Aarbecht fannen, och eropgeet. Wann een d'Evolutioun vum Taux de chômage kuckt, deen ass fir 2015 op 7,2% ugesat, fir da lues erofzegoe bis 6,5% op 2018. Dat bleift trotzdeem den héchste Stand vun de leschte Jorzéngten. Vill Persoune si betraff. Iwwer 20.000 Eenzelschicksaler, déi een do hannendru fënnt.

Wat engem och Suerge mécht, dat ass de Jugendchômage. Deen ass besonnesch héich hei zu Lëtzebuerg mat 18%. Déi Situatioun, dat si mënschlech Schicksaler, déi do am Centre d'intérêt stinn, mä och déi Situatioun, dat muss een awer och soen, wann een iwwert d'Finanze schwätzt, belaascht och d'Statsfinanzen. De Fonds pour l'Emploi gëtt 2014 mat bal 700 Milliounen Euro gespeist.

Ee Constat, deen ee mécht beim Chômage an deene leschte Joren, dat ass, dass trotz Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen och awer en Zouhuele vum Chômage ass, datt mer et also fäerdegbréngen, déi Leit op déi Plazen ze kréien, déi fräi sinn, datt een also an der Qualifikatioun, an der Weiderbildung, awer och an deem, wéi mat eiser ADEM mer kucken, de Chômage wëllen an de Grëff ze kréien, datt mer do nach musse weider Efforte maachen.

E Wuert zur Inflatioun. Wéi gesot, ech beruffe mech op d'Note de prévision vum 9. Abrëll. Do gëtt geschwat vun enger Inflation modérée: 1,5% fir 2014 bis maximal 2% fir 2018. Hei ass och d'Hausse, muss ee soen, vun der TVA net mat agerechent. Mä, wéi gesot, d'Liewensdeierecht, fir et emol eng Kéier esou méi salopp ze formuléieren, déi sech jo och hei iergendwéi erëmspigelt, schéngt op alle Fall a Grenzen ze bleiwen.

Dat ass a kuerze Wierder déi ekonomesch Lag vu Lëtzebuerg. Si mer domadder schonns iwwert de Bierg?

Ech hat et schonns am Ufank gesot, datt ee sech dovunner net soll blende loossen, vun deene Chifferen. À politique inchangée hu mer trotz där positiver Evolutioun vun der Konjunktur 2018 déi accumuléiert Schold vun deene 16 Milliarden an erreechen och 2018 net déi europäesch Stabilitéitskritären. An de Chef vun der Lëtzebuerger Zentralbank, deem mer an der Kommissioun och nogelauschtert hunn, huet och gewarnt. En huet gesot, gutt Zäiten, dat ass, wann een e Wuesstum huet an der Moyenne vu 5% oder driwwer. An an deem Zeenario si mer awer nach ëmmer net, wa mer bei eventuell 3% eis wäerte stabiliséieren.

An dann dierf een och net vergiessen, och wann d'Wirtschaft liicht unzitt, mir hunn aner Hypothéiken, déi op eis laaschten: D'Ewechfale vun der TVA aus dem Commerce électronique, op dat ech nach wäert zréckkommen. Och d'Recetten aus dem Tanktourismus. An do hänkt jo eng Rei hannendrun: Den Tubak, dee mat verkaaft gëtt op den Tankstellen, den Alkohol, déi huele lues awer sécher of. Mir hunn déi Chifferen an der Kommissioun presentéiert kritt. Och d'Evolutioun vun der Fleegeversécherung zum Beispill. An der Réunioun mat der IGSS krute mer do och Zuele genannt, déi ech och herno nach eng Kéier wäert hei illustréieren.

An et muss een och ëmmer wëssen: Mir sinn als klengt Lëtzebuerg ofhängeg vum internationale Kontext, op dee Lëtzebuerg wéineg Afloss huet. Zum Beispill: Wéi geet et weider mat der Ukrain-Kris? Kënnt iergendwou eppes, wat een net virausgesinn huet? Deemools, 2007/2008, huet een net virausgesinn, datt eng Immobilieblos, datt eng Finanzkris an den USA géif kommen, déi esou Auswierkungen hätt. Also, wéi gesot, et ass e luese Wuesstum, mä mir mussen op alle Fall virsiichteg bleiwen an och mam Wuesstum komme mer net aus deem Scholdenzeenario eraus.

Mir kommen also net laanscht strukturell Reformen. An déi méi agréabel oder déi puer Sonnestrahlen, déi mer elo hunn, maachen et méi liicht, fir dann iwwert de Bierg eropzeklammen. An et soll een eigentlech och grad déi Zäit notzen, wou een net vir widder an hanne bäi ass, wou een nach e bësse Sputt huet, wéi een esou schéi seet, fir eben dann och Reformen unzegoen.

Fir den État des lieux vun eisen ëffentleche Finanzen unzegoen, ass et och wichteg, den europäesche Kontext ze erläuteren. Wéi mer all wëssen, huet d'EU sech an der Suite vun där internationaler Finanzkris eng Rei Instrumenter ginn, fir d'Budgetspolitik vun deenen eenzelne Memberlänner besser ze koordinéieren an ze iwwerwaachen.

Als Instrumenter sinn do ënner anerem ze nennen: den Traité de stabilité, „Twopack", „Sixpack"; den Traité iwwert d'Koordinatioun an d'Gouvernance vun de Finanzen, wou mer och e Projet de loi - de Projet de loi 6597 - an der Chamber hunn, dee mer an deenen nächste Méint och wäerten hei stëmmen.

Mam Semestre européen hu mer och e Kalenner ze respektéieren, fir déi verschidden Instrumenter ëmzesetzen. Ech ginn net op all déi Detailer an, dat kënnt Der am schréftleche Rapport am Kapitel IV noliesen. Mat deenen neien Instrumenter musse mer och d'OMT, d'Objectifs à moyen terme, an d'national Gesetzgebung aschreiwen. An de Solde structurel vun 0,5% vum PIB pro Joer musse mer do och aschreiwen.

Am Kader vun deenen neien Oplagen, déi duerch d'Finanz- a Wirtschaftskris agefouert goufen, soll all Memberland am Kader vun dem europäesche Semester am Oktober säi Projet de plan budgétaire eraginn. Am November hëlt d'Europäesch Kommissioun da Stellung dozou. An déi éischte Kéier, wou dat gemaach gouf, war de 15. Oktober 2013. Also just virun de Wahlen.

Déi viregt Regierung huet aus deene bekannte Grënn nëmmen e partielle Projet de plan budgétaire kënnen erareechen. Ech wëll dat elo och net weider verdéiwen, mä de Budget, dee vun där aler Regierung eragi gouf, huet verschidden europäesch Virgaben net erfëllt. Och à gouvernement inchangé hätt dee Projet nach eng Kéier iwwerschafft misse ginn.

Déi nei Regierung huet bekanntlech en neie Projet de plan budgétaire ausgeschafft, deen op der Basis vum Budget 2014 opgestallt ginn ass, mat engem Solde structurel vun 0,9% vum PIB fir 2014. Lëtzebuerg hëlt also déi Hürd vun den 0,5% vum PIB. Wat säin Objectif à moyen terme also och ubelaangt, si mer op der richteger Schinn. De President vun dem Eurogroup huet dat dann och den 1. Abrëll bestätegt, datt mer do an de richtegen Norme leien.

Bon, d'Cofibu begréisst natierlech déi Ausso vum Eurogroup-Chef, déi weist, datt mer eis europäesch Hausaufgabe voll erfëllt hunn.

Deem virausgaangen, muss een awer soen, waren eben d'Aarbechte vun der neier Regierung, wat d'Spuerefforten ubelaangt huet. Déi ganz Enveloppe vun den Erspuernisser beleeft sech op 231 Milliounen Euro; ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck.

Déi eng oder aner Memberen an der Finanzkommissioun waren, sinn och nach net mat dëse Spuerefforten d'accord. Si wäerten eis dann den Donneschdeg soen, wou si d'Akzenter wäerte leeën.

Wat ech als Budgetsrapporteur feststellen, dat ass, datt Spuerefforten am neie Budget gemaach gi sinn - si hu misse gemaach ginn - an datt mer doduerjer och eisen europäesche Virgabe gerecht ginn, wat mam Budgetsprojet vum Oktober 2013 net de Fall war.

Här President, no dem wirtschaftlechen an europäesche Kontext kommen ech zum État des lieux vun eisen ëffentleche Finanzen. Ech ginn net op all Detail an, well een dat am schréftleche Rapport kann noliesen, och d'Tableauen. Trotzdeem kommen ech net derlaanscht, fir awer eng Rei Elementer kuerz unzeschwätzen.

Ech géif ufänke mat de Spezialfonge vum Stat. Déi si jo fir eng Rei spezifesch Ausgaben haaptsächlech am Beräich vun Infrastrukture geduecht: Fonds des routes, Fonds gestion de l'eau fir d'Kläranlagen, Fonds du rail fir d'Schinnen an esou weider. An de Programme pluriannuel weist, datt et ab 2009 konstant biergof geet mat dem Total vun den Avoiren um Niveau vun de Spezialfongen. 2009 hate mer nach 1,8 Milliarden Euro; 2010 1,6 Milliarden Euro; 2012 1,5 Milliarden Euro. Da geet et konstant erof: 2013 1,4 Milliarden Euro; 2014 1,2 Milliarden Euro, an, wéi gesot, am Programme pluriannuel 2016 nach 833 Milliounen Euro; 2017 nach 633 Milliounen Euro. D'Tendenz also weider no ënnen.

Derbäi kënnt och, datt iwwert déi lescht Joren ëmmer erëm Emprunte gemaach goufen, fir déi Fongen dann - notamment de Fonds du rail oder de Fonds des routes - nei ze fidderen. De Stat muss also regelméisseg Emprunten ophuelen, net nëmmen, fir säin Defizit bei der Administration centrale ze decken, mä och fir bei de Spezialfongen do nozehëllefen.

An och d'Konklusioun hei ass relativ ernüchternd: D'Fonge sinn zimlech eidel a bei zukünftegen Investissementer vum Stat mussen dann och Prioritéite gesat ginn a genau gekuckt ginn, wat fir Choixen een do trëfft, zum Beispill am Beräich vun de Schoulinfrastrukturen, Logement, Transport an esou weider. Och do wäerte mer an Zukunft net derlaanschtkommen, politesch Choixen ze huelen, politesch Décisiounen ze huelen an dann och zu deenen ze stoen.

Här President, e weidere Punkt vun der Bestandsopnahm betrëfft d'Entwécklung vun der Dette publique zu Lëtzebuerg an der Verschëldung. Ech hunn déi Zuele scho méi wéi eng Kéier genannt am Ufank. Dat heescht, an der Note am November 2013, do war Rieds gaangen, an déi Zuele stinn dann och am Rapport vun der Cofibu, datt fir 2017, à politique inchangée, eng Dette publique vun 12,15 Milliarde wier. An där neier, aktualiséierter Note, also ëmmer à politique inchangée, hätte mer da 16,3 Milliarden Euro an 330 Millioune Charges d'intérêts, déi all Joers zréckzebezuele wieren. An dat wier da ronn 26,6% vum PIB eis Verschëldung, wou mer och relativ no un dat géifen erukommen, wat mer eis als Grenz, déi 30%, ginn hunn.

Ech hat och schonns a menger Einleitung op dës Zuelen higewisen, an eben drop opmierksam gemaach, datt wa mer déi Tendenz net kënne briechen, datt mer also och eisen OMT zum Beispill, Objectif à moyen terme, net kéinte respektéieren. D'Uwuesse vun der Statsschold leeft eis dovun, wann den Defizit vun der Administration centrale weider an d'Luucht geet, well ronn 90% vun der Dette publique sinn dorobber zréckzeféieren. A fir eben deen Defizit auszegläichen, mussen dann och regelméisseg nei Emprunten, nei Schold gemaach ginn.

D'Evolutioun vun der Dette, wéi ech se elo skizzéiert hunn, ass, à politique inchangée, ech wëll dat nach eng Kéier betounen, heescht also ëmgedréint, wa mer eis Schold wëllen an de Grëff kréien, musse mer, muss d'Regierung, muss d'Chamber schnell strukturell Reformen an Ugrëff huelen.

Här President, d'Administration centrale gëtt engem eng ganz opschlossräich Vue vun der Situatioun vun de Statsfinanzen. D'Administration centrale, dat beinhalt nieft dem Budget vun de Recetten an den Dépensen och déi vun de Spezielfongen an den Organismen, déi vum Stat finanzéiert ginn, oder an deenen de Stat majoritär vertrueden ass, den Établissements publics, Fondatiounen, Services de l'État à gestion séparée.

E puer Zuelen zur Administration centrale. Den Defizit bleift héich: 2012 hate mer en Defizit vun 206 Milliounen Euro, 2013 723 Milliounen Euro, 2014 geet en erëm erof op 545 Milliounen Euro, wou dann also déi éischt Spuermoossname vun der neier Regierung sech bemierkbar maachen.

Déi eng an déi aner wäerten och op d'Vue SEC 95 verweisen. Do gëtt dann d'Administration publique gekuckt: dat sinn also d'Administration centrale, d'Sécurité sociale an d'Administrations locales. Do bleift effektiv keen Defizit, mä dat ass awer nëmmen de Fall, well d'Sécurité sociale do nach e groussen Iwwerschoss an deenen dräi Elementer huet. Dat ass och dat, wat an der Kommissioun gesot ginn ass, a wat mer och an eisem Rapport festgehalen hunn.

Den Excédent vun den Administratioune vun der Sécurité sociale, do stellt och d'Cofibu fest, datt dee kontinuéierlech méi kleng gëtt. Also iergend eng Kéier, wa mer näischt änneren, wäert dann och do, an där Vue, bei der Administration publique den Defizit entstoen, well och besonnesch d'Situatioun bei der Assurance dépendance ass amgaang sech ze degradéieren.

Do vläicht dräi, véier Zuelen: 2010 hate mer en Defizit vun 28 Milliounen Euro, 2011 en Defizit vun 43 Milliounen Euro. 2012, mä dat war eng speziell Situatioun, well een do konnt nach eng Kéier Millioune positiv verbuchen, wéinst dem Litige vum „Relibi", mä elo, 2013 an 2014, si mer erëm an den negative Solden.

Och do wëll ech einfach op eng mëndlech Ausso verweisen, déi mer an där leschter Kommissioun haten, wou insgesamt gesot ginn ass, d'Sécurité sociale, dee ganzen Domän bleift stabil méi oder wéineger bis 2017/2018, mä et wëllt ee wierklech keng Aussoen doriwwer eraus soen am Comité de prévision. An, wéi gesot och, datt d'Entwécklung bei der Assurance dépendance wierklech negativ ass.

Ech kommen dann zur Evolutioun vun de Recetten an Dépensë bei der Administration centrale, déi eng besonnesch Charakteristik opweist. Et stellt ee fest, datt ab 2007, 2007/2008 vun Ufank u vun der Kris, d'Dépensë wierklech aus dem Rudder gelaf sinn an eben d'Schéier tëschent de Recetten an Dépensë bei der Administration centrale ëmmer méi ausernee gaang ass. Zum Beispill wuessen 2008/2009 d'Dépensen ëm plus 8% do. Mir hunn awer keng Progressioun méi bei de Recetten!

Ab 2010 dépasséiert also regelméisseg d'Croissance vun den Dépensen déi vun de Recetten. Do ginn et déi eng oder aner Erklärungen. Ech mengen, mir haten do déi international Wirtschafts- a Finanzkris, déi och Lëtzebuerg getraff huet. De Lëtzebuerger Finanzsecteur insbesonnesch ass duerchgerëselt ginn, mir hate manner Recetten do. Mä et muss een awer wëssen, datt eigentlech scho säit 2005 den Taux de couverture vun de Statsausgabe just nach 91,4% war. Mir hunn also ab 2005 lues a sécher iwwer eis Verhältnisser gelieft. An de Rapporteur vum Budget 2007 sot deemools schonn, mir hätten zu Lëtzebuerg kee konjunkturelle Problem, mä e strukturellen.

Sécherlech, an deene Joren duerno sinn eng Rei Consolidatiounsmesuren décidéiert ginn, mä si hunn awer déi Problemer net definitiv geléist. Wat hate mer? Duerch de Boom vun

den TVA-Recetten aus dem Commerce électronique si Problemer zum Deel verdeckt ginn, mä si sinn net geléist ginn! Ab dem 1. Januar 2015 elo kënnt mat dem Changement um Niveau vum Regime beim Commerce électronique dann elo de Moment de vérité.

Déi rezent Note vum Comité de prévision schwätzt vun enger viraussiichtlecher Perte vu 700 Milliounen, déi do ze erwaarden ass, wann déi Recetten aus dem Commerce électronique ewechfalen. Ech gräifen hei vläicht vir op den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, deen och vun der CGFP gedeelt ginn ass, déi eigentlech enger komplett anerer Meenung op deem do Punkt sinn. D'Cofibu ass net d'accord mat dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, wou déi Perten eigentlech minimiséiert ginn. Dat hu mer och elo net weider am schréftleche Rapport développéiert, duerfir maachen ech et hei um mëndleche Plang.

Mä mir kruten awer Explikatiounen och den 9. Abrëll ganz prezis dozou, ënner anerem vum Direkter vum Enregistrement. Ech erlabe mer hei awer ze zitéieren, wat do den Direkter gesot huet par rapport zu de Chifferen, déi do avancéiert gi sinn, ënner anerem vun der Chambre des Fonctionnaires, vun der CGFP: „Rien n'est moins vrai!", huet e gesot.

Si hunn e Scénario mécanique, mir hunn deen an der Chamber och mat Zuelen ausgedeelt kritt, ausgehend dovunner, wa mer dëst Joer eng Milliard Recetten hunn, 2014, no hire Chiffere vun der Administration de l'Enregistrement, 2015 am Commerce électronique eng Perte économique vu 627 Milliounen Euro. 2016 eng Perte économique vu 737 Milliounen Euro. 2017 eng Perte économique vun enger Milliard Euro. 2018 1,1 Milliarden Euro als Perte économique!

Souwisou, ab 2019 ass guer keen Avantage méi do, well dann och de Guichet unique riwwer ass. Da wäerten déi Recetten also ewechbriechen. Einfach fir nëmmen ze soen, datt eis do wäerten enorm Recettë feelen, bis zu 9% vun de Gesamtrecettë vum Stat wäerten eis also doduerjer ewechbriechen, well ab nächstem Joer en anere Regime ass bei der TVA am Commerce électronique.

An op där anerer Säit wäert dat natierlech erëm eise Budget belaaschten. Op där enger Säit si se fort, op där anerer Säit musse mer jo awer kucken, fir se méi oder wéineger eranzekréien. Dat sinn déi Problemer, déi strukturell Problemer, mat deene mer konfrontéiert sinn. Also, ëmsou méi si mer do gefuerdert, fir ze reagéieren. An ëmsou méi mussen och d'Leit dobaussen am Land verstoen, datt Reformen noutwendeg sinn.

Duerfir ass och fir d'nächst Joer 2015 eng Augmentatioun vun der TVA décidéiert ginn, fir dat minimal ofzefiederen. D'Hausse vun der TVA ass elo net am Budget 2014, ech wäert och duerfir net dorobber agoen. Ech ka mer awer virstellen, datt en Donneschdeg déi eng oder aner Spriecher dat wäerte maachen. Duerfir wierklech nëmmen ee Wuert vum Budgetsrapporteur. Ech stelle fest, déi Hausse, déi d'nächst Joer soll kommen, bleift weiderhin déi niddregst an Europa a mir wäerte weiderhin eng ganz Rei Taux réduits hunn op 3%, déi eng Rei Saachen amortisséieren.

Wa mer vu Recettë schwätzen, déi wäerten ewechbriechen, musse mer och eben drun denken, datt beim Bensin, beim Tubak, wa mer um europäesche Plang eng Harmoniséierung vun den Accisen op Bensin an Diesel kréien, wäerten déi weider ofhuelen.

A mir musse weiderhin an Zukunft op d'Finanzplaz och bauen. Déi hu mer net ofgeschriwwen. Iwwer 30% vun de Statsrecetten, 40% vum PIB maachen dat aus. An do ass ervirzehiewen, dat Positivt, datt d'Fongenindustrie, datt déi wierklech boomt. Et ass déi zweet Plaz op der Welt. An iwwert d'Taxe d'abonnement kréie mer do mëttlerweil, 2010 hate mer do 595 Milliounen Euro iwwert d'Taxe d'abonnement, 2012 612, mëttlerweil 2013 691 Milliounen Euro, déi mer doriwwer erakréien, iwwert eis Fongenindustrie, an datt also déi och an Zukunft wäert e wichtegt Standbee bleiwen.

Et gouf natierlech och Diskussiounen am Kader vun der Restrukturatioun vun der, ech soen emol vun der Finanzplaz, eben och am Kader vun deenen neien Elementer, am Kader vun der Zënsbesteierungsdirektiv, do ass ee Moment Rieds gaangen - de Statec hat déi Zuele bruecht -, 2.000 Plaze kéinte verluer goen. An der Kommissioun hate mer en Austausch doriwwer, do ass dat awer relativéiert ginn. Dat ass, ech soen, en Zeenario, wann alles géif schifgoen a wa keng nei Produite géifen op de Marché kommen.

Wat einfach erauskomm ass, dat ass awer net nëmmen an där Réunioun, ech hat och Réunioune mat anere Vertrieder aus dem Finanzsecteur, ob dat Gewerkschaften oder Patronatsvertrieder waren, déi soen, et ass einfach, mir hunn e Switch, mir hunn en anere Profil vu Leit, déi gebraucht ginn op der Bankeplaz an op der Finanzplaz Lëtzebuerg, an datt een et also muss fäerdegbréngen, entweder déi Leit, déi do schaffen, ëmzeforméieren, respektiv déi nei Leit, déi do kommen, hunn en anere Profil, wéi mer dat fréier haten. Wat awer ënnert dem Strëch och de Statec an der Kommissioun gesot huet, dat ass wierklech en Zeenario vun deenen 2.000 Plazen, deen en tant que tel net wäert antrieden.

Wann een elo d'Dépensësäit kuckt, ech war elo bei de Recetten, déi ewechfalen zum Deel, anerer, déi bäikommen, d'Dépensësäit vun der Administration centrale, da sinn déi an deene leschte Joren ëmmer erëm an d'Luucht gaangen. A firwat si se an d'Luucht gaangen? Ënner anerem awer och, well mer eng Rei Mesuren oder well eng Rei Mesurë geholl gi sinn, déi eigentlech net hiert Zil erreecht hunn.

Als Beispill dat vun de Studentesubsiden, wat à l'origine als Spuermesure geduecht war, déi awer aus dem Rudder gelaf ass an déi mëttlerweil iwwer 150 Milliounen de Stat all Joers kascht. Et kann ee sech och Gedanke maachen iwwer aner Mesuren, déi geholl gi sinn op der Dépensësäit, et kéint een un d'Chèques-services denken, aner Elementer, d'Mammerent, ob déi wierklech déi Effikassitéit haten, déi op alle Fall de Statsbudget och belaascht hunn.

De Statsbudget gëtt och belaascht duerch Engagementer, déi nach vun där aler Regierung getätegt gi sinn, déi elo déi nei Regierung wäert ëmsetzen. Dat ass den Accord salarial an der Fonction publique. Mir wëssen et, Prime unique vun 0,9% réckwierkend op d'Joer 2014 an eng Punktwäerterhéijung vun 2,2% op den 1. Januar 2015. Et soll een och do net vergiessen, datt dëst och Auswierkungen op de Secteur conventionné wäert hunn. Dat ass nach net chiffréiert. Mä och dat, als Budgetsrapporteur wëll ech nëmme soen, mir behalen dat am Hannerkapp, wat dat kann herno och ausmaachen.

Här President, dat sinn eng Rei vun Elementer, Eckwäerter, ech sinn elo net op se alleguerten explizit agaangen, déi d'Regierung muss berücksichtege fir hir Budgetspolitik an deenen nächste Joren. Fir de Budget 2014 konnten déi Iwwerleeungen a strukturell Reformen nach net zu Enn geduecht ginn. Et ass en Iwwergangsbudget do.

Et si vill Leit, déi gesot hunn, hei an der Chamber: Jo, wou kommen dann déi strukturell Reformen? Dir hutt nach näischt gemaach! Et muss ee soen, datt een Zäit brauch, effektiv Zäit brauch. Déi Zäit muss een der Regierung ginn, fir déi strukturell Reformen a Rou auszeschaffen, fir se richteg duerchzeanalyséieren, richteg vu vir bis hannen duerchzekontrolléieren. An da wäerte mer déi fir deen nächste Budget 2015 hunn.

Et sinn awer trotzdeem am Budget 2014 eng Rei Efforte gemaach ginn op der Dépensësäit: 137 Milliounen Euro bei den Investissementer, 9 Milliounen Euro bei de Personalkäschten. Wéi kënnt een do op de Spuereffet? Mir sinn do ausgaangen, oder d'Regierung ass dovunner ausgaangen, datt een an de leschte Joren eng Moyenne hat vun 250 Neiastellunge beim Stat. Dëst Joer sinn et der 150. Dat mécht also eng Differenz par rapport zum Scénario initial.

49 Millioune si gespuert gi bei de Fonctionnementskäschten. All d'Departementer hunn en Effort gemaach, mat méi oder manner Begeeschterung. Et war awer e solidareschen Effort. Och d'Chamber, d'Uni, de Klerus, den Haff, jiddwereen huet do derzou bäigedroen. An och - dat wäert am Laf vum Joer da seng Wierkung kréien - wann deen neie Projet de loi ëmgesat ass bei de Studentesubsiden, wäerten dann am Laf vum Joer ronn 34 Millioune kënne gespuert ginn. D'nächst Joer, wann dann de System voll spillt, wäerte mer op 80 Millioune bal kommen.

En Total also vun 231 Milliounen, déi dëst Joer am Budget 2014 als Spuereffort opzeweise sinn. Wat d'Spuerefforten ubelaangt bei den Investissementskäschten, ass ze soen, datt keng Investissementer direkt gestrach goufen. Et sinn der an der Zäit versat ginn. Dat sinn ënner anerem 40,5 Millioune beim Fonds du rail, 17,1 Millioune beim Fonds des routes an och 20 Milliounen Euro beim Lycée vu Bouneweg. A sécherlech, do muss een an deenen nächste Jore kucken, en fonction vun den Evolutioune vun de Statsfinanzen an der Nécessitéit vu verschiddene Projeten, ob a wéi se finanzéiert ginn oder ob se eventuell och méi bëlleg kënne gestalt ginn.

Aner Eckwäerter vum Budget 2014, déi ervirzehiewe sinn: D'Dépensë wuesse mat 3,5% am niddregsten - am niddregsten! - säit siwe Joer. D'Recettë wuessen awer ëm 5,1%. An hei hu mer also deen Effet, datt déi éischte Kéier déi Schéier tëschent Recetten an Dépensen erëm zesummegeet. Et ass also déi richteg Richtung.

De Budget vun 2014 gesäit en Defizit vun 172 Millioune vir. Dat ass eng Verbesserung vun 378 Millioune par rapport zu 2013. 2014 ginn och keng nei Scholde fir national Besoine gemaach. Ledeglech 500 Millioune ginn eventuell gezu fir Verflichtungen, europäesch Verflichtungen, ënner anerem am Kader vum Pacte de stabilité, wann een déi misst dann och gebrauchen.

Am Budget 2014 - dat ass dee leschten Eckwäert, op deen ech wëll agoen - am Budget 2014, dat ass och eng éischt strukturell Reform, déi ëmgesat ginn ass, d'Studentesubsiden. D'Dépensë sinn aus dem Rudder gelaf bei de Studentesubsiden. Et war ugeduecht als Spuermoossnam à l'origine. All Joers sollten 30 Millioune gespuert ginn. Mëttlerweil hu mer 178 Milliounen Euro, déi dat eis kascht, ënner anerem och duerch d'Uerteel vum europäesche Geriichtshaff, well och d'Kanner vun de Frontaliere genau datselwecht musse kréien, net dierfen diskriminéiert ginn. A mir hunn do missen handelen, mir hunn do misse reagéieren, fir datt déi Dépensen net weider géifen aus dem Rudder lafen.

Et läit elo eppes um Dësch, dat an der Kommissioun vum Enseignement supérieur wäert an deenen nächste Wochen a Méint bis virum Summer dann diskutéiert ginn. Dee Projet huet jo dräi Aspekter. Een Deel Basis, déi jiddweree kritt, 2.000 Euro. Een Deel fir d'Mobilitéit, wat een och kéint nenne fir de Logement, nach eng Kéier 2.000 Euro. An dann déi lescht Tranche en fonction vum Gehalt vun den Elteren, wat fir eis eng sozial Selektivitéit ass.

Datt dat also dee richtege Wee ass, deen ee wëllt goen, well een hei dat, wat gesot gëtt: „Mat manner Sue méi maachen", kann erreechen. Mir kënne méi deenen hëllefen, deene Studenten, déi et méi brauchen. A manner vläicht deenen, déi et manner brauchen, well se vläicht hei zu Lëtzebuerg studéieren, manner Käschten hunn, well eventuell hir Elteren do kënne méi dozou bäidroen.

Mir hu gelies an den Zeitungen, datt dat net iwwerall op Begeeschterung gestouss ass. Mä et muss een awer och soen, wann een déi Leeschtungen, déi mer nach wäerte weider hunn an den nächste Jore bei de Studentesubsiden, datt déi nach immens héich sinn, wa mer eis mam Ausland vergläichen.

Et geet Iech vläicht wéi dem Budgetsrapporteur och, ech hu Kanner, déi och am Ausland studéieren, wann déi mat hire Kolleegen, net de Lëtzebuerger Kolleegen, mat deenen anere Kolleegen zu Bréissel, wa mäi Bouf zu Bréissel mat sengem Kolleeg vu Virton schwätzt, dee genau datselwecht studéiert, och muss zu Bréissel logéieren an esou weider, dann och mat deenen neie Subside schummt sech mäi Bouf nach, fir deem mussen ze soen, sengem Kolleeg, wat hien hei zu Lëtzebuerg kritt. Mir sollten heiansdo vläicht verschidde Saachen an de Kontext setzen. Muss de Stat Rundumversorger sinn an alles bis op dee leschten Dibbelche bezuelen?

Ech wëll awer och soen, sécherlech, wann et Härtefäll ginn, da wäerte mer an der Kommissioun kucken, fir déi och kënnen ze regelen. Härtefäll musse kënne geregelt ginn. Mir hu jo do also nach d'Méiglechkeet, dat ze maachen. Op alle Fall, hei si mer der Meenung, datt mat manner méi ka gemaach ginn. Ënnert dem Strëch kréien déi Studenten, déi méi brauchen, kréien et. A mir spueren als Stat awer ab nächstem Joer 78 Milliounen Euro.

Och an anere Beräicher, Här President, mussen och an deenen nächste Jore strukturell Reforme kommen, déi, wéi gesot, nach net um Dësch leien, mä déi an den nächste Méint da wäerten ausgeschafft ginn an da presentéiert gi mam Budget 2014 (veuillez lire: mam Budget 2015).

2014 war eigentlech dee leschte Budget, dofir geet en da vläicht an d'Annalen an, dee leschte Budget, wat ech géif nennen, salopp, no der Kontabilitéitslogik. Et ass d'Noutwendegkeet, dat ass net eng nei Erkenntnis, fir de Budget no enger neier Method opzestellen. De Finanzminister hat gesot, de Budget vun enger neier Generatioun. Och scho fréier Rapporteuren, ech denken ënner anerem un de Roger Negri, deen hat dorobber higewisen a sengem Rapport, wou en och dee franséische LOLF-Modell presentéiert hat. Och den Avis vun der Cour des Comptes ass der Meenung, datt muss eng nei Method kommen. Och, muss ee soen, de fréiere Finanzminister, de Luc Frieden, hat schonn ab 2011 Aarbechten an dës Richtung ugeduecht. Leider konnt en déi net bis zum Schluss weiderféieren.

Déi Method, déi Method vun där neier...

(Interruption)

Déi Method vun där neier Budgetsopstellung, mëttlerweil huet jiddwereen dat och matkritt, d'Dépensë screenen, kucken, d'Noutwendegkeet an de Sënn vun deenen engen an aneren Dépensë kucken, de Sënn vun de Subside kucken an esou weider. D'Dépensen eventuell regruppéieren. En einfacht Beispill, fir dat ze illustréieren: Kënne mer net eng gemeinsam Centrale d'achat maachen, amplaz datt jiddwer Verwaltung, jiddwer Ministère seng Saache keeft? Kënne mer dat net regruppéieren, eng Centrale d'achat? Et kann ee Sue spueren an esou weider. Déi Aarbechte sinn amgaang, gemaach ze ginn. D'Chamber wäert do och de Point gemaach kréien an der Kommissioun, fir datt mer och mat abezu ginn.

Här President, ech kommen dann zu den Avise vun de Chambres professionnelles, vun der Cour des Comptes, vum Statsrot. Ech ginn do och net am Detail drop an, déi kënnt Der all noliesen. Vläicht aus der Siicht vum Rapporteur. Et steet awer och esou am Budgetsrapport, wat déi eng oder aner Avise vläicht differenzéiert vun deem, wat am Budgetsrapport steet, oder vun deem, wat do diskutéiert ginn ass.

Eens si sech déi verschidde Gremien, datt et en Iwwerganksbudget ass an datt op alle Fall déi nächst Jore musse strukturell Reforme kommen. Op verschiddene Punkte ginn et Ënnerscheeder. Zum Beispill d'Chambre des Salariés, déi ass der Meenung, datt déi momentan Schwieregkeete vun der Administration publique éischter konjunktureller Natur wieren. Déi ass also net därselwechter Meenung, wéi dat och zum Beispill d'Note vum Comité de prévision ausseet. A si mengen awer, datt d'Investissementer weider géife relativ héich bleiwen. Si maache sech Suerge bei der Reorganisatioun vun de Studentesubsiden, eben ëmmer, wat d'Härtefäll ubelaangt. A si maache sech och Suergen iwwert déi zukünfteg sozial Ausriichtunge bei de strukturelle Reformen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics: Ech hat dat schonn erwähnt, datt si net därselwechter Meenung ass, wat d'Ewechfale vun de Recettë vun der TVA ass (veuillez lire: wat d'Ewechfale vun de Recettë vun der TVA duerch den E-Commerce bedeit). Ech si virdrun dorobber agaangen a wäert dat elo net méi maachen. Si huet och e puer kritesch Remarquen zur Neiastellung vum Personal beim Stat. Si begréisst natierlech den Accord salarial. Voilà.

D'Chambre de Commerce waart och op en neie Budget vun enger neier Generatioun. An déi huet dann och eng Analys gemaach vum chroneschen Defizit bei der Administration centrale an déi mécht sech och Suerge wéinst der Statsschold, déi weider wiisst. Och si, d'Chambre de Commerce, weist drop hin, datt deen Iwwerschoss vun der Sécurité sociale, datt deen op wackelege Féiss steet. Dorop weise se besonnesch hin.

D'Chambre des Métiers geet an déi ähnlech Richtung, an datt si awer och soen: „Passt op, datt Der net ze vill bei den Investissementer zréckschrauft, well dat sech herno eventuell répercutéiert op Opträg, déi Lëtzebuerger Entreprisë kënne kréien."

D'Chambre d'Agriculture, déi mécht sech eng Rei Gedanken iwwer méi spezifesch Problemer, wat d'Agrikultur ubelaangt, a si weist och drop hin, datt de Fonds agraire weiderhi misst mat deenen néidegen Dotatioune gespeist ginn.

D'Cour des Comptes huet higewisen op d'Wichtegkeet vun der Finanzplaz, d'Auswierkunge vum Accord salarial och op de Secteur conventionné an d'Statsfinanzen. Ech hat dat jo virdrun ugeschwat. Si sinn also och déi, déi soen: „Hei passt op, datt dat och Auswierkunge kritt op de Secteur conventionné." Si maache sech Gedanken iwwert d'Fiscalité verte, maachen och e klenge Rappel iwwert d'Konklusioune vum Ëmsetze vum Kyoto-Protokoll, deen an hiren Ae jo net effikass ass, wou vill Sue verdeelt ginn, déi net dat erreechen, wat se sollen. Si soen och, datt een net d'Steiere soll ze vill erhéijen, mä wierklech bei den Dépensë kucken, déi erofzeschrauwen. An och op d'Noutwendegkeet vun enger neier Method vum Budget opstelle gi se des Längeren an. A wat hinnen och wichteg ass, se soen dat och, datt also d'Chamber och natierlech muss mat agebonne ginn, mä awer och aner Gremie mussen a sollen an déi Prozedur fir d'Opstelle vum neie Budget mat agebonne ginn.

De Statsrot: Keng Opposition formelle. Wat beim Statsrot interessant ass, ass, datt se eng Analys maache vun 2007 u mat de Recetten an Dépensen, haaptsächlech fir den Defizit vum Zentralstat, vun deem se soen, datt deen eigentlech an deene Jore vu 60 Milliounen op 545 Millioune geklommen ass. Wat méi spezifesch den Text ugeet, hate mer keng gréisser Suergen am leschte Moment, ech géif soen, datt dat, wat de Statsrot proposéiert huet, an der Kategorie Toilettage du texte war: den Intitulé aneschters schreiwen, Grouss- a Kleng-

schreiwung, verschidden Artikelen ewechloossen, aneschters formuléieren, well Referenze gemaach ginn op aner Gesetzer. A mir hunn och all déi Textpropositioune vum Statsrot gréisstendeels ugeholl.

Eng Differenz hate mer beim Artikel 35, fréieren Artikel 36. Ëm wat geet et do am Fong? Dat ass dee Fonds de financement fir d'Privatschoulen an och déi soziofamiliär Infrastrukturen. De Statsrot hat do eng Textpropos gemaach, mat där se dat Ganzt, géif ech soen, an een Dëppe geheit hunn. Et ginn awer zwou verschidde Legislatiounen. Wann zum Beispill déi Suen, déi een do kritt, ech soen zum Beispill d'Privatschoulen, wann een déi no zéng Joer, wann een d'Sue kritt huet fir Gebaier an déi no zéng Joer zum Beispill géif da fir aner Zwecker benotzen, misst een d'Suen zréckbezuelen. Am soziofamiliäre Beräich sinn et awer 15 Joer. D'Kommissioun hat dunn eng Propos gemaach an dat als Erreur matérielle duergeluecht. De Statsrot war awer net honnertprozenteg mat där Aart a Weis d'accord.

Mir hunn dunn en Zousazrapport nach haut de Moien ofgestëmmt, fir dann am Endeffekt awer déi Formulatioun, mat där de Statsrot ka liewen an déi och konform ass awer zu de Gesetzer, unzehuelen.

Här President, ech hunn d'Aarbechten an der Finanz- a Budgetskommissioun duergeluecht. Ech hunn de Point gemaach vun der europäescher an der nationaler wirtschaftlecher Situatioun, vun der Entwécklung vun de Statsfinanzen, vun der Entwécklung insbesonnesch vun der Statsschold, fir eben opzeweisen, fir nach eng Kéier ze beleeën - ech misst et eigentlech a Steen ameesselen -, datt déi finanziell Situatioun vum Stat an hir Weiderentwécklung bedenklech ass, datt déi verbessert wirtschaftlech Daten net d'Rettung sinn, datt d'Ewechfale vun de Recetten aus dem E-Commerce wäert eng grouss zousätzlech Belaaschtung sinn, datt mer à politique inchangée onauswäichlech op eng ëmmer méi grouss Verschëldung vum Land histeieren, déi déi zukünfteg Generatioune wäert enorm belaaschten a lähmen.

Jiddweree misst spéitstens elo, wann en nogelauschtert huet oder de Budgetsrapport gelies huet, vun der Noutwendegkeet vu strukturelle Reformen an deenen nächste Joren iwwerzeegt sinn.

A gradesou wéilt ech eigentlech och an de Steen ameesselen, fir dobäi ze bleiwen, datt d'strukturell Reformen, datt dat, wat een eventuell spuert an deenen nächste Joren, och eng Chance - eng Chance! - ass fir Lëtzebuerg, fir sech nei a gestäerkt opzestellen.

Här President, ech hu vun Défien a Chancë geschwat. A fir mech als Rapporteur, an dat ass déi perséinlech Note, déi all Budgetsrapporteur a säi Rapport dann erabréngt, fir mech ginn et fir Lëtzebuerg zéng grouss Erausfuerderungen. D'Geneviève Montaigu huet am „Quotidien" vun den „zéng Geboter" geschwat - dofir kéint ech déi also och an de Steen ameesselen -, déi enk, déi ganz enk a mengen Ae mat der Finanzpolitik an dem Budget verbonne sinn an déi mer mussen an deenen nächste Jore resolut ugoen, fir eis besser opzestellen, fir Lëtzebuerg erëm fit ze maachen.

Wat sinn déi zéng Geboter? Ech gi ganz kuerz driwwer. Dat Eischt: e gudde Start an d'Liewen. D'Kanner, dat ass net nëmmen e Sproch, d'Kanner sinn d'Zukunft vun engem Land. An dofir musse mer hinnen déi bescht Startchancë ginn, mat op de Wee ginn. Am Alter vun null bis dräi Joer kann een esou vill bei de Kanner förderen, eleng nëmme wann ech un d'Sprooch denken, an hirer Entwécklung. An dobäi kënnt jo och, datt mer d'Situatioun hunn, datt d'Familljenorganisatioune ganz aneschters sinn, datt och e Besoin do ass zwëschen null an dräi Joer an doriwwer eraus, bis datt d'Kanner an der Grondschoul sinn, datt een do wëllt deementspriechend Strukturen hunn.

D'Fro, déi ee sech also muss stellen: Entspriechen eigentlech déi Suen, déi mer investéieren, iwwert d'Allocations familiales, iwwer Kannergeld, d'Chèques-services, Kannerboni, Forfait d'éducatioun an esou weider, déi Suen, déi mer do investéieren, kommen déi bei de Kanner un? Gi mer de Kanner mat deene Suen déi ideal Startchancen? Oder landen déi Suen awer vläicht enzwousch aneschters bei den Elteren?

An ass et net och esou, datt d'Elteren eigentlech Demandeur si vläicht, fir manner Suen ze hunn, mä datt se froen: „Kréien ech eng Plaz an der Crèche? Kréien ech eng Plaz, wou et den Encadrement vu grousser Qualitéit ass?"

Mir mussen also an deenen nächste Joren eng Analys maache vun den Transferts sociaux am Familljeberäich. Mir mussen ewech vu Finanzleeschtungen an op méi Sachleeschtunge kommen.

Zweet Gebot: D'Schoul muss eng Prioritéit bleiwen. Och d'Schoul ass e Pilier vun deenen Zukunftschancen insgesamt an engem Land. Et muss ee kucken, jiddwerengem déi beschtméiglech Chancen ze ginn, d'Förderung zoukommen ze loossen, datt ee sech als Mënsch entwéckelt, mä awer, datt een och ka säi Wee am Beruffsliewe maachen, datt een och ka seng Roll an der Ekonomie spillen.

Mir brauchen also déi Reformen, déi ustinn, en differenzéierten, individualiséierten Unterrecht. D'Schoul huet eigentlech kee Präis, si kascht awer och eppes. Och Schoul huet eppes mat Budget ze dinn an ass e groussen Deel och vun den Dépensen. A Lëtzebuerg huet en deieren, wann net vläicht deen deierste Schoulsystem op der Welt. Och do musse mer also verschidden Elementer iwwerdenken.

Mir hunn zum Beispill spezifesch Regelungen am Enseignement, wat d'Altersdéchargen ubelaangt. Dat bedeit, ech hunn dat schonn eng Kéier gesot gehat hei, dat bedeit zousätzlecht Personal. Déi Stonnen, déi mussen ersat ginn. Dat bedeit zousätzlecht Personal, 250 bis 260 Leit Personal. Den Éducatiounminister sëtzt do, dee kann dat bestätegen.

Dann ass jo och de Problem net nëmmen eleng, datt een dann dat zousätzlecht Personal muss bezuelen. Vläicht fënnt een och guer net dat zousätzlecht Personal, well een do vläicht net genuch Mathematiker, oder wat weess ech, ka fannen. Dat sinn also Froen, un déi mer och mussen de Courage hunn erunzegoen, bei deenen ee keng A-priorie soll hunn. An ech hoffen, datt mer do am Dialog - am Dialog! - Solutioune fannen, mat deene jiddwereen dann e solidareschen Effort mécht.

Drëtt Gebot: D'Finanzplaz Lëtzebuerg erhalen, weider stäerken. Mir sollen eis Finanzplaz net ofschreiwen. Weiderhi mécht se een Drëttel vun de Statsrecetten aus. Mir musse weider dorobber bauen. Ech hat och virdru gesot, d'Fongenindustrie boomt. Wat och wichteg ass, ass, datt mer eng Strategie hu vum proppere Geld, vun enger propperer Plaz hei zu Lëtzebuerg. D'Transparenz, déi mécht sech do bezuelt. Den Image ass wichteg. A mir hunn eng Rei Atouten, Know-howen op der Bankeplaz. Mir hunn elo d'Standarde vun der OECD an all déi aner, déi mer mussen erfëllen.

A mir mussen natierlech wëssen, datt nei Produite gefrot sinn, datt also vun deem klassesche Banking mer eriwwerkommen zum Beispill bei Familiy offices fir grouss Fortunen an aner Produiten, an datt mer hei also eng grouss Erausfuerderung hunn, ënner anerem, wat d'Personal ubelaangt, datt mer do musse kucken, dat adequat Personal ze fannen - natierlech Luxembourg School for Finance, Uni an esou weider -, datt mer do och an deene Beräicher Efforte maachen.

Véiertens: Lëtzebuerg muss en attraktive Standuert bleiwen, fir d'Finanzplaz, dat ass natierlech kloer, déi ass e wichtegen Acteur hei, awer och fir aner Beräicher: ICT-Beräich, d'Fuerschung, Ekotechnologien.

Wat eigentlech do wichteg ass, obwuel mer dat do praktesch net méi kënne maachen, mä den „first mover" - wéi een dat esou schéin nennt, haut gëtt jo alles op Englesch genannt -, „first mover" sinn, déi Eischt sinn, déi do eppes kënnen ubidden.

Dofir ass et och wichteg, datt mer „nation branding" maachen, datt mer eng concertéiert Aktioun hunn, fir Lëtzebuerg dobaussen ze verkafen. Mir mussen eigentlech kucken, wann een dobaussen zu Hongkong, zu San Francisco, zu Buenos Aires „Lëtzebuerg" seet, datt d'Leit dann net méi soen: „Ah, e Steierparadäis." Neen, datt d'Leit da soen: „Exzellent Bankeplaz!" oder „Digital Donnéeën" oder „Satelliten" - iergend esou eppes. Mä awer, dat ass dat, un deem mer musse schaffen, datt mer awer och Avantagen hunn zu Lëtzebuerg. Mir hu kuerz Weeër hei zu Lëtzebuerg trotzdeem, an datt mer och do mussen d'Simplification administrative weiderdreiwen. Aus dem Omnibusgesetz ass mëttlerweil en „TGVs-Gesetz" ginn. Dat wäert jo da spéitstens am Hierscht gestëmmt ginn. Och do kënne mer also nei Créneauen, nei Recetten, nei Aarbechtsplaze fir Lëtzebuerg kreéieren.

D'Zukunft, fënneftens - ech si bei deem Fënneften: D'Zukunft zu Lëtzebuerg ass och ëmmer méi digital. Mir hunn e Créneau hei zu Lëtzebuerg, an deem mer gutt opgestallt sinn. Mir hunn eng Rei Datazentren, déi wierklech exzellent sinn, déi ee ka weisen. Mir hu gutt Réseauen, ultra-haut débit, mir hunn eng gutt europäesch Connectivitéit. Mir musse weider doran investéieren, dorobber bauen.

D'Experte soen engem, Lëtzebuerg kéint mat deenen Infrastrukturen, déi mer hunn, awer och mat deem Know-how eigentlech e bëssen de Safe gi fir digital Donnéeën. Dat heescht, datt d'Banken, awer och Privatleit, Firmaen, datt déi kéinten heihinnerkommen, fir déi doranner anzespären, wou eigentlech da kee méi drukënnt, datt dat eigentlech och en Zukunftscréneau kéint sinn. An natierlech muss een do dann déi adequat Gesetzgebungen hunn, zum Beispill Archivage électronique an esou weider.

Sechstens: De Chômage ass kee Sens unique. Ech hu virdrun d'Entwécklungen am Chômage opgezielt, déi besuergniserreegend sinn - perséinlech Schicksaler, d'Belaaschtung vun de Statsfinanzen, déi e mat sech bréngt. An och dee Problem, datt mer eben trotz Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen och nach weiderhin en héije Chômage hunn. Et mussen also nei Mesurë geholl ginn. Et ass um richtege Wee mat der Neiopstellung vun der ADEM. D'„Solidarité emploi jeunes" ass an der Maach. Op Weiderbildung muss gesat ginn.

Et muss een awer, dat muss een och kloer an däitlech soen, och op d'Responsabilitéit vun deenen eenzelnen Aarbechtssichende setzen, datt och vun hinnen en Effort verlaangt ass, eventuell och emol eng Plaz unhuelen, déi net déi ideal Virstellung ass, déi engem entsprécht. Awer jiddwereen hei am Sall soll emol vläicht eng Kéier selwer iwwerleeën, wéi et him gaangen ass a senger Jugend. Et huet een och vläicht net direkt déi ideal Plaz fonnt, et huet een déi eng vläicht geholl, déi aner.

Mir ass et esou gaangen. Dir kënnt jo um Chamberscomputer mäi Parcours noliesen. Ech hunn och e puer Joer verschidde Saache gemaach. Ech hat net déi ideal Plaz, déi ech eigentlech wollt: Schoulmeeschter ginn. Ech sinn zwar haut op enger anerer Plaz. Mä dee Parcours, datt een och do awer eppes geléiert huet, datt een herno do e gudde CV hat an datt engem dat awer eppes weidergehollef huet.

Siwente Punkt: Wunnen dierf kee Luxus sinn. D'Entwécklung vun de Präisser belaascht ëmmer méi d'Familljen hei zu Lëtzebuerg oder d'Stéit, d'Leit insgesamt. Et ass och de Vecteur vu sozialen Ongerechtegkeeten. An einfach d'Noutwendegkeet, datt mer d'Offer méi grouss maachen, Plans sectoriels, Baulandverträg sinn hei d'Stéchwierder, déi am Vierdergrond stinn.

Mir mussen d'Subsiden iwwerkucken. Mir gi ganz vill Suen aus am Logement, déi awer net hiert Zil erreechen, soudatt mer also musse kucken, déi ze iwwerschaffen a mat manner Suen do och méi eng effizient Politik maachen. De Sozialwunnengsbau dierfe mer och net aus dem Bléck loossen.

A vläicht e kuerzt Wuert, well dat hei jo och no vir geet: Och dee sozialen oder dee sozial selektiven Taux vun 3% respektiv 17% d'nächst Joer; wann een eng Acquisitioun mécht vun engem neien Immeuble, do ass et jo esou, datt et virgesinn ass, datt, wann ee selwer dra wunnt, een dann den Taux réduit vun 3% behält, a wann een en hëlt als Investissement, datt een da 17% wäert drop bezuelen. A mengen Aen ass dat do och eppes sozial Selektives.

(Interruption)

Ech sinn iwwerzeegt, ech sinn iwwerzeegt... Et ass jo esou: De Lëtzebuerger, wat mécht en? Wann e Suen huet, entweder setzt e se op d'Bank, e geet op d'Bourse spekuléieren oder en investéiert an den Immobilier. Wann e Lëtzebuerger d'Rechnung herno mécht, dee ka Suen investéieren, da kuckt en, wou nach ëmmer am meeschten dobäi erauskënnt. An ech sinn iwwerzeegt, datt och an Zukunft en nach méi eng grouss Rendit huet, dann nach méi Profit huet, wann en an en Immobilier investéiert, wéi wann e seng Suen op iergendenger Bank um Spuerkont stoe léisst.

Aachte Punkt: Ekologie reimt mat Ekonomie. Déi ganz Klimaschutzfroe si verbonne mat Energiefroen an hunn och e groussen Impakt op de Budget, op de Budget vum Stat an och op de Budget vu jiddwerengem Eenzelnen. D'Käschten aus dem Kyoto-Protokoll, déi eis dervulafen, déi eise Budget natierlech belaaschten, awer och deen Eenzelnen, deen de Risiko huet vun der Energieaarmut, dee muss méi héich Energiekäschte bezuelen.

Ech kommen do ëmmer erëm mat deem Potenzial vu Reduktioune vun iwwer engem Drëttel, national Reduktiounen am Beräich vum Hausbau, Assainissement. D'Ëmsetze vun der Klimabank musse mer eis wierklech zu Häerz huelen. Dat ass op där enger Säit eppes fir de Klimaschutz. Et ass och en Ukuerbele vum Handwierk, well do vill Aarbecht fräi gëtt, vill nei Aarbecht entsteet. Mir hunn dann national Mesuren amplaz eis Suen am Klimaschutz iergendwou am Ausland ze investéieren. Mir hunn do nëmme Gewënner: d'Handwierk, de Klimaschutz, de Stat. Och mat der Klimabank kritt deen da seng Suen zréck. An natierlech herno och den eenzelne Bierger, deen an engem Haus wunnt, an deem e manner Energie ze bezuelen huet, deen also och do spuert. Hei dat ass och e flott Beispill, fir ze weisen, datt de Klimaschutz an en général Ekologie an Ekonomie kënnen an normalerweis och zesummen Hand an Hand ginn.

Néngte Punkt: eng effizient Mobilitéit a Landesplanung fir eng performant Wirtschaft. D'Landesplanung an d'Mobilitéit, dat sinn den A an O vun enger gutt fonctionnéierender Wirtschaft. Mir hunn ëmmer méi Leit am Land hei wunnen, schaffen, déi sech bewegen. Mir kennen dat all Dag, wa mer am Stau stinn. Lëtzebuerg brauch also eng nohalteg Landesplanung. D'Plans sectoriels wäerten deemnächst kommen, fir datt mer genau wëssen: Wou kënne mer elo an Zukunft weider schaffen? Wou gëtt geschafft? Wou gëtt gewunnt? An esou virun.

Lëtzebuerg brauch natierlech och performant Infrastrukturen, besonnesch wat d'Mobilitéit ugeet, fir net am Trafic ze erstécken, fir eng performant Wirtschaft ze hunn. Éffentlechen Transport ass wichteg. Hei och d'Stéchwuert Tram. Et ass e wichtegt Element am Mobilitéitskonzept. A mir sollen eigentlech elo ophale mat den Diskussiounen, fir dee Projet ze zerrieden; mir sollen dee Projet ëmsetzen. Mir brauchen en.

An et soll een och emol eng Kéier, wann Diskussioune kommen iwwer Budget, kucken, wat beim Tram bezuelt gëtt, an aner Projeten, zum Beispill d'Verduebelung vum Gleis Lëtzebuerg/Péiteng, woumat ech perséinlech oder anerer och kee Problem hunn, wat déi kascht hunn. Also alles a Relatioun setzen.

Zéngtens: Dat ass eigentlech eppes, wat dat Ganzt chaperonnéiert. Ech hunn et „Tripartite reloaded" genannt, well een haut jo iwwerall iergendwou en engleschen Term brauch.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen!

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.*- Déi Erausfuerderungen, déi ech elo opgezielt hunn, déi néng, déi kënnen natierlech nëmmen ëmgesat ginn, wann d'Politik an déi Richtung zesummegeet, wann d'Bierger an déi Richtung ginn, mä awer och, wa mer dat kënne mat de Sozialpartner uerdentlech diskutéieren, datt mer also musse kucken, de Konsens ze fanne mat de Sozialpartner. D'Noutwendegkeet vun der Relance eben och vun der Tripartite ass fir mech a mengen Ae wichteg, fir datt mer also all déi Geboter och kënnen herno uerdentlech iwwert d'Bühn kréien.

Här President, ech kommen zum Schluss. Dat sinn a mengen Aen zéng wichteg Erausfuerderungen, déi ech elo opgezielt hunn, fir eist Land, fir d'Politik, mä net nëmme fir d'Politik, och fir jiddwer Eenzelnen hei am Land. Mir sinn all concernéiert a mir mussen dofir zesummen un d'Défien erugoen.

Fir déi Erwaardungen, déi Erausfuerderungen ze léisen, brauche mer nei Margen am Budget. Dofir musse mer strukturell Reformen ugoen. Et sinn awer och grouss Chancen, fir eis besser opzestellen, fir op zolidd Féiss ze kommen, fir Lëtzebuerg erëm fit ze maachen.

Jo, dofir musse mer Gewunnechten änneren. Jo, dofir musse mer prett sinn, e klengen Effort ze maachen. Mä all déi kleng Efforten, zesummen, erginn dat grousst Ganzt. Nëmmen all déi Efforten zesumme kënnen aus dëse Chancen och eng Realitéit an domat eng besser Zukunft fir eist Land maachen. Ech sinn iwwerzeegt, mir all zesummen, Lëtzebuerg kann et. Kommt, mir maachen et.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Applaudissements)

M. le Président.- Merci och dem Här Rapporteur. Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung vun haut de Mëtteg ukomm. Rendezvous muer de Mëtteg um zwou Auer fir d'Presentatioun vum Här Finanzminister.

Ech soen Iech Merci.

Domat ass d'Sëtzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.42 heures)

www.chd.lu

SÉANCE 17

MERCREDI,
23 AVRIL 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
- *M. le Président*

2. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant
1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques
- *Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*

3. 6577 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2012
- *Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire: Mme Diane Adehm*
- *Discussion générale: Mme Anne Brasseur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 6674 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2012
- *Rapport de la Commission des Comptes: M. Marc Lies*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

5. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2012 de la Cour des Comptes
- *Exposé: Mme Diane Adehm*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*

6. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2012 du Médiateur
- *Exposé: Mme Diane Adehm*
- *Vote sur la résolution (adoptée)*
- *M. Justin Turpel (motivation d'abstention)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Nicolas Schmit, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e schéine gudde Mëtteg. Heimat ass d'Sëtzung op an ech géif d'Regierung froen, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Neen.

M. le Président.- Dat ass net de Fall. Merci, Här Statsminister. Da géife mer mat eisen Diskussioune ronderëm de Budget virufueren. An d'Wuert huet de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna, fir den Exposé vun der Regierung zum Budget 2014 ze presentéieren. Här Gramegna, d'Tribün gehéiert lech.

2. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant
1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, léif Kolleegen aus der Regierung, säitdeem ech de 5. Mäerz hei op dëser Plaz de Budget 2005 (veuillez lire: 2014) déposéiert hunn, ass natierlech ganz vill driwwer geschwat ginn. An dat ass och ganz gutt esou. Wat an där Period net genuch vläicht ënnerstrach ginn ass, an dofir wëll ech dat als Remarque liminaire hei maachen, dat ass, dass mer dee Budget zwar an der Chamber och haut a muer wäerte stëmmen, Dir wäert e stëmmen, mä dass mer haut vill ënnert der Influenz vun de Bréisseler Regele sinn an dass eben an där Period, säit dem Dépôt um Ufank vum Mount Abrëll, d'Kommissioun an den ECOFIN Stellung zu onsem Budget geholl hunn.

An ech wollt domadder ufänken, well ech och de 5. Mäerz gesot hat, dat heiten ass e responsabele Budget mat engem europäesche Stempel. Deen europäesche Stempel, deen hu mer kritt. An dat ass, mengen ech, net genuch ënnerstrach ginn. An dofir wollt ech domat ufänken an domadder soen, dass mer also dann d'Regele vum Pacte de stabilité et de croissance erfëllen an dass d'Kommissioun gesot huet, dass Lëtzebuerg „fully compliant" ass, dat heescht, dass mir total konform sinn. Doriwwer freeën ech mech ganz vill an d'Regierung, mengen ech, och.

Et muss ee sech bewosst sinn, dass mer déi gréng Luucht do net kritt hätten, wa mer net den 230-Milliounen-Spuerpak integréiert hätten an eise Budget. An Dank deem Spuereffort si mir konform. Doduerch kënne mer déi Diskussioun hei mat enger gewëssener Serenitéit féieren. An haaptsächlech, mir kënne Serenitéit hunn, fir den 2015er Budget ze preparéieren. An ech soen Iech, do brauche mer Serenitéit, well do musse Strukturreforme gemaach ginn, déi guer net einfach sinn. An dofir sinn ech frou, dass mer déi gréng Luucht vu Bréissel kruten. Ech géif also soen, par rapport zu den internationale Kritären, deene mer ënnerworf sinn, ass et: Mission accomplie!

No dëser liminairer Remarque géif ech gäre fir d'Éischt emol dem Rapporteur, dem Eugène Berger, villmools Merci soe fir säi schréftleche Bericht an haaptsächlech fir seng exzellent Ausféierunge gëschter, déi ech ganz interessant fonnt hunn. A well se esou gutt waren, wollt ech awer e puer Punkte vu sengem Rapport hei ënnersträichen, well se mir an der Regierung awer och ganz no um Häerz leien.

Dat Éischt ass emol, dass en ugefaangen huet mat dem Problem vun der Schold. Dat ass, mengen ech, wierklech de Fil rouge vun deenen nächste fënnef Joer. Mir mussen oppassen, dass mer eis Schold net fortlafe loossen, an dass mer den Triple A behalen. Dat huet den Eugène Berger ganz staark ënnerstrach. An en huet och gesot, zu Recht, dass déi Politik, déi an deene leschte fënnef Joer budgetsméisseg gefuer ginn ass, elo net méi tragbar ass. A mir wäerten och dorobber zréckkommen.

Mir brauchen also méi gesond Finanzen. A mir brauchen net méi gesond Finanzen, fir Bréissel e Pleséier ze maachen. Mir brauche méi gesond Finanzen, well dat déi eenzeg Manéier ass, fir eng Wirtschaft gutt ze leeden. A gesond Finanzen assuréieren dräi Saachen. Se assuréieren emol, dass ee kann e gutt entwéckelt soziaalt Netz hunn. An dat hu mir zu Lëtzebuerg. Et garantéiert, dass d'Ekonomie ka kompetitiv sinn. An drëttens, gesond Finanzen erlaben, d'Infrastrukture vum Land konstant ze moderniséieren. Dofir brauche mer en équilibréierte Budget an dofir wëllt d'Regierung dat maachen.

Wann ech elo op déi nächst Generatioune kucken, déi wëllen och, dass mer e gesonde Budget hunn, fir dass si kënnen hir Zukunft gestalten am Sënn vun Nohaltegkeet a fir dass si sech net musse Suerge maachen, wéi si d'Scholde vun hiren Eltere sollen zréckbezuelen. Alles dat huet den Eugène Berger gutt a sengem Rapport beschriwwen. An hien huet vun zéng Chancë geschwat. An ech fannen, déi zéng Chancen, déi waren esou wichteg, dass ech se awer nach eng Kéier wëll hei opzielen, och fir de Lien ze maache mam Budget, deen ech de 5. Mäerz am Numm vun der Regierung hei déposéiert hunn.

Ech schwätze fir d'Éischt vun engem gudden Départ am Liewen a vun all deene Moyenen, déi de Stat do zur Verfügung stellt, fir deenen ze hëllefen. An e stellt awer och Froen. Erreeche mer déi Objektiver mat deenen Hëllefen, déi mer maachen? Déi Froe musse mer beäntwerten. Musse mer net vläicht méi Prestations en nature maachen? Dat huet hien zur richteger Zäit hei gesot. An dat solle mer eis an deenen nächste Méint iwwerleeën.

„D'Éducation nationale ass eng permanent Prioritéit." - huet den Eugène Berger gesot. Dat ass ganz richteg. D'Regierung gesäit dat esou. Ech wëll do, an deem Kontext soen, dass kee Land pro Student esou vill ausgëtt wéi Lëtzebuerg! Doriwwer solle mer eis freeën. Op där anerer Säit stelle mer awer fest, dass wahrscheinlech d'Resultater vun eise Studenten net proportional sinn zu de finanzielle Moyenen, déi mer an d'Schoul stiechen. Also och dat muss hannerfrot ginn.

Dat Drëtt, wat de Rapporteur évoquéiert hat, war d'Pérennitéit vun eiser Finanzplaz. Do wollt ech ënnersträichen, dass an deem heite Budget 1,2 Milliounen Euro méi fir „Luxembourg for Finance", d'Agence de promotion vun der Finanzplaz, virgesi sinn, wat jo dann an déi Richtung geet. An zweetens soen, dass dës Regierung jo, säitdeem mer den Dépôt vum Budget haten, an dofir wëll ech awer e Wuert driwwer soen, um Sommet zu Bréissel jo hir Positioun geännert huet an en fait den Échange automatique élargi erlaabt huet, dass deen an Europa soll kommen. Wat an anere Wierder heescht, dass de Secret bancaire zu Lëtzebuerg an deenen nächste Joren iwwer Transitiounsphase wäert verschwannen. Och dat war natierlech eng strukturell Décisioun, déi, ech mengen, am richtege Moment vun der Regierung geholl ginn ass a wou mer och, mengen ech, vum Secteur elo net désavouéiert gi sinn, well de Secteur selwer gesinn huet, dass et de richtege Moment war, fir ze handelen.

De véierte Punkt, deen de Rapporteur genannt hat, ass: attraktiv bleiwen. Ech muss soen, ech hunn a menge viregten Aarbechten ëmmer am Intérêt vun der Attraktivitéit vu Lëtzebuerg geschafft. Ech hu vill Investisseuren a mengem Liewe begéint. An ech muss Iech soen, mir mussen dat onbedéngt behalen. „Small is beautiful" ass séier gesot, mä Dir musst mat haarde Fakten dat kënnen ënnermolen. Ob dat elo den „nation branding" ass, fir dee mer och Kreditter virgesinn hunn an dësem Budget, ob dat d'Simplification administrative ass, dass een déi Auslänner uerdentlech hei empfänke kann.

Ech ka mech nach erënneren, virun e puer Joer konnt een emol net als Auslänner ganz einfach e Kont zu Lëtzebuerg opmaachen. Wann ech do denken un d'Paix sociale, déi mer hunn. Wann ech do denken un déi informatesch an Telekommunikatiounsméiglechkeeten, déi mer hunn. Alles dat sinn Elementer, déi d'Investisseure kucken an déi wichteg sinn.

De fënnefte Punkt vum Eugène Berger war de Kampf géint de Chômage. Jo, deen ass en filigrane déi ganzen Zäit am Budget dran. Mir wäerten am Laf vun dësem Joer 7,2% Chômage hunn, bal eise Rekord, muss ech soen. Dat ass am Verglach mam Ausland vläicht nach net ze vill e schlecht Resultat, par rapport zu Lëtzebuerg awer kee gutt Resultat. A mir hu jo dee Paradox zu Lëtzebuerg, dass mir nei Aarbechtsplaze schafen, an zwar ëm 2% fir dëst Joer a souguer 2,5% an der Zukunft, an trotzdeem eise Chômage an d'Luucht geet. Ech hunn dat viru laanger Zäit eng Kéier de „Paradoxe luxembourgeois" genannt.

Et bleift e Paradox. Et ass awer net eng Onméiglechkeet, dat ze verstoen. Et heescht just, dass eis Ekonomie amgaang ass sech ze bewegen, ze evoluéieren, an dass déi Leit, déi hir Plaz verléieren, net einfach eng nei fannen. Et ass also e grousse Konversiounseffort, Formatiounseffort, dee muss gemaach ginn. An dat en plus vun deene méi wéi 700 Milliounen, déi mer an de Fonds pour l'Emploi stiechen.

De Logement, do brauch ech net laang driwwer ze schwätzen. Mir wëssen, dass dat fir déi nächst fënnef Joer en Défi gëtt a wou haaptsächlech d'Regierung wëllt op der Offer schaffen.

De siwente Punkt war, Ekologie an Environnement méi no zesummenzeschweessen. Mir gesinn dat all Dag, wéi wichteg dass dat ass.

Deen aachte Punkt war d'Kompetitivitéit. Ech wéilt do just e speziellt Argument erausfëschen, als Finanzminister, deen och zoustänneg ass fir d'Finanzplaz: Kompetitivitéit kritt een och mat gudden Infrastrukturen. An do wëll ech och d'Aarbecht vun der viregter Regierung luewen, well jo immens vill doranner investéiert ginn ass, wouduerch mer Infrastrukturen hunn, déi wierklech hiresgläichen an Europa an an der Welt sichen. An dat hëlleft eis haut, fir an der Finanzwelt an op der Finanzplaz, dat, wat ech e bësse gedeeft hat „FinTech", ze entwéckelen. Haut ass op der Finanzplaz d'Disponibilitéit vu ganz séiere Fiberglaskonnexiounen a grousse Capacitéiten, disponibel zu engem bëllege Präis, e wesentlechen Atout fir Lëtzebuerg.

Den néngte Punkt war d'Mobilitéit. Ech wollt do rappeléieren, dass déi heite Regierung an deem heite Budget 750 Millioune fir d'Mobilité virgesäit, fir d'Fonctionnementer an d'Investis-

sementer zesummen. Dat ass eng Augmentatioun vu 4,5%.

Leschte Punkt war, last but not least, den Dialogue social an den Dialog haaptsächlech an der Tripartite. Ech si frou, dass mer éischt Kontakter mat de Sozialpartner haten. Déi grouss Strukturreformen, déi mer wëllen am Laf vun dësem Joer an an den nächste Joren an dëser Legislaturperiod maachen, kënne jo nëmme gemaach ginn, wa mer e gudden Dialog mat de Sozialpartner hunn. An dofir ass et wichteg, dass dat och an deenen zéng Punkten dra war. Dofir Dir, Eugène, e grousse Merci fir déi zéng Pisten.

Ech géif gären elo dann op meng Presentatioun kommen, déi en fait aus véier Deeler besteet: en éischten Deel, an deem ech wéilt déi grouss Achse vum Budget 2014 beschreiwen; dann en zweeten Deel, an deem ech méi wollt agoen op d'Avise vun de verschiddene Beruffschamberen a vum Conseil d'État; en drëtte Punkt iwwert de Semestre européen, déi ganz europäesch Regelen, an dann e véierte Punkt iwwert de Budget de nouvelle génération.

Zu de groussen Achse vum Budget 2014. Ech wëll Iech elo net hei mat Zifferen iwwerhäufen. Ech hu jo de 5. Dezember, à l'occasion vum Dépôt, alleguerten d'Diagramme gewisen, déi wichteg sinn, an ech hu mech konzentréiert op déi europäesch Dimensioun vum Kontabiliséieren, dat heescht op d'Administration publique an d'Administration centrale.

Loosse mer just d'Eckwäerter rappeléieren. De Budget, dee mer déposéiert hunn, gesäit vir e Solde nominal positif vun 0,2% par rapport zu eisem Räichtum. Dat korrespondéiert zu 100 Milliounen Euro. Dat gesäit jo ganz schéin aus, positiv. Mä mer wësse jo, dass sech do hannendrun en Defizit vun der Administration centrale, vum Zentralstat verstoppt vu minus 550 Milliounen Euro, wat och eisen Haaptproblem ass.

Mir wëssen och, an dat ass dann déi lescht Ziffer, déi ech als Eckwäert wéilt soen, dass mer mat deem Sold vun 100 Milliounen dann e Solde structurel ausgerechent hu vun 0,5, vun der Kommissioun ausgerechent, deen also kompatibel ass a kohärent ass, an en fait konform ass zum Objectif moyen terme, dee Lëtzebuerg muss erfëllen. Dat sinn d'Eckwäerter. Ech wollt déi just rappeléieren.

Vill Orateuren iwwert dëse Budget, wahrscheinlech muer och, an op jidde Fall d'Chambres professionnelles an de Conseil d'État hu fir de Budget vun 2014 vun engem Transitiounsbudget geschwat, an da wäert dat och wouer sinn. Wann all Mënsch dat seet, da wäert dat och esou sinn. An ech gesinn dat och net anescht, wéi dass dat en Transitiounsbudget ass.

Mä et si vill Leit, mengen ech, déi verstoppen hannert dem Wuert Transitiounsbudget eppes Negatives. Ech gesinn dat guer net esou. Ech mengen, eng Transitioun ass en Iwwergank vu gëschter op muer, e Passage vun engem ale System op en neie System, eng Bréck tëschent der Welt vu viru Lehman Brothers an der Finanzkris op eng nei Welt, déi multipolaire ass. Bref, eng Transitioun heescht also, nei Weeër sichen a fannen. An dat ass dat, wat dëse Budget hei mécht. Dofir, ech sinn d'accord mat deenen, déi soen, dass dat heiten en Transitiounsbudget ass, just dass ech dat als net negativ emfannen.

Firwat mengen ech, dass et en Transitiounsbudget as? Aus véier Haaptgrënn, déi och ganz oft an den Avise vun de Chambren, vum Conseil d'État, vun der Cour des Comptes erauskommen. Éischtens emol, well mer ganz wéineg Zäit haten, fir de Budget ze preparéieren - dat ass gewosst, ech wëll et awer nach eng Kéier soen -, well ebe virgezunne Wahle waren. Éischte Grond.

Zweete Grond. Dat heiten ass dat lescht Joer, wou mer d'TVA électronique voll kënnen ausschëpfen, wann ech dat emol esou kann ausdrécken. Vum nächste Joer un ass dat jo eriwwer. Dat heescht, mir verléieren tëschent 600 Milliounen an 1,1 Milliarden d'nächst Joer sécher! Dëst Joer si mer nach am Bonheur, déi ze genéissen.

Den drëtte Grond, firwat dass mer an enger Transitiounsphas sinn, an dat wäert sech och iwwert déi nächst Jore répercutéieren, dat ass, dass et mat den Héich-Croissance-Joren eriwwer ass. An dat muss ee sech wierklech emol sérieusement ukucken an an de Kapp schreiwen, well mir haten zu Lëtzebuerg d'Gewunnecht, Croissance ze hunn. Ech schwätze vu virun der Kris a souguer nach an den 90er oder Ufank der 2000er Joren, 5% Croissance. Herno hate mer der 3,5% oder 4%. Mir hunn dat alles ganz normal fonnt. An déi Zäite sinn eriwwer, d'autant plus, dass mer jo op der Finanzplaz awer an enger Phase de transition och do sinn. A mir wëssen, dass d'Bankplaz jo awer ee vun deene wichtegste Motoren ass bei ons. Da muss ee sech däers bewosst sinn, déi grouss Croissance-Joren, déi wäerten net esou liicht erëmkommen.

Déi véiert Explikatioun zum Transitiounsbudget ass eng méi technesch, mä ech wëll se awer kuerz erklären. Dat ass, dass mer 2014 fir d'Lescht mat bal 4.000 Budgetsartikele geschafft hunn. Dat ass esou detailléiert fir all Ministère, et verléiert een d'Iwwersiicht. A mir fänke fir 2015 un, d'Zuel vun deenen Artikelen ze reduzéieren, eng Simplification administrative, wann een esou wëllt, ouni dass dat elo schonn de grousse Worf ass vum Budget par objectifs, wou ee misst légiféréieren. Ech schwätzen net dovun, mä eng Vereinfachung wäerte mer schonn am 2015er Budget kënne maachen.

Aus all deene Grënn, déi explizéieren, firwat mer an der Transitioun sinn, an och aus der Erkenntnis eraus, dass eis Bréissel gesot hat, dass, wa mer géifen e Budget presentéieren à politique inchangée, da keng gréng Luucht géife kréien, hu mer jo natierlech misse Spuermoossnamen huelen.

An ech wëll elo nach eng Kéier kuerz iwwert déi véier Spuermoossname schwätzen, fir se och an de Kontext ze setzen. Déi éischt, déi och zum Deel kritiséiert ginn ass, dat ass, dass mer vill op den Investissementer gespuert hunn. Jo, dat ass richteg, dat ass wouer. A mir hunn och keng Projete gestrach, mir hunn nëmme Projeten décaléiert. Dat ass och richteg, an ech stinn dozou. Mir stinn all dozou an der Regierung. Et wär nämlech net räsonabel gewiescht, an där kuerzer Zäit, déi mer haten, grouss Projeten a Fro ze stellen.

Zweetens muss een unerkennen, déi Décalagen, dat sinn effektiv keng récurrent Aspuerungen. Dat ass wouer, dat huele mer zur Kenntnis. An d'Investissementer stellen 11% vun eisem Budget duer. Et ass also eng wichteg Mass, mä et ass awer och elo net e ganz grousse Batz par rapport zu deenen aneren. Wat ech wëll soen zu den Investissementer, ass, dass dat Wichtegst eréischt um Kommen ass. Net déi 137 Milliounen, déi mer gespuert hunn am Décalage, dat huet eis gehollef, fir elo zu Bréissel gréng Luucht ze kréien, mä wat wichteg ass, dat ass, wéi mer muer Investissementer maachen. Dat ass also eng qualitativ Approche!

An ech wëll do soen, do hu mer vill Aarbecht virun eis. Éischtens emol, eis Projete méi ze standardiséieren. Mir wëssen, dass mer all Joers eng Schoul musse bauen. Firwat mole mer all Kéiers nei Schoulen, anescht, mat ganz flotten Architekten, déi awer annerhallef- bis zweemol esou deier kaschte wéi am Ausland?

Zweete Punkt: de Benchmarking. E Benchmark anzwousch ze huelen, wéi vill e Meter carré Schoul kascht, a soen: Da bauen ech no esou engem Benchmarking. Esou maachen déi aner Länner dat. D'Simplification administrative an deem Kontext natierlech och. An dann, e ganz wichtege Punkt, d'Fonctionnementskäschte vun den Investissementer mat arechnen.

Wann ech bedenken, dass dës Regierung konfrontéiert ass, wat d'Universitéit ubelaangt, dass mer méi wéi 100 Milliounen un Équipementer mussen elo dëst Joer anzwousch siche goen an eise Budgeten, well déi vun 2003 un net virgesi waren. Jo, esou kann een d'Investissementer net plangen! An dofir huet dës Regierung drop verzicht, fir, wéi gesot, strukturell Mesuren ze huelen oder Projeten, Investissementsprojeten a Fro ze stellen. Mä mir wëllen an Zukunft ebe méi mat manner maachen.

Lëtzebuerg bleift, trotz deenen 137 Milliounen, déi do gespuert gi sinn, e ganz groussen Acteur am Investissement par rapport zum Ausland. Mir wäerten 2014 3,5% vum PIB ausgi fir Investissementer. D'Moyenne européenne läit bei 2,4%.

Dat zweet Element vum Spuerpak sinn d'Fonctionnementskäschte beim Stat. Doriwwer ass vill geschwat ginn. Mir hunn do ronn 50 Millioune gespuert. Ech muss Iech soen, dat war e groussen Effort. Ech hunn do mat alle Ministeren an de Bilaterale vill missen, ech géif net soe streiden, mä hin- an hiergoen, fir dass mer dat Zil erreecht hunn.

An interessanterweis sinn do an den Avisen an och an de Kommentaren an der Press entgéintgesate Kommentare komm. Verschiddener hu fonnt, dass dat do ze séier gaangen ass, dass dat mat der Briechstaang gemaach gi wier, déi 50 Milliounen Aspuerungen. Anerer hu fonnt, dass et net genuch ass. Da soen ech mer, majo, wann déi eng fannen, et ass ze vill, an déi aner mengen, et wär ze wéineg, dann hu mer wahrscheinlech d'gëlle Mëtt erreecht.

(Brouhaha)

An ech wëll och nach dozou soen, dass d'Fonctionnementskäschten nëmme 7% vum totale Budget vum Stat duerstellen. An och dat gëtt engem ze denken, dass een also trotzdeem, wann ee bei sech selwer spuert, och do nëmmen, wéi gesot, 7% Impakt huet. Mä ech si frou, de Stat huet bei sech selwer ugefaangen an huet keng nei Steieren agefouert an ass dofir senger Zilrichtung, déi am Regierungsprogramm steet, gerecht ginn.

Ech géif och da gären ënnersträichen, dass dat eng strukturell Mesure ass. Déi Ekonomien do am Fonctionnement vum Stat, déi komme jo all Joers erëm. An ech géif gären de Ministèren, den Établissements publics an den Institutiounen, déi all deen Effort gemaach hunn, Merci soen.

Deen drëtte Punkt, dat sinn d'Studentenhëllefen. Dat ass och e strukturelle Punkt, well déi wäerte jo och récurrent all déi aner Jore sinn. Do kënnt eng Aspuerung vu 34 Milliounen. Do ass och ganz vill driwwer geschwat ginn. An de Statsminister huet dat a sengem État de la nation in extenso erklärt, de Rapporteur och, dofir wëll ech d'Zifferen elo net hei strapazéieren.

Ech wëll awer just insistéieren, dass hei en typescht Beispill ass, wou méi mat manner gemaach gëtt. Well et gëtt eng Sélectivité sociale agefouert, déi Sënn mécht, déi awer och net um ganze Paquet ass. Et ass also eng équilibréiert Mesure, déi hiresgläiche sicht. Well, wa mer vergläichen, wat am Ausland fir d'Studenten ausgi gëtt, dat ass jo a kengem Mooss vergläichbar mat deem, wat Lëtzebuerg mécht. An iwwregens, viru fënnef oder zéng Joer war et jo net esou gënschteg, a Lëtzebuerg ass et awer nach ëmmer gutt gaangen, mir hunn nach ëmmer Studente gehat, enfin, soit. Déi 34 Milliounen, déi mer dëst Joer spueren, an da ginn dat der dann déi Joren duerno nach méi, well et jo nëmme fir d'halleft Joer gräift 2014.

Lescht Mesure vun den Aspuerungen ass de Rekrutement beim Stat, wou nëmmen 150 additionnel Plaze virgesi sinn. Dat ass eng Aspuerung vun ongefeier néng Milliounen. Och do, ähnlech wéi bei de Frais de fonctionnement, Verschiddener fannen, dass dat ze wäit geet, anerer, dass et net wäit genuch geet. D'Dépensen, d'Rémunératioune vun de Fonctionnaires an Employés de l'État sinn iwwer 20% vum Budget. Dat heescht, wann een do ufänkt, méi lues ze trëppelen, well 150 Neiastellunge si jo nach ëmmer additionnell Astellungen, mä wann een do méi lues trëppelt, do kritt ee relativ séier Ekonomien.

An d'Neiastellung war och déi eenzeg Manéier, fir direkt ze handelen. Mä iwwert d'Zäit muss ee jo och kënnen... Wat ka gemaach ginn oder wat soll gemaach ginn, fir de Remplacement vun all deene Leit, déi an d'Pensioun ginn, dat muss een alles ënnert d'Lupp huelen. An do ass och, mengen ech, e Spuerpotenzial. Mä déi Zäit hate mer hei och net. D'Resultat, wéi gesot, vun all deem ass eng Ekonomie vun 230 Milliounen Euro.

Mä deen allerwesentlechste Punkt ass praktesch ganz wéineg ënnerstrach ginn, net an der Press op jidde Fall, mä vu verschiddene Chamberen, an doriwwer wëll ech méi laang schwätzen, dat ass, dass d'Dépensë vum Stat dëst Joer nëmmen 3,5% klammen. Dat ass ënnert dem Seuil, deen d'Union européenne virgesäit fir Lëtzebuerg. Dee läit bei 3,7 oder 3,8. Dat heescht, mir leien ënnert deem. An doduerch kréie mir dëst Joer kee Schéiereffekt, well d'Recettë jo 5,1% wuessen.

Deen, deen dat am allerbeschten illustréiert huet, ass de Conseil d'État. A vu dass Der vläicht net all Zäit hat, deen exzellenten Avis ze liesen, hunn ech mer geduecht, dass ech Iech do en Extrait dovunner géif resuméieren. An zwar huet de Conseil d'État ausgerechent, dass tëschent 2007 an 2014 d'Recettë beim Stat vun 10,1 op 14,2 Milliarden eropgaange sinn. Dat si 4,1 Milliarde méi. D'Dépensen, déi sinn 52% eropgaangen, vun 9,7 Milliarden op 14,7 Milliarden. Dat ass also en Ënnerscheed vu fënnef Milliarden.

Ab deene Joren huet Lëtzebuerg en fait keng Norme budgétaire méi gehat. Dat heescht, d'Norme budgétaire normalerweis gëtt ausgerechent, andeems een den Taux de croissance hëlt an d'Inflatioun derbäihëlt - Taux de croissance, d'Produktivitéit vum Land - a seet, dat ass de Maximum, deen ech däerf ausginn. Wa mer dat op de leschte fënnef Joer kucken, huet de Conseil d'État ausgerechent, datt 16,5% Inflatioun an deene fënnef Joer war - wou ee sech och ka Suerge maachen, dat ass nämlech relativ héich - an d'Croissance war op fënnef Joer 3,5%. Do kënnt een op ronn 20.

Wann een elo op den Dépensen dee Facteur vun 20% applizéiert hätt, dann hätt een nëmmen als Dépensen 11,7 Milliarde gehat amplaz 14,2. 14,2 Milliarde minus 11,7 Milliarde sinn 2,5 Milliarden, déi een hätt kënne spueren, wann een eng Norme budgétaire applizéiert hätt, also net méi ausginn hätt wéi dat, wat d'Ekonomie hiergëtt.

Wa mer elo nach eng Milliard Euro do ofzéie vun exzeptionelle Recetten, Commerce électronique, an och nach 350 Millioune Fonds pour l'Emploi, well mer jo méi Chômage haten an där Period, da bleift nach ëmmer eng Ekonomie vun iwwer enger Milliard, déi een hätt kënne spueren, ouni elo alles ze blockéieren, andeems ee just nëmmen normal Croissance gehat hätt.

Dat, wat also an deene leschte véier, fënnef Joer gemaach ginn ass - an ech wëll awer araumen, dat ware fënnef exzeptionell Jore mat enger Weltkris! -, mä trotzdeem, dat, wat an deene leschte fënnef Joer gemaach ginn ass, dat war, an dat seet de Conseil d'État, dat war „deficit spending". Dës Regierung mécht eng „spending review".

Une voix.- Dat war de Sozialisten hir Schold, well déi waren an der leschter Regierung!

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- „Spending review" maache mir.

M. le Président.- Mir loossen de Finanzminister schwätzen.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- D'Absence vun Norme budgétaire hat also dofir dauerhaft Konsequenzen.

Ech si mer bewosst, ech hunn et jo och gesot, et war eng ganz schlëmm Kris an där Period, wéi Lëtzebuerg an d'Welt se laang net méi kannt haten, dofir huet de Conseil d'État och verglach, wéi Lëtzebuerg seng Dépensen a seng Recettë gehandhaabt huet par rapport zu eisen dräi Nopeschlänner. Nun, zu Lëtzebuerg sinn d'Recetten am héchsten an d'Luucht gaangen. Se sinn 19% zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen, bei de Belsch 13%, bei den Däitschen 10%, bei de Fransousen 9%. Also bei eis si se am héchsten an d'Luucht gaangen, d'Recetten.

Bei eis sinn awer och d'Dépensen am héchsten an d'Luucht gaangen, an zwar 30% zu Lëtzebuerg, 20% an der Belsch, 9% an Däitschland, 12% a Frankräich. Den Différentiel, also déi eng Ziffer minus déi aner, zu Lëtzebuerg minus 11%, d'Belsch minus 6%, Frankräich minus 3% an an Däitschland Équiliber! Déi Länner haten déiselwecht Kris wéi mir zu Lëtzebuerg.

Wat seet dat aus? Eh bien, et confirméiert dat, wat schonn an där éischter Analys erauskomm ass, dass mir effektiv eng „spending policy" haten. An déi ass, wéi gesot, net méi tragbar.

Ech wéilt och nach erausträichen, dass, fir e Spuereffort séier ze maachen, et beim Stat ganz schwéier ass, well grosso modo 80% vun den Dépensë sinn automatesch, se sinn op Gesetzer a Règlements grand-ducaux opgebaut. Dir wësst dat alleguerten, Dir stëmmt déi. An do kënnt Der net dat änneren, ouni d'Gesetzer ze änneren. Dofir, déi Marge, déi een huet op e puer Méint, ass ganz limitéiert.

Elo hunn ech mech awer amüséiert, an Dir fannt dat och natierlech am Projet de budget, déi zéng éischt Posten ze kucken an der Augmentatioun. Déi zéng éischt Poste sinn: Prestations sociales 158 Milliounen; Rémunérations agents d'État - zweete Posten - 92 Milliounen; Fonds communal 59; Aides financières études supérieures 56; Prestations sociales, familles, enfants 39. An esou weider, Dir kënnt dat noliesen. Den Total gëtt 484 Millioune vu 535 Milliounen. Dat sinn 90%. Dat heescht, 90% vun den Haaptaugmentatioune beim Budget sinn alleguerten automatesch. An et ass kee Reproche, deen ech do maachen. Et ass einfach een État des lieux, deen ee sech muss bewosst sinn.

D'Konklusioun vun all deem ass: Mir hunn e Spuerpak gemaach, mir hunn nëmmen 3,5% ausginn, manner wéi d'Recetten. An doduerch hu mer en équilibréierte Budget fäerdegbruecht, ouni d'Taxen an d'Luucht ze setzen!

Elo zu de Kommentare vun de Beruffschamberen. Ech hu jo virdru scho gesot, jiddweree fënnt, dass et en Transitiounsbudget ass. An elo sträichen ech e puer Saachen eraus, déi Verschiddener gesot hunn. D'Cour des Comptes ënnersträicht, dass d'Lëtzebuerger Dépensen, d'Dépenses publiques zu Lëtzebuerg par rapport zu eisem Räichtum, 44% vum PIB sinn. Dat ass liicht ënner, mä ganz no bei der Moyenne vun der OCDE. An ech mengen, do leie mer och an der gëllener Mëtt. A mir sollen net als Ambitioun hunn, doriwwer ewechzegoen. D'autant plus, dass mer e ganz héije PIB hunn.

D'Chambre de Commerce weist dorop hin, dass mer multipel Schocken 2015 wäerte kréien a mécht och eng ganz Rëtsch Virschléi, wéi ee kéint spueren, ouni un Effikassitéit ze verléieren oder, anescht ausgedréckt, méi effikass schaffen. D'Chambre des Métiers bedauert, dass d'Investissementer gekierzt gi sinn, mä ënnersträicht awer och, dass eisen Niveau par rapport zu Europa ganz héich ass.

All d'Chamberen erkennen un, dass d'TVA électronique, d'Ewechfalen dovun, e risege Problem ass. Mat Ausnahm vun enger Chamber: D'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics fënnt, dass dat guer kee Problem ass. A si hunn do eng Oprechnung gemaach, dass dee richtege Problem eréischt géif 2019 kommen. Eh bien, do muss ech Iech soen, ech deelen déi Meenung guer net. An ech sinn natierlech bei deenen allen aneren, déi soen, de Gros wäert ewechfale schonn 2015. Op d'mannst, menge mer, 600 Milliounen.

Ech konnt dat elo just op een Trimester nokucken, well ech elo déi Zifferen an de leschten Deeg krut vum éischten Trimester vun 2014. Dat sinn also ganz nei Zifferen. Do sinn d'Recettes brutes vum Stat gewiescht 3.185.000.000 Euro. Dat ass genau 25% vum Budget voté. Dat ass fir alleguerten d'Steieren.

An do sinn déi fir d'Administration des Contributions, déi si liicht an d'Luucht gaangen, ëm 11% par rapport zum Budget voté. Déi bei der Administration des Douanes sinn erofgaangen. Déi vun der Administration de l'Enregistrement stelle 24,5% vum Budget voté duer, eng Augmentatioun vun 38 Milliounen. An, wat ech mengen, wat dat Allerwichtegst an deem heite Kontext ass, dat ass, dass d'TVA am éischten Trimester zu Lëtzebuerg, leider, stabel war.

Dat heescht, dee Räsonnement, deen d'Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics féiert, ass elo schonn an dem éischten Trimester ganz bestëmmt net bewisen. Ech géif mech freeën, wann et esou wier, dass mer nach méi Rentréeë géife kréien. Mä dat schéngt mer net räsonabel ze sinn, dorobber ze pochen.

Do, wou d'Meenungen och relativ staark auserneeginn, dat ass bei de Konjunkturprognosen. Fir d'Chambre des Salariés waren déi fënnef lescht Joren e Passage à vide conjoncturel. Dat ass jo scho bal, géif ech soen, eng Contradiction dans les mots. Eng Konjunktur, dat ass net fënnef Joer, dat sinn e puer Trimesteren. Mä dat ass eben d'Analys, déi do gemaach gëtt. Ech muss soen, de Gros, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers, de Conseil d'État considéréieren, dass d'Konjunktur, d'Konjunkturprognosen elo plutôt op der optimistescher Säit sinn. An esou gesäit dat och Bréissel.

An dofir géif ech elo gären a mengem drëtten Deel dann iwwert déi ganz Prozedur vum Semestre européen schwätzen. Normalerweis muss een am Hierscht säi Projet de plan de budget eraschécken an da kritt ee vun der Kommissioun do eng Meenung. Dat huet déi viregt Regierung och gemaach. Si huet et awer natierlech gemaach an enger ganz spezieller Situatioun vun de Wahlen an huet do e Budget à politique inchangée erageschéckt. Wat och ganz gutt war, dass se dat gemaach huet, well mir mussen eppes eraschécken. An doropshin hat d'Kommissioun gesot: Jo, à politique inchangée hutt Der e Problem. Dat muss een einfach nüchtern zur Kenntnis huelen. An dofir huet déi hei Regierung natierlech eppes misse maachen. Hu mer jo och gemaach, ech hunn dat elo grad erkläert.

De 17. Mäerz 2014 hu mer dann eisen neie Budget erageschéckt. A mir hunn der Kommissioun dee geschéckt an d'Kommissioun war relativ frou, dass mer dat esou séier gemaach hunn. Ech muss soen, par rapport zu Däitschland an Éisträich, déi och Wahlen haten, ware mir vill méi rapid. Dat huet d'Kommissioun begréisst. A mir hunn als Croissance économique an eisen Dokumenter, déi mer op Bréissel geschéckt hunn, déi geholl, déi mer och herno nach wäerte kommentéieren, déi de Comité de prévision gemaach huet. D'Croissance fir dëst Joer ass op 3,1 geschat, fir d'nächst Joer 3,2 an tëschent 2016 an 2018 ëm 3,6 bis 3,8 - also relativ héich.

Ech rappeléieren, dass mer tëschent 1993 an 2003 ëmmer 5% haten an tëschent 2004 an 2008 4,1%. Souguer déi Zifferen, déi mir hei uginn, sinn also awer nach drënner, ënnert deenen historesche Wäerter. Mä, wéi gesot, et si relativ héich Zifferen.

Den Emploi intérieur géif an där Period do 2,5% pro Joer wuessen. An dat ass och vill manner wéi déi historesch Daten. Ech loossen d'Zifferen ewech. D'Inflatioun dëst Joer 1,5 par rapport zu 2,5 fir déi nächst dräi, véier Joer.

D'Kommissioun begréisst ausdrécklech eise Spuerpak mat de véier Mesuren a seet, déi stellen 0,5% vum PIB duer. D'Kommissioun applizéiert hir eege Methoden, fir de Solde nominal an de Solde structurel auszerechnen. Déi vun Iech, déi sech wëllen an déi Tableaue verdéiwen, wäerten dat gesinn. Dat ass och eppes, wat vill Länner stéiert, well dann e Land jo net amstand ass, selwer genau auszerechnen, wat seng Resultater sinn. Mä et ass de Moment eng Phase d'apprentissage an Europa, wéi een dat alles mécht. N'empêche, dass d'Kommissioun och erausfonnt huet, souguer mat hiren eegenen, méi strenge Methoden, dass Lëtzebuerg fir 2013 an 2014 total konform ass, also „fully compliant".

2015 gëtt et also méi schwéier. Do hëllefen eis déi positiv Konjunkturprognosen, vun deenen ech elo grad geschwat hunn. Mä op deenen Ziffere besteet keng Unanimitéit. Ech hunn d'Kommissioun genannt. Si gesäit fir Lëtzebuerg e Prozentsaz vun 1% manner vir, also 2,2 fir 2015 an och fir 2014 haaptsächlech. Mä eise Statec ass eben eise Statec a mir mussen eiser Autorité de statistique trauen. Ech kann Iech soen, déi aner Länner maachen et genau d'selwecht. An de Statec gëtt och dofir unerkannt, well mer elo en neit Gesetz hunn, wat ganz rezent ass, 2010 oder 2011. Et ass eng onofhängeg Institutioun an déi och d'Kommissioun en tant que tel erkannt hat.

Mir hunn also och keng aner Wiel, wéi d'Ziffere vun dem Statec ze huelen an op där Basis ze schaffen. Wat ech awer wëll soen, dat ass, dass d'Regierung sech bewosst ass, dass déi Zifferen héich sinn, dass - wann een dat op Englesch géif soen - „we don't take them for granted ". Mir mussen also déi Konjunkturzifferen déi ganzen Zäit, déi ganz véier Joer monitoren, well den Exercice zu Bréissel ass jo pluriannuel. Mir mussen dat déi ganz Period monitoren. A mir wësse jo, dass mer net kënne weiderdrften, ouni Moossnamen ze huelen.

Wat mer elo Enn der Woch an der Regierung mussen décidéieren, dat ass, wat mer op Bréissel schécke fir de Plan de stabilité et de croissance. An do wollt ech Iech den Ausgangspunkt soen, dee mer do op Bréissel wäerte schécken. Dat ass, dass mer ausgi vun engem Defizit vu minus 550 Milliounen Euro fir dëst Joer. Dat ass eng Baisse vun 180 Millioune ronn par rapport zum leschte Joer. Dass, à politique inchangée - à politique inchangée! - den Defizit d'nächst Joer 1,5 Milliarden Euro wär an dass mer domat eisen Objectif de moyen terme net géife respektéieren.

Mir hunn als Impacte TVA minus 700 Milliounen an eist Dokument geschriwwen. Also, trotz där ganz dynamescher Croissance vun 3,6%, déi fir d'nächst Joer virgesinn ass, bleift en Defizit vum Zentralstat iwwert déi ganz Period bis 2018 iwwer eng Milliard! Ech hu schonn 1,5 Milliarde genannt fir 2015, dee geet liicht erof 2016, 2017, 2018, mä bleift déi ganz Period iwwer 1,1 Milliard.

D'Dette publique wäert dann 2018, à politique inchangée, 16 Milliarde sinn a 26,6% vum PIB duerstellen. Mir kënnen also net à politique inchangée weiderfueren. Mir mussen eis Politik changéieren, esou wéi de Rapporteur dat ganz richteg gëschter gesot hat. Well mir mussen natierlech an Zukunft och eisen Objectif de moyen terme respektéieren.

Wéi vill musse mer dann elo spueren, fir dat ze erreechen? Dee ganze Pak Recetten an Dépensen, déi mer mussen 2018 erreechen, ass eng Milliard! Wann d'Konjunktur ëm 1% manner gënschteg wär, da misste mer nach 200 Millioune méi spueren. Dat heescht, dat ass ongeféier d'Fourchette, wann een och dee Räsonnement wëllt eranhuele vun der Konjunktur. Wann d'Prognosen esou positiv sech géifen erweisen an och an der Realitéit géifen antreffen, dann ass den Ordre de grandeur ëm eng Milliard. Dat ass och dat, wat mer op Bréissel wäerte schécken.

Mir wäerten dat op zwou Aart a Weise maachen: Dat Éischt ass jo annoncéiert ginn, dat wësst Der, dat ass, andeems d'TVA an d'Luucht gesat gëtt vum 1. Januar 2015 un, an zwar ëm 2% op allen Tauxen, mat Ausnahm vum Taux super-réduit. Dat misst eis erlaben, e klengen Drëttel vun där Milliard do ofzedecken. Bleiwen also 700 Milliounen.

Just e puer Wuert zu där Augmentatioun vun der TVA, well dat fir d'Éischt ass, wou ech d'Geleeënheet hunn, driwwer ze schwätzen. An ech komme jo natierlech eng Kéier mat deem Gesetzesprojet hei an d'Chamber. Mir bleiwen, wat den Taux vun 3% ubelaangt, nach ëmmer eent vun deene Länner, dat dee breetsten niddregen Taux huet, deen also op ganz vill Saachen applizéiert gëtt. Och wa mer an dësem Gesetzesprojet wëlle verschidden Aménagementer maachen, haaptsächlech wat de Verkaf vum Alkohol a Caféen, Restauranten an Hotellen ubelaangt an och den Taux reservéieren nëmme bei Éischtwunnengen. Trotzdeem bleiwe mir e Land, wou den Taux super-réduit extrem breet gestreet ass.

An dat anert, wat ech wollt iwwert d'TVA soen ass, dat ass, dass mer laang mat den Entreprisen a mat de Federatioune Consultatioune gefouert hunn, an déi och elo eng laang Period hunn, fir sech dorop anzestellen.

Wéi solle mer, wéi kënne mer dee Sold vu 700 Milliounen, fir en elo emol ronn esou auszedrécken, hikréien? Wéi gesot, dat ass de Minimum, dee mer mussen erreechen. Wann d'Konjunktur méi schlecht ass, da musse mer méi maachen. Dat Alleréischt, wat mer mussen am Kapp behalen, ass Folgendes: Et ass net, well d'Konjunktur gutt ass, dass mer kënne mengen, dass d'Konjunktur alles mécht. Au contraire! De Pacte de stabilité et de croissance ass genausou geduecht, dass grad a Phasen, wou Croissance ass, ee ka spueren, méi liicht spueren.

A mir hunn an deem schwéiere Kontext vum Ewechfale vum Commerce électronique d'Chance, dass et an enger Croissance-Period kënnt. Stellt Iech vir, dat wär virun dräi Joer geschitt. Da wär et nach vill méi schwéier gewiescht.

Mä grad well et an eng Period vu Croissance fält, musse mer eis déi richteg Mesuren eraussichen an déi strukturell Reforme maachen. Dat gëtt e kohärente Pak. Den Effort muss gerecht verdeelt ginn an d'Mesurë mussen am Detail ausgeschafft ginn. De Rhythmus vun deenen Efforten iwwert déi véier Joer muss och nach bestëmmt ginn. Alles dat wäert de Regierungsrot am Summer maachen.

Dir verstitt also, dass eise Kalenner, dee vun der Regierung ass fir all déi Prezisiounen zu deem 700-Millioune-Pak, am Summer wäert gemaach ginn a mer dofir op Bréissel elo kee Catalogue détaillé kënne schécken, well mer dee jo nach net décidéiert hunn.

De Kalenner vun der EU ass eben ee Kalenner, dee fir normal Circonstancë gemaach gëtt. Mä mir sinn net an normale Circonstancen. Et ass eng nei Regierung, déi amgaangen ass, all déi Défien opzehuelen, déi mussen opgeholl ginn. A mir wäerte pro forma natierlech all déi Dokumenter ausfëllen, déi Bréissel eis freet. Mä et ass kloer, dass mer net kënne méi an den Detail goe wéi dat, wat mer schonn décidéiert hunn.

Ech sinn iwwerzeegt, dass d'Kommissioun dat wäert verstoen. Si hat begréisst, dass mer fir de Budget 2014 ganz rapid waren. A si wäert och verstoen, dass déi heite Mesurë musse gutt duerchduecht sinn, gutt ausgeräift sinn. A mir wäerte se natierlech am Summer, soubal se décidéiert sinn a soubal se och mat de Sozialpartner diskutéiert gi sinn, dann op Bréissel schécken.

Mir brauchen also Zäit, fir dee Pak auszeschaffen. Dat sinn nach dräi Méint. An Zäit brauche mer och, fir de Budget de nouvelle génération ze maachen. An dat wär dann dee leschten a véierten Deel vu menger Presentatioun. Dozou wéilt ech emol soen, dass alleguerten d'Chamberen an och de Conseil d'État de Wëlle vun der Regierung, fir e Budget de nouvelle génération ze maachen, ganz ferm begréisst hunn.

Ech répétéiere kuerz, wat mer wëlle maachen, méi mat manner, andeems all Missiounen hannerfrot ginn, alleguerten d'Objektiver emol kloergestallt ginn. Ass d'Politik am Sënn vum Intérêt public? Kéint se net besser anescht erreecht ginn? Kënne Kofinanzementer gemaach ginn? Bref, sinn aner Weeër méiglech? Dësen Exercice gëtt fir d'Éischt an eiser Geschicht elo an dëse Méint gemaach.

Fir Zäit ze gewannen, hu mir, esou wéi d'Ausland et och oft gemaach huet, e Consultant erugeholl a mat Hëllef vum Finanzministère a vun der IGF am Februar an am Mäerz d'Phase de cadrage gemaach. Déi ass elo eriwwer. An dëser Phas ass d'Methodologie zréckbehale ginn an och den Ausgangspunkt ass ausgerechent gi fir all Ministère.

An dësem Moment ass d'Phas vun der Elaboratioun amgaang. Déi dauert bis Mëtt Juni an et sinn 20 Aarbechtsgruppen amgaangen ze schaffen. 15, déi alleguerten d'Responsabilitéit vun all Minister ofdecken - dat si jo nach méi Ministèren, mä loosse mer soe 15 Ministeren -, wou da Beamten dra sinn, gëtt och presidéiert vun engem Beamte vum jeeweilege Minister a kopresidéiert vun engem Représentant vum Ministère des Finances. Do kënnen Experten derbäikommen, an déi Gruppe sinn heiansdo zu zéng oder 15 oder 20 Leit.

An dann hu mer fënnef horizontal Gruppen, déi folgend Sujete kucken: ee fir eng Centrale d'achat fir de Stat, ee fir d'Investissementer, ee fir d'Personal, ee fir d'Simplification administrative an ee fir alleguerten déi Froen, déi mat Informatik ze dinn hunn, och d'Uschafung vun der Informatik, mä awer och d'Besoine vun der Informatik beim Stat. All dës Gruppe ginn ënnerstëtzt vun engem Secrétariat permanent, deen de Finanzministère organiséiert zesumme mat der IGF.

An déi Aarbechte sollen en fait gemaach ginn, andeems ganz breet geduecht soll ginn. Dat heescht, et sollt net à législation constante geduecht ginn - Punkt 1 -, zweetens solle méi Iddien op den Dësch geluecht gi wéi den Effort budgétaire, dee gefuerdert ass, fir dass d'Regierung jo och kann e Choix maachen tëschent deene verschiddene Saachen, déi proposéiert ginn.

Dee ganzen Exercice touchéiert net nëmmen de Stat au sens strict, mä awer och d'Gemengen an d'Établissements publics. An, last but not least, dat muss an engem Zesummespill geschéie mat alleguerten den Acteuren am Grupp. An dofir géif ech gären alle Beamten an Experten, déi elo hei am Asaz sinn, villmools Merci soen, haaptsächlech de Beamten. Dir musst lech virstellen, 20 Aarbechtsgruppe beim Stat, Gruppen, déi et virdrun nach net ginn huet, dat ass alles extra Aarbecht, an ech stelle fest, dass awer vill Begeeschterung doruechter ass.

Wann déi Phas do am Juni fäerdeg ass, da kënnt d'Décisiounsphas, vun där ech virdru geschwat hunn, wou d'Regierung muss déi Virschléi iwwerpréifen an dann, en consultation och mat de Sozialpartner, sech eng Meenung maachen an dann décidéieren, wat fir eng se wëllt direkt ëmsetzen, wat fir eng mëttelfristeg a wéi eng iwwerhaapt net.

D'Budgetsstruktur gëtt op verschiddene Plaze vereinfacht, ech hat dat um Ufank vu mengem Discours gesot. Mir wäerte verschidde Budgetsartikelen zesummeschloen, fir dass d'Ministèren an d'Ministere méi Flexibilitéit hunn, fir hir Ziler ze erreechen. Eng komplett Ofännerung vun der Budgetsmethod no Objektiver, esou wéi et zum Beispill a Frankräich an an Éisträich gemaach gëtt, dat kann net a sechs Méint gemaach ginn.

Ech hu mer e bëssen d'Zifferen ugekuckt, wéi dat a Frankräich gemaach ginn ass. Do sinn déi éischt Iwwerleeungen an den 90er Jore gemaach ginn. D'Gesetz ass 2001 gestëmmt ginn a war 2006 komplett operationell. An Éisträich ass d'Gesetz 2007 gestëmmt ginn an an zwou Phase tëschent 2009 an 2013 ëmgesat ginn.

Dofir warnen ech elo virun hâtive Konklusiounen. Och Lëtzebuerg kann dat net a sechs Méint maachen. Mä wat ech awer wëll soen, dat ass, dass mir alles op eis Säit gesat hunn, fir dass mer esou séier wéi méiglech virukommen. Wat mir en fait gemaach hunn, dat ass, dass mer déi éischt Meilesteng vun engem Budget de nouvelle génération elo amgaang sinn ze leeën, an dat koppele mat enger „spending review". Déi kënne mer direkt maachen, esou dass mer och kënnen direkt Resultater verbuchen.

Indépendamment vun der Ofännerung vun der Budgetsmethod, déi eis déi nächst Jore wäert begleeden, wëll ech awer nach hei ervirsträichen, dass mer den Traité budgétaire, och nach „Fiscal compact", an deenen nächste Wochen hei an der Chamber wäerten diskutéieren. Deen hätt scho missen den 1. Januar 2014 ëmgesat ginn. An e wäert och elo nach am éischte Semester hei zur Diskussioun kommen. Dee féiert d'gëlle Regel an, d'gëlle Budgetsregel. E féiert Korrekturmechanismen an, wann e Land aus der Bunn fiert. E grënnt e Conseil national des finances publiques, deen d'Anhale vun de Budgetsregele muss kontrolléieren. An e wäert eng pluriannuel Ausriichtung vun de Recetten an den Dépensë mat sech bréngen.

Firwat gëtt dat alles gemaach? D'Endzil ass, fir progressiv iwwert d'Joren all Ministère esou kloer wéi méiglech Ziler ze setzen an esou den Ëmgang mat de Sue vun de Bierger méi effikass ze maachen. Mir mussen dovunner ewechkommen, vun der Attitüd a vun der Fro, déi ass, wéi verschidde Ministèren hiert Geld ausginn, op eng aner Fro: Firwat gi mer Geld aus, mat welchen Objektiver? Dat ass en fait d'Schlësselfro vun deem ganze Budget de nouvelle génération.

Dofir, déi Budgetsfroen a Kontabilitéitsfroe wäerten eis nach vill an deenen nächste Méint a Jore beschäftegen. An ech zielen op Iech als Chamber, fir ons do bäizestoen. An ech wéilt och d'Cofibu regelméisseg doriwwer briefen, well et ass en essenziellt Element vun eisem Fonctionnéieren als Stat a vun eise Finanzen.

An et ass och nëmmen, wa mir kontinuéierlech op eise Budget oppassen, d'Konjunkturdate vun no suivéieren, dass mir kënnen d'Schold an der Gitt halen, eis Defiziter reduzéieren an doduerch eisen Triple A behalen. Den Triple A ass net nëmmen e fantasteschen Atout fir eist Land no baussen, en ass och extrem wichteg fir d'Dynamik vun eiser Finanzplaz, déi d'Käerstéck vun eiser Ekonomie ass.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir wäerte muer de Moie vun néng Auer un d'Debatten iwwert de Rapport an iwwert d'Stellungnahm vun der Regierung ufänken. An déi geet bis an déi zweet Sëtzung era vum Nomëtteg.

Mir géifen dann elo zu eisem aneren Ordre du jour iwwergoen. An do fänke mer mam Gesetzesprojet 6577 iwwert d'Statskonte vum Exercice 2012 un. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Dir kennt de Basismodell,

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

dofir brauch ech net dorop anzegoen. An ech géif direkt der Rapportrice vum Projet de loi, der honorabeler Deputéierten, dem Diane Adehm, d'Wuert ginn. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

3. 6577 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2012

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

Mme Diane Adehm *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6577 iwwert d'Statskonte vum Exercice 2012 ass de 6. Juni 2013 an der Chamber déposéiert ginn. Bei der Opstellung vum Budget fir d'Joer 2012 war d'Regierung nach vun engem Wuesstum vun 2,1% vum Bruttoinlandsprodukt ausgaangen. Tatsächlech louche mir awer mat 0,3% wäit drënner an dat, obschonn eis Wirtschaft am véierten Trimester erëm ugezunn huet. D'Inflatioun war mat 2,7% liicht méi héich wéi déi erwaarten 2,4%, mä wesentlech méi niddreg wéi déi 3,4% vun 2011. Um Aarbechtsmaart huet et 2012 och net gutt ausgesinn. De Beschäftegungstaux ass zwar ëm 2,4% geklommen, mä trotzdeem louch de Chômage bei 6,1% respektiv 7,9%, wa mir d'Bénéficiairë vun de Beschäftegungsmoossname mat abezéien.

An dësem schwierege wirtschaftlechen Ëmfeld huet de Kont 2012 mat engem Defizit vun 206 Milliounen Euro ofgeschloss. Dat sinn 189 Milliounen Euro manner wéi am Budget 2012 virgesi waren. Heizou ass awer ze bemierken, dass am Joer 2012 en Emprunt opgeholl gouf vu 546 Milliounen Euro, deen net am Budget virgesi war. Ouni dësen Emprunt hätt den Defizit bei 406 Millioune geleeën, also zéng Millioune méi wéi virgesinn. Wa mir just den ordinäre Budget kucken, da stelle mir fest, dass de Budget an de Kont ganz no beienee leien an dass mir doraus schléisse kënnen, dass de Budget 2012 realistesch opgestallt gouf.

Ouni elo an den Detail vun allen Zuelen ze goen, well déi fannt Dir a mengem schréftleche Rapport, wéilt ech just e puer Posten opzielen, déi vill méi héich ware wéi am Budget 2012 virgesinn. Op der Recettësäit sinn et folgend Posten: D'Lounsteier war 156 Millioune méi héich wéi am Budget virgesinn, d'Recettë vun der TVA waren 266 Milliounen Euro méi héich, an dëst notamment duerch de Commerce électronique. Op der Ausgabesäit sinn et folgend Posten: D'Prise de participation an der BIL waren 73 Milliounen Euro, d'Lëtzebuerger Kontributioun am Kapital vum europäesche Stabilitéitsmechanismus waren 80 Milliounen Euro. An 220 Milliounen Euro sinn zousätzlech an d'Spezialfonge gaangen.

Wa mir d'Zuele vum Kont 2012 no der europäescher Method kucken, der sougenannter SEC-95-Presentatioun, dann huet den Zentralstat fir 2012 en Defizit vun 1.157.000.000 Euro. Dat sinn 2,6% vum Bruttoinlandsprodukt a mir leien domadder ënnert den 3%, déi laut de Maastricht-Kritären erlaabt sinn.

